
n°8/ 2025





# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 24.10.2025

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Loullingen,
conseillère LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Diogo Costa,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: R. Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°8/2025 - Parution: janvier 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 4

**1. Correspondance** **7**

**2. Circulation** **7**
2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2026
2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion du marché d'hiver 2025
2.3. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – route de Luxembourg

**3. Finances communales** **11**
3.1. Acquisition d'emprises – approbation d'actes de vente
3.1.1. Époux Kickert-Molitor, terrain sis rue des Fleurs
3.1.2. Partenaires Simone Marie Felten et Yazid Behria, terrain sis rue Belair
3.1.3. Époux Bologna-Bacchiocchi, terrain sis rue Lentz
3.1.4. Époux Adrovic-Hajdarpasic, terrains sis rue de l'Indépendance et rue Schiller
3.1.5. Mesdames Rossana Savini et Antonella Zangari, terrain sis rue Jean Friedrich
3.1.6. Société « Wickler Frères s.à r.l. », terrain sis rue des Mouleurs
3.1.7. Monsieur Patrick Correia Tavares, terrain sis avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.1.8. Époux Brimaire-Rausch, terrain sis route de Boudersberg
3.1.9. Monsieur Georges Michel Mathieu et époux Heintz-Mathieu, terrain sis route de Boudersberg
3.1.10. Monsieur Patrick Marin, terrain sis rue Sainte Barbe
3.1.11. Monsieur Jean Marie Kontz, terrain sis rue Schortgen
3.2. Vente d'une parcelle de terrain sise rue Lucien Wercollier aux époux Gilles Goy et Rishmie Kastoerie Koers
3.2.1. Reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé
3.2.2. Approbation de l'acte de vente notarié
3.3. Approbation des modifications à apporter au chapitre IX – Droits d'inscription – du règlement-taxes général
3.4. Adaptation des indemnités à allouer aux formateurs des cours de langues
3.5. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice budgétaire 2024
3.6. Approbation de la déclaration de recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2024
3.7. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2026
3.8. Fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2026

**4. Approbation des modifications à apporter au règlement communal concernant les cimetières** **23**

**5. Approbation de l'organisation scolaire définitive 2025/2026 de l'enseignement fondamental** **24**

**6. Approbation du plan de gestion annuel des forêts communales pour l'exercice 2026** **36**

**7. Avis à donner au sujet du projet de plan d'action contre le bruit – dans l'agglomération du sud – du trafic aérien – du trafic ferroviaire – du trafic routier** **46**

**8. Office social de Dudelange** **55**
8.1. Renouvellement par moitié du conseil d'administration de l'Office social
8.2. Approbation du bilan et du compte de profits et pertes de l'exercice 2023

**9. Personnel** **59**
9.1. Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite
9.2. Approbation de la nouvelle convention collective de travail pour les salariés des communes du sud pour une durée de validité du 1er janvier 2025 au 31 décembre 2027

**10. Motion DP - Police locale Dudelange** **62**

**11. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **68**

**12. Motion Déi Gréng - Gestion de la population de pigeons en milieu urbain** **72**

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour) ; Messieurs Walter Berettini (à l'exception du point numéro 11 de l'ordre du jour), Diogo Costa (à l'exception du point numéro 11 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen (à l'exception du point numéro 8.2 de l'ordre du jour) ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.
**Délégations** : Madame Semiray Ahmedova a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Yves Steffen pour le point numéro 5 de l'ordre du jour. Monsieur Diogo Costa a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Fabienne Dimmer pour le point numéro 11 de l'ordre du jour. Monsieur Walter Berettini a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Martine Loullingen pour le point numéro 11 de l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**
Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal : la publication du livret dédié à l'histoire du Mont Saint-Jean par l'association Diddelenger Geschichtsfrënn ; les coûts revenant à la Ville de Dudelange pour l'organisation des réjouissances marquant l'avènement au trône de Son Altesse Royale le Grand-Duc Guillaume s'élèvent à la somme de 325'000,- €, témoignant de la ferveur et de la joie entourant cet événement historique.

**2 – Circulation**
Les décisions suivantes en matière de réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité :
2.1 réglementation temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2026 ;
2.2 réglementation temporaire de la circulation à l'occasion du marché de Noël 2025 ;
2.3 confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation sur la route de Luxembourg, dans le cadre du chantier de construction d'une résidence au numéro 145, ainsi que de la mise en place d'une réglementation concernant un passage pour piétons à hauteur du numéro 143.

**3 – Finances**
A l'exception de la décision sub point numéro 3.8, les décisions relatives aux finances communales sont prises à l'unanimité :
3.1 l'approbation des actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : époux Kickert-Molitor, terrain sis rue des Fleurs ; partenaires Simone Marie Felten et Yazid Behria, terrain sis rue Belair ; époux Bologna-Bacchiocchi, terrain sis rue Lentz ; époux Adrovic-Hajdarpasic, terrains sis rue de l'Indépendance et rue Schiller ; Mesdames Rossana Savini et Antonella Zangari, terrain sis rue Jean Friedrich ; société « Wickler Frères s.à r.l. », terrain sis rue des Mouleurs ; Monsieur Patrick Correia Tavares, terrain sis avenue Grande-Duchesse Charlotte ; époux Brimaire-Rausch, terrain sis route de Boudersberg ; Monsieur Georges Michel Mathieu et époux Heintz-Mathieu, terrain sis route de Boudersberg ; Monsieur Patrick Marin, terrain sis rue Sainte Barbe ; Monsieur Jean Marie Kontz, terrain sis rue Schortgen ;
3.2 dans le cadre de la cession d'une parcelle de terrain par la Ville de Dudelange à Monsieur Gilles Goy, époux de Madame Rishmie Kastoerie Koers, parcelle sise, rue Lucien Wercollier, d'une contenance de 16 centiares, le conseil communal donne son accord préalable au reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé pour subséquemment approuver l'acte de vente y relatif, dressé pardevant Maître Jean-Joseph Wagner, notaire de résidence à Sanem ;
3.3 les modifications aux droits d'inscription concernant les frais d'inscription aux cours de langues. D'après cette décision, les tarifs par personne sont fixés comme suit à partir de l'année scolaire 2026/2027 : cours de langue luxembourgeoise 2,20- € par heure de leçon (110,- € pour un cours de 50 heures); cours de langue française 2,50- € par heure de leçon (125,- € pour un cours de 50 heures); cours de langue anglaise ou portugaise 3,00- € par heure de leçon (150,- € pour un cours de 50 heures)
3.4 la fixation du montant de l'indemnité à allouer aux formateurs des cours de langues à 80,- € par heure de cours dispensée à compter du deuxième trimestre de l'année scolaire 2025/2026.
Ce montant est indexé sur la variation de l'indice des prix à la consommation, l'indice de base étant celui en vigueur au mois de janvier 2026 ;
3.5 l'approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2024, tel que résumé dans le tableau ci-dessous :

| | | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|---|
| Total des restants à poursuivre | 571'491,07€ | 569'729,19€ | 1'761,88€ |
| Total des décharges proposées | 21'120,34€ | 21'053,76€ | 66,58€ |
| Total des arrérages | 592'611,41€ | 590'782,95€ | 1'828,46€ |

3.6 l'approbation de la déclaration des recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2024 d'un montant de 224.042,81- € ;

3.7 la fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2026 à 350 % ;

3.8 unanimement sont fixés les taux communaux en matière d'impôt foncier ci-dessous pour l'année 2026 :
a) la catégorie A (propriétés agricoles et forestières) 500 %
b) la catégorie B1 (constructions industrielles ou commerciales) 750 %
c) la catégorie B2 (constructions à usage mixte) 500 %
d) la catégorie B3 (constructions à autre usage) 250 %
e) la catégorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) 250 %
f) la catégorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) 500 %
avec 18 voix oui et 1 voix non est fixé le taux communal en matière d'impôt foncier pour la catégorie B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation) à 1600 % pour l'année 2026.

**4 – Règlement concernant les cimetières**
Le conseil communal revient à sa décision prise en date du 31 mars 2025 sachant que cette décision a fait l'objet d'une annulation partielle de la part de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 2 juillet 2025. Le conseil communal approuve dès lors à l'unanimité les modifications de détail apportés au règlement communal concernant les cimetières suivant les recommandations de Monsieur le Ministre.

**5 – Enseignement fondamental**
Unanimement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2025/2026 de l'enseignement fondamental.

**6 – Gestion des forêts communales**
A l'unanimité, est approuvé le plan de gestion annuel des forêts communales pour l'exercice 2026, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit :

| | Investissements (EUR) | | | Revenus (EUR) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 58 125,00 | 90 425,00 | 148 550,00 | 960,00 | 20 000,00 | 20 960,00 |
| Protection de la nature | 4 001,00 | 1 250,00 | 5 251,00 | | | |
| Sensibilisation | 56 500,00 | 40 500,00 | 97 000,00 | | | |
| Ressources cynégétiques | 9 300,00 | 7 950,00 | 17 250,00 | | 3 000,00 | 3 000,00 |
| Surveillance et Police | | | | | | |
| Logistique et personnel | 104 800,00 | 96 000,00 | 200 800,00 | | | |
| **Grand total :** | **232 726,00** | **236 125,00** | **468 851,00** | **960,00** | **23 000,00** | **23 960,00** |

| Synthèse des récoltes de bois | Vol sur écorce en m³ | | |
|---|---|---|---|
| | Grume | Trituration | Total |
| Hêtres | 20,00 | 95,00 | 115,00 |
| Autres feuil. | | 150,00 | 150,00 |
| Autres résin. | 20,00 | 40,00 | 60,00 |
| Epicéas | | 20,00 | 20,00 |
| | **40,00** | **305,00** | **345,00** |

**7 – Plan d'action contre le bruit**
Le conseil communal approuve, à une large majorité (18 voix pour, 1 contre), les nouveaux plans d'action contre le bruit élaborés par l'État pour l'agglomération du sud et le trafic ferroviaire. Les élus saluent plusieurs projets majeurs qui contribueront à améliorer la qualité de vie des habitants, notamment la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3 avec écrans acoustiques, la création du nouvel échangeur Dudelange-Centre et du P+R, ainsi que la suppression de passages à niveau accompagnée d'aménagements anti-bruit. Le conseil appelle toutefois à actualiser les cartes de bruit, à étudier les effets cumulés des différentes sources sonores et à renforcer les protections, par exemple en prolongeant le mur anti-bruit le long de l'A13 ou en réduisant le bruit ferroviaire. Ces actions s'inscrivent dans la démarche du Plan local de santé, qui vise à faire de Dudelange une ville plus apaisée, verte et agréable à vivre.

**8 – Office social Dudelange**

8.1 le conseil communal nomme trois nouveaux membres au conseil d'administration de l'Office social pour un mandat de six ans à compter du 1er janvier 2026. Les candidates nommées sont Mesdames Annette Kemp-Klemann, Fabienne Dimmer et Gisèle Biever-Boly. Cette décision fait suite à l'appel public aux candidatures du 2 septembre 2025 et s'inscrit dans le cadre du renouvellement par moitié du conseil d'administration de l'Office social. Les nouvelles membres sont nommées à la suite d'un scrutin secret et remplissent toutes les conditions requises ;

8.2 les bilan et compte de profits et pertes de l'exercice 2023 de l'Office social sont approuvés à l'unanimité.

**9 – Personnel**
Les décisions suivantes en matière de personnel communal sont prises à l'unanimité des voix :
9.1. le conseil communal approuve le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes

auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite. Les personnes ci-après énumérées sont au service de la Ville depuis vingt ans, et recevront un bon d'achat d'une valeur de 1.000,- € pour l'acquisition d'une montre pour bons et loyaux services : Mesdames Nouria Belkeiri, Ferida Abdulahovic ; Monsieur Tom Bernard ; Mesdames Sandra Bintz, Anne-Marie Consdorf ; Messieurs Carlos Crisostomo, Giancarlo Fetti, Sam Fisch, Nico Kalmes ; Madame Edna Moreira Andrade ; Monsieur Chrisophe Kass ; Mesdames Laurence Schaul, Mady Wegener ; Monsieur Tiago Carreira Pedrosa ; Mesdames Martine Bodry-Kohn, Nadine Fisch-Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich et Loris Spina. Les personnes ci-après énumérées sont parties à la retraite en 2025 et recevront à cet effet un bon d'achat de 200,- € : Monsieur José Belem ; Madame Liliane Bidinger ; Messieurs Monsieur Claude Bohler, Jean-Marie Cirelli ; Mesdames Marie France De Marchi, Marie-Paule Deparis, Carol Estgen ; Monsieur Victor Manuel Ferreira da Cruz, Fernando Gonçalves da Silva, Claude Leners, Richard Nels, Guy Plein, Marco Puleo, Jean-Jacques Reding, Vitor José Rocha Melanda ; Madame Marie-Jeanne Schlesser ; Messieurs Henri Schnadt, Patrick Schon, René Tessaro ; Mesdames Josette Thornton, Sylvie Serafin et Monsieur Ernest Ferrari ;

9.2. la nouvelle convention collective de travail pour les salariés des communes du sud pour une durée de validité du 1er janvier 2025 au 31 décembre 2027 est approuvée.

**10 – Police locale Dudelange**
***Motion soumise par la fraction DP***

La fraction DP a soumis une motion par laquelle le collège des bourgmestre et échevins est invité à analyser la possibilité pour la Ville de Dudelange de participer au projet d'une police locale et de prendre à ce sujet contact avec le Ministère des Affaires intérieures et les services concernés. La motion visant à participer au projet d'une police locale est rejetée lors du vote, avec un résultat de 10 voix contre (LSAP) et 6 voix en faveur (DP, CSV, ADR), ainsi que 3 abstentions (Déi Gréng, Déi Lénk). Cette décision fait suite aux explications du bourgmestre concernant l'initiative prise par le collège des bourgmestre et échevins de soumettre une demande au Ministre des Affaires intérieures et au Directeur général de la Police grand-ducale en date du 21 octobre 2025.

**11 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :
(1) fraction Déi Gréng – établissement du projet de budget de l'exercice 2026 ;
(2) fraction CSV – relocalisation des nids de corbeaux ;
(3) fraction LSAP – demande de statistiques relatives aux mariages et partenariats enregistrés à Dudelange (2022-2025) ;
(4) fraction Déi Gréng – communication autour de la journée de la mobilité – demande de précisions ;
(5) fraction LSAP – proposition d'installation d'un pigeonnier encadré sur le site NeiSchmelz.

Le collège des bourgmestre et échevins répond aux questions séance tenante.

**12 – Gestion de la population de pigeons en milieu urbain, *motion soumise par la fraction Déi Gréng***

Dans le cadre des réponses fournies à la 5e question au sujet de l'installation d'un pigeonnier sur le site NeiSchmelz, la fraction Déi Gréng soumet séance tenante une motion à ce sujet. Après délibération, le conseil communal admet unanimement cette motion par laquelle le collège des bourgmestre et échevins est invité à lancer une étude complète sur la population actuelle de pigeons, d'impliquer des experts et le Ministère compétent pour envisager des mesures concrètes, de procéder à titre pilote à l'installation d'un pigeonnier et d'organiser une discussion en commission compétente, en vue d'adopter une stratégie de gestion raisonnée et durable de la population de pigeons dans la commune.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives au personnel de l'Office social et de l'administration communale sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. •

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 24.10.2025

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech kucken hei op d'Kolleegen aus dem Schäfferot, déi schéngen näischt ze hunn. Ech géif vläicht zwou Kommunikatioune wëlle maachen. Engersäits hu mir Iech hei e klengt Bichelchen dohinner geluecht vum Gehaansbierg. Dat ass eng Publikatioun vun eisen Diddelenger Geschichtsfrënn. Déi kann een och kafe bei de Geschichtsfrënn, fir aacht Euro, bei eise Geschichtsfrënn, déi ganz aktiv sinn an och historesch lokal Geschicht opschaffen. An dat hei ass eng Publikatioun, déi ganz vill Opschloss gëtt iwwert d'Geschicht vum Gehaansbierg, respektiv ginn och Konferenzen an deem Kader organiséiert.

Dann déi zweet Kommunikatioun, déi ech hei wéilt maachen, déi geet ronderëm d'Diddelenger Etapp am Kader vum Trounwiessel. Ech mengen, Dir wësst, nom Trounwiessel selwer muss een e bësse kucken, wéi déi finanziell Situatioun och ass, wat et kascht huet insgesamt. Wat déi Diddelenger Etapp ugeet, kann ee soen, dass ganz, ganz positiv Echoe komm sinn insgesamt an dass och ganz vill Leit do waren um Site Neischmelz, mee och mueres beim Apéro Grand-Ducal. Och wann d'Wiederkonditiounen net ëmmer déi bescht waren, mir hate Chance, dass eng Schneis vun enger Stonn war, wou effektiv d'groussherzoglech Koppel hei awer gutt Wieder hat. Wat virun allem erausgestach ass, ass och deen inklusive Charakter, deen d'Danzperformance och, wéi gesot, hat. Also insgesamt eng exzellent positiv Diddelenger Etapp. An et war jo och esou, dass mer am leschte Gemengerot hei jo e Kredit stëmme gelooss hu vun enger hallwer Millioun Euro, well et jo eng Ausgab war, déi mer net virgesinn haten. Mir wollten do transparent virgoen, kruten deelweis awer och dann Intransparenz virgeheit, well dee genaue Montant, wéi deen zesumme komm ass, wou ech awer hei gesot hunn, dass eis Servicer eis déi Chiffere geliwwert hunn unhand vun Diskussiounen, déi se mat verschiddenen Entreprisen a Servicer och haten.

D'Héicht vum Montant ass kritiséiert ginn. Bon, wann een elo haut am Nachhinein kuckt, wat dee ganzen Trounwiessel kascht huet, ass dee Kredit vun enger hallwer Milliounn Euro, dee mer hei gestëmmt hunn, awer zimmlech iwwerschaubar par rapport zu deem gesamte Montant. Et ass d'Info zirkuléiert, dass d'Stad Diddeleng en Emprunt misst ophuelen, wat d'Stad Diddeleng an och de Buergermeeschter dozou beweegt huet, pedagogesch nozewierken an ze erklären, wann hei am Gemengerot e Kredit gestëmmt gëtt, dass dat net wéi doheem ass, wann een e Kredit ophëlt, dass een do bei eng Bank geet, fir en Emprunt ze maachen. Mee bon, Kommunikatioun ass net ëmmer esou evident. Dat heescht, wann ee vu Saachen ausgeet, déi evident sinn, wann een e Kredit hei stëmmt, dass dat net onbedéngt heescht, dass een e Kredit da bei enger Bank ophëlt. Bon, dat hu mer och gepackt a konnte kloerstellen. Mir hate jo och jo e faktuelle Vott hei. Dräi Parteie waren dofir, zwou haten sech enthalen, déi Gréng an d'DP, an eng Partei



war dergéint, déi Lénk. Ech mengen, dat waren d'Diskussiounen, déi mer hei haten. Entretemps natierlech hat ech och matgedeelt, dass déi éischt Aschätzunge wären, dass mer bis 80 % vun den Ausgabe géifen tätegen, well effektiv dat och nogefrot gouf, awer alleguerten d'Rechnungen nach net do waren. Mee och dat waren esou Appreciatiounen, déi eis Servicer haten.

Bon, elo hu mer alleguerten d'Rechnungen do, si sinn alleguerten erakomm. An haut kann ech dann hei dem Gemengerot an der selwechter Transparenz da matdeelen, dass den Trounwiessel Diddeleng 325.000 Euro kascht huet. Dat maachen da 65 % aus vun deem Kredit, dee mer am leschte Gemengerot gestëmmt hunn. Also dat ass wierklech den Diddelenger Part. Ech wollt, wéi gesot, dem Gemengerot awer och dës Informatiounen net virenthalen, elo wou alleguerten d'Rechnungen eeben haut era sinn an eis Servicer respektiv d'Comptabilitéit dat gebucht huet. Dat wär et ënner Kommunikatioun a Korrespondenz. Da gi mer elo eriwwer op d'Circulatioun an do géif ech hei dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert ginn.

## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

**2.1. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement wärend de Kiermessen am Joer 2026**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. Bon, dat éischt Verkéiersreglement, dat ass eist normaalt Verkéiersreglement fir d'Kiermessen, dat heescht d'Bierenger Kiermes, eis Summer - a Wanterkiermes, do ännert näischt par rapport zu deene Jore virdrun, soudatt et vu menger Säit eigentlech och elo net allze vill ze soe gëtt, ausser vläicht d'Datumer, well déi natierlech net all Joers déi nämmlecht sinn: de 14., 16., 17. Mee fir d'Bierenger Kiermes, de 26. Juni bis den 12. Juli fir d'Summerkiermes an den 9. bis den 18. Oktober fir d'Hierscht- respektiv d'Wanterkiermes, wéi Dir se wëllt nennen. An da sinn natierlech ëmmer nach e puer Deeg virgesi fir d'Op - an d'Ofriichten, dofir eeben d'Datumer an der Deliberatioun. Voilà, dat war et vu menger Säit, wann nach Froe sinn, technesch Froen, ass och eise Chef de service vun der Circulation, de Pit Demuth, natierlech de Moien hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci fir d'Reglement. Ech géing och hei erëm wéi alljoers am

Fong froen, drun ze denken, déi Deviatioun fir d'Véloe virzegesinn. Et ass am Fong säit zwee Joren, wou ech all Kéiers hei drop opmierksam maachen an der Kommissioun an och wou Appelle komme vum Vëlo Diddeleng. An dës Kéier war dat och erëm net glécklech verlaf well et war keng Deviatioun virgesinn. Dat heescht, aus dëser Richtung kommend vun der Gemengeplaz Richtung Neischmelz ass et net ganz evident, e Wee ze fannen, virun allem well d'Familljen awer och ganz oft mat de Vëloen dohinner kommen an och do keng Parkméiglechkeet virgesinn ass.

Mir wollten nach eng Kéier froen, ob et vläicht méiglech wier. Ech weess, et ass eng Koordinatiounsgeschicht tëscht dem Service FEMA an dem Service Circulation, fir ze kucken, wéi déi Buden dohinner gestallt ginn. Mir denken awer, dass et machbar kéint sinn, mir hu jo déi zouständeg Schäffen alle béid hei sëtzen, dass vläicht dat doten an Zukunft einfach klappt, ouni mussen all Kéiers nozefroen. Well et stéiert mech am Fong genau sou vill wéi et Iech warscheinlech stéiert, dass mer op dëser Plaz all Joers am Fong iwwert déi selwecht Saach schwätzen. Souvill dozou.
Awer och op där anerer Säit, wa Kritik do ass, ass op där anerer Säit och d'Luef do. Bei der Bierenger Kiermes klappt dat nach ëmmer tipp topp mat deem Vëlosparking, deen do virgesinn ass virun der Bierenger Kiermes. Dee gëtt och richteg gutt ugeholl vun de Leit. Dee gëtt och vill gebraucht. Dëst géife mer eis ganz vill méi wënschen op där heiter Kiermes. Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, d'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech si lo e bëssen iwwerrascht, well mir dat u sech ëmmer mat ageplangt hunn. Dofir weess ech net ganz genau, wat de Problem ass. De Pit Demuth, vläicht weess hien, wat de Problem ass, soss musse mer eis vläicht duerno eng Kéier kuerzschléissen, datt Dir eng Kéier matenee telefonéiert, well ech kann de Problem elo net gräifen.

PIT DEMUTH (CHEF VUM SERVICE CIRCULATION VUN DER GEMENG DIDDELENG): Merci fir d'Wuert. Also ech mengen, et ass jo all Joer scho komm a ech sinn dës Kéier, also fir d'Summerkiermes an och d'Hierschtkiermes extra op d'Plaz kucke gaangen, dass mer déi Schëlder opriichten, haaptsächlech jo laanscht deen neie Restaurant Americano, laanscht d'Litfasssail hannen op de Schwaarze Wee, dass dee soll kommen. Also, d'Leit vu mengem Service kruten den Optrag, déi dohinner ze stellen, dofir... Okay, ech huele mer et nach eng Kéier mat an da kréien se nach eng Kéier d'Ouere laang gezunn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir hu se alleguerte gesinn do stoen. Datt vläicht ee se duerno ewechgeholl huet, dat mag sinn. Mee wéi gesot, schléisst Iech vläicht herno eng Kéier kuerz, fir datt mer genau kënne gräifen, ob et just e Problem vu Signalisatioun ass oder nach eppes anescht. An da kucke mer fir dat ee fir allemol ze reegelen, well et huet kee Wäert, datt mer all Kéiers driwwer diskutéieren a jidderee versteet dorënner eppes anescht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Demuth an dem Claudia Dall'Agnol. Nach weider Fro, Remarken? Dat schéngt net de Fall sinn. Kënne mer dann dëst Règlement temporaire unhuelen? Wien ass domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

**2.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement wärend dem Wantermaart 2025**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, mir feiere weider. Mir hunn natierlech och dëst Joer erëm Chrëschtmaart op der Plaz Kinnen, Am Duerf an natierlech och hei virun der Gemeng. A fir wärend den Opriicht - an Ofriichtaarbechten an de Visiteuren natierlech och déi néideg Sécherheet ze ginn, musse mer e Verkéiersreglement stëmmen, fir d'Stroossen ze spären. Dat wär méindes den 1. Dezember, do ginn an der Niddeschgaass, dat ass zwëschent dem Why not an och der Place Kinnen, op der Place Kinnen a bei der Kierch eeben d'Bude fir d'Veräiner an de Mëttelaltermaart opgeriicht. Et kommen och e puer Buden an d'Niddeschgaass zwëschent der Bijouterie an der Apdikt Tanson an dem Café Safe fir Veräiner an och Privatleit, fir eeben eng Verbindung zwëschent dem Wantermaart op der Plaz Am Duerf an dem Mëttelaltermaart op der Place Kinnen ze schafen. Deen Dag, dat heescht den 1. Dezember, also ass dann och d'Niddeschgaass zwëschent dem Paris 8, der Gemengeplaz an der Place Kinnen gespaart, wéint eeben deene villen Transporter tëschent der Gemeng an der Kierch. Deen Dag ginn nämlech déi hëlze Chalete geliwwert.

Dat selwecht gëllt och fir dënschdes de 16. Dezember, nom Chrëschtmaart. Vu freides dem 5. Dezember bis sonndes de 14. Dezember ass d'Niddeschgaass an d'Rue du Commerce am Nomëtten an owes fir de Verkéier gespaart, jee eeben no den Ouvertureszäite vum Maart. De Bus awer, dee fiert déi ganz Zäit, dat heescht, vum 4. Dezember. bis de 14. Dezember duerch d'Rue de l'Etang, genau wéi d'lescht Joer och. Dat ass eebe fir d'Leit net duercherneen ze maachen. An dann, wéi d'lescht Joer och, ass d'Niddeschgaass an d'Place Kinnen schonn donneschdes de 4. Dezember vu 14.00 bis 20.00 Auer a freides de 5. Dezember vun 11.00 Auer u fir den Trafick gespaart. Domat hunn d'Veräiner dann d'Méiglechkeet, hir Buden a Sécherheet ze dekoréieren. Dir wësst, datt mer dat, mengen ech, vum leschte Joer u gemaach haten, well dat och eng Demande vun hirer Säit war. Voilà, dat war et, mengen ech, elo mol zu menger Säit, well et u sech och dat nämmlecht ass wéi lescht Joer. Wann awer, wéi gesot, nach Detailfroe sinn, ass de Pit Demuth natierlech weiderhin hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Sinn do Froen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Merci fir déi flott Explikatiounen. Bon, mir stëmmen et mat, hunn awer trotzdeem e bëssen eng klengen, saueren Nogeschmaach, well mer awer trotzdeem nach mer eis Positioun gären halen, dass e Share Space soll e Shared Space bleiwen, nodeems mer déi Ëmfro jo deemools virun e puer Jore

gemaach hunn, déi eng eis e bëssen als Mikro-Trottoir belächelt hunn, awer trotzdeem d'Realitéit erëmspigelt, dass d'Leit gesot hunn, wann d'Strooss zou ass, verkafe mer manner. An, bon, et ass awer och flott fir déi Buden, déi wou do sinn. Dat ass och e Commerce, déi verkafen och eppes. Et muss een awer e klenge Konsens fannen do zwëschent. Voilà, ech wollt just nach eng Kéier kuerz drop opmierksam maachen, dass mer awer trotzdeem vläicht an den nächste Joren eng Kéier kënnen en anere System fannen, wou mer eis eise Chrëschtmaart kënnen opdeelen, fir dass d'Strooss dann awer kéint opbleiwen. Ech krut och de Retour vun anere Leit, déi wou net zu Diddeleng wunnen, déi gesot hunn, et ass awer ëmmer komplizéiert, wann s de op Diddeleng kënns, weess de net ob d'Strooss op ass oder zou ass. Dat sinn awer esou Saachen, dat wat op deem dote Punkt kee ganz positiivt Bild eriwwer gëtt. Op alle Fall, mir ënnerstëtzen de Chrëschtmaart, mir si frou fir dohinner ze goen. Mir wollten awer just kuerz eng kleng Positioun dozou huelen, wéi mer dozou stinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wëll am Fong näischt dozou soen. Ech géing awer de Gedanken an d'Ronn geheien, dass grad duerch de Chrëschtmaart och méi Leit hei an d'Geschäftsstrooss akafe kommen an och fir d'Geschäfter dat warscheinlech en Atout wäert sinn, wann dee gutt gefällt ass, de Chrëschtmaart. An ech ka mer och virstellen, dass et méi agreabel ass, iwwert esou e Chrëschtmaart ze schlenderen, wéi wann do Autoen, Stousstaang, widder Stousstaang do duerch defiléieren. Vläicht kéint ee jo deene Leit äntweren, déi et komplizéiert fannen op Diddeleng ze kommen, dass mer e wonnerbaart Parkhaus hunn, wou een net naass gëtt, wou ee kann direkt an der Akafsstrooss erauskommen. An ech mengen, do kritt ee ganz vill Leit heihinner gezunn, och mam Auto, wa se schonn net mam Vëlo vun ausserhalb wëlle kommen. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, Här Steffen, mir sinn eis emol eng Kéier unisono eens. Schreif dat rout op! Wat d'Situatioun vun deenen, wou vun ausserhalb kommen, ubelaangt, also, ech mengen eis geet et awer alleguerten d'Nämlech, wa mir an eng aner Gemeng fueren, déi mer net esou gutt kennen, an do ass iergendeng Manifestatioun, ob dat elo e Concert, e Chrëschtmaart oder wat och ëmmer ass, jo dann ass dat ëmmer e bëssen eng Sich, virun allem, wann een déi Gemeng just kennt am Normalzoustand, wou alles op ass. Ech mengen, do geet et awer jidderengem nämmlecht. Mir hunn awer wierklech och eisen ënnerierdesche Parking, wéi den Här Steffen seet, deen hu mer awer richteg gutt gezeechent, wann s de natierlech an Diddeleng erafiers an du méchs d'Aen zou an du pass net op an du gesäis dat net. Bon, deene Leit kënne mir natierlech och net hëllefen. Mir kommunizéieren och nach ëmmer gutt, wéi s de wouhi kënns. Mir schreiwen dohinner, wou Vël'OK-Statioune sinn, wou e Busarrêt ass, wou e Parking ass, méi kënne mer net maachen, gell.

D'Kou kanns de ëmmer nëmme bei den Trach féieren, awer saufe muss se selwer. Méi kann ech dozou net soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wollt awer och nach eng Kéier kuerz dorop reagéieren, wou den Här Martini elo eis suggeréiert huet. De Chrëschtmaart ass jo op dräi verschidde Plazen, déi mer als Gemeng iwwert d'Jore flott amenagéiert hunn an an déi mer och vill investéiert hunn. Dann ass et och, mengen ech, eis Aufgab als Gemeng, déi verschidde Plazen ze beliewen. An dat bréngt ebe mat sech, dass mer esou en attraktive Chrëschtmaart hunn, deen op eeben e klengen Itineraire d'Leit invitéiert an dann ass eeben deen Iwwergang vun der Kierchplaz op d'Plaz Am Duerf. Wann een do de Verkéier eeben net stoppt, deen ass da geféierlech. Besonnesch wann e bësse méi spéit gëtt an däischter ass an et sinn awer Familljen do ënnerwee. An dofir, ech weess net, u wéi eng Iddi Dir geduecht hutt, wéi een dat kéint sécherheetstechnesch esou maachen, amenagéieren, dass een déi dräi Plaze ka genéissen als Famill, ouni sech an d'Kanner an déi aner a Gefor ze bréngen. Dat ass e bëssen de Problem dovunner.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci nach eng Kéier fir déi doten Erklärungen. Ech mengen dat kéinte mer d'Ronn zoumaachen an zum Vott iwwergoen. Wien ass mat deem Reglement hei averstanen? ***Dat ass erëm unanime.*** Merci dem Gemengerot an da gi mer op den nächste Punkt iwwer, d'Lëtzebuerger Strooss.

**2.3. Confirmatioun vun engem dréngenden temporäre Verkéiersreglement – Route de Luxembourg**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, elo si mer definitiv aus dem Feieren dann eraus, no dem Trounwiessel, de Kiermessen an dem Chrëschtmäert komme mer dann elo bei den Zebrasträifen. De Service Circulation krut de 15. Oktober eng Demande vun der Firma Constantini fir dierfen den Trottoir an d'Parksträif virum Haus Nummer 145 an der Lëtzebuerger Strooss ze benotzen, fir eeben hire Chantier. Als Informatioun fir déi, wou net wësse wat do gemaach gëtt, do rappe se en aalt Haus of a se bauen eng Residence. A well doduerch de Foussgängertrafick eeben net méi garantéiert ass an de Chantier den 22. Oktober awer sollt lassgoen, huet de Schäfferot missen de 15. Oktober decidéieren, e provisoreschen Zebrasträifen op Héicht eebe vum Haus Nummer 143 op der Lëtzebuerger Strooss via e Règlement d'urgence ze reglementéieren, well eeben eréischt haut Gemengerot ass. Well elo awer d'Lëtzebuerger Strooss och eng Route nationale ass, huet de Service Circulation och nach missten den Accord préalable froe vun der staatlecher Verkéierskommissioun. An, oh Wunder, deen hu mer och schonns zäitno kritt. A fir datt dat Reglement dann och seng Gültegkeet behält, musse mer dann eeben haut hei am Gemengerot d'Règlement d'urgence vum Schäfferot approuvéieren. Sollt et elo nach Froen zur Situatioun sinn, ass de Pit Demuth natierlech nach ëmmer hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol. D'Madamm Kayser huet d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Bon, ech si jo den Awunner hei vun der Lëtzebuerger Strooss an direkt concernéiert an deem Sënn, mee ech hunn awer eng ganz konkreet Fro: Op Nummer 125 Route de Luxembourg ass och eng Residence gebaut ginn an do ass kee Foussgängerwee agezeechent ginn, mee do stoung ëmmer e Panneau virun der Strooss, periodesch, wann iergendeng Liwwerung koum, „Veuillez emprunter le trottoir en face" an esou weider. Mee do war kee Foussgängersträifen an hei gëtt elo ee gemaach. An dunn hunn ech mer iwwerluecht, et ass vläicht, well dat ze wäit ewech ass vun deem nächste Foussgängersträifen, mee ech hunn dat effektiv gekuckt an et ass effektiv méi no vun där Plaz vun 145 Route de Luxembourg bei de Foussgängersträife bei der Q8 wéi vun der Nummer 125 erof bei d'Aral-Tankstell.

An elo ass meng Fro: Firwat ass do kee Foussgängersträife gemaach ginn? An hei uewe ass awer elo ee gemaach ginn. Ass dat well A Bëlleg do erausfiert? Et war déi eenzeg Iwwerleeung, déi ech mer iergendwéi konnt zesummereimen. An zweetens hunn ech elo gesinn, wou déi éischt giel Strécher scho gezeechent sinn, dat ass virun enger Garagenafaart. Bon, dat ass awer och net ganz glécklech. Ech weess net, ob mer do net dann awer e bësse méi wäit ewech hätte kënne goen, well virun dat anert Haus et maachen, also et ass wierklech virun enger Garagenafaart, dat sinn déi dräi Garagen, déi niewentenee si vun enger klenger Residence, ob dat, also ech verstinn net richteg, firwat elo dës Kéier gëtt et e Foussgängersträifen, déi aner Kéier gouf et keen, an hei ass et och nach virun enger Afaart, dat fannen ech e bësse komesch. Ech sinn awer frou iwwer all Explikatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Remarken, Froen? Dat ass net de Fall.

PIT DEMUTH (CHEF VUM SERVICE CIRCULATION VUN DER GEMENG DIDDELENG): Merci fir d'Fro a fir d'Wuert. Also ech mengen, bei Nummer 123, dat wär och nëmme sporadesch, wéi Dir scho richteg gesot hutt, dass wa si den Trottoir gebraucht hunn, fir entweeder Bëtonage oder wann se mam Kran do stoungen, dat war sporadesch. Do war elo net vun der Firma explizit gefrot ginn, fir en Zebrasträifen ze kréien. Hei ass vun der Firma gefrot ginn, fir en Zebrasträifen ze kréien. Dat war hire Sécherheetsbeoptraagten. Well mir hätten och kënne bei Nummer 143 d'selwecht verfuere wéi elo bei 123, do hu mer dat gemaach. Mee ech mengen, wann eng Demande do ass, kucke mer, ob et machbar ass oder net. A wat elo bei Nummer 143 elo genau virun de Garagen ass, dat war an onsen Aen déi optimal Plaz fir esou mann ewéi méiglech Parkplazen och ze verléieren. Well mir wëssen awer och alleguerten, an der Lëtzebuerger Strooss, haaptsächlech uewen, si ganz vill Autoen, déi lénks a riets parken. A mir wollten awer esou no wéi méiglech beim Chantier maachen, well wa mer et elo nach eng Kéier e puer Meter ewech maachen, da lafen d'Leit einfach esou iwwert d'Strooss a passen net op, dass do e Chantier ass.

Also, ech mengen, mir kënnen ëmmer nach driwwer diskutéieren, ob mer elo kënnen e bëssen erop- oder erofréckelen, mee dann hu mer herno eng méi geféierlech Situatioun geschaf, wéi et elo ass. An och wann en do virun de Garagen ass, da wëllt dat jo net heeschen, dass d'Leit net méi eran- an erauskommen.

Ech mengen, si kënnen ëmmer eran- an erauskommen, et ass jo elo kee grousse Flux vu Leit do, déi do iwwer deen Zebrasträife ginn. Et ass just eng Méiglechkeet, fir do iwwert d'Strooss ze goen, an d'Awunner kommen ëmmer zu all Moment eran an eraus an hir Garagen. Déi hënneren do elo net. A mir wäerten och d'Schëld esou setzen, dass dat net an der Garagenafaart steet, fir dass d'Leit ëmmer eran- an erauskommen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen, mee ech fannen et just komesch, dass den Entrepreneur muss déi Demande maachen, dass dat net vun der Stad Diddeleng ausgeet. A wéi gesot, och wann et nëmme periodesch war, op Nummer 123 Route de Luxembourg, wou sollen d'Leit dann eriwwer goen, gell? Dat ass jo awer och, do sti se op eng Kéier virun deem Schëld an do ass wäit a breet kee Foussgängeriwwergang. Do si se awer eriwwer gerannt, dat war dann och geféierlech. Dofir ass meng Fro. Et ass awer komesch, dass den Entreprener muss déi Demarche maachen oder leeë mir als Servicer hinnen no, dass se déi Demande solle maachen, well et jo iwwer Ponts et Chaussées muss goen.

PIT DEMUTH (CHEF VUM SERVICE CIRCULATION VUN DER GEMENG DIDDELENG): Dat hat ech nach vergiess ze ergänzen, also den Trottoir wäert bei Nummer 145 vläicht komplett zou sinn. Dat heescht, deen ass elo schonns zwee Jore laang komplett zou, wou si bis op d'Parksträif mat den Trottoir benotzen. Dat heescht, do gëtt et keng Méiglechkeet méi, laanscht ze goen. A bei Nummer 123 hu mer jo op zou, op zou, op zou. Mir kucken oft, oft kommen d'Entrepreneure bei ons an da kucke mer zesumme wat do déi optimal Léisung ass. An deemools hu mer fonnt, dass et bei Nummer 123 muss sinn. Mee wat net ass, kann nach ëmmer sinn. Dat heescht, mir kënnen do ëmmer nach eppes noschéissen, wann dat elo an Ären Aen ze geféierlech ass, da kënne mer nach ëmmer an den nächst Gemengerot kommen an da kënne mer och do e provisoreschen Zebrasträife maachen. Also ech mengen, do verschränke mer ons net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat brauche mer elo net, well d'Residence, déi steet elo do. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, d'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen, et ass och wichteg, wann Dir esou eng Situatioun feststellt, wéi elo eeben do war, datt Dir einfach och Bescheed sot an da kucke mer, ob dat dräimol d'Woch ass, ob mer e provisoreschen Zebrasträife maachen oder net. Dat ass, keen Theema. Da maache mer et, wéi mer et elo gemaach hunn, fir eeben de Chantier net ze stéieren an datt deen awer ka weiderschaffen, per Règlement d'urgence, an dann huele

mer dat den nächste Gemengerot no, wann et dann nach ëmmer aktuell ass. Mee, wéi gesot, einfach Bescheed soen an dann, da kucke mer dat, op Lëtzebuerger Strooss ass oder eng aner Strooss, dat kann iwwerall virkommen, natierlech. Ech gesinn och éischter, wat a menger Strooss ass, wéi wat op der Lëtzebuerger Strooss ass. Dat ass ganz normal. Mee wann een esou eppes feststellt, einfach en E-Mail maachen an da kucke mer, wat ze maachen ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Pardon, mee d'Servicer si wierklech all zweeten Dag komm, dann hu se erëm e Schëld dohinner gestallt, dass de Passage net do war. Ech mengen, d'Gemeng wosst et, et war elo net u mir, fir do unzeruffen an ze soen, well d'Servicer sinn ëmmer komm, et waren ëmmer déi selwecht Hären „Ah, musst Dir erëm de Panno dohinner stellen?" „Jo, mer mussen erëm zoumaache fir zwee Deeg." Also, wéi gesot, ech mengen dat läit net um Bierger, ech mengen Dir wosst dat awer, pardon.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ass keng weider Remark méi? Nee, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 3. FINANCES COMMUNALES

**3.1. Kaf vun Terrainen – Approbatioun vu Kafverträg**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Acquisitioun vun Emprisen. Do sinn eelef Acte-de-venten an ech géif proposéieren, dass ech déi eelef zesummen einfach huelen. Voilà. Ech spuere mer e bëssen Zäit an et ass och méi effizient. Ech soen och dem Pit Demuth Merci fir seng Präsenz hei fir de Volet vun der Circulatioun.

*3.1.1. Koppel Kickert-Molitor, Terrain an der Rue des Fleurs*

Den éischten Akt ass zwëschent dem Här Kickert an der Madamm Molitor an der Stad Diddeleng, op 13 Rue des Fleurs. Et sinn 0,24 Ar an d'Parzell gëtt an d'Voirie publique integréiert. A wéi gesot, dat sinn 168 Euro. An Dir wësst jo, bei Emprisë froe mer 700 Euro den Ar.

*3.1.2. Partner Simone Marie Felten a Yazid Behria, Terrain an der Rue Belair*

Da gi mer op 22, Rue Belair. Dësen Akt ass tëschent der Stad Diddeleng an dem Här Behria an der Madamm Felten. Dat sinn 0,09 Ar an dat sinn 63 Euro. An och do kënnt dat an d'Voirie publique eran.

*3.1.3. Koppel Bologna-Bacchiocchi, Terrain an der Rue Lentz*

Da gi mer op 15, Rue Lenz. Dat ass tëschent dem Här Bologna an der Madamm Bacchiocchi. Dat sinn 0,11 Ar fir 77 Euro an et ass gemaach ginn am Kader vun der Regularisatioun vun der drëtter Phas vum Shared Space.



*3.1.4. Koppel Adrovic-Hajdarpasic, Terrainen an der Rue de l'Indépendance an an der Rue Schiller*

Dann 38, Rue Schiller an 19, Rue d'Indépendance. Dat ass den Här Adrovic an d'Madamm Hajdarpasic. Dat sinn 0,13 Ar an 0,12 Ar fir 175 Euro. An dat ass och am Kader vun de Cessiounen och an der Schiller Strooss, wou mer och weider dru bleiwen, fir déi ganz Strooss an d'Voirie publique mat eranhuelen.

*3.1.5. Madamm Rossana Savini a Madamm Antonella Zangari, Terrain an der Rue Jean Friedrich*

Da gi mer op 21, Rue Jean Friedrich. Dat ass tëschent der Madamm Savini an der Madamm Zangari. Dat sinn 0,04 Ar an dat ass fir 50 Euro.

*3.1.6. Firma „Wickler Frères s.à r.l.", Terrain an der Rue des Mouleurs*

Da gi mer op 61, Rue des Mouleurs. Dat ass engersäits d'Proprietäre Wickler Frères an dann d'Madamm Marie-Josée, d'Madamm Marianne an d'Madamm Christiane Wickler. Dat sinn 2,77 Ar an dat ass fir 1,939 Euro. Och dat kënnt dann an d'Voirie publique eran.

*3.1.7. Här Patrick Correia Tavares, Terrain an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte*

Dann 1, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat ass den Här Tavares. Dat sinn 0,18 Ar an dat ass fir e Präis vun 126 Euro.

*3.1.8. Koppel Brimaire-Rausch, Terrain an der Route de Boudersberg*

Da gi mer op 83, Route de Buddersberg, dat ass duerch dem Här Brimaire an der Madamm Rausch. Dat sinn 0,22 Ar an dat ass fir 154 Euro. An dat ass am Kader vum Reamenagement vun der Butschebuerger Strooss. Do hu mer och eng ganz Rei Courriere gemaach fir och do Emprisen ze kréien.

*3.1.9. Här Georges Michel Mathieu a Koppel Heintz-Mathieu, Terrain an der Route de Boudersberg*

Da gi mer op 79, Route de Boudersberg. Dat ass tëschent dem Här Mathieu an dem Här Heintz an der Madamm Mathieu. Dat sinn 0,32 Ar fir e Präis vun 224 Euro.

*3.1.10. Här Patrick Marin, Terrain an der Rue Sainte Barbe*

Da gi mer op 92 Rue Sainte Barbe. Dat ass den Akt, dee mer maache mam Här Marin. Dat ass 0,48 Ar an dat ass fir 50 Euro.

*3.1.11. Här Jean Marie Kontz, Terrain an der Rue Schortgen*

Da gi mer an d'Rue Schortgen, deen Akt ass tëschent dem Här Konz an der Madamm Meisch. Dat si 7,82 Ar an de Präis ass 5.474 Euro.

An da wäert ech zum Schluss vun deenen eelef Akten, respektiv Emprisen ukomm. Si Remarken oder Froen dozou? Kënne mer iwwert déi Emprisen en bloc zesummen ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat deenen Emprisen averstanen. ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

**3.2. Verkaf vun engem Terrain an der Rue Lucien Wercollier un d'Koppel Gilles Goy a Rishmie Kastoerie Koers**

*3.2.1 Reclassement vum Terrain aus dem ëffentlechen Domaine communal an de privaten Domaine communal*

*3.2.2 Approbatioun vum notarielle Kafvertrag*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass eng Parzell an der Rue Lucien Wercollier an dat ass tëschent dem Här Goy an der Madamm Koers. Do musse mer natierlech de Reklassement vun der Parzell, déi der Gemeng gehéiert, vum Domaine communal public an den Domaine communal privé maachen. An da musse mer den Acte notarié effektiv approuvéieren. Wéi gesot, hei handelt et sech ëm 0,16 Zentiar mat enger Valeur vu 14.400 Euro. Et ass, wéi gesot, an der Rue Lucien Wercollier op Nummer 18 B. A wéi gesot, et ass hei dee Kafakt, dee mer maachen. Den éischte Kontakt war do 2024. An deem Joer gouf et och eng Demande vum Morcellement an am September 2025 gouf den Akt ënnerschriwwen. An haut musse mer dann de Vott maachen an zwou Etappen. Dat zu dësem Akt an zu dëser Vente vun dëser Parzell.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech hu just eng kleng Verständnisfro. Op wat hutt der Iech baséiert, fir do de Präis ze definéieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Op vireg Kafakten. Mir sinn hei bei 90.000 Euro den Ar, an dass dat e Präis ass, dee mer och scho bei viregten Akten haten, déi mer hei am Gemengerot haten, vum Klassement, wéi gesot, vun där Plaz. Dat heescht, mir hunn eis do alignéiert, fir effektiv dann och eng gewësse Kohärenz ze wahren.
Ass de Gemengerot domat averstanen? Géife mer dann déi zwee separat Votte maachen. Wien ass domadder averstanen, dass mer den Terrain vum Domaine communal public an den Domaine communal privé ëmklasséieren? Wien ass mat deem Vott averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. A wien ass da subsequent mat dësem Acte de vente averstanen? ***Dat ass och unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

**3.3 Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel IX – Aschreifgebühren – vum allgemengen Taxereglement**

**3.4 Adaptatioune vun den Indemnitéite fir d'Formateure vun de Sproochecoursen.**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif froen, ob ech kann den 3.3 an den 3.4 zesummenhuelen, déi zwou Saachen hänken aneneen an ech mengen, dat ass fir d'Verständnis dann och besser, an da maache mer herno wéi elo beim Punkt virdrun dann eeben zwee separat Votten, wann dat fir jiddereen esou OK ass. Da géif ech mam Punkt 3.3 dann ufänken. Dat sinn d'Präisser vun de Sproochecoursen. Dir wësst vläicht, déi scho méi laang dobäi sinn, mir hunn déi d'lescht virun zéng Joer, 2015, gehuewen. A mir géifen Iech dofir proposéieren, se fir d'nächst Joer dann eropzesetzen, an zwar proposéiere mer do fir d'Lëtzebuergesch Coursen 110 Euro amplaz vu bis elo 85 Euro. Fir d'Franséisch 125 Eiuro amplaz vun 100 Euro. An déi Englesch a Portugisesch op 150 Euro festzeleeën amplaz vun 125 Euro.

Firwat elo grad déi do Präisser? Bon, mir sinn nach ëmmer der Meenung, wéi mer dat och virun zéng Joer haten, datt Lëtzebuergesch awer d'Landessprooch ass an datt dat soll déi Sprooch sinn, wou d'Leit sollen am meeschte léieren. An dee Cours soll och fir jiddereen natierlech weiderhin abordabel bleiwen. An duerno kommen natierlech dann och d'Franséisch Coursen, wat och eng Amtssprooch ass. An da kommen déi Coursen, déi eigentlech keng vun den Amtssprooche sinn, dofir sollen déi dann och e bësse méi deier si wéi déi aner. Dat sinn dann d'Portugisesch an d'Englesch. Dat zu de Präisser vun de Coursen.

Da kéime mer zu den Indemnitéite fir d'Proffe vun eise Sproochecoursen. Dat ass nach net esou laang hier, datt mer déi gehuewen hunn. Dat war d'lescht Joer. An se kréien zënter Januar da 60 Euro d'Stonn. Mir schwätzen do am Moment vu 17 Leit, déi déi véier verschidde Sproochecoursë bei eis halen. Ech hat se virdrun opgezielt. Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Dat an den Niveauen A1 bis B2. Am Total ginn dëst Joer 42 Course pro Semester gehalen. Et kann ëmmer mol sinn, datt deen een oder deen anere Cours nach dobäi kënnt. Virun allem wann eng grouss Demande ass fir e Cours, fir d'Nationalitéit ze kréien, wou Leit dee musse maachen. Wa mer da genuch Leit zesummen hunn, da setze mer do ganz gären e Cours bäi.

Dir wësst och, datt mer eng Konventioun mat eiser Nopeschgemeng Kayl hunn. An déi Coursen, also d'Präisser an och dann d'Remuneratioun fir d'Enseignanten, déi falen och ënnert dat wat ech elo grad gesot hunn. Déi Montanten hu mer natierlech och alleguerte mat anere Gemenge verglach. Wou ginn eis Coursë gehalen? Hei zu Diddeleng an der Schoul Deich, am Lycée Nic Biever, am Centre Hartmann an zu Kayl an der Gare, déi hunn hire Site gewiesselt. Et ginn natierlech och weiderhi Coursë per Zoom an och am Blended Learning. Blended Learning, dat ass een Deel am Presentiel an een Deel dann eebe via Zoom.

Et ass Iech vläicht opgefall, datt ech déi italieenesch Coursen elo net genannt hunn. Dir wësst awer, datt mer déi och hei zu Diddeleng ubidden. Mee déi ginn net iwwer d'Gemeng ugebueden. Dat ass d'Associatioun Italo-Luxembourgeoise Bettembourg-Dudelange. Dat heescht, déi falen elo net ënnert déi zwou Deliberatiounen hei. Dat gesot, géif ech Iech bieden, deen neien Tarif vun 80 Euro d'Stonn, dee mer eise Proffe wëlle ginn, zouzestëmmen. Nei ass och, datt mer dëse Montant proposéieren ze indexéieren. Dat war bis elo net de Fall. Dat heescht, hire Loun geet dann och automatesch bei all Indextranche, déi erfält, an d'Luucht, genau sou wéi et bei eis heibannen och alleguerten de Fall ass. Voilà, dat wär et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir d'Erklärungen, wann elo Froen a Stellungname sinn...

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Dat ass am Fong just eng Verständnisfro, well, d'lescht Joer nach an der Deliberatioun, do hu mer jo och iwwert d'Sproochecoursen an d'Informatikscoursë geschwat, do waren och béid Jetonen e bëssen an d'Luucht gaangen, mengen ech, fir d'Tuteuren. Elo si just d'Sproochecoursen, déi gehéicht ginn. Ech froe just firwat dat esou ass, wat den Ënnerscheed tëschent de Sproochen- an den Informatikscoursen ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. D'Madamm Kayser huet d'Wuert.
Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech mengen, d'Wichtegkeet vun deene Coursë stellt keen hei a Fro. D'Integratioun geet iwwert d'Sprooch, do si mer eis eens, an och d'Demande fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien, ass jo och wichteg an och un d'Sproochekenntnisser logescherweis gebonnen. Also, wéi gesot, dofir stelle mer dat hei net a Fro. Ech hu just eng Fro bezüglech deem nächste Point vum Ordre du jour, dat ass de Restanten Etat. An do ass mer par hasard opgefall, dass effektiv vun där Somme due fir d'Coursen, dat wären 92.500 Euro, wou d'Gemeng kritt huet, do si 4.800 Euro, déi opbliwwe sinn.

An do hunn ech mer d'Fro gestallt, ob zum Beispill bei Leit, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, ob déi déi Coursen och bezuelen? An eng aner Fro ass, do hu mer och verschidden Zommen, bei deene mer da soen, hei déi kréie mer ni méi eran, well déi Leit eeben, do steet dann an der Argumentatioun „elle n'a pas participé au cours". Dat heescht, do muss eng Erreur gewiescht sinn an der Notifikatioun. Dofir ass meng Fro, wéi gesot, éischtens emol op d'ADEM awer zum Beispill fir verschidde Leit, déi och net gutt dru sinn oder eisen Office social, och déi Coursen en charge hëlt, dass mer vläicht awer déi restant Zomm vu 4.800 Euro an dësem Punkt e bësse kënnen drécken? An dann, meng zweet Fro ass, ob dat awer elo besser ginn ass, dass eebe manner Leit fautivement eng Rechnung kréien, och wa se net un deene Course participéieren a wéi dat iwwerhaapt méiglech war. Merci..

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Also mir begréissen natierlech och, datt d'Formateuren elo fir d'Sproochecoursë vu 60 Euro op 80 Euro eropginn an dat valoriséiert natierlech hir Aarbecht. An et ass, wéi och scho gesot ginn ass, et ass awer e wichtegt Element fir d'Integratioun, wann een d'Sprooch an och um kulturellen Niveau eng Integratioun an deem Sënn ka férderen. Mir hätten awer trotzdeem e puer Froen. Also, op wéi engem Krittären huet ee sech hei och erëm baséiert fir de Montant op 60 Euro d'Stonn eropzesetzen? Goufen et hei Vergläicher vläicht mat aner Gemengen oder Formatiounsinstitutiounen? Ass de Budget, deen och fir dësen Artikel virgesinn ass, genuch wann d'Unzuel vun de Coursen oder Participanten an d'Luucht soll goen. Fält dës Mesure an enger méi grousser Strategie zur Férderung vun der Erwuessenebildung hei zu Diddeleng? Awer jo, kéinte mer vläicht weider Detailer do driwwer kréien. An als lescht Fro, wie leet de Staat hei eppes bäi oder och net? An, jo, et ass schued, well d'lescht Joer si mer schonn op 60 Euro eropgaangen. Vläicht dat ee kéint schonn d'lescht Joer e bësse méi héich goen, well et héiert een awer aus verschidde Milieuen, datt awer Formateure verluer gaange sinn, well mer bis elo nawell net esou vill bezuelt hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Verschidde Milieuen, interessant. Merci, Madamm Ahmedova. Nach weider Stellungnamen?

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Also ech si frou, fir kënnen hei eppes dozou ze soen, well ech selwer eng Zäit schonn Owescoursë ginn hunn, Lëtzebuergeschcoursen, a wa mir vu Sproochecoursë schwätzen, da schwätze mir och vun engem ganz wichtege Punkt vun eiser Integratiounspolitik. Duerch d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch kréien nei Matbiergerinnen a Matbierger d'Chance, Deel vun eiser Gesellschaft ze ginn. Et geet net nëmmen ëm d'Grammatik oder Vokabelen, mee och ëm Verständnis, Zesummenhalt a Kultur. Wann d'Leit Lëtzebuergesch schwätzen, da fale Barriären ewech, d'Communautéite réckele méi no zesummen an d'Participatioun an d'Integratioun um Aarbechtsmarché an am gesellschaftleche Liewe gëtt vereinfacht.

Mir bidden an eiser Gemeng awer net nëmme Lëtzebuergeschcoursen un, wéi mer scho gesot hunn, mee och Alphabetisatioun, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Dëst Angebot erreecht ganz ënnerschiddlech Leit, zum Beispill Leit, déi fir d'éischt mol liesen a schreiwe léieren, Leit, déi sech integréiere wëllen oder Leit, déi hiert Wëssen ausbauen. Sprooche si vill méi wéi nëmmen e Kommunikatiounsmëttel, Sprooche baue Brécken tëschent Kulturen, tëschent Generatiounen, tëschent Mënschen aus deene verschiddenste soziale Schichten. D'Sproochecoursë maache Verständnis méiglech a si féieren zu Chancëgläichheet. Duerch si ginn d'Dieren op, gesellschaftlech a kulturell.

Dëse Service, dee mir eise Biergerinnen a Bierger ubidden, kann awer nëmme fonctionéieren, wa mir eng engagéiert a kompetent Ekipp vun Enseignanten hunn. Wa mir awer eis gutt Leit um Terrain behale wëllen, da musse mir hinnen och eng fair a konkurrenzfäeg Bezuelung ubidden an dofir musse mir och de Salaire deementspriechend upassen. Mat 80 Euro leie mir ganz gutt, och am Verglach mat

anere Gemengen. Natierlech huet dës Entscheedung och eng Auswierkung op de Präis, deen ee bezilt fir en Owescours kënnen ze besichen. Jo, de Präis ass gehéicht ginn. Et ass verständlech, wann dat deen éischte Moment wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtung ausgesäit. Mee et ass awer absolut net ze vermeiden, wa mir weiderhin eng gerecht Bezuelung fir eis Enseignanten a gläichzäiteg e qualitativ héichwäertege Service garantéiere wëllen. Aus eegener Erfarung weess ech, well ech eebe selwer e puer Joer Lëtzebuergesch-Owescoursë ginn hunn, datt et sech net nëmmen ëm e klengen Niewenjob handelt, mee et eng wichteg a verantwortungsvoll Aarbecht ass, bei där et virun allem drëms geet Wëssen ze vermëttelen.

Et dierf een och net vergiessen, datt verschiddener vun eisen Enseignanten dëst haaptberufflech maachen an et sech hei ëm hiert Haaptakommes handelt. Des Weideren dierfe mir och net vergiessen, datt zum Schluss vun de Coursen eng Diplomiwwerreechung organiséiert gëtt, och hei weess ech aus eegener Erfarung, datt dëst ee ganz wichtege Moment ass, well et ass méi wéi nëmme Symbolik, et ass eng Unerkennung fir d'Leeschtung vun de Participanten an d'Aarbecht vun hiren Enseignanten an et bréngt d'Leit zesummen, fir e flott Moment ze erliewen. Et beweist alt erëm ganz kloer, datt d'Sprooche Mënsche verbannen, et ass dee Moment, wou ee realiséiert, wat dëse Service wierklech bedeit. Et ass eng wichteg Investitioun an d'Integratioun, den Zesummenhalt an d'Zukunft vun eiser Gemeng. An ech begréissen dat. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Loullingen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci. Also Leit, déi sech de Cour elo net kënne leeschten, déi kréie souwisou schonn e Bong, da kascht dat déi 10 Euro. Dat heescht, dat gëtt et schonn. Dat gëtt et schonn eng ganz Partie Joren. Dat heescht, dat leeft. Mat de Facturen, do sinn ech elo iwwerfrot. Ech gesinn awer dohanne sëtzt duerch Zoufall - well den nächste Punkt eeben de restanten Etat ass - eisen Nach-Receveur an eis Nei-Receveuse, vläicht hunn déi do eng Äntwert drop? Well ech kréien déi Facturen natierlech net ze gesinn, ech ka mer et just esou erklären, Du hues alt Leit, déi mellen sech an engem Cours un an da melle se sech spéiderhin erëm of. Wéi gesot, dat weess ech elo net.

Dann ass gefrot ginn, leet de Staat dobäi? Jo, de Staat leet natierlech do bäi. All déi Gemengen, déi Coursen ubidden, déi schaffen an enker Zesummenaarbecht mat der Erwuessenebildung, also mam Ministère de l'Education, zesummen. Wéi kommen d'Montanten zustanen? Dat hat ech zwar scho gesot, mee dann nach eng Kéier. Mir hunn dat natierlech verglach mat anere Gemengen, virun allem awer Gemengen och an eiser Gréisst. Ech soen elo Péiteng, Esch, Déifferdeng. Et muss een awer soen, datt dat net esou einfach ze vergläichen ass, well net jiddereen déi nämmlecht Unzuel u Stonne vu Cours zum Beispill hält. Dat heescht, mir sinn higaangen a mir hunn dat och erofgerechent fir herno eeben op déi Montanten do ze kommen. An ech kann Iech soen, datt mer nach ëmmer ganz konkurrenzfäeg bleiwen an awer eisen Instrukteren e gudde Loun kënnen ausbezuelen.

Dann ass no enger Strategie gefrot ginn. Also, mir sinn eng vun deene Gemengen, wou ganz, ganz vill ubitt. A mir bidde Sproochecoursen un, ech hu se virdrun opgezielt. Et ass vun den Informatikcoursë rieds gaangen. Mir bidden Alphabetiséierungscoursen un. Mir bidde Coursen an der Informatik un, dat kann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries awer bestëmmt nach eng Kéier widderhuelen, fir Jonker, fir Aler, fir Behënnerter, fir Kanner. Ech mengen, do brauche mir elo keng grouss Strategie, well mir sinn eng vun deene wéinege Gemengen, déi dat dote scho jorelaang mécht. A mir hunn och net wëlles, domadder opzehalen. Soss géife mer elo net eis Paien an och eis Präisser fir eis Coursen upassen.

An da war awer nach eng Fro un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries gestallt gi vun der Madamm Thoma, déi hatt bestëmmt nach wëll beäntweren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Just zu den Informatikscoursen, firwat mer déi net gehuewen hunn. Déi si plafonéiert vum Ministère aus, do si mer um Maximum ukomm an duerfir kënne mer do net nach an d'Luucht goen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Erklärung an da ginn ech d'Wuert weider un eise Receveur, de Gilbert Loos.

GILBERT LOOS (RECEVEUR VUN DER GEMENG DIDDELENG): Jo, gudde Moien. Ma, et si Leit, déi bezuelen hir Rechnungen effektiv net. Et si Leit, déi, well se net an de Cours gaange sinn, mengen, si bräichten se net ze bezuelen. Och déi vun der ADEM, wou se nëmmen 10 Euro ze bezuele kritt hunn an awer net gaange sinn, och déi mengen dat dann heiansdo. Mir hunn elo net méi spéit wéi gëschter nach dräi Rechnungen annuléiert vum leschte Joer, well, an dat ass eréischt nodeems et beim Dierwiechter war, respektiv eng Saisie drop war, do eréischt hunn d'Leit reagéiert.

An duerno huet d'Madamm Colin och confirméiert, dass, wou se dann d'Bicher gekuckt huet vun de Proffen, dass déi effektiv maximal zweemol do waren. Et ass och deelweis, fannen ech, e bëssen e Manque de discipline vun de Proffen. Déi missten eis Bescheed soen, hei voilà, déi waren elo dräi, véier Mol net do, da kënne mir dat och vill éischter annuléieren oder soen, dee gehéiert net op de Restanten Etat. Mee mir maachen awer och ganz vill Poursuitten dorobber souwisou, voilà, dat wollt ech awer dozou soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi doten Ausféierungen an och Erklärungen zu der Fro vun der Madamm Kayser, Merci dofir an da géing ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass fir d'éischt emol averstanen, mat der Modifikatioun, wat d'Tariffer a wat d'Coursen ugeet? ***Dat ass unanime.*** A wien ass domat averstanen, wat d'Indemnitéit

ugeet, déi d'Formateure kréien, averstanen? ***Dat ass och unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

### 3.5. Approbatioun vun de Recetten, déi bei der Clôture vum Budgetsjoer 2024 nach anzezéie sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Si si scho begréisst ginn, ech begréissen awer nach eng Kéier de Gilbert Loos, awer och d'Nathalie Bley aus dem Service vun de Recetten. Mir kommen nämlech elo eriwwer op de Restanten Etat. Ech géif ufänken, eng Rei Erklärungen an Ausféierungen ze ginn. Ech mengen der wësst et, de Restante vum Joer 2024 gëtt am Fong Aussiicht iwwer d'Schëldnerinnen an d'Schëldner vis-à-vis vun der Stad Diddeleng a vis-à-vis vun der Gemeng, also Rechnungen, déi nach opstinn an déi net bezuelt goufen. An dat, wat mer hei am Dokument virleien hunn, betrëfft jo souwuel d'Personnes physiques wéi och d'Personnes morales. Generell kann ee soen, dass fir d'Joer 2024 de Montant vun de Scholden insgesamt weider ofhëlt, wat e bëssen sech aschreift an den Trend vun de leschte Joren. An deem Sënn eng positiv Evolutioun. Wann ee kuckt, de Restanten, dee poursuivéiert soll ginn, respektiv wou mer dann och herno de Feu vert solle kréien, souwuel de Receveur wéi och de Schäfferot, fir déi Sue weider kënne probéieren anzedreiwen, dee läit bei engem totale Montant vu 592.411,41 Euro.

De Receveur proposéiert, dass mer 21.120,34 Euro an d'Decharge ginn, soudass den totale Montant, dee bleift vun der Schold 571.491,07 Euro ass. Dat ass déi aktuell Situatioun. Bon, et kann ee soen, dass et am Fong dat fënneft konsekutiivt Joer ass, wou de Restante weider ënnert enger Millioun Euro läit. A wann een och kuckt den Exercice 2023 op 2024, do sinn am Fong ronn 175.088 Euro ofgebaut ginn. Ech mengen, dass dat ganz positiv ass. Also, am Vergläich nach mam Exercice virdrun, ass et am Fong dat Duebelt, wat mer hei effektiv ofbauen, respektiv och vu Suen andreiwen, deemno wéi en dann d'Perspektiv och hëlt. Ech mengen, Dir wësst, 2010 hate mer wierklech den héchste Montant mat 2,1 Milliounen Euro. Dat war wierklech esou e bëssen de Peak, dee mer deemools erreecht hunn. Mir hunn eis do subsequent och d'Moyene ginn, fir déi kënnen ofzebauen. 2020 si mer, wéi gesot, knapp ënnert der Millioun Euro bliwwen an duerno ass et natierlech kontinuéierlech erofgaangen. A wéi gesot, haut froe mer dann och de Schäfferot an de Gemengerot, dann och weider kënnen déi Montanten do ze poursuivéieren, déi 571.491,07 Euro, déi nach opstinn.

Dir gesitt, dass dat meescht am Restante virun allem Waasser an Ofwaasser betrëfft, awer och de Volet Déchets, respektiv awer och de Volet Structures d'accueil. Bon, dee geet awer och éischter e bëssen, esou dass et am Fong Waasser an Ofwaasser ass, wat de Gros vun de Schëldner ausmécht. Engersäits mierkt een awer och, dass deen ale Restanten ofhëlt, an deen neien, dee bäikënnt, deen ass och manner grouss wéi déi Jore virdrun. Also, et ass op deenen zwee Voleten, wou een och d'Analys muss maachen, déi dann ausmaachen, dass de Restanten insgesamt och ofhëlt. Mee, wéi gesot, och well mer eis d'Moyene ginn an och méi Poursuitten och deementspriechend maachen. An ech wäert herno och drop agoen, well och do de Service sech eng ganz kloer Methodik ginn huet. Mir wëssen natierlech och, dass et bei de Schëldner, och am aktuelle Kontext, sécherlech Leit ginn, respektiv Stéit ginn, déi et méi schwiereg hunn, fir finanziell nozekommen, well hir finanziell Situatioun insgesamt scho méi schwiereg ass. An dat mierkt een och bei aneren Elementer, notamment vläicht och beim Loyer, wou déi zwee Enner net zesummekommen.

An et ginn natierlech och Leit, déi wëssentlech net wëlle bezuelen, déi dat méi locker gesinn, obwuel se op där anerer Säit awer ëffentlech Déngschtleeschtunge vun der Gemeng wouerhuelen, ëffentlech Déngschtleeschtungen, déi d'Gemeng finanzéiert, wou och Personal hannendru stécht, eng Organisatioun an och eng Logistik hannendru stécht, an déi dann am Fong, op gutt lëtzebuergesch gesot, den Uz mat der Gemeng dreiwen. Mer hunn natierlech och Situatiounen, wa mer Kontaktéiert ginn, wou Leit en Echelonnement froen oder dann a Rate wëllen ofbezuelen. Ech mengen, do komme mer hinnen och entgéint. Do kënnt eise Receveur mat senger ganzer Ekipp an déi kucken dann do e Plan d'échelonnement ze presentéieren, respektiv kann och Récksprooch geholl gi mam Office social.

Also, wa Léisunge gesicht ginn, ass d'Gemeng ëmmer prett, Léisungen och ze fannen zesumme mat de concernéierte Stéit. Dozou wéilt ech awer soen dann, par rapport zu deene Persounen, déi et e bëssche méi schwiereg hunn, wann een awer kuckt, wéi gesot, par rapport zu deene Persounen, déi et drop ukomme loossen, wann een einfach elo kuckt op d'Joer 2024, wéi ech virdru gesot hunn, do hu mer eng ganz Rei Leit, déi Arrangementer och kréien. Mir hunn awer och eng Rei Ordonnancen. Am Joer 2024 waren dat 436 Stéck. D'Titres exécutoires, dat waren der 227 an d'Dossieren, déi bei Huissier louchen, dat waren der 87 an et gouf 41 Saisien, datt alles fir d'Joer 2024. Mee déi Zuele variéiere jo och ëmmer, well dann ëmmer och neie Restante bäikënnt. Dat fir Iech kënnen d'Situatioun ze skizzéieren.

Als Conclusioun kann ee soen, engersäits ganz, ganz vill Méi vu Säite vum Service des Recettes, dofir och e ganz, ganz grousse Merci un déi ganz Ekipp fir déi Méi, déi si sech ginn an hirer Methodik, fir mat der néideger Sensibilitéit an och mat Fangerspëtzegefill verschidden Dossieren unzegoen an awer op där anerer Säit déi néideg resolut Approche hu vis-à-vis vun deene Leit, déi sech effektiv hei deem Ganzen entzéie wëllen an net bezuele wëllen. Well virop, mengen ech, steet jo awer ëmmer d'Volontéit vun der Gemeng, qualitativ gutt Déngschtleeschtungen unzebidden, an ech fannen, dass deen Usproch, deen een sech dann och gëtt als Gemeng, dass deen och natierlech vun de Biergerinnen an der Bierger soll honoréiert ginn an dass een dann natierlech och déi Déngschtleeschtunge bezilt. Dat ass d'Reegel. An Netbezuele soll d'Ausnam sinn, ausser, wéi gesot, dass een an enger méi schwiereger Situatioun, do si mer ganz gäre bereet, an ech mengen dat ass och do de soziale Rôle vun der Gemeng, engem kënnen ënner d'Äerm ze gräifen.

Conclusioun: Dir wësst, de Restanten ass ëmmer e Montant, deen am Rectifié steet. Bon, déi Sue wäerten eis dann am Rectifié feelen, well se erofginn, mä op där anerer Säit

ass et jo awer da positiv, well déi Zomm awer méi kleng gëtt vun de Schëldner vis-à-vis vun der Gemeng. Dat ass positiv, wéi gesot, a mir sinn ëmmer gäre bereet fir do ze hëllefen, wou et méiglech ass, an do ze poursuivéieren, wéi gesot, wou Retizenze sinn. Voilà, dat, fir e bëssen Iech hei d'Bild ze gi vun der Situatioun vun den Schëldnerinnen a Schëldner vis-à-vis vun der Stad Diddeleng. An d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Jo, ech hat och nach eng Kéier nogekuckt, 2010 waren et 2,1 Milliounen Euro, an dann zitéieren ech ëmmer den Här Buergermeeschter Alex Bodry, dee huet ëmmer gesot „Wa mer mol endlech eng Kéier ënnert der Millioun wären". An elo si mer awer wierklech kontinuéierlech op deem gudde Wee. Also, mir begréissen explizitt déi exzellent Aarbecht och vum Gilbert Loos a sengem ganze Service an och Merci fir déi detailléiert Opléschtung, well et ass immens wichteg, dass Dir derhannert sidd fir de Schëldner, déi eeben net abstrakt der Stat Diddeleng hir Sue schëlleg sinn, mee si sinn eis alleguerten d'Sue schëlleg, fir deene Schëldner och ze weisen, mir loossen net labber a mir wëllen eist Geld, well et ass eist Geld a mat deene Suen, déi mir eeben net erakréien, déi feelen eis herno am Budget an et gëtt jo och net besser vu Joer zu Joer, fir d'Enner zesummenzekréien, souwuel op kommunalem Plang, am Gemengebudget, mee awer och privat natierlech.

Viru Joren huet de Gemengerot unanime decidéiert, fir dem Service Recettes déi néideg Moyenen ze ginn, mat der néideger Manpower virun allem, fir d'Suen anzedreiwen. An awer och , wat awer och opfält, dat ass, dass duerch de perséinleche Kontakt mat de Schëldner, dës Schëldner och op Pisten higewise ginn, sief et e Recht op eng Allocation de vie chère, wou vläicht vill Leit net wëssen, dass se se kréien. Dat soll jo elo méi vereinfacht ginn, mee et ass awer elo nach net esou, dass jiddweree weess, op wéi eng Allocatioun hien oder si en Usproch huet. A sief et och, dass Dir se begleet fir de Wee fir bei den Office social eventuell ze fannen oder hinnen ze soen, dass eng Schëldnerbegleedung méiglech ass. Déi hëllefen de Leit oft an enger vläicht just temporärer Noutsituatioun, fir en Auswee ze fannen. Merci der ganzer Ekipp, Merci fir déi mënschlech a sozial Approche, déi natierlech néideg ass. Mee virun allem awer Merci och fir d'Rigueur, mat där Dir erfollegräich probéiert, Suen anzedreiwen, eis aller Suen, a mir sti voll a ganz hannert Ärer wichteger Aarbecht.

Ech hu just e puer Detailfroen. D'lescht Joer hutt Dir gesot, hate mer 26 Faillitten, wou mer um Enn vum Wupp stinn, vun deenen, déi gär hir Suen hätten. Vläicht kënnt Dir do nach e Chiffer soen. Den Här Buergermeeschter hat elo scho gesot, wéi vill Poursuitten, Ordonnance-de-paiementen, Dossiere beim Huissier an esou weider a wéi vill Saisië mer hunn, an ech mengen, et ass och wichteg, dass een déi Rigueur och bäibehält, net nëmme fir déi al Scholden ofzebauen, mee virun allem och elo de Leit esou fréi wéi méiglech ze weisen, hei, esou geet dat net. Meng Fro ass, ab wéini däerfe mir eng Ordonnance de paiement maachen? Also, geet dat esou wéi am Privaten, wou s de dräi Rappelle méchs an déi däerfs de fréistens all véierzéng Deeg ginn? Wéi ass do d'Procédure legale?

Dann, wat och interessant ass, dat ass, wann ee gesäit, dass Dir och d'Procédures internationales hutt. Dat wollt ech och nach eng Kéier froen. D'lescht Joer hat Dir eis dat gesot, dat waren 112 Prozeduren. Wéi ass et domadder?
An doropshin hunn ech awer och nach eng zousätzlech Fro, well bei deene Suen, déi mer net méi kënnen andreiwen, do steet dann och als Argument „Déménagé(e) à l'étranger, la facture périmée". Meng Fro ass: Wéi laang kënne mer nach? Also ass do och en Delai fixéiert och vum Staat? Eng aner Fro: Bon, den Här Buergermeeschter hat elo gemengt, d'Structures d'accueil stéingen nach dran. Ech hat awer gemengt, et wieren awer vill manner Sue wéi soss, well do hate mer jo och gesot, mir ginn eis do eng nei Prozedur fir d'Erneiere vum Chèques-service méi kohärent ze maachen an d'Leit méi dorobber hinzeweisen. Ech mengen, dat schéngt awer trotzdeem ze fruuchten.

An dann, eppes wat mer net bekannt war, dass bei engem Punkt oder bei engem Schëldner, do steet „Les ASBL sont exemptes de la facturation des déchets ménagers pour leurs besoins propres". An do hunn ech mech gefrot, firwat dat esou ass an ob dat elo mam neien ASBL-Gesetz, ob do iergendeppes ännert? Well ech mengen, wann eng ASBL Aktivitéite mécht an si mécht Knascht, da fannen ech et awer normal, dass déi awer och missten hir Dechete bezuelen, wéi all déi aner och. Wéi gesot, dat sinn e puer Detailfroen. Nach eng Kéier villmools Merci der ganzer Ekipp, fir Är mënschlech a sozial Approche, awer och fir Är Rigueur. Maacht weider esou. Voilà, mir si gespaant, wéi et d'nächst Joer ausgesäit. An och Merci dem Gilbert Loos, wann dat éieren Deng lescht Presenz hei bei eis am Gemengerot ass. Dir och villmools Merci och ëmmer fir déi flott Explikatiounen. An och wann een eppes wollt nofroen, Du ass ëmmer eng Äntwert parat. Villmools Merci an da genéiss Deng Pensioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Froen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech hat elo mol dat Wénke vum Här Loos do interpretéiert, wéi wann et nach net säi leschte Gemengerot wier. Dat heescht ech behalen déi Merci nach zeréck, well soss kréien ech Sträit. Ech hätt Leit hei wëllen an d'Pensioun schécken, iert se prett wieren. An dat ass och ni gutt. E grousse Merci awer un den Här Loos an d'Madamm Bley, dass se hei sinn an op eis Froen och wäerten agoen, och der ganzer Ekipp fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Ech mengen, de Buergermeeschter an och d'Madamm Kayser hu scho grad immens vill gesot, wat ech mer och opgeschriwwen hunn, duerfir maachen ech just e klenge Resümmee. Ech hat am Fong doheem gekuckt gehat, dee vun 2019, an déi war schonn aleng duebel esou héich, dee Restanten, wéi deen, déi mer elo hei gesinn. An dat aleng weist schonn, wéi gutt, dass déi Aarbecht an deem Service do ass an och wéi wichteg, dass et ass, einfach derhanner ze bleiwen an och déi néideg Man- a Womanpower ze hunn, fir deene Saache kënnen nozegoen, fir kënnen ze sensibiliséiere bei deene Leit, déi kéinten a virun allem wéilte bezuelen an awer och do hannendrun ze bleiwen, bei deenen, déi kéinten, mee net wëllen dat Ganzt bezuelen.

Dat heescht, dat ass schonn eppes, wou et einfach Zäit brauch, well ech mengen, dass et net einfach Dossiere sinn, mee dass et allkéiers Fäll sinn, déi komplex sinn, déi musse verstane ginn, déi mussen opbereet ginn a wou ee sech einfach muss eng Strategie iwwerleeën, fir deene Saache kënne gerecht nozegoen. Ech mengen och, dass dat wichteg ass, och an Zukunft, wann dann eng Kéier e groussen Dag vun der Pensioun sollt ustoen, dass do fir en anstännege Suivi gesuergt ass, eebe mat deenen néidege Ressourcen, well ech mengen, hei ass e Service, do kann een am Fong, andeems ee Geld investéiert, méi Geld u sech erëm erakréien, andeems ee sech gescheit do uleet. Dat war et am Fong zu deem dote Volet. Domat hätt ech alles gesot.

Ech hätt och nach zwou Froe gehat, oder dräi, besser gesot, déi ech mer awer och schonn deels selwer wollt beäntwerten, mee net sécher sinn, ob déi Äntwert déi richteg ass. Wéi kënnt et engersäits, dass de Staat als Ministère de la Santé eis Geld schëlleg ass? Dat wier déi éischt. Déi zweet, dat ass bei Liberty Steel, do steet och nach vill Geld aus. Ech mengen, dat sinn ronn 54.000 Euro. Kann dat sinn, dass do nach als Éischt muss ee Keefer fonnt ginn, wéinst der Faillite an eréischt da kréie mer d'Suen eran, well mir um Enn vun der Lëscht sinn, vun deenen, déi dann d'Sue kréien? An dann hunn ech mech gefrot, bei Munhowen ass och nach e Posten, dee relativ déck ass, mat 6.400 Euro, wou ech och elo net genau weess, a wéi eng Richtung dass dat geet. Sou, ech soen op jidde Fall elo scho Merci, fir d'Äntwerten op déi Froen, déi ech mer net selwer beäntwert hunn. A Merci fir Är wonnerbar Aarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, Dir hutt et selwer gesot, um Enn vum Mount hu mer leider Gottes, Bierger hei, déi Problemer hunn, fir d'Enner zesummenzekréien an och domadder hir Rechnung ze bezuelen, wat immens schued an och traureg ass. Dann hu mer awer och déi aner Bierger, déi hir Rechnungen net wëlle bezuelen, wat eng ganz aner Saach ass, an hei muss d'Gemeng all d'Méiglechkeeten notzen, déi se huet, fir hir Suen eranzekréien, wat se sécherlech och mécht. Ech hunn dann heizou awer och eng Fro, an zwar, wat hu mer nach vu Méiglechkeete mat Frais de retard beim Bezuelen, wat een do kéint maachen, fir deem entgéintzewierken an d'Leit e bësse méi ze motivéieren, dass se dann och zäitno dat bezuele wat se sollen.

Dann hunn ech nach en anere Punkt, an zwar wëll ech eisem Receveur a senger Ekipp e grousse Merci soen, fir déi exzellent Aarbecht, déi si maachen. Mir stellen hei ëmmer erëm fest, respektiv ech stellen hei ëmmer erëm fest an där Zäit, wou ech mëttlerweil hei sëtzen, dass de Montant vun de Restante kontinuéierlech erofgeet, wat sécherlech hirer gudder Aarbecht ze verdanken ass. Merci dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech kann dann nees do uknäppen, wou den Här Meyer opgehalen huet, mat de Mercien och vu menger Säit. Ech mengen, dat ass wierklech deelweis warscheinlech eng Sisyphusaarbecht, do wierklech hannendrun ze bleiwen andauernd an et ass warscheinlech och net ëmmer ganz agreabel, virun allem bei deenen, déi eeben net kënnen oder déi mussen decidéieren, wéi eng Rechnung se bezuelen. Dowéinst och vun eiser Säit e grousse Merci. Mir waren 2010 nach net am Gemengerot. 2,1 Milliounen Euro, dat ass schonn emol eng Zomm, do kënne mer dann haut wierklech zefridde sinn. Ech mengen, fir eng Gemeng vun eiser Gréisst, ass dat eng Zomm, wou, voilà, dat ass elo net méi dramatesch, mengen ech.

Mir ass och just bei der Evolutioun iwwert déi lescht Joren eng Fro opkomm, well ech hunn d'Gefill, dass ee Poste wierklech enorm evoluéiert huet an dat ass den Impôt foncier. An de Joren 2020-2021 waren dat 6.000 Euro, dat waren 0,7-0,8% vun de Restanten a säit 2023 ass et dat zéngfacht, also 60.000 Euro oder elo 55.000 Euro an et sinn 10%. Bon, OK, d'Restante ginn och erof, dann ass et och méi e grousse Pourcentage. Mee gëtt et do e spezielle Grond, firwat dat esou explodéiert ass? Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

ROBY GOERGEN (LSAP): Bon, ech wëll mech och dann allgemeng de Mercien uschléissen, dem Gilbert Loos an der Madamm Bley, fir déi exzellent Aarbecht vum Bilan a vum Restanten Etat fir d'Joer 2024, dee kloer weist eng positiv Entwécklung, déi mir als LSAP-Fraktioun och ausdrécklech begréissen. A véier Joer ass de Restant des charges déduites vu ronn 850.000 Euro op 570.000 Euro erofgaangen. Dat ass eng Reduktioun vun engem Drëttel, an et ass keng Momentopnam, mee d'Resultat vun enger kontinuéierlecher, seriöser a professioneller Aarbecht vun eise Servicer. Vill Dossieren, déi nach virun e puer Joer héich Montanten duergestallt hunn, si sougenannt Altlasten, all gereegelt an domadder klasséiert. Dat wat nach opsteet, sinn oft kleng technesch oder temporär Fäll, wat beweist, datt mir mat alle Mëttele versichen, dëse Posten esou kleng wéi méiglech ze halen.

Dës Entwécklung ass d'Resultat, wéi scho gesot, vun enger konsequenter Demarche, déi mir als Majoritéit ënnerstëtzen. Rigueur, wéi och scho gefall ass, transparent a sozial Verantwortung. Mir maachen den Ënnerscheed tëschent de Persounen, déi net kënnen an deenen, déi net wëlle bezuelen. Leit, deenen et net duergeet a wou och näischt ze huelen ass, gi jo souwisou meeschtens och begleet a kréie sozial Ënnerstëtzung. Déi aner mussen da leider mat de Poursuitten a Konsequenze liewen. Dat ass fir eis dee richtege Wee an enger sozial gerechter Gemengepolitik. An esou droe mir och dozou bäi, dass eise Budget am Gläichgewiicht bleift.

Als LSAP hale mir un dësem Modell fest, Rigueur a Begleedung. Ech wëll awer och nach eng Kéier eisem Service am Numm vun der Fraktioun vun der LSAP Merci soe fir hiert Engagement, a sinn iwwerzeegt, datt si mat där selwechter

Disziplin an deem selwechte Fangerspëtzegefill weider un dësen net ëmmer agreabelen Dossiere schaffen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen, d'Wuert geet un den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Just eng kleng Fro. Et ass vläicht kee grousse Chiffer, mee just kann ee vläicht chiffréieren, wéi vill eis déi Frais judiciaires an där heiter Affär iwwerhaapt kaschten?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Gutt, da géif ech hei d'Ronn ofschléissen an ech géif d'Wuert da weiderginn un den Här Loos an d'Madamm Bley. Ech mengen, et ware méi Froen an hir Richtung wéi elo direkt un de Buergermeeschter, dofir fänkt Dir mol un.
Gilbert Loos (Receveur vun der Gemeng Diddeleng): Gudde Moien. Bon, ech wollt just drop hiweisen, vläicht emol kuerz soen, bis 2010 war ech aleng do, fir d'Ordonnancen ze maachen, also fir d'Poursuitten ze maachen. 2020 ass do en Drëtte bäikomm an zum, elo zënter dem éischte Januar ass, si mer elo zu véier, déi d'Poursuitte kënne maachen. Dat hëlleft och fir de Volume erofzedrécken a vill méi effikass kënne géint Debiteuren unzegoen. Ech kommen dann elo op d'Froen.

Zu de Faillitten, do sinn ech elo net drop virbereet, mee si bleiwen ongeféier d'selwecht, well et sinn net ganz vill Clôture-de-failliten. D'Clôture-de-faillitë stinn an der Decharge. An et sinn der e puer bäikomm, mee ech weess elo à chaud net wéi vill.

Dann zu den OPAen. Mir hunn do schonn d'Timelinen. No engem Mount, annerhallwe Mount geet de Rappel eraus, wa méiglech, zwou, dräi Wochen drop geet den Dernier avertissement eraus. Mir maachen nach dotëschent fir déi Debiteuren, wou emol eng Kéier iergendeppes feelt, wou ee mierkt, dass se ëmmer bezuelen, gi mer net direkt mat enger OPA vir, mee da kucke mer och, déi Debiteuren, déi ëmmer dobäi sinn, do maache mer dann och net all zwee Méint OPAen. Well dat ass och enorm vill Aarbecht an enorm vill Suivi ëmmer erëm. Mee soss, also d'OPAe, do kann een awer soen, dass mer spéitstens no dräi, véier Méint d'OPAe maachen. Ech hat och dëst Joer zum Beispill dat éischt Joer, wou ech eng OPA oder OPAen ënnerschriwwen hunn, dass ech am Mee OPAen ënnerschriwwen hunn, vu Rechnungen, déi 2025 erausgaang sinn. Also mir kommen elo vill, vill, vill méi no bäi. D'Rechnunge lafen no fënnef Joer of, d'Preskriptioun ass fënnef Joer.

Dann, vun den ASBLen, do ass eng ASBL, déi an engem Haus vun der Gemeng ass. An do, dat ass awer scho méi laang, an do ass gesot ginn, och déi ASBL brauch net d'Déchetménageren ze bezuelen, esou wéi déi aner Clibb och, esou wéi e Sportsclub keng Déchete bezielt an de Sportssall an esou. an och kee Gas bezilt oder esou. An hei war dat de Fall an do war d'Fro opkomm, mee et ass awer schonn e bësse méi laang, wou dat awer schonn decidéiert och ginn ass. Ech hunn et elo eréischt an d'Decharge gehäit, effektiv. Da kommen ech op dem Här Steffen seng Froen. De Ministère de la Santé, dat ass eng komesch Situatioun. Déi haten am November 2024 de Sall gelount am Hall polyvalent. D'Rechnung ass awer eréischt Enn Februar erauskomm, dat Joer drop. Do war hire Budget 2024 scho fort. 2025 war et ze spéit, fir Budget nozestëmmen. A si soten, mir kënnen deen elo eréischt 2026 bezuelen. Dat heescht, déi Rechnung bleift esou op.

Munhowen ass eng Saach vu Sponsoring, wou d'Diskussioun leeft zwëschent dem Centre culturel an dem Munhowen, ob si 2024 déi ze bezuelen hunn oder net. Do muss ech ofwaarden, do sinn ech och a Kontakt mam Centre culturel, mam Direkter, wou ech en ëmmer erëm relancéieren, hei wat geschitt dann elo domadder? Dat geet dann iwwert den Déngen eraus.

Liberty Steel, do kann ech dann der Madamm Thoma direkt mat äntweren. Liberty Steel ass d'Grondsteier, dat sinn, mengen ech, 46.000 Euro Grondsteier. Da kommt Dir op de Montant, wat d'Grondsteier elo eropgaangen ass, firwat déi eropgaangen ass. Liberty Steel, jo, do waarde mer drop, ech hunn elo d'lescht Woch vum Ministère de l'Économie héieren, dass si dat awer elo iwwerhuelen, also, dass si den Terrain iwwerhuelen, dat heescht, mir hunn eng Hypothèque occulte mat der Grondsteier do drop, dat heescht déi Suen, do si mir privilegiéiert, déi Sue vun der Grondsteier hu mir zegutt, egal wat, also déi kréie mer nach eran, soudass Liberty dann d'nächst Joer hoffentlech an d'Rei geet, well dëst Joer fält se och elo nach un. Elo net méi spéit wéi an zwou Woche schécke mer dem Curateur eng Rechnung erëm vun 48.000 Euro an déi kéint warscheinlech ausser der Vente oder virum 30. Abrëll d'nächst Joer, mee soss schleefe mer déi och erëm mat an dat Joer drop.

Zu de Fraisen, do kann ech soen, mir froen 10 Euro Fraisen um Dernier Avertissement. Et ass schwéier fir déi anzekloen, well d'Justice de paix, wa mer déi op d'Ordonnance schreiwen, accordéiert eis déi ni. Ni. Wat mir awer op d'OPA froen, dat si 50 Euro Fraisen. Déi kréie mer zimmlech, do hunn ech elo de Chiffer net hei, mee dat kann ech Iech awer noreechen, wat mer pro Joer op d'Fraise vun de Rappeller kréien, op d'Fraise vun den Ordonnancë kréien.
Wa mer et och da weidergi bei den Dierwiechter, da kréie mer zousätzlech och nach Zënsen drop. Déi Zënsen ausrechnen, dat maachen ech net, dat kann ech net. Dat ass esou ëmständlech. Duerfir, wann et awer bis bei den Dierwiechter geet, do ass et kloer, do kréie mer souguer nach Zënsen drop. Och dat kann ech awer noreechen, en Tableau noreechen, wat mer an deene leschte Joren esou vu Fraise kritt hunn.

Här Ganger, Dir hutt gefrot wat mer nach u Méiglechkeeten hunn. Ech gesinn elo net, wéi mer nach méi Drock kënne maachen. Ech hoffen, dass ech elo op all d'Froe geäntwert hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Gilbert Loos fir alleguerten déi Äntwerten, dat ass d'effektiv Erklärung zu deene verschiddene Froen, déi hei vun de Conseillere gestallt goufen. Ech wollt just op eppes reagéieren, par rapport zu de Structures d'accueil, well d'Madamm Kayser nach eng Kéier drop agaange war. Ech hat effektiv gesot, de Montant ass nach

ëmmer do, et ass nach ëmmer am Restanten, mee effektiv geet et erof well mer do d'Prozedur geännert hunn. Dofir gesäit een och dëst Joer am Restanten nach ëmmer, dass en Deel op ass um Niveau vun de Structures d'accueil, mee dass effektiv de Montant par rapport zu deene Jore virdrun effektiv ofgeholl huet, wat jo och positiv ass,  dat weist jo och, dass déi Approche, déi mer ageleet hunn, hir Friichten dréit.

Dann, wéi gesot, wäre mer hei zum Schluss vun der Diskussioun ukomm an da wéilt ech elo hei de Gemengerot froen, wien dem Receveur respektiv dann och dem Schäfferot gréng Luucht gëtt, fir dass mer déi dote Sue weider kënnen andreiwen, déi opstinn an déi awer net onwichteg si fir de Gemengebudget. Wien ass domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci. An et kann och eis Recette gestäerkt do weiderschaffen. Merci och dem Gilbert Loos an dem Nathalie Bley fir hir Presenz haut de Mueren hei am Gemengerot.

**3.6. Approbatioun vun der Erklärung vun den net reglementéierte Recettë fir d'Budgetsjoer 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer, dat sinn d'Recettes non règlementées, déi hu mer och all Joer hei virleien. Dat sinn alleguerten déi Recetten, déi net previsibel waren, déi mer dofir dann och hei am Ordinären drasetzen. Dat sinn déi Recette an der Héicht vun 224.042,81 Euro. Dat ass klassesch, wéi all déi Joer virdrun och ëmmer, wéi gesot, de Remboursement, dee mer kréie vun de Frais de publication par rapport zu Enquêten, déi mer maachen. Dat heescht, den Affichage respektiv d'Avis Comodo-Incomodo. Dat ass och de Remboursement vu Fraise vun Assurance, wann effektiv Dégâte waren um Fuerpark vun der Gemeng duerch Drëttpersounen, dann awer och effektiv d'Méiproduktioun vun de Fotovoltaiksanlagen, déi mer hunn, d'Vente och vu verschidde recycléierte Materialien an awer och am Kader vun de Manifestatiounen Sponsoring, dee mer och do kréien. Wéi gesot, dat mécht, dat si Positiounen, déi 224.042,81 Euro ausmaachen. Voilà. Dat och zu deenen doten Erklärungen. Ass dat fir de Gemengerot esou an der Rei? Gëtt et Remarken, Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn elo just e Verglach gehat, Remboursement des frais pour dégâts causés par les tiers. Dat ass jo och, wann ee Saachen ewechgehäit an d'Natur an da gëtt erausfonnt, wien dat war an do hu mer elo déi 31.659 Euro hei drastoen. Mee wann ech kucken am Restanten Etat, do steet da ganz genau, dass 5.339 Euro och nach dovunner ausstinn. Do gesäit en effektiv heiansdo, wéi onseriö d'Leit awer sinn. An ech mengen, si maache schonn eppes zum Onwee an da bezuelen se et emol nach net. Dat ass e bëssen traureg.

Dann hunn ech awer eng Fro. Mise à disposition de matériel et de main d'oeuvre ateliers communaux. Wéi muss ee sech dat virstellen? Ass dat wa Privatleit ee froen, fir eng Hëllef ze kréien oder engem e Service mécht? Ech weess elo zum Beispill de Fall vu Leit, déi hate gesot, jo, mir wollten eist Graf botzen zu Diddeleng an do hu mer mol gefrot bei der Gemeng, wien si dann ëmmer huele fir déi Saachen. An do huet e Gemengenaarbechter gesot „Ech maachen der dat" an de Mann krut awer ni eng Rechnung. En huet dem Här gesot „Oh, dat kascht 50 Euro". An do huet deen deemjéinegen déi Sue ginn an hie krut awer ni eng Rechnung dofir. Dofir ass meng Fro, wéi leeft dat do genau of? Ass dat dat? Mise à disposition de main d'oeuvre?
Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Nach weider Froen? Bon, ech hu keng Kenntnis vun esou enger Situatioun, muss ech hei soen, mee ech hunn awer interesséiert hei nogelauschtert. Bon, dat heiten ass e Montant vun enger Mise à disposition de matériel et de main d' oeuvre vun 218 Euro. Ech weess elo net genau, wat dat ass, wat déi 218 Euro do ausmaachen. Ech muss dat eng Kéier nokucken, wat dat genau wär. Ech hunn elo do.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Kanal, kann et dat sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, Kanal, do gëtt eng Tax. Ech muss dat nokucken, ech kann dat noliwweren. Merci. Mir kucken dat no.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Dat kann och eventuell sinn am Kader vum Spullweenchen, do hu mer jo dann de Veräiner an de Privatleit, déi dee kréien an do ass jo dann eng Kautioun ze bezuelen, fir wann de Spullweenchen nëmmen an deem Zoustand erëmkënnt, an deem mer e geliwwert hunn, dat heescht virun allem d'Porzeläin an all déi Geschichten, mussen d'Leit dann eebe bezuelen, et kann dat sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech kucken dat nach eng Kéier no a ginn ech do d'Erklärung, wat déi 218 Euro ausmaachen. Voilà. Et ass e klenge Montant. Am Verglach zu deenen aneren Elementer ass et e klenge Montant, mee effektiv, jo, ech kann dat nofroen.
Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.
Wien ass mat deene Recettes non réglementées averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.
Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass d'Fixatioun vum Impôt commercial.

**3.7. Festsetze vum Taux vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2026.**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir wësst, dass beim Impôt comcercial d'Gesetz eng Spannbreet virgesäit vun 225 bis 350 Euro. Mir haten an der Finanzkommissioun, déi mer d'lescht Woch haten, doriwwer diskutéiert, mir sinn ëmmer an de leschte Jore bei 350 Euro bliwwen. An dofir ass och d'Propos hei, bei deenen 350 Euro och ze bleiwen. Et ass jo de Gemengerot, deen dee Gewerbersteiersaz hei fixéiert. Mir leie bei deem Maximum. Dir gesitt och, wat dat als Montant jo dann och ausmécht fir d'Gemeng. Hei hu mer eis och baséiert op d'Circulaire, déi mer kritt hunn am Kader vun der Mise à jour vum PPF. Esouvill zu den Erklärungen zum Impôt commercial, zu der Gewerbersteier an em Hiewesaz, déi mer hei fixéieren.

Si Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass

domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech Merci a mer ginn op den nächste Punkt iwwer. Dat ass den Impôt foncier.

### 3.8. Festsetze vun den Tauxe vun der kommunaler Grondsteier fir d'Joer 2026

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): D'Grondsteier fir d'Stad Diddeleng, wou mer och hei fixéiere fir d'Joer 2026, wéi gesot, 2025 den Taux, deen 2026 applizéiert gëtt. Mir hunn eis och do op d'Circulaire baséiert, wou mer dann estiméieren, dass dat 1.170 Euro kéint si fir de Budget 2026. Ech ginn nach eng Kéier op déi Punkten an. Mir hunn d'verschidden Tauxen, déi mer hei ze fixéieren hunn am Gemengerot. D'Kategorie A, dat ass alles, wat agricole ass a forestier, dat si 500 Euro. D'Kategorie B1, Constructions industrielles commerciales, dat si 750 Euro. D'Kategorie B2, Constructions à usage mixte, dat si 500 Euro. B3, Constructions à autre usage, dat sinn 250 Euro.
B4, dat ass de Gros, Maisons unifamilliales, Maisons de rapport, dat sinn 250 Euro. B5, Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation, dat si 500 Euro. An dann de klassesche B6, wou mer dann hei 1.600 Euro proposéieren, wou mer d'lescht Joer 1.400 Euro jo proposéiert haten.

Also mir ginn hei, sou wéi mir et och an der Finanzkommissioun beschwat haten, erëm eng Kéier ëm 200% an d'Lucht. Ech mengen, Dir wësst, 2020 louche mer bei 600%, do hu mer den Taux op dee fixéiert, 2021 bei 800, 2022 bei 1.000, 2023 bei 1.200, wéi gesot, 2024 fir 2025 fixéiert bei 1.400, an elo, wéi gesot, bei 1.600, also erëm effektiv hei kontinuéierlech d'Volontéit, wéi gesot, hei den Drock weider héichzehalen, progressiv och eng Erhéijung ze maachen. Also bei deenen aneren Tauxe bleiwe mer d'selwecht, just beim B6, wéi gesot, gi mer op 1.600 Prozent erop. An et ass och dat, wat mer, wéi gesot, an der leschter Finanzkommissioun och majoritär mol esou als Propos zeréckbehalen hunn. An d'Diskussioun ass op.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, mir kommen alleguerten net dolaanscht. Ech fille mech och mëttlerweil wéi de Cato, den Eeleren, dat war e réimesche Staatsmann am 2. Joerhonnert viru Christus, an an all Sëtzung vum réimesche Senat huet en dovunner geschwat, Carthago ze zerstéieren. An op all Punkt vum Ordre du jour huet e seng Ried opgehale mat: „Ceterum censeo carthaginem esse delendam".
Naja, den Här Gangler huet et elo schonn eng Kéier gesot. Och sinn ech der Meenung, dass Karthago muss zerstéiert ginn. Ech selwer kann elo mat imperialistesche Fantasien net immens vill ufänken, mee mäi réimescht Räich, dat ass eis Logementskris, wat d'Haaptursaach ass vun der Aarmut hei am Land an och vun den Inegalitéiten.

De Problem vun der Logementskris ass eebe grad, dass mer e Mangel un Terrain hunn, e Mangel u Bauland, net well mer e klengt Land sinn, wat ee kéint mengen, mee well d'Bauland aus Spekulatiounsgrënn bewosst zeréckgehale gëtt. Dat ass mëttlerweil wëssenschaftleche Konsens hei am Land. Den Antoine Paccoud, Expert vum LISER, dee schwätzt vun engem kollektive Frein an e stellt d'Fro, wéi eng Muecht mer eenzelnen zouschwätzen, déi hir Dominatioun notzen, fir anerer auszeschléissen. A säin Doktorand, deen iwwreg Sekretär vun der LSAP Diddeleng ass, dee schwätzt vun e puer Dose Familljen, déi de Gros vum Bauland hei zu Diddeleng besëtzen an déi keen Interêt hunn, fir dat Bauland ze verkafen. An hie seet, doduerjer, dass se den Terrain halen, hu se eng Kontroll iwwert d'Stadentwécklung an iwwert déi sozial Zesummesetzung hei zu Diddeleng.

Sou, wat maache mer, wa mer dee Constat hunn, fir déi Kontroll dann iwwert Diddeleng an hir sozial Zesummesetzung zeréckzehuelen? Zu Esch, an dësem Moment, mengen ech, ass am Gemengerot op Initiativ vun der LSAP an iwwregens vun hirem nationale Generalsekretär eng Diskussioun iwwert d'Mobiliséierung vun enger Leerstandssteier, déi et scho gëtt, mee déi net ëmgesat gëtt, an d'Aféierung vun enger Mietpräisbrems. Hei zu Diddeleng, hei konzentréiere mer eis dann de Moment op den Impôt foncier, mee och do hu mer jo en Instrument. Mir hunn de B6, dat ass schonn ugeschwat ginn, de B6, dee besteiert Bauland, dat kéint bebaut ginn, mee dat eidel läit, dat heescht, dat bewosst zeréckbehale gëtt, an dat ass an eisen Aen e Luxus, dee mer eis net méi kënne leeschten.

De B6, och dat huet den Här Buergermeeschter gesot, dee gëtt säit e puer Joer lues, awer konstant opgehuewen, an dat ass och op eis Initiativ, dat begréisse mer och, mee mir sinn awer der Meenung, dass et ze lues ass, well et kee politescht Signal weist, et weist kee politesche Wëllen, fir elo wierklech de Problem vun der Baulandspekulatioun unzegoen. Mir sinn eis eens, dass et dofir och national Instrumenter brauch, mee mir hei am Gemengerot zu Diddeleng hunn eeben nëmmen déi Instrumenter, déi mer de Moment hunn, an do menge mer, dass mer déi misste méi seriö an d'Hand huelen. An dowéinst hu mer och an der Finanzkommissioun nach eng Kéier gefrot fir de B6 op 4.000% ze erhéijen amplaz nëmmen ëm 200% op 1.600% ze erhéijen.

An eisen Ae kënnt et kee valabelt Argument do dogéint, well déi kleng Leit, déi sinn net wierklech betraff. Et ass och kee grousse finanziellen Impakt. Ech mengen, och dat muss ee sech bewosst sinn. Och wa mer op 4.000 oder souguer wa mer géifen op 15.000 goen, hätt et kee groussen Impakt. Mee et géing zumindest en Zeeche setzen. Soss kënne mer et am Fong och ganz si loossen. Mer kënnen et och op 500 setzen. An dann hu mer och näischt gewonnen. Dann huet et och kee groussen Impakt, mee et wär eeben e politescht Zeechen. An och d'Jurisprudenz vun Dikrech ass an eisen Ae kee valabelt Argument. Well mir wëllen op 4.000 % héijen, net op 15.000%, dat ass dann awer en aneren Ordre de grandeur. Dovun ofgesi gëtt et de 4.000 schonn, dat ass nämlech den Taux, dee Schëffleng de Moment huet.

Dass mer elo net op de selwechte Wee ginn, wéi Dikrech, déi jo effektiv verluer hu viru Geriicht mat hiren 15.000, dat ass novollzéibar, mee mir mengen, dass een awer kéint e bësse méi ee substanziellen a strukturelle Choix huelen an dat upassen. Dowéinst froe mer dann e Vote séparé, fir iwwert de B6 ofzestëmmen. A ceterum censeo brauche mer och nach ëmmer eng progressiv Mobiliséierungstax. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools. Merci der Madamm Thoma, fir d'Punkten op den I gesat ze hunn. Ech haken do un, wou s de opgehalen huel, de B6, Impôt foncier, fir déi eng éischter eng onpopulär Mesure, ech denken elo un d'Politiker, a fir déi aner eng populär Opportunitéit, fir kënnen effektiv fir d'Logementskris eppes ze maachen. Wéi oft schwätzt d'Regierung vun engem Leerstand oder enger Grondsteier? Et kann een net lokal eng Stellung huelen, ouni eeben déi national Diskussiounen ze erwänen. D'Regierung huet mat hirem geännerte Gesetzesprojet zur Reform vun der Grondsteier an zur Aféierung vun der Mobiliséierungssteier eng wichteg Geleeënheet dës Kéier verpasst, fir konkreet géint Baulandspekulatioun virzegoen.

Amplaz kloer Reegelen, fir all onbebaute Bauterrainen anzeféieren, presentéiert en neien Text eng ofgeschwächt Versioun vun deem, wat schonn déi viregt Regierung u sech scho geplangt hätt. Den Text huet och keng kloer Bandbreet fir déi kommunal Grondsteier. Dat ergëtt, dat all Gemeng fräi kann dat maachen, wat se wëll, an dat ergëtt am Fong e Flickenteppech. An eisen Ae soll d'Zil net sinn, dem klenge private Proprietär eppes ewechzehuelen oder déck ze besteieren, mee éischter, wéi och d'Madamm Thoma gesot huet, déi Groussgrondbesëtzer an oft Promoteuren ze motivéieren, eppes mat hiren Terrainen unzefänken. Vill eidel Terrainen si schonn am Bauperimeter, dat heescht viabiliséiert, dat heescht, Infrastrukture leie scho prett a waarden nëmmen drop, datt et gebaut gëtt. A mir bleiwen der Meenung, datt déi ëffentlech Hand, vläicht souguer mat de private Promoteuren, kann eppes mat dësen Terrainen ufänken. E Bail oder vläicht e Bail emphithéotique, deen op 15, 20 Joer geet, wat och Previsibilitéit fir den eenzelne Proprietär gëtt, ka schonn duergoen, fir datt ee mat alternativ Bauweisen, zum Beispill modulare Bauweisen, eppes ufänkt.

Mee dofir mussen d'Leit, deenen Terraine gehéieren, an ech schwätzen elo och vun deene Privaten, well meeschtens sinn d'Promoteure relativ gutt informéiert, mussen déi Leit opgekläert ginn. A si vläicht och mat der Hand geholl ginn, wéi eng Méiglechkeeten et ginn. A wéi gesot, et soll éischter e Kompromëss sinn zwëschent ëffentlech a privat, mat der Hëllef vun de private Promoteuren. Mir begréissen natierlech och, datt mer progressiv Erhéijungen hei wäerten hunn. Déi hu mer scho virun e puer Joer matgestëmmt. Déi droe mer och mat. Mee mir sinn awer och der Meenung, datt een duerchaus hätt kéinten, oder kéint nach ëmmer, méi grouss Schrëtt maachen. Fir eng sozial gerecht an nohalteg Wunnengspolitik brauch een ebe Courage an net Kompromësser, déi op Käschte vun der Allgemengheet ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir Interventioun. Weider Interventiounen?

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. D'Grondsteier, déi mir als Gemeng eranhuelen, ass elo net dat, woumat mer onbedéngt vill Recettë wëlle generéieren, mee soll iergendwann duerch e méi gerechte Berechnungsmodus hëllefen, géint d'Spekulatioun ze agéieren an och eidelstoend Parzellen ze mobiliséieren. Mir erwaarden eis do ganz vill vun de Projeten, déi ënnert der Fiederféierung vun der deemoleger Inneministesch Taina Bofferding deposéiert goufen, nodeems bal achtzeg Joer kee Minister de Courage hat dat unzepaken. Diddeleng huet an de leschte Joren eng kloer a konsequent Linn verfollegt a kontinuéierlech den Taux an der Kategorie B6 ëm 200% erhéicht.

Mir stinn natierlech als Fraktioun hannert deem a stëmmen dëser konsequenter Erhéijung vum Taux vu 1.400 op 1.600 Euro zou. Dat ass kee radikale Sprong, jo, mee eng konsequent moossbar a legal Fortsetzung vun där Politik, déi mir 2020 hei ugefaangen hunn. Dëst och am Sënn vum Pacte Logement, an der Linn vun deem, wat d'Grondsteierreform ënnert der LSAP-Regie an der leschter Regierung ugeduecht huet. Eng iwwerdriwwen Erhéijung vum Taux kéint also disproportionéiert ugesi ginn an ugesicht ginn, wéi d'Jurisprudenz, et ass virdru gefall, de Fall Dikrech gewisen huet. Dës Approche kombinéiert also als Moossnam géint Spekulatioun, juristesch Sécherheet a finanziell Virsiicht. Déi konsequent progressiv Erhéijung huet sech bewisen, si ass effikass, gerecht a mer huelen och als Gemeng eis Verantwortung, fir ënner anerem géint d'Logementskris lokal ze agéieren. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Goergen.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hale mech dann och nach eng Kéier ganz kuerz. Also, mir klammen an der Kategorie B6 vun 1.400% op 1.600 %. Bei dësem Punkt gi mir also kontinuéierlech an d'Luucht a verfollege weiderhin eis Strategie, fir den Impôt foncier op Bauterrain kontinuéierlech awer och verstänneg an d'Luucht ze setzen. A jo, dës Steigerung ass genau esou, wéi et och schonn d'lescht Joer war- kuckt een de Prozentsaz vun der Augmentatioun - net näischt an et kann een op dëser Plaz dann och ëmmer eng Kéier erwänen, dass d'Diddeleng, wat de Prozentsaz bei der Kategorie B6 ugeet, awer bei deene Gemenge läit, wou dësen am héchsten ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer, sinn nach weider Stellungnamen? Jo, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just ee Wuert. Mir si ganz averstane mam Här Buergermeeschter senger Prise de position a mir ralliéieren eis dorunner a mir sinn zefridden, wéi dat decidéiert gouf an der Finanzkommissioun, oder proposéiert gouf an der Finanzkommissioun. Mir stinn do derhannert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Merci, Madamm Kayser. Ech mengen, et huet jiddereen konnte seng Positioun duerleeën. Duerfir och nach eng Kéier Merci. Ech géif vläicht op verschidde Punkten agoen. Ech deelen net d'Aschätzung, dass mer hei kee politescht

Signal ginn, wéi d'Madamm Thoma sot, wann ech kucken, dass mer säit 2020 kontinuéierlech 200% eropginn, mengen ech, weise mer ganz kloer e politescht Signal.

Ech mengen, an där ganzer Diskussioun ronderëm d'Mobilisatioun vum Bauterrain ass et richteg an déi eng hunn sech Méi gemaach, déi aner vläit och net, et ass effektiv ganz interessant, déi Contributiounen ze liesen, vum LISER, vum Här Paccoud a vum Här Flores, sou generell wat d'Land concernéiert, respektiv wat Diddeleng ugeet an effektiv mam Constat, dass eng ganz Rei Terrainen an Hand vun e puer Famille sinn. Dat sinn natierlech Analysen, déi e Centre de recherche public mécht. Dat anert, Madamm Thoma, ass d'Realitéit effektiv vun der Jurisprudenz. A wann Dir hei sot, dass d'Jurisprudenz kee valabelt Argument ass, da muss ech mer d'Fro stellen, wat Äre Sënn vun der Rechtsstaatlechkeet dann awer ass. Well d'Jurisprudenz, wann déi eng Kéier awer d'Applikatioun ass, da musse mer dat awer och iergendwéi zeréckbehalen. Dat ass net fir sech iwwert d'Jurisprudenz ewechzesetzen. Dofir hu mer jo grad d'Jurisprudenz. Déi ass jo do, fir sech dorunner ze orientéieren. An d'Jurisprudenz huet jo awer hei de Prinzip och an de Vierdergrond gesat vun der Proportionalitéit.

A mir orientéieren eis hei un der Proportionalitéit. Mir gi konsequent 200% an d'Luucht. Also, fir mech ass d'Jurisprudenz ganz kloer e valabelt Argument. Hei ze soen, d'Jurisprudenz ass kee valabelt Argument, bon, dat stellt jo dann och e bëssen d'Decisioun vun de Geriichtsbarkeeten a Fro, wann Dir dat hei esou sot. An effektiv, wa mer deem net méi solle Rechnung droen, da kënne mer jo op verschidden Niveauen der Jurisprudenz net méi Rechnung droen. Also och d'Jurisprudenz, wou mengen ech ganz vill Decisiounen, déi administrative Charakter hunn a wou jo och d'Autorité de tutelle sech wäert drun orientéieren, fir deem hei Rechnung ze droen, där Augmentatioun oder net deemno wéi eng Decisioun, dass een och hei hëlt. Also ass et, mengen ech, scho kloer, dass mer hei eis un der Jurisprudenz sollten deementspriechend orientéieren.

A wann et ech dann awer e Bléck werfen, ech weess jo net wéi déi aner Gemengen elo den Taux fir 2026 wäerte fixéieren, mee wann ech kucken, dass mir jo dann 2025 bei 1.400% louchen. Ech kucke Beetebuerg, déi louche bei 1.000%. Déifferdeng bei 600%, Péiteng bei 600%, Kayl bei 340%,  Rëmeleng bei 1.000%, Schëffleng effektiv bei 4.000%, mee do muss een natierlech och kucken, wéi si déi Progressioun déi lescht Jore gemaach hunn. An ech mengen, dat ware 4.000% och virun der Jurisprudenz, déi geschwat gouf. Suessem 600%. Réiser 1.000%, Esch, wéi gesot, 1.200%. Da leie mer mat deenen 1.400% fir 29025 an deenen 1.600%, déi mer elo da setze fir 2026, mengen ech, ganz kloer an enger Progressivitéit, an enger Kontinuitéit vun deenen 200%, déi mer och hei aschreiwen. Ech mengen, dass mer dann also hei ganz kloer en Zeeche setzen.

Mir kënnen och ganz gären, wéi gesot, e Vote séparé maachen. Mir sinn eis awer alleguerten heibannen eens, dass en attendant, wéi gesot, dass de Projet de loi, deen deposéiert gouf vun enger viregter Regierung, deen amendéiert gouf vun enger aktueller Regierung, dovunner kann een elo halen, wat ee wëll. Fir déi eng ass et ofgeschwächt, fir déi aner geet et net wäit genuch par rapport engersäits zu der Grondsteier, zu der Mobiliséierungssteier, zu der Leerstandssteier. Et si jo déi dräi Elementer, déi am Raum stinn. Ech mengen, et ass ganz kloer awer nach ze betounen, an da si mer hei eis alleguerten eens, dass mer eng national Léisung brauchen, grad eebe bei der Grondsteier an déi Prinzipienelementer vun der Aschätzung vun den Terrainen am Kader vun den neie PAGen, déi mer eis ginn hunn, unhand awer och vun der Proximitéit zu der Stad Lëtzebuerg, wat och d'Valeure vun den Terrainen sollt bestëmmen, well mer jo aktuell an där kokasser Situatioun sinn, där kënnt zwee bebaubar Terrainen hunn an enger Strooss, an déi zwee bebaubar Terrainen, no där Logik vum Gesetz vun 1941 an zu der Valeure vun 1941 gi komplett verschidde besteiert, och wa se bebaubar sinn.

Ech mengen, och dat hunn d'Analyse jo ganz kloer erausbruecht beim B6 am Kader vun der Opriichtung vum Impôt foncier. Also brauche mer hei ganz kloer national Léisungen, fir ganz kloer dee Kader ze setzen, och wann dee Prozentsaz am viregte Projet de loi bei den Amendementer elo ewechgefall ass an do d'Gemenge fräi Hand hunn hiren Taux ze setzen, komme mer awer och duerch déi nei Gesetzgebung méi no zu der Realitéit. En attendant, hei d'Volontéit ganz kloer, progressiv weider an d'Luucht ze goen. A wéi gesot, ech deelen och d'Aschätzung vun deenen anere Kolleegen a Kolleegen, déi och déi Aschätzung deelen, dass mer progressiv hei solle weiderfueren. Ech géif da proposéieren, dass mer zu deem Vote séparé kommen an dass mer dann zwee separat Votten huelen, vum, wéi gesot, B1 bis de B5 an dann de B6 separat. Dat dozou. Mee d'Madamm Thoma, kann ech mer virstellen, wollt reagéiere par rapport zu der Jurisprudenz. Wannechgelift, Madamm Thoma, ech bieden Iech.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Dir kënnt Iech dat jo denken, dass ech dat elo net esou ka stoe loossen. Ech mengen, mir hunn am Fong eng ganz konstruktiv Debattekultur heibannen. Mee wann Dir mer elo virgeheit, ech géing de Rechtsstaat net respektéieren, da komme mer e bëssen op e komescht Gefillden eraus. Also, ech hu gesot, d'Jurisprudenz vun Dikrech wier fir eis kee valabelt Argument. An ech hunn duerno argumentéiert, firwat ech dat mengen. Mir hunn d'Fuerderung deemools vun Dikrech iwwerholl a mir hunn als déi Lénk Diddeleng ëmmer gefrot, och de B6 op 15.000 ze hiewen. Bon, et huet sech elo erausgestallt, dass d'Geriichter geschwat hunn, dass dat onproportional ass an dass dat gekippt ginn ass an dat respektéiere mir selbstverständlech. An dowéinst hu mer eis Fuerderunge jo och ugepasst. Ech hu gesot, dass déi Jurisprudenz awer elo net ka gëlle fir all strukturell Erhéijung. A wa mir vu 1400 op 4000 wëlle klammen, en Taux, deen et scho gëtt zu Schëffleng, dann ass dat net dat selwecht, wéi ze soe mir wëlle vun 1.200 oder vun 1.000 op 15.000 eropgoen.

Dat heescht, selbstverständlech respektéiere mir d'Jurisprudenz an de Rechtsstaat. Mir mengen awer trotzdeem, dass een dat Argument elo net kann notzen, fir weider politesch Decisiounen ze huelen. An ech mengen, Dir hat dat och esou verstanen, Här Buergermeeschter.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir Är Kloerstellung an Äre Plädoyer zu der Rechtsstaatlechkeet. Dat ass mengen ech ganz gutt esou a freet eis dat och esou ze héieren. Effektiv hunn ech och net aneschters effektiv analyséiert. Natierlech muss ee jo och ëmmer unhand och vun der Jurisprudenz kucken, a wéi fern déi Proportionalitéit sech och deementspriechend aschreift. An déi Proportionalitéit schreift sech jo och an en historesche Kontext a vun Haussen, déi stattfonnt hunn. Dofir muss ee jo och kucken, wa Schëffleng elo bei 4.000 % ass, dat huet jo och en historeschen Hannergrond. An et huet jo och eng Rei Haussë gemaach. A wéi gesot, eis Proportionalitéit schreift sech an déi historesch Approchen, déi mer haten säit 2020 eeben 200% an d'Luucht ze goen. Do maache mer zwou verschidde Lektüren.

Mee wéi gesot, mir gesinn awer, dass et wichteg ass, weider den Drock héich ze halen, och wann deen Drock aneschters dann hei an de politesche Bänken interpretéiert gëtt. Da géif ech proposéieren, dass mer zu deem Vott iwwerginn. Zwee Votten. Den éischte Vott ass, wien ass mat deene proposéierten Tauxen, déi mer hei virleien hunn, vum B1 bis bei de B5 averstanen. ***Dat ass unanime.*** Dat ass de Fall.

Wien ass mam B6 mat den 1.600% averstanen? ***Dat sinn déi Gréng. Dat ass d'LSAP. Dat ass d'CSV. Dat ass den ADR. An dat ass d'DP. Wien ass net domadder averstanen? Dat sinn déi Lénk.*** Voilà, villmools Merci fir déi konstruktiv Debattekultur. An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. An dat ass d'Modifikatioun vum Gemengereglement iwwert d'Kierfechter.

# 4. KIERFECHTER

**Approbation vun den Ännerunge vum Gemengereglement iwwert d'Kierfechter**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, do ass et esou, mir hate jo d'Modifikatioun vum Gemengereglement iwwert d'Kierfechter jo hei den 31. Mäerz hei am Gemengerot. Do hu mer Modifikatioune gemaach unhand vun enger Circulaire, déi iwwert de Ministère de l'Intérieur un eis erugedroe ginn ass, par rapport zu Recommandatioune vum Gesondheetsministère. Déi Modifikatiounen, deenen hu mer och integral hei Rechnung gedroen am Mäerz 2025. An dat hu mer och hei gestëmmt, unanime, an dat hu mer och an de Ministère de l'Intérieur geschéckt.

An natierlech huet de Ministère de l'Intérieur net nëmmen déi dote Modifikatioune gekuckt, mee en huet natierlech dat ganzt Reglement op de Leescht geholl. An effektiv huet sech erausgestallt, bei deem dote Reglement, an dofir gouf et eng Annulation partielle vum Reglement, déi eng Modifikatioune goufen natierlech guttgeheescht, awer eng Annulation partielle par rapport zu effektiv enger Rei Punkten. Dat huet de Ministère de l'Intérieur am Juli 2025 gemaach an eis och matgedeelt. Dofir wollte mer dat dann och hei an de Gemengerot bréngen, fir déi Modifikatiou-



nen ze maachen, well mer och nach Récksprooch haten, en attendant, ebe mam Ministère de l'Intérieur. Et sinn eng ganz Rei Elementer hei, wou am Kierfechtreglement si mussen erausshuelen, well engersäits eng Peine de police drop stoung op Saachen, wou mer am Fong an eisem Reglement iwwert d'Sanctions administratives communales drastoen haten, dass se administrativ solle geaant ginn.

Et ass eng Technizitéit, déi net onwichteg ass, well eng Infraktioun kanns de net souwuel Peine de police, dat geet jo dann iwwert d'Geriicht, eng Sanction administrative huet jo eng aner Approche, et gëtt jo dann administrativ eng Amende geschwat. Du kanns net eng Infraktioun zweemol op verschidden Aart a Weis bestrofen, soudass mer dann hei deen „Toilettage" da virhuelen an eeben déi Dispositiounen, wou hei nach d'Peine de police dra steet, erausshuelen, well se an deem anere Reglement stinn iwwert d'Sanctions administratives communales an do och kënnen, wéi gesot, administrativ geaant ginn.

Et ass am Fong deen Deel, dass Hënn net däerfen an de Kierfecht goen, respektiv wann een do géif dann Ornamenter futti maachen, do ass hei am Reglement nach eng Peine de police, mir wëllen déi awer administrativ sanktionéieren, soudass mer dann och dat hei erausshuelen. Voilà, et sinn am Fong déi zwee Haaptelementer, deene mer hei Rechnung droen. A wa mer dat da maachen, dann dierf näischt méi am Wee stoen, dass mer eng Autorisation complète kréie vun dësem Reglement. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt.



## 5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

**Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun 2025/2026 fir den Enseignement fondamental**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun an dofir ginn ech hei dem Josée an den Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci, Här Buergermeeschter. Bei eis begréissen ech awer och eis zwou Direktiounen, de Joël Mischaux, den Erni Hoffmann an och den Tom Michel vum Service Enseignement. Ech kéim dann zur definitiver Schoulorganisatioun fir 20255-2026. Mir hate jo den 2. Juni hei eng extra Sëtzung aberuff fir déi provisoresch Schoulorganisatioun virzestellen. A mir kéimen dann haut zu där definitiver. Dir hutt och all d'Dokumenter kritt, wéi dat ëmmer gewinnt ass. Mir hunn dat awer och den 8. Oktober eng Kéier an der Schoulkommissioun presentéiert. Ze bemierke vläicht zur Schoulkommissioun, do ware keng Elterevertrieder dobäi dës Kéier, well déi nei gewielt ginn an déi eréischt am November dobäi kommen. Mee déi sinn natierlech dann och d'nächst Kéier mat invitéiert.

Ech géif zu den Ännerunge komme vun der definitiver Schoulorganisatioun vis-à-vis vun der provisorescher Schoulorganisatioun, an do ass et jo emol virun allem de Contingent, deen eng grouss Roll spillt. Am Mäerz hu mer 3.480 Leçone kritt an 303 Leçonne fir de Precoce, d'Waldschoul an den Appui, an do ware mer bei 3.783 Leçonnen. Am Mee krute mer do nach eng Kéier déi Hors-Contingent bäi, dat waren eng Kéier 309 Leçonen, dat ass da fir den IEBS, d'Waldschoul an och de Cours d'accueil. Bon, elo bei der definitiver Schoulorganisatioun, also elo wou mer de Rescht Contingent kruten, do gesäit een, datt mer 3.800 Leçone kruten, do sinn och eng Kéier déi 14 Leçonen derbäi fir d'PDSen och fir d'Schoulen, an Hors-Contingent krute mer der 310, sou datt mer am Mee eigentlech bei 4.092 Leçone waren an elo bei 4.110 Leçonen, dat ass e Plus vun 18 Leçonen, déi eis natierlech ëmmer vill hëllefen, zemools beim Appui.

Wann ech elo d'Schülerzuele vergläiche vu Mee bis Oktober, an dat ass eigentlech net dee richtege Verglach, mir hunn eis dat eng Kéier zesummen ugekuckt, och mam Service enseignement, dann hu mer 50 Kanner manner an eise Schoulen. Do ass et awer esou, dass e ganze Koup jo eigentlech vum sechste Schouljoer an de Secondaire wiesselt, an doduerjer déi Zuelen dann och elo ganz vill changéieren. Dofir hu mer eigentlech de Verglach elo eng Kéier gemaach, an dat hutt Dir och an der Schoulkommissioun gewise kritt, datt mer Oktober 2024 mat Oktober 2025 verglach hunn, an dann hu mer d'Schülerzuel, déi awer ëm 22 Kanner erofgeet par rapport an deem Joer.

D'Klassemoyenne, an dat ass awer och wichteg ze soen, déi ass zu Diddeleng ganz gutt. Ech mengen, mir leien do ënner 15 Kanner, wat wierklech och a verschiddene Schoulen natierlech och de Leit entgéint kënnt. Dat sinn awer alles Saachen, déi mer am A behalen. Trotzdeem, dass mer eigentlech an der Schülerzuel erofgaange sinn, hu mer awer keng Stonne verluer. Dat ass awer ganz wichteg. Mir hunn dee Contingent behalen a mir hunn och nach eng Kéier Appui bäikritt, wat zemools am C1 eng grouss Hëllef ass. Dat wat mer an der Schoulkommissioun awer och beschwat hunn, an do kann awer och vläicht den Här Mischaux herno eng Kéier drop agoen, dat gesäit een, datt d'Allongementer am Fong am C1 relativ héich an d'Luucht ginn. Dat ass eppes, wou mer och ugeschwat hunn. Do ass et awer och esou, datt den Här Mischaux eis direkt gesot huet, dat ass net nëmmen hei zu Diddeleng de Fall. Dat heescht, dat ass eigentlech en nationale Phenomeen. Déi Zuele ginn iwwerall an d'Luucht. A wéi gesot, mir kënnen herno nach eng Kéier kuerz dorobber agoen.

Ganz vill Kanner, an dat gesi mer ëmmer erëm, wa mer se scolariséieren, wa se an d'Spillschoul kommen, hu scho Verhalensopfällegkeeten. Dat mierke mer ganz oft awer eréischt, wa se bis an den C1 kommen. Duerfir ass et och esou, datt d'Direktioun, an dat kann och den Här Michaux herno eng Kéier soen, dass mer dëst Joer nei dräi AEB-Se bäikréien. Dat sinn déi Assistants pour élèves à besoins spécifiques. Mir hunn der d'lescht Joer zwee gehat a mir hunn der dann elo dräi bäikritt, soudatt mer a fënnef Schoulen en Intervenant méi am C1 hunn.

Eng weider Ënnerstëtzung, an dat ass och nach ganz nei, dat sinn déi DAP Inclusion, déi de Moment am Stage si bei eis an de Schoulen. Ech mengen, och si gi schonn agesat, fir dann e bëssen d'Schoulmeeschteren ze ënnerstëtzen.
Eng aner Ännerung, déi mer awer och hunn zur provisorescher Schoulorganisatioun, dat ass am Fong déi drëtt Klass zu Butschebuerg, déi ageet. Firwat geet déi an? Mir haten am Ufank dräi Klasse geplangt. Et ass awer elo esou, datt d'Effectiffe vun de Schüler do extreem erofgaange sinn, och iwwert déi lescht Méint. An sou waren et nëmmen nach 31 Kanner. Duerfir hu mer eigentlech, zesumme mat der Direktioun, hu mer decidéiert, dorausser zwou Klassen ze maachen. Mir haten awer schonn en drëtten Titulaire op där Klass. Deen intervenéiert awer elo fir den Appui am C1 zu Butschebuerg an déi aner Stonnen, déi sinn eigentlech fir den Appui am Brill, am C1.

Bon, weider Ännerungen am Precoce. Ech mengen, Dir hutt dat gesinn, do hu mer eigentlech keng Ännerunge vun der Zuel. Do bleiwe mer bei 138 Inscriptiounen. Wat an d'Luucht geet, an dat geet konsequent an d'Luucht, dat ass natierlech de Grupp E mat der Betreiung. Do kann den Här Hoffmann herno eng Kéier kuerz drop agoen. Mir hunn

awer d'Zuele scho geliwwert kritt an der Schoulkommissioun. Mir haten 114 Demandë virleie fir an d'Structures d'accueil mat derbäizekommen. Mir hunn der 93 eigentlech direkt konnten eranhuelen, mir hunn 1 partiellement erageholl a mir haten der 7 op der Waardeleëscht fir an de SEA fir eng Plaz ze kréien. Dat ännert awer ëmmer ufanks des Joers, dat heescht, mir hu ganz vill, wou d'Proffen oder esou, déi kréien eréischt hire Stonneplang. Duerfir sinn do ëmmer Changementer am Ufank vum Schouljoer.

Bon, de Precoce, an dat wëll ech awer och nach eng Kéier betounen, ech mengen, dat gëtt ëmmer erëm hei am Gemengerot betount, ass awer eppes, wat ganz wichteg ass fir d'Kanner. Dat hëlleft hinnen och scho ganz fréi, sproochlech natierlech, fir d'éischt emol sproochlech. Mee mir mierjen awer och, wann d'Kanner aus dem Precoce an den C1 kommen, datt dat ganz anescht ass, wéi wann se aus enger Crèche kommen, wou eeben nach net dat geléiert ginn ass, wat am Precoce geléiert ginn ass.

Ech wëll vläicht elo direkt op dëser Plaz awer eng Kéier Merci soen, fir déi extrem gutt Aarbecht vun de Presidenten an och dem Schoulcomité, awer och der Direktioun, fir déi Opdeelung vun deem Contingent. An dat ass ni eng liicht Aufgab. Dat ass ëmmer eng ganz schwiereg Aufgab. Ech muss awer soen, datt mer hei relativ schnell eens waren, datt dat gutt geklappt huet. A Merci awer och nach eng Kéier, fir datt mer ëmmer erëm déi Stonne kréie vum Contingent, fir de Projet an der Waldschoul kënnen ze maachen.

An dann, ier ech dann awer zum PEP iwwerginn, wat jo e risegt Dokument ass, wëll ech awer nach eng Kéier kuerz op den Text agoen. Dir wësst, ech hat Iech dat gesot, mir haten dat an der Schoulkommissioun. Bis elo hate mer am Dokument vun der Schoulorganisatioun ëmmer de Paragraf, wou eigentlech ëmmer nëmmen de Cours de natation dra war. Dat heescht, dat war definéiert an deem Reglement, an elo ass et esou, dass mer dann dat geännert hunn. Mir hunn och elo d'Schoulsportstonnen dran, wou ee ganz kloer gesäit, wat fir ee Cycle wéini, wou, Turnen oder Schwammen huet. Ech liesen de Saz eng Kéier vir. Mir hunn am Fong elo do stoen „Cours d'éducation physique et de natation". An do wëll ech soen, och dat ass an der Schoulkommissioun esou ugeholl ginn, ass och elo fest verankert bei eis.

Projet Alpha, herno kann den Här Michaux vläicht eng Kéier kuerz dorobber agoen. Dat ass och eppes, wat gutt leeft, wat mer jo um Deich huelen, wat jo elo flächendeckend soll agefouert ginn d'nächst Joer. Ech mengen awer, datt et ganz gutt ass, datt Dir do wësst, wou si mer drun. Mir hunn nach keng richteg Resultater,  mee mir hunn awer éischt Resultater, déi awer an eng Richtung weisen, d'Tendenz, datt dat absolut positiv ass.

Projet PLK, ech mengen och dat ass eppes, do hu mer eng Persoun drop, deen och ganz gutt schafft, dee sech vill Méi gëtt, fir iwwerall dat och an de Schoulen ze presentéieren. Mee ech mengen, vläicht kann do och d'Direktioun herno nach e puer Wuert soen.

Dann zum PEP. Ech hunn et gesot, de PEP ass net méi nëmmen e Blat, wou drop steet, wat an eisen Strukture geschitt. Et ass wierklech e richteg gutt Dokument an dës Kéier hu mer och bei der Definitiver, hu mer natierlech och de Bilan virleie vum PEP 2024-2025. Ech mengen, och do hutt Dir immens vill Informatiounen dran. Dat ass och, mengen ech, wichteg, datt Dir alleguer gesitt, wéi vill de Moment schonn an eise Strukture geleescht gëtt, wéi vill Aktivitéiten, wéi ginn d'Kanner, wéi sinn d'Zesummenaarbechten, virun allem d'Zesummenaarbechten och mat der Schoul, mat der Medezin scolaire, mam Jugendhaus, mat der Eltereschoul. Ech mengen, Dir hutt wierklech en detailléierten Abléck op déi Aarbecht, déi an der nonformaler Bildung geleescht gëtt. Ech mengen, den Här Hoffmann hat eis och dat presentéiert. Dir konnt dat och alles duerchliesen. Duerfir, dat ass e ganz wichtegt Dokument mëttlerweil, an op dat mer och ganz vill Wäert leen.

D'Zesummenaarbecht mat der Schoul, Dir wësst et, datt mer als Gemeng Diddeleng dorobber ganz vill Wäert leeën. Ech wëll awer elo net soen, datt dat iwwerall 100 % klappt. Dat ass eng schwiereg Aufgab, dat ass e Prozess, dee mer musse léieren alleguer. Well ech mengen, bis elo war et ëmmer esou, oder an anere Gemengen ass et och nach ganz esou, deen een op senger Säit, deen aneren op där Säit. Ech mengen, datt mir awer, déi zwou Direktiounen an d'Gemeng wierklech dorunner schaffen, fir datt déi ganz vill zesummeschaffen. Dat bedeit awer och, wann se zesummeschaffen, d'Benotzung vu gemeinsame Säll. Dat muss elo net de Klassesall oder d'Kantin si vun der Maison Relais , mee d'Funktionssäll, déi soss eidel stinn, déi kënnen awer och vun deenen zwee benotzt ginn. Do si mer amgaangen drun ze schaffen. Wéi gesot, mir ginn eis do och ganz vill Méi, fir dat un d'Lafen ze kréien.

Bon, flott Projeten, dat hat ech gesot. Wat awer nei ass, säit der Rentrée ass am Fong d'Maison Relais  am Brill, déi bäikomm ass. Do hu mer en Agrement kritt vu 84 Plazen. Dat war, mir hate virgesi 74 Plazen, dat war deen éischten Avis, an herno hu mer awer bei der Besichtegung 84 Plaze kritt. Dat ass och eppes, wat ganz wichteg ass. Do kënne mer méi Kanner ophuelen. Bon, mir hunn awer Kanner fir d'éischt emol vu Baltzeng eriwwer geholl. Mir hate 40 Demandë vu Baltzeng, déi hunn natierlech eng Plaz do kritt. An do konnte mer awer nach weider Kanner ophuelen.
Wichteg ass och ze soen, datt mer kleng Kanner do hunn. Dat heescht, déi sinn ënner sech, dat ass elo net e Mix vu groussen a klenge Kanner. Hei ass wierklech éischter fir kleng Kanner. Mir hunn der aus der Schwämm eriwwer geholl, dat mécht awer eng ganz aner Ambiance, wann een do net d'Mixitéit mécht.

Dann e Projet, deen ech awer wëll och ervirhiewen, d'lescht Joer huet eis Direktioun deen agefouert, dat ass natierlech d'Semaine de la transition. Ech kann do nëmme soen, all Respekt fir déi Aarbecht, well dat erméiglecht einfach deene Klengen, schonn an der Woch éier d'Schoul ugeet, virum 15. September, an ech mengen dat ass e wichtege Facteur, schonn an d'Maison Relais  ze kommen. Si kënne mat den Elteren dohinner kommen. Si féiere Gespréicher mat dem educative Personal. Dat heescht, si ginn net den éischten Dag, de 15. September, an d'Schoul, ganz

nei fir se an och dann natierlech d'Maison Relais , hei hu se awer schonn dann de Kontakt a si fille sech dann och vill méi wuel.

An dann, eppes wat Dir awer och am PEP erëmfannt, et ass net nëmmen esou, datt mer am Fondamental ganz vill Wäert dorobber leeën, mee mir hunn och eigentlech en RPI an all Haus, dat ass eppes wat ganz wichteg ass, dat ass einfach de Référent pédagogique inclusion, dat heescht, dat ass ëmmer een Educateur, dee Formatioune gemaach huet an deen sech ëm d'Kanner këmmert mat spezifesche Besoinen, dat hëlleft ganz vill, dee kennt déi Kanner, dee kennt déi Dossieren, soudatt mer dat och iwwerall hunn.
Voilà, ech hu gesot, Dir gesitt wéi vill Aarbecht do hannendru stécht, et ass net méi esou wéi nach virun e puer Joer, dat heescht, d'Zäit vun, mee jo, si bastele mat de Kanner oder si gi mat hinnen op d'Spillplaz, ech mengen déi ass eriwwer. Mir leeschten hei eng ganz wäertvoll Aarbecht. Ech war an der Woch um Ministère, also op enger Konferenz, an do ass dat och wierklech erauskomm, datt et net méi ass wéi fréi, d'Kanner ginn an d'Schoul. Et ass elo déi zwee, dat heescht d'Kanner, 80 % vun de Kanner hu Schoul a Maison Relais . Also dat ass e Fakt, dofir solle mer och, mengen ech, do dat néidegt Personal asetzen, fir déi Kanner gutt ze betreien.

Vläicht nach e bëssen aner Zuelen, déi den Här Hoffmann och scho genannt huet. Mir hunn eigentlech en Agrement mat 1366 Plazen an eise Maison Relais en. 1290 sinn der ageschriwwen, et waren der 60 op der Waardelëscht. An hei ass et eigentlech genau esou, wéi ech virdru gesot hunn. Dat changéiert ëmmer nach am Ufank vum Schouljoer, do kommen nach aner Kanner, déi mer vläicht kënnen erahuelen oder temporär, partiellement erahuelen. Mee do ka vläicht den Här Hoffmann och nach eng Kéier drop agoen. All déi Kanner, déi keng Plaz hunn, hunn awer ëmmer e Moyen de garde. Also et ass net esou, datt mir hei iergendee op der Strooss stoe loossen. Also virun allem Monoparental ass schwiereg. Also, mir suergen derfir, datt déi Leit prioritär och erageholl ginn. Also, do hu mer keng Waardelëscht. Mir hunn einfach ëmmer eng Waardelëscht, wann ee vun deenen zwee doheem ass.

Voilà, ech wëll nach kuerz Merci soen. Merci deenen zwou Direktioune fir déi flott Zesummenaarbecht, och dem Tom an och dem Service Structures d'accueil, dem Service Merci, fir déi vill Aarbecht, déi Dir all Joer leescht. Natierlech de Schoulen, de Presidenten, awer och eisen Educateuren a soss och all Intervenanten, deen un dëser Schoulorganisatioun an um PEP matgeschafft hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir alleguerten déi dote Erklärungen. An elo kënnen déi eenzel Fraktiounen Stellung dozou huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir seng ausféierlech a rapid Presentatioun a Merci och vun eiser Säit un d'Direktiounen an un alleguerten d'Intervenanten, déi an de Schoulen täteg sinn, un de Schoulservice. Ech zielen se elo net all op. Merci, Merci, Merci. Et ass schonn ugeklongen, och eng vun deene éischte Saachen, déi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries erwäänt huet, dat ass d'Zuel vun den Allongementer, déi dramatesch an d'Luucht geet an der Spillschoul, dat heescht, dat si Kanner, déi d'Spillschoul net an zwee Joer maachen, mee an dräi Joer, well mer dann denken, da si se méi räif fir an de Fondamental, also den Cycle 2, dat ass dat fréiert éischt Schouljoer, ze goen. Dramatesch ass awer och trotzdeem och d'Zuel vun den Allongementer nom éischten zweete Schouljoer. Och do si vill Kanner, déi nach net d'Kompetenzen hunn, fir an en drëtt Schouljoer eriwwer ze goen.

Den Här Michaux huet gesot gehat, jo, dat ass landeswäit. Jo, mee da musse mer eis froen, firwat ass dat landeswäit esou? An ech denken, et ass sécher eng multifaktoriell Ursaach, et kann een net soen, se ginn all dowéinst an den Allongement, mee an de Spillschoulen ass et e Fakt, dass d'Wortlosegkeet oder insgesamt bei de Kanner ass et e Fakt, dass vill Kanner net schwätzen, weeder hir Mammesprooch, et ass net dat de Problem, mee et ass einfach datt d'Kanner net méi Geschichte gezielt kréien, net méi mat den Eltere schwätzen, net méi ënner sech schwätzen. An och a ville Crèchë gëtt d'Sprooch net als prioritär ugesinn.
An ech deelen net dem Här Michaux seng optimistesch Vue, dass d'Alphabetisation en français wäert weisen, dass d'Zuel vun de Rallongementer däitlech wäert erofgoen. Ech géif mech wierklech freeë wann et esou wär, mee menger Meenung no ass net dat de Grondproblem. Jo, d'Alphabetisation en français ass eng Pist fir déi multikulturell Zesummesetzung aus eiser Populatioun, fir där Rechnung ze droen. Jo, och mir hei zu Diddeleng strengen eis un, fir d'nächst Joer an all eise Schoule prett ze sinn, fir déi national Obligatioun ëmzesetzen an dat ass keen einfachen Exercice. Mee mir ginn och mat op dee Wee.

Mir hätt et vill besser gefall, wann déi Iddi, déi den Här Michaux eis och d'lescht Joer presentéiert hat, déi Iddi verfollegt gi wär, dass de Precoce national géif agefouert ginn. An eisen Ae wär dat grad esou wichteg, wann net souguer méi wichteg wéi de Projet Alphabetisation en français, well de Precoce nieft der Vermëttlung vun de sozialen a pädagogesche Kompetenze virun allem e groussen Afloss op d'Sproochentwécklung huet. D'Sproochentwécklung am Allgemengen a virun allem och d'Sproochentwécklung am Lëtzebuergeschen als Langue véhiculaire. Mir sinn eeben e Land, wou d'Lëtzebuergesch awer soll déi Sprooch sinn, mat där mer matenee schwätzen. An och, egal vu wou s de hier kënns, wär et interessant, wa wierklech all d’Kanner, oder et wär wichteg, wann all d’Kanner kéinte Lëtzebuergesch schwätzen.

D'CSV huet eemol säit ech hei sëtzen d'Schoulorganisatioun net matgestëmmt. Dat war eent vu mengen éischte Joren, wou ech hei souz. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries war och du schonn am Gemengerot. A firwat hate mir se net matgestëmmt? Ma, well mer deemools schonn net zefridde waren, wéi de Precoce hei zu Diddeleng géif ëmgesat ginn. An der Zäit hate mer effektiv just ee Container Lenkeschléi an eng Schoul am Quartier Italien. A wat hu mer eis missen unhéieren? Jo, dat wär net wichteg an hei an do. Mee, Gott sei Dank, dat ass e bësselche meng gebietsmillenaarteg Interventioun, wéi d'Madamm Thoma huet hir, ma

dat hei ass meng, all déi Joren, oh mamm oh mamm, dat ass dach net wichteg, d'Kanner sinn dach besser doheem an esou weider, ne? Mir brauche kee Precoce - a gebietsmillenaarteg hu mer ëmmer gesot gehat, hei dach, dat brauche mer. An no an no ass vill geschitt. An dofir soen ech och ëmmer, och d'Oppositioun ass wichteg, fir awer vläicht heiansdo eppes un d'Rullen ze kréien.

Ech mengen, haut si mir eng vun deene Gemengen, déi am allerbeschten do steet, wat virun allem net nëmmen d'Offer vum Precoce ubelaangt, mee virun allem och d'Prise en charge vun de Kanner an eise Maison Relais en. Déi Offer, déi mer hunn, déi ass wichteg. Well soss ginn d'Kanner net an de Precoce. Dat war och ëmmer d'Argument. Am Ufank huet een ëmmer gesot, ma et kënnt jo kee Kand an de Precoce. Do hunn ech gesot, majo, wa mer kee Mëttesdësch ubidden, da kënnt och kee Kand an- Oh Wunder- mir hunn eis zesummegedoen oder de Schäfferot huet dunn decidéiert, dass mer awer op déi Pist ginn. A wéi gesot, et ass awer ganz vill geschitt. A mir stinn och ganz gutt do.

Mee wéi gesot, d'Weiderentwécklung wär an eisen Aen en obligatoresche Precoce mat Prise en charge an de Maison Rlaisen an an de Kantinnen national. Ech mengen, dass dat de Rallongementer géif entgéintwierken, well mer dann d'Kanner vill éischter kréien an och vill éischter kënnen op hir Sproochentwécklung awierken. Well et ass e Fakt. An ech mengen de Den Här Buergermeeschter an eis Schoulschäffin haten e ganz gudden Interview gëschter am Lëtzebuerger Wort ginn an si hu genau dat selwecht gesot, wat ech ëmmer scho gesot hunn, dass et eeben esou ass. Nee, et ass e Fakt, wat ech och ëmmer gesot hunn, dass d'Kanner an de private Crèchen net mat der Lëtzebuerger Sprooch konfrontéiert ginn. Do gëtt Franséisch geschwat. Och wa vum Ministère gesot, ma dach, dach, déi schwätzen a Lëtzebuerg, da kommen d'Elteren dohinner a soen „Schwätzt Dir och Lëtzebuerg?" An dann heescht et: „Jo, mir hunn eng Educatrice, déi schwätzt Lëtzebuerg." Sou ass et. An dat ass dat Lëtzebuergesch wat d'Kanner an de private Crèchë ze héiere kréien. An dat ass e Fakt an dat kréie mer net geännert.

An dofir och mir zu Diddeleng och do si mer Virreider, well mer ganz vill investéieren an eis kommunal Crèchen. Et war nach gesot ginn, wou Lëtzebuergesch d'Langue véhiculaire ass an dat ass extreem wichteg. Et war flott ze héieren och nach eng Kéier, dass mer weider Projete vu Crèchë wëllen entwéckelen. Wéi gesot, wichteg ass awer och net nëmmen de Precoce wéinst der Sprooch allgemeng. Och wéinst dem Lëtzebuergeschen. Mee och wichteg wéinst der Detektioun vu Kanner mat Besoin-specifiquen. An do ass och eppes, wat eis Dammen, well mer hunn nun eemol nëmmen Dammen, déi als Educatrice an als Joffer amr Precoce täteg sinn, déi soen, dat ass dramatesch. Wéi vill Kanner mir kréien, déi och nach bis elo ënner dem Radar waren, déi nach net bekannt sinn als Kanner mat engem Besoin spécifique, déi net bei Hëllef fir de Puppelchen oder net am Service de Rééducation précoce gemellt sinn, déi nach ni bei engem Kannerdokter waren, wou einfach vill Saachen net detektéiert goufen. A vill Aarbecht musse sech déi Educatricen a Schouljoffere maachen, fir en Dossier opzemaachen. An dat ass eeben och eppes, wat och vläicht national misst nach méi begleet ginn.

Genau dat selwecht an der Spillschoul. Mir sinn och elo do op engem gudde Wee, dass mer déi AEBSen, de C1 zur d'Verfügung stellen. Dat heescht d'Spillschoulsjoffer kritt een Intervenant méi, fir eeben där Unzuel vu Kanner mat Besoin-specifiquen, deene Kanner besser ze hëllefen. An ech hat scho gefrot, wéi vill Dossiere goufe vun eisen Enseignanten am C1 d'lescht Joer opgemaach, well dat ass och eng Heedenaarbecht. An an anere Gemenge weess ech ganz genau wéi et geet, et gëtt guer net driwwer geschwat, et gëtt duerchgewénkt, d'Kand kënnt an d'éischt Schouljoer an dann ass d'Joffer am éischte Schouljoer gehäit mam Kand. A bei eis, muss ech awer soen, an ech begréissen dat explizitt, ech hunn och ganz vill Austausch mat Léierpersonal, déi dann och emol uruffe bei eis an der Praxis hei, lauschter, si soen, du wiers de Kannerdokter, wéi leeft dat, an esou weider. A bei eis, eis Intervenanten an de Schoulen, also e grousse Respekt fir si alleguer, déi maachen dat net. Déi wénken net einfache  Kand duerch, wat Problemer huet. Mee si scheie keng Méi a keng Nout, fir do en Dossier opzemaachen, fir dass deem Kand esou gutt wéi méiglech gehollef gëtt. Och do eng Kéier e grousse Merci a ganz grousse Respekt vis-à-vis vun eisen Intervenanten, déi dat wierklech och maachen. Voilà. Dat wollt ech emol gesot hunn.

Also, wéi gesot, de Rallongement ass e grousse Problem, och national gesinn an ech mengen do muss een usetzen. A wéi gesot, ech mengen d'Valorisatioun vum Precoce, déi muss nach e bësselche weider gefërdert ginn. Natierlech ass dat fir aner Gemengen, déi elo eréischt dra klamme mat Offer u Maison Relais en an u Kantinne fir Precoce-Kanner gëtt dat natierlech och e risegen Challenge. Mee ech mengen, wa mer d'Alphabetisation en français mat dem Dedoublement deelweis vun de Klassen ronnbréngen, da wäerte mer dat anert jo och iergendwéi ronnbréngen.

Ech wollt awer och nach e puer Saache soen, sou allgemeng zur Schoul. Ganz flott ass déi Kohabitatioun vun der Maison Relais  an der Schoul a ville Schoulen. Net iwwerall. Et si verschidde Saachen do haakt et nach, mee ganz gutt leeft et awer a ganz ville Schoulen. An ech muss och soen, aus eegener Erfarung, dass och deen neie Container a Maison Relais  am Haff vum Brill och ganz gutt akzeptéiert ass. An ech fannen et och do extreem flott, dass effektiv déi kleng Kanner do beieneen sinn. Dass och virun allem de Moiesaccueil zum Beispill am Brill elo méiglech ass fir d'Kanner vum C1 a vum C2, dat heescht vun der Spillschoul a vum éischten a vum zweete Schouljoer, da brauchen déi net moies fir d'éischt an d'Maison Relais  an d'Schwämm ze goen an eriwwer gepilgert ze kommen. Mee da si se schonn an hirem Schoulhaff, wat och d'Kenneléiere vun de Kanner ënnerenee fërdert. An d'Kanner sinn immens frou an och déi Spillplaze gi gutt akzeptéiert. Dat ass eng ganz flott Saach, mee et si sécher awer nach aner Schoulen, wou vläicht d'Kohabitatioun oder d'Collaboratioun Schoul a Maison Relais  vläicht nach muss e bësse gefërdert ginn.

D'Elterenaarbecht ass grad ugeschwat ginn. Effektiv waren elo Votten. Ech sinn erëm gespaant, wéi et geet. Op dës Kéier vläicht e bësse méi Enthusiasmus do war, vläicht méi

Eltere sech gemellt hunn an och virun allem och méi Eltere dobäi waren, wa votéiert gouf. Mee dat gi mer jo déi nächste Kéier da gewuer.

Ech hunn nach e puer Saachen, déi ech awer och nach wollt soen. E Merci krute mer och, dat kann een och vläicht nach eng Kéier soen, mir als Gemengerot oder Schäfferot kruten e Merci gesot vun den Deicher Spillschoulen, well mir haten do e Ressort Ëmverdeelung, d'lescht Kéier votéiert. Dat ass jo och vläicht flott, wann Dir dat och matkritt, dass eeben d'Spillschoulen Deich an Italien, dat ass jo eng Ecole, an do war et ëmmer esou, dass am Quartier Italien, an där Spillschoul, just Kanner, déi do an deenen dräi, véier Stroosse gewunnt hunn, konnten higoen, mee dunn ass de Ressort opgemaach ginn, fir och kënne Kanner vun der Rue Adolphe, Rue de l'Hôpital an esou weider och eventuell kënnen an Italien an déi Schoulen ze ginn. Firwat war dat esou? Well mir hate véier Spillschoulen um Deich, zwou am Quartier Italien an an deene véier Spillschoulen um Deich ware jeeweils zwee bis dräi Kanner à besoins spécifiques an am Quartier Italie keng. An duerch dat Opmaache vum Ressort konnt d'Schoulpersonal, natierlech mat den Elteren, awer esou maachen, dass Kanner, déi e besseren Encadrement gebraucht hunn, déi Besoin-spécifiquen haten, konnte besser verdeelt ginn. An d'Spillschoulsjofferen hunn aus explizit dofir Merci gesot. Voilà.

Wat nach e bësselchen am PEP steet, dat ass, wat mer ëmmer nach e bësselche bedaueren, dat ass den Transport vu verschiddene Kanner nach hin an hier, well mer eeben net genuch Plazen an deenen enge Schoulen hunn. Bon, wéi gesot, mer schaffen dorunner, mee et ass nun eemol e Fakt, dass dat nach net esou honnertprozenteg optimal ass. Mee et ass scho besser wéi et war an et ass eng kontinuéierlech Aarbecht oder Beméiung och do, fir dass d'Kanner esou mann ewéi méiglech mussen awer tëscht der Schoul an der Kantin hin an hier transportéiert ginn. Mir begleeden dat mat engem wachen Auge, sinn awer frou, dass awer d'Conscience awer do ass, dass een dat muss esou gutt wéi méiglech vermeiden, well et ass jo awer och Stress fir d'Kanner, fir ëmmer hin- an hier-gefouert ze ginn. Ee Punkt wollt ech awer och nach erwänen, wat och ugeklongen ass an der Schoulkommissioun, de Planning vum Ausbau vu verschiddenen Haiser, virun allem d'Maison Relais Deich. Am Deich sinn nëmmen 58 Plazen an do ass dann erëm gefrot ginn, wéi all Joer, wéi geet et do weider, wéi ass do de Planning, d'Schoulerweiderung, eng Maison Relais Erweiderung, an ech mengen do ass et och wichteg, dass och de Gemengerot eng Kéier vläicht informéiert gëtt, wéi elo de Stand där Dénger ass. Well mer hunn och gesot kritt, Butschebuerg, do ass och eng nei Struktur geplangt. A bon, wéi gesot, mir hu jo Baltzeng gestëmmt, mee wéi gesot, et wär vläicht och do nach eng Kéier interessant nach eng Kéier drop hinzeweisen, dass mer awer do gären en zäitleche Planning gären hätten.

A wat och ganz interessant an der Schoulkommissioun Sitzung war: Et ass gefrot ginn, wat geschitt mat nei Schmelz? An der Press war gesot ginn, do kënnt eng international Schoul, an do begréisst sech och déi eendeiteg Prise de position vun eisem Schäfferot, dass mir un de Quartiersschoule festhalen. A wann ech dat richteg verstanen hunn, dass mer do och wëllen eng lëtzebuergesch Primärschoul dohinner setzen. An och wann de Ministère eventuell eng International School wëll dohinner setzen, sief et Primär, Lycée oder wat weess sech, mee mir halen un de Quartiersschoule fest. An dat ass och eppes, wat d'CSV explizitt begréisst. Mir sollen net vun deem Wee ofgoen, och wann dat eis d'Aen aus dem Kapp kascht. Well, wann ech kucken d'Personal an de Maison Relaisen an esou weider, dat ass immens deier. Mee d'Quartiersschoul ass wichteg och fir d'Integratioun an och erëm fir d'Sproochentwécklung, fir d'Sproochvermëttlung, fir de Melange och vun deene verschiddene Kulturen an deene verschiddene Quartieren. Dat soll och esou sinn. Dat soll net eng Ghettoiséierung ginn. A wéi gesot do explizitt dofir och e grousse Merci.
An och do gi mer vläicht dann nach eng Kéier gewuer, wéi do de Stand där Dinge vun der Entwécklung ass. Also, wéi gesot, dës Kéier stëmme mer d'Schoulorganisatioun erëm mat. Wéi gesot, et war eng eenzeg Kéier, 2006. Mee zënter hir hu mer ëmmer gesot, all Invest an eis Kanner ass e gudden Invest a mir stinn derhannert, awer mir halen en A op déi verschidde Suergen, déi mir hei nach eng Kéier wollten ënnersträichen, virun allem mat der Integratioun vun de Kanner a virun allem och domat, wéi et mam weideren Ausbau vum Precoce ass. Merci..

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. An och wéi all Joer ass e grousse Merci un d'Enseignanten, d'Educateuren, d'Comitéen, d'Presidenten, d'Responsabel vun de Sitten, d'Gemengeservicer vum SEA, der Schoul, der Schouldirektioun, der Schoulschäffin och, fir nach eng Kéier hei eng Kéier op den Detail agaangen ze sinn an och déi ganz Aarbecht, déi derhannert stécht, an u jiddereen, deen ech nach warscheinlech elo vergiess hunn a menger Opzielung. Well et si vill Leit, déi dee ganzen Dag dru schaffen, dass eis Kanner esou gutt encadréiert sinn, an dat vu moies bis deels an de fréien Owend eran, wou si an der Ophutt si vu Professionellen, iwwert déi mir haut schwätzen an deenen hir Schoulorganisatioun an deenen hire PEP mir haut wäerte stëmmen. Déi Presentatioune sinn ëmmer ganz komplett hei am Gemengerot an och an der Schoulkommissioun, déi mir den 8. Oktober haten. An dofir wäert ech hei elo net alles ervirhiewen, wat super leeft. Soss sëtze mir nach ganz laang hei. Ech wéilt dofir dës Kéier allgemeng ervirhiewen, wéi ee wichtege Roll den Dispositif Schoul a SEA an och hir Collaboratioun an eiser Stad hunn. Wann ee sech de PEP esou ukuckt, da gëtt engem bewosst, wéi vill Gedanken sech sou an der ganzer Mass duerch Diddeleng vun deene Concernéierte gemaach ginn an och wéi op déi verschidden Acteuren an de Quartieren agaange gëtt. Dat gesäit een am Fong an deem ganzen Dokument, dat am Fong richteg laang ass a wou ganz, ganz vill kleng Mesuren dra stinn, déi mengen ech och e groussen Ënnerscheed einfach maachen.

Gréisser Saachen, wou ech e bëssen elo ervirgehuewen hunn, respektiv wou mer beim Liesen an d'A gespronge sinn, dat ass engersäits am Quartier Italien déi Collaboratioun mam Foyer Diddelfamill an dem Service Ensemble Quartier, anerersäits um Deich déi Collaboratioun mat de

Clibb. Dat si just zwee Beispiller, mee si weisen a mengen Ae ganz gutt, dass d'Schoul a SEA wäit an d'Diddelenger Stadliewen eragräifen, wat gutt ass a wat och wichteg ass. Ech mengen, d'Madamm Di Bartolomeo-Ries hat et gesot, et ass e Prozess, deen net vun haut op muer geet. Mir wëssen och, dass op verschiddene Plaze verschidde Projete méi séier virukomme wéi op anere Plazen. Dat ass ganz normal an ech hunn awer d'Gefill, dass mer hei um gudde Wee sinn an dat net eréischt säit dëser Schoulorganisatioun. Ech sinn och perséinlech e grousse Fan vun de Semaines de transition, e Volet iwwert deen, wann ech zouginn, ech mer manner Gedanke gemaach hunn, wou ech nach kee Papp war, elo d'Diskussioun doheem awer erlieft hunn, wéi wichteg et ass esou Angeboter fir déi Kleng ze hunn, déi effektiv am schlëmmste Fall soss de 15. September mat engem ganz, ganz laangen Dag ufänken, déi komplett aus dem Kader gerappt gi vun deem, wat se gewinnt sinn. An duerfir fannen ech déi Semaine de transition ëmmer méi wichteg an et mécht absolut Sënn, och fir déi Professionell, déi sech och kënnen aus engem Break eraus erëm op en neie Rhythmus e bëssen astëmmen.

Awer och fir d'Eltere, déi dann och awer e gewëssenen Alldag erëm kënne mat der Planung vum Kand an der Schoul respektiv vum SEA ophuelen, wat da successiv kënnt an net vun haut op muer. Dass eis Betreiungscapacitéiten ëmmer besser ginn, jo, dat freet eis natierlech och. Wat schued ass, dat ass natierlech, dass d'Kanner net ëmmer do wunnen, wou d'Plaze grad fräi sinn. Dat hate mer an der Schoulkommissioun hate mer driwwer geschwat. Et ass awer e bësse wéi virdru bei de Restanten, wann ech mer erlabe kann, dee Verglach ze zéien. Ech fannen et richteg flott, dass am Service selwer och ëmmer gekuckt gëtt, au cas par cas, dass eng Léisung fonnt gëtt fir déi eenzel Kanner. Ech mengen, dat mécht de Service aus, dee mer de Bierger da bidden. An dat ass eng immens grouss Plusvalue, dass d'Elteren einfach wëssen, dass do keen am Ree stoe gelooss gëtt.

D'Madamm Kayser hat en ugeschwat, den Artikel am Wort, ech hunn en och gelies iwwert déi allgemengen Defien an der Betreiung. An ech wollt Iech och heimat e Kompliment ausschwätze fir deen Artikel, well dee war a mengen Aen och ganz pertinent. Dat mat demografesch an de Grëff ze kréien, sprengt dann och wuel de Kader vun der Schoulorganisatioun, fir do d'Capacitéiten opzefëllen. Esou ass et dann awer iergendwéi déi eenzeg Konsequenz, déi en als Gemeng kann zéien, weider Schoul a SEA zesummen ze denken an och zesummen ze investéieren. Wat mer jo elo op Baltzeng gesinn, wou mer och héieren hunn, dass d'Aarbechten um Konzept erëm amgaange sinn, fir dëst Schouljoer, wat mer och begréissen, a wou mer natierlech dorop gespaant sinn, wat herno dobäi erauskënnt. Och bei de Gemengecrèchen, dass do um Ball bliwwe gëtt, dat ass och gutt. Am leschte Gemengerot hate mer jo nach d'Crèche am neie Quartier A Bëlleg votéiert.

Op de Projet Alpha ginn ech elo net thematesch an. Ech muss awer soen, ech si frou driwwer, dass Diddeleng Deel vun deem Projet ass, wou mer elo gesinn, dass en zu enger Reform wäert ginn, wat awer och gutt ass fir eist Personal, mengen ech, dat einfach schonn d'Erfarunge gesammelt huet, dat déi kuerz Weeër huet, fir vun deenen Erfarunge kënnen ze profitéieren, fir herno d'Implementéierung och op deenen anere Sitten, wou se sech elo nach net an der Projetsphas dermat auserneegesat hunn, mee eréischt elo, wou et dann op deen definitive Wee wäert goen. Dass mer no der provisorescher och déi definitiv Schoulorganisatioun matstëmmen, dierft Iech net wonneren, et huet eis dach gefreet ze liesen, dass de Schoulsport, wéi en och grad ugeschwat ginn ass, an och wéi en am aktuelle Plan d'étude virgesinn ass, dra festgehale ginn ass. Zouginn, et waren net ëmmer déi einfachst Diskussiounen heibannen oder an der Schoulkommissioun. Dat läit awer zum Deel, denken ech drun, dass et einfach och kengem egal ass, wat dobausse geschitt, respektiv wat mat de Kanner geschitt. A fir eis zielt am Fong dat, wat dobäi erauskënnt. An dobäi ass erauskomm, dass mer dat doten elo festgehalen hunn, dass mer eis hei op eppes gëeenegt hunn, wou mer och wollte Merci soe fir d'Kloerheet, déi einfach hei konnt festgehale ginn.

Zum Schluss vu menger Interventioun hätt ech nach zwou Froen, déi mer iwwreg bliwwe sinn, op déi ech dës Kéier, anescht wéi bei de Restanten, net schonn eng hallef Äntwert drop hunn. An zwar war déi eng kuerz ugeschwat gi vun der Wal vun den Elterevertrieder. An do wollt ech einfach eng Kéier nofroen, wéi dee Succès war op deenen eenzelne Sitten, ob sech do vill Leit gemellt hunn, ob iwwerall ee fonnt ginn ass, ob dat ofgeschloss ginn ass oder net? Dat wier esou déi eng, wéi grouss den Interêt war. An dann déi aner Fro, dat ass eng, déi mer och warscheinlech haut net komplett beäntwert kréien, ausser Dir sot mir elo, mir hu schonn driwwer geschwat. Dat war elo rezent oder virun engem Mount oder esou, do war um RTL en „Dir hutt d'Wuert", wourop och de Minister den Dag drop dann agaangen ass. An do hu vill Leit, Enseignanten ewéi och Elteren, sech zum Theema Stonneplàng geäussert an ob et net eng Pist kéint sinn, op dee Wee ze goen, fir déi Formule laang a kuerz Deeg ze ersetzen, mat fënnef equivalenten Deeg.

Ech weess, dass am Ufank vun der neier Regierung och d'Mandy Minella an enger Aktualitéitsstonn dat Theema opgemaach hat an zweemol de Minister u sech d'Ouverture gemaach hat a gesot huet, dat wär eppes, wou d'Gemengen sech kéinten dermat auserneesetzen an sech dat Theema kéinten op de Leescht huelen. Do wollt ech einfach froen, wéi ass dat hei zu Diddeleng? Wat soen d'Elteren derzou? Wat soen d'Enseignanten derzou? Vläicht ass et och en Theema fir eng Kéier an d'Schoulkommissioun matzehuelen? An dat ass och elo eng ganz neutral Fro a keng suggestiv Fro vu menger Säit, einfach well et mech interesséiert, wéi dat gehandhaabt gëtt. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Weider Stellungnamen? Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Dann och, vu menger Säit, e Merci u jiddereen, an ech mengen, ech vergiessen ëmmer iergendeen, un d'Direktiounen, un d'Leit an de Servicer, un d'Personal um Terrain. Ech probéieren, dat elo grouss opzemaachen, well dat ass ëmmer déi grouss Gefor hei. An dann och e grousse Merci un

d'Schoulen an d'Kommiteeë virun allem an u sech, well dat gëtt ëmmer gesot hei, dass do eng wierklech ganz gutt Zesummenaarbecht ass. An ech weess, dass dat net iwwerall esou gutt funktionéiert wéi hei zu Diddeleng, mat der Opdeelung vum Contingent, well ech mengen, dat ass mat dat Wichtegst am Fong, dass do, och wann et warscheinlech net ëmmer einfach ass, mee dass do kommunizéiert gëtt an dass do ëmmer e Kompromëss fonnt gëtt. Et ass och gesot ginn, dass mer dräi zousätzlech AEBSen an DAP Inclusion hunn. An ech mengen, och dat ass wierklech wichteg, well mer eebe mierken, an dat ass schonn ugeschwat ginn haut, dass et och ëmmer méi néideg gëtt. A wann dat eng national Problematik ass, ech mengen, da muss ee sech do och déi néideg Froe stellen, wéi een an Zukunft domadder ëmgeet, respektiv wourunner dat dann och läit.

D'Madamm Kayser huet d'Fro vun de Sproochen opgeworf, wat effektiv eng Fro ass. Als déi Lénk ware mir op nationalem Niveau ëmmer der Meenung, et sollt een eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch aféieren, well dat d'Alldagssprooch ass u sech vun de Kanner. Mir sinn awer ganz frou, dass mer elo déi lescht puer Joren eeben de Pilotprojet Alpha hei zu Diddeleng haten a mir hu jo wierklech quasi nëmme positive Retour kritt. An dowéinst menge mer, dass dat och wierklech gutt funktionéiert huet a si ganz frou, dass mer hei zu Diddeleng déi Chance haten. Et ass e Projet, deen op nationalem Plang vill kritiséiert gëtt, wou vill Ängschten, vill Onsécherheeten de Moment sinn op alle Säiten. An och dowéinst mengen ech, dass een awer dann zumindest dank deene Pilotprojeten, an ech mengen, dat war jo net just hei zu Diddeleng, mee all d'Pilotprojeten awer éischter positive Retour haten, soudass mer mengen, dass de Projet Alpha eng vu ville Léisunge fir ee vu ville Problemer ass. An dass mer awer och frou sinn, dass Diddeleng prett ass, fir wann et weidergeet mat deem Projet. Och dat ass jo net iwwerall de Fall. Mir ënnersträichen dann och nach eng Kéier, sou wéi d'Madamm Kayser dat scho gemaach huet, ganz kuerz d'Volontéit fir bei de Quartiersschoulen ze bleiwen. Och dat soe mer all Kéiers. Ech mengen, dass dat wierklech de richtege Wee ass, och fir d'sozial Kohäsioun bäizebehalen.

Mir begréissen d'Semaine de transition, A genau esou wéi d'Zesummenaarbecht tëschent de Schoule wichteg ass fir de Contingent, selbstverständlech och den Echange tëscht dem SEA an de Schoulen och hei zu Diddeleng eng Prioritéit, jo, et fonctionéiert ni iwwerall perfekt, mee ech mengen et ass awer d'Volontéit, fir dass dat esou gutt wéi méiglech fonctionéiert an ech mengen, dass dat och wichteg ass, dass elo déi nei Maison Relais am Brill do ass, dat ass natierlech och positiv, mir ënnerstëtzen och, fannen dat ganz positiv, dass do kleng Kanner ënner sech sinn, well ech hunn och de Retour kritt, wann do méi eng Mixitéit ass, dat ka ganz flott si fir verschidde Kanner, fir aner Kanner, déi vläicht, soe mer net esou vill fäerten a ganz naiv sinn, an da kann dat och eng Kéier e bësse méi ustrengend sinn, wann déi eemol sech ënnert déi Grouss mëschen. Dowéinst menge mer, dass dat doten awer flott ass, dass déi ënner sech sinn. Mir sinn ëmmer relativ positiv zu der Schoulorganisatioun, well mer wëssen, dass et hei am Verglach mat anere Gemenge wierklech gutt fonctionéiert a mir wäerten dat heiten dann och ënnerstëtzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Thoma, den Här Meyer huet d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Vill Mercie si gesprach ginn an deene schléissen ech mech hei dann och ausnamslos un. Ech mengen dat ass dat Einfachst, wat een hei ka soen, well net dass een nach ee vergësst. Dat wëlle mer op kee Fall. Well jidderee mécht hei exzellent Aarbecht an dréit säin Deel dozou bäi, dass eis Schoulen a Maison Relaisen exzellent fonctionéieren. Ma et gouf och scho soss ganz villes gesot. A genau wéi d'Madamm Kayser stinn ech och voll a ganz hannert eise Quartiersschoulen a stinn och dozou fir dës Koste es was es wolle bäibehale ginn. Ech sinn dann och gespaant op dat, wat den Här Buergermeeschter respektiv eis Schoulschäffin d'Madamm Di Bartolomeo Ries, nach eventuell zu de Maison Relaisen ze soen hunn, e Punkt, deen d'CSV jo och schonn ugeschwat huet, a bei deem vill vun eise Famille sech op alle Fall och betraff fillen. Hei kann een dann awer och soen, dass een hei vu Joer zu Joer Verbesserunge gesäit. Ech mengen dat gesäit een. An ech sinn dann awer och gespaant wat fir Pläng an Iddien zukünfteg dann hei nach och wäerte kommen, fir d'Situatioun vun eise Maison Relaise besonnesch emol nach ze verbesseren. De Projet Alpha gouf dann och schonn erwäänt, soudass ech mäin Deel just nach soe kann, dass ech dëse Punkt vun der Schoulorganisatioun op alle Fall matstëmme wäert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer, fir Är Stellungnam. Nach eng Wuertmeldung?

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Member vun der Schoulkommissioun zanter elo zwee Joer an elo och als neie Member am Gemengerot, ass et fir mech ee ganz besonnesche Moment, haut e puer Wierder iwwert d'Schoulwelt a virun allem iwwert eis Kanner ze soen. An dëser dach nach relativ kuerzer Zäit, hunn ech geléiert, datt hannert all, nach esou klengem Detail, hannert all Stonn an all Struktur, eng immens Aarbecht, vill Engagement a virun allem vill Häerzblutt stécht. An et méi wéi kloer ass, all Stonn, déi mir behalen oder bäikréien, ass eng wäertvoll Investitioun an eis Kanner. Et ass beandrockend ze gesinn, wéi eng grouss Maschinerie vu ville motivéierte Mënschen hannert deem steet, wat fir vill vun eis ganz selbstverständlech ausgesäit, datt e Kand moies an d'Schoul geet a mëttes beispillsweis eng Maison Relais besicht.

Diddeleng ass déi véiertgréisst Stad am Land, mat siwe Ressorts scolaires an engem dicht organiséierte Betreiungssystem. Dat bedeit, mir droen eng grouss Verantwortung, net nëmme fir d'Infrastruktur, mee och fir den Alldag vun eise Kanner a Familljen. An dofir wëll ech ganz am Ufank ee grousse Merci ausschwätzen. Merci un d'Josée an de Bartolomeo-Ries fir seng Presentatioun. Merci eisem Schoulservice ënnert der Leedung vum Tom Michel, der Schouldirektioun ënnert der Leedung vum Joël Michaux, de Schoulpresidenten a Presidentinnen, de Leit aus hire Kommiteeën, dem ganze Léierpersonal, souwéi dem Erni Hoffmann a senger ganzer Ekipp vum SEA. Dir maacht eng

groussaarteg Aarbecht an déi verdéngt eis Unerkennung. Da wëll ech och nach kuerz ergänzen, datt ech elo a ganz grouss Fousstapfen trieden an datt ech mäi Beschtméiglechst maache wäert, fir eise Romain Zuang esou gutt et geet hei ze ersetzen.

Mir hunn all déi wichteg an detailléiert Dokumenter zur Verfügung gestallt kritt, och dofir e ganz grousse Merci. An dësen Dokumenter stinn natierlech vill Zuelen, awer ech si ganz éierlech, mech interesséiere vill méi d'Mënschen hannert dësen Zuelen. Well d'Zuelen eleng erzielen net déi ganz Geschicht. Hannert all Zuel stécht e Kand, e Kand mat engem Numm, engem Gesiicht an enger eegener Geschicht. Et ass begréissenswäert, datt mir trotz engem Réckgang vun 22 Kanner am Verglach zum Oktober 2024 eise Contingent net nëmme behalen, mee souguer 18 Stonnen Appui bäikritt hunn. Datt mir elo 22 Kanner manner hunn, ass elo direkt näischt esou Aussergewéinleches, d'Liewe léisst sech net bis an dee klengsten Detail plangen an och eng provisoresch Schoulorganisatioun bleift dovunner net verschount. D'Familljе plënneren, anerer entscheeden sech fir aner Schoulen, eventuell och fir eng International School oder fir Homeschooling. Esou Realitéite gehéieren och zu enger dynamescher Stad wéi Diddeleng derzou.

An awer musse mir dës Entwécklung och am A behalen, well et eng Realitéit kéint sinn, déi eis zukünfteg Planungen erschwéiere kéinten an dozou féiere kéint, datt an Zukunft weider Klassen agoe kéinten. Do steet selbstverständlech och d'Thematik ronderëm déi europäesch Schoulen am Raum. An dat zu Recht. D'Fro stellt sech nämlech, wéi vill Kanner mir zukünfteg un dës Schoule verléiere kéinten, wa se da flächendeckend agefouert sinn. Si sinn eng Konkurrenz fir eis, woufir mir awer um kommunalen Niveau net kënnen, well et eng national Entscheedung ass, déi vun eisem Bildungsministère getraff gëtt. Hoffe mir alt, datt eis de Projet Alpha och do hëlleft. Komme mir awer elo mol erëm zeréck zu eisem aktuellen Ist-Zustand. Déi 18 zousätzlech Stonnen Appui, déi mir elo bäikritt hunn, erlaben eis, nach méi op d'Bedürfnisser um Terrain anzegoen an d'Reaktiounsfäegkeet ze stäerken. Dëse Support gëtt haaptsächlech am C1 agesat, well grad an dëse fréie Joren ass den Impakt am gréissten. Wa mir Kanner vun Ufank u gutt ënnerstëtzen, kënne mir spéider vill méi verhënneren.

Et ass kee Geheimnis a sécher och kee rengen Diddelenger Phenomeen. Mir gesinn ëmmer méi Kanner, déi eng méi intensiv Betreiung a Begleedung brauchen, wéinst engem Retard, spezifesche Besoin, Verhalensopfällegkeeten oder Entwécklungsverzögerungen. An dat fänkt schonn am C1 un. Dat ass d'Realitéit um Terrain, déi jidderee bestätege kann, deen all Dag mat Kanner schafft. D'Ursaache si villfälteg. Individuell Entwécklung, Familljenëmfeld, sproochlech a kulturell Aspekter, fir just e puer ze nennen. Wat zum Beispill de sproochlechen Aspekt ugeet, hu mir jo all d'Hoffnung, datt de Projet Alpha dobäi hëllefe kann, datt d'Allongementer am C1, wou d'Zuelen och an d'Luucht gaange sinn, an Zukunft verhënnert kéinte ginn. Fir awer elo all den Ursaachen op de Fong ze goen, dat ass eng Aarbecht, déi op nationalem Plang misst geschéien. Dat Wichtegst an der Aarbecht um Terrain ass a bleift awer net ze séier stigmatiséieren, mee méi genau hinzekucken. D'Kand ganzheetlech gesi seng Besoine verstoen an et esou fréi wéi méiglech gezielt ënnerstëtzen. Mir hei am Gemengerot si keng Psychologen a keng Dokteren. Mee mir droen d'Verantwortung fir d'Strukturen a fir déi Moyenen, déi et erlaben, dës Ënnerstëtzung sou gutt wéi méiglech ze organiséieren.

Genau am Hibléck op dës Ëmstänn um Terrain, sinn déi dräi zousätzlech Assistants pour élèves à besoins spécifiques, déi mir am Fondamental fir den C1 bäikritt hunn, eng wäertvoll Ressource. Si hëllefen net nëmme bei der Entlaaschtung vun den Enseignanten, mee si stabiliséieren d'Klassenzëmmer an ënnerstëtze geziilt do, wou et néideg ass. A fënnef Schoulen Assistants pour élèves à besoins spécifiques ze hunn, ass hautzudaags keen Extra méi, mee et ass eng noutwendeg Realitéit, déi batter néideg gebraucht gëtt. Da wéilt ech och nach e puer Wierder zu eise Precocë soen. Jo, nach ëmmer wëllen net all d'Elteren hir Kanner an de Precoce aschreiwen, obwuel et vill Avantagë gëtt, besonnesch wat och déi Lëtzebuergesch Sprooch ugeet, wat och schonn erwäänt ginn ass. Mee si wëllen hirem Kand e weidere Wiessel erspueren, de Fall gesat, datt si d'Kand aus der Crèche eraushuelen, fir an e Precoce ze ginn, deen net am selwechte Gebai ass wéi d'Spillschoul, respektiv an der Schoul läit, wou d'Kand herno och higoe soll. Do hu mir leider keen Afloss drop, och wann eis Gemengecrèchë gutt Reklamm fir eis Precoce maachen. Da wëll ech och nach eng Kéier e ganz grousse Merci soe fir dee flotte Bilan, deen den Erni Hoffmann eis presentéiert huet an der Schoulkommissioun, a wou een och wierklech gesäit, datt ganz vill Aktivitéiten an de Maison Relaise gemaach ginn, an dat och zesumme mat de Schoule wéi och den Elteren. Iwwerhaapt wëll ech och déi gutt Zesummenaarbecht tëscht de Maison Relaisen an de Schoule luewen. Dës Kollaboratioun tëschent dem SEA, der Schoul an och den Elteren ass en essentielle Bausteen an der dagdeeglecher Betreiung a Begleedung vun eise Kanner.

Ech freeë mech och besonnesch, datt mir vun dëser Schoulrentrée un een Agrement vu 84 Plaze fir d'Maison Relaise Brill kritt hunn, wuelgemierkt, datt do och d'Kanner vun der Maison Relais Baltzeng derbäi sinn. Dëst bleift awer e weidere klore Schratt no vir, fir op d'Besoine vun de Familljen anzegoen an den Elteren d'Aarbecht an d'Familljeliewen ze erliichteren. Datt de Grupp E an der Ganzdagsbetreiung elo 38 Kanner zielt, ënnersträicht nach eng Kéier dës Noutwendegkeet. Ech begréissen an deem Kontext och ganz besonnesch, datt an all Maison Relaisen ee Référent pédagogique inclusion agesat ass. Well wat méi fréi op d'Besoine vun engem Kand reagéiert gëtt, wat seng Chancen op eng positiv Entwécklung och méi grouss ginn.
Erlaabt mir elo nach e puer allgemeng Umierkungen zur nonformeller Bildung. D'Bildung fënnt net nëmmen an der Schoul statt. An dësem Zesummenhang gi ganz vill Aktivitéiten organiséiert an ugebueden, dat hu mir eendeiteg gesinn. Fir se elo nach eng Kéier all opzezielen, géif de Kader definitiv sprengen. Als Enseignant weess ech awer selwer, wéi wäertvoll ausserschoulesch Aktivitéite kënne sinn. Et erméiglecht dem Personal um Terrain e ganz änneren Zougang zu de Kanner ze kréien. Des Weidere weisen d'Organisatioun vu Fester, Aktivitéiten, Atelieren, déi gemein-

sam Notzung vu Schoul- respektiv SEA-Infrastrukture ganz kloer, datt d'Zesummenaarbecht e ganz héije Stellewäert kritt huet, wat immens luewenswäert ass.

Als Member vu Projeten, wéi Partneriat Educatioun a Mosaik am Lycée, wéi ee sech aus eegener Erfarung, wéi vill et ausmécht, wa Schoul mat all hiren interne Servicer Elteren an deenen externen Acteure wéi zum Beispill den ONE oder SCAS Hand an Hand schaffen. D'Kommunikatioun an d'Zesummenaarbecht sinn dofir essenziell. E weidert wichteg Element ass hei ganz kloer och eise Service Santé scolaire. Mir hunn déi grouss Chance, datt mir dëse Service am Haus hunn, wat oft laangwiereg Kommunikatiounsweeër erspuert. Dëst zum gesondheetleche Wuel vun eise Kanner. Si schaffen enk mam Léierpersonal, dem SEA, der Direktioun, dem ONE, dem Parquet, dem SCAS an dem Office social zesummen. An ëmmer erëm mat deem selwechten Zil zum Wuel vun eise Kanner. Natierlech ass an dësem Kontext och d'Preventiounsaarbecht ganz wichteg. Dofir ginn am Kader vun der Educatioun a la Santé och ganz vill Atelieren an de Klasse ronderëm gesond iessen, Santé dentaire, Fuerderung vu physeschen Aktivitéiten an de Bien-être ugebueden, well et och immens wichteg ass a bleift, eise Kanner eng gesond Liewensweis ze vermëttelen. Léif Kolleegen a Kolleegen, ech denken, datt mir eis schlussendlech hei all am Sall eens sinn, datt ausserschoulesch Aktivitéite bei Wäitem net nëmme flott Accessoire sinn, mee sozial Kompetenzen, Sprooch, Vertrauen, Bindung a Selbstbewosstsinn staark fuerderen. Genee dës Fäegkeete si fir eng positiv Entwécklung genau sou wichteg wéi Mathe, Däitsch oder Franséisch. Eis Kanner verbrénge vill Zäit an der Schoul an an de Betreiungsstrukturen. An et ass eis Verantwortung, dës Zäit sou gutt wéi méiglech ze gestalten.

Ech wëll meng Ried mat engem einfache méi ganz wichtege Saz ofschléissen. All Kand huet eng Chance verdéngt. Hannert all Dossier, all Decisioun an all Budget steet e Kand, dat drop vertraut, datt mir e System ubidden, deen et dréit an ënnerstëtzt. Eis Roll als Gemeng ass net nëmmen, Infrastrukturen ze finanzéieren, mee d'Zukunft matzegestalten. Duerch fréi Ënnerstëtzung, duerch zousätzlech Ressourcen, duerch staark Strukturen an Zesummeschaffen, kënne mir dofir suergen, datt kee Kand am Stach gelooss gëtt. Dës ass kee politesche Luxus, et ass eng gesellschaftlech Flicht a Verantwortung. Jo, et ass nach net alles perfekt, et gëtt ëmmer Loft no uewen. Eis Aarbecht ass nach laang net fäerdeg, mee ech sinn iwwerzeegt, zu Diddeleng si mir um richtege Wee, well mir leeë e grousse Wäert op Famill a Schoul. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Loullingen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider fir d'Äntwerten? D'Direktioun, d'regional Direktioun, Joëlle Michaux, den Erni Hoffmann, den Tom Michel, an dann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOËL MICHAUX (REGIONALE SCHOULDIREKTER): Merci fir d'Wuert. Et goufen elo scho ganz vill Mercie verdeelt. Ech hätt der och nach zwee. Fir d'éischt emol un d'Gemeng, déi eis dann erlaabt elo zum Schluss vum Joer an nei Lokalitéiten ze plënneren. Da si mer endlech erëm zu Diddeleng. Ech mengen, ouni d'Hëllef vun der Gemeng hätte mer se weeder fonnt, nach hätte mer kënne plënneren. Dofir e grousse Merci. An dann hu mer keng Schoulorganisatioun, esou gutt wéi se och ëmmer ass, déi muss dono mol gelieft ginn. An dofir vu mir den Haaptmerci un d'Leit, souwuel aus dem SEA wéi eeben och d'Schoulpersonal, d'ESEP an esou weider, déi all Dag dat a Musek ëmsetzen. Vläicht elo zu den Äntwerten. D'Allongementer sinn ugeschwat ginn. Per se ass en Allongement net falsch. Et ass, de Legislateur huet dat esou geduecht, fir engem Kand e weidert Joer d'Chance ze ginn, d'Kompetenzen ze erreechen. Dat mécht d'Zuelen natierlech trotzdeem net besser. Ech kommen nach duerno op déi zeréck. Alpha ass och net geschriwwe ginn, fir nëmmen d'Allongementer ze evitéieren. Et ass fir d'Inegalitéiten an eisem Schoulsystem ze gomméieren. Dat ass net dat selwecht. Vläicht dann awer trotzdeem zu den Zuelen, well et ass a Fro gestallt ginn, ob Alpha dat duerno och wäert evitéieren. Déi Äntwert hunn ech natierlech haut net. Dat ass ze fréi. Et ass awer interessant, well ech kucken elo just den C1. Déi Zuele sinn dramatesch an d'Luucht gaang, aus deene genannte Grënn, déi mer- mengen ech- alleguerte kennen.

Ech kommen och nach op den Eltereforum ze schwätzen. Se sinn, par contre, um Deich net an d'Luucht gaangen. An dat déi éischte Kéier zënter Joren. Dat loossen ech elo mol ouni Kommentar sou stoen. Wat de Constat ass, hate mer an der Schoulkommissioun, mengen ech, dat ass sécher net d'Aarbecht vun de Leit am C1. Ech mengen, et ass gesot ginn, ech denken, dass déi d'Kompetenze vun de Kanner ganz gutt aschätze kënnen, et ass oft am Virfeld, wou et einfach de Kanner am néidege Bagage feelt. An dofir begréissen ech, dass mer och do vläicht an nächster Zäit en Eltereforum hei am Zentrum vum Duerf kéinten hunn, well ech mengen, dass et einfach deen Zäitraum vun null bis dräi ass, wou mer ganz vill Problemer scho kënnen opfänken, bezéiungsweis Constate maachen, déi mer an engem Precoce, jo, d'Wichtegkeet vum Precoce, ech mengen dat kann ech net oft genuch betounen, et ass gesot ginn, mir leien hei zu Diddeleng awer ganz héich, wann ech national kucken, wann d'Kanner am Precoce ageschriwwe sinn. Et muss een net wäit fueren, fir wäit wéi d'Hallschent manner Aschreiwungen ze hunn. A mäi Wonsch ass, ech mengen, dat weess hei all Mënsch, dass mer déi Zuel nach kënnen eropfueren, mee et ass natierlech multifaktoriell. Mir mierken et am C1, dee Constat ass ganz kloer.

Eng Äntwert och, d'Hëllef am C1 sinn effektiv d'ABSen. Et ass gesot ginn, mir hunn dräi neier. Mir hoffen, dass mer do am Joresrhythmus weiderhi kënne rekrutéieren. Dat hänkt natierlech vum Budget of. Mir hunn awer och de Wee gewielt, mir sinn do Spëtzereider am Land, fir jonk Leit mat an d'Schoulen ze huelen, DAP Inclusion, mir hu bei Wäitem déi meescht hei. Do geet et, fannen ech, drëms, eng gewësse Solidaritéit mat jonke Mënschen ze weisen, déi net deen einfachste Léierwee hunn, an awer och eng weider Méiglechkeet ze hunn, et muss net ëmmer den Héichdiploméierte sinn, fir eis Schüler ze encadréieren. A mir hunn hei e ganz gudde Retour, a mir wéilten och do dee Wee weidergoen, tout en sachant, dass mer genau déi dote Leit duerno kéinte rekrutéieren, an da kenne mer se schonn,

an och do si mer mam SEA amgaang ze kucken, déi hunn net all Dënschdeg an Donneschdeg mëttes Schoul, och do si mer amgaang, Synergien ze kreéieren, dass mer ënner enger Form vu Prêt de main d'oeuvre se dënschdes oder donneschdes mëttes kënnen am SEA schaffe loossen. Dat heescht, a mengen Aen ass dat eng Win-Win-Situatioun.
Vläicht zum Alpha, ech mengen et ass deposéiert, Dir wësst et, de Statsrot koum den Dënschdegmëtten erëm, do ass relativ wéineg monéiert ginn. Bon, dat geet dann dee Wee, deen et elo wäert goen. Ech denken och, dass d'Chamberkommissioun nach eng Visitt wéilt maache virum Vott an enger vun de Schoulen, da kucke mer emol, wat fir eng se do eraussiche wäerten. Bon, dat ass den Instanzewee, et ass net u mir, dat ze kommentéieren, weider.

PLK war ugeschwat ginn. Dat ass e Modell iwwer Joren, wou mer ëmmer erëm reajustéiert hunn, och mam SEA zesumme gekuckt hunn, wat ass an der Schoul méiglech, wou de SEA net onbedéngt muss d'selwecht maachen, wou et awer duerchaus Synergië ginn, déi dem Kontext ugepasst sinn. De Modell, ech hat et schonn an der Schoulkommissioun gesot, muss awer wuel zimmlech gutt sinn, well en an enger änlecher Form national soll ugesteiert ginn. Nach en neie Moment hat ech och an der Schoulkommissioun, ech soen emol ugeteasert, en ass nach an de Kannerschong. Mir hunn e Projet mam ONE hei zu Diddeleng lafen, momentan heescht de Schouldéngscht ONE. Den Titel ass irrelevant, mee et geet einfach drëms d'Aide à l'enfance vill méi no bei d'Schoulen ze bréngen ouni laang Paperassen. Dat heescht, esoubal Enseignanten, ESEP-Mataarbechter mierken, dass do de Problem éischter an der Famill läit, hu se elo eng weider Ulafstell. Et muss keen CI-Dossier sinn, fir dass d'Aide à l'enfance ka gräifen. Mir hunn do e Mataarbechter rekrutéiert, deen och bei eis um Büro wäert sëtzen.

D'Quartiersschoulen, jo, ganz evident. Ech hunn dem- ech däerf dat soen- dem Minister dat och schonn ënnerbreet, dass ech scho ganz frou wär, wa mer bei Quartiersschoule géife bleiwen. An och do der Gemeng e grousse Merci, well den Invest, dee mer elo scho bedreiwen, fir Neischmelz minutiéis ze plangen, ass dach awer ganz grouss. A mir hunn déi Quartiersschoulen, mengen ech, ganz gutt um Schierm. D'Representante vun den Elteren, Tom Michel, du weess vläicht d'Zuele besser wéi ech, ass ganz desequilibréiert. Mir hunn um Brill der immens vill, dräizéng, do weess ech de Chiffer, mir hunn awer op d'mannst eng Schoul, wou mer musse relancéieren, well keen sech gemellt huet. An dann hu mer déi üblech Problematiken, wou mer, jo, Retoure vu Leit hunn, déi et einfach falsch verstanen hunn. Jo, mee bon, dat hu mer zënter Joren. Also, et ass ganz, et ass disbalancéiert eigentlech. Mir maachen elo op alle Fall an zwou Schoulen nach eng Kéier en Appell, soudass mer et awer esou hikréien, dass mer et nach eng Kéier duerchkréien, virun de Wale, fir an d'Schoulkommissioun, also et ass net deen einfachste Wee, dee mer do ginn.

Horaire scolaire hat den Yves Steffen gefrot. Also, bei mir ass dat eppes nach net gelant, ausser an der Nopeschgemeng. Déi hu mech gefrot, déi Keeler, hei net. Dofir kann ech dozou elo net vill soen a souwisou ass en e Changement vun engem Horaire scolaire esou eppes Komplexes, dat mécht een net vun haut op mar, do hänkt Bustransport drun, an do geet et virun allem net ëm d'Horairë vun den Enseignanten, do geet et ëm d'Horairë vun de Kanner. An dat muss een dann a Rou kucken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Joël Michaux, dann den Erni Hoffmann, Direkter vun der Schoulkommissioun.

ERNI HOFFMANN, (DIREKTER VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Gudde Moien alleguerten. Merci un all d'Protagonisten, och eis Partner, déi hei am Dësch sëtzen, fir déi Ënnerstëtzung, awer och net zulescht dem Schäfferot an dem Gemengerot fir d'Vertrauen. Ech muss feststellen, also elo mengen t ass elo meng fënneft Schoulorganisatioun, also et gesäit ee jo och e bëssen, et gëtt méi Luef wéi Froen. Et ass jo och gutt Zeechen, dass dat wat presentéiert ginn, ukënnt. Mee et ass awer, wéi den Här Michaux sot, och d'Realitéit ze liewen an do gi mer eis net, an do hale mer och net op, dobäi ze bleiwen, well et soll ee sech jo och net op deene Lorberen ausrouen, déi do sinn, muss ee soen. Jo, zu der Rentrée, mir hunn eng 1.300 Kanner elo, wou mer et dobannen hunn, do gouf et natierlech an de leschte Wochen e bëssen Evolutioun, par rapport zu, och elo an dësen Zäiten, nach awer Familljesituatiounen, déi changéieren, wou mer musse reaktiv sinn, fir déi Kanner kënnen eranzehuelen an an an. Et ass vill, mee et muss een awer och feststellen, dass mer scho bei engem Plus vun iwwer 30, bal 40 Kanner, dass mer awer och eng Waardelëscht och erofgesat hunn erëm. Mir waren schonn d'lescht Joer ënner 100. Mir sinn elo bei ënner 60. Dat ass e ganz gutt Zeechen. Natierlech och mat der Zesummenaarbecht mat der Gemeng, dass mer déi Moyenen hunn, vun agrementéierte Plazen.

Mir haten d'Transporter geschwat. Natierlech hu mer punktuell nach, wëlle mer awer och déi Plazen ausmäerzen, de Kanner awer och speziell, ech mengen, Transporter limitéiere sech ausser an der Waldschoul jo och op purement d'Mëttegstonn. Do si mer jo awer elo erofkomm. Mir haten nach par rapport zum provisoresche Vott vun der Schoulorganisatioun, do war jo nach dran notéiert, do hate mer zum Beispill ee klengen Transport vum Wolkeschdahl, well mer do einfach méi Kanner haten, wéi déi 23 agrementéiert Plazen eis erméiglechen, do wollte mer nach eng hallef Dose Kanner awer nach eranhuelen. Mat deene gi mer eeben an deen neie Container Brill, dat passt jo och vum Alter hier. Dat ass net kamoud, mee ëmmerhin, déi Kanner hunn eng Plaz. Dat heescht, sou wéi och d'Madamm Di Bartolomeo-Ries gesot huet, all Kanner do, wou kee Moyen de garde à la maison ass, kréien och dann do och am Wolkeschdahl déi Méiglechkeet. Well mir hätten se sur place net, well mer eebe limitéiert sinn am Agrement.
Mir bleiwen nach op deene Gaffelt a Butschebuerg Richtung Ribeschpont-Transporter, wou mer natierlech an Zukunft mat deenen neie Projeten, déi lafen, déi nach kommen, déi och hei votéiert goufen deelweis oder ustinn, wëlle mer natierlech do ophëllefen.

D'Waldschoul bleift, ech mengen, de Brill huet eeben dräi Haiser elo, awer just nach dräi Haiser. Mir konnte jo duerch den neie Container am Brill éischtens, wéi Dir richteg sot,

am Alter e bëssen déi selwecht Kanner accueilléieren. Dat eenzegt, wat och den Ënnerscheed ass, par rapport zum provisoresche Vott vun der Schoulorganisatioun, ass, dass mer awer net konnten dat ëmsetzen, wat mer wollten, dass mer dee ganzen Accueil matinal an de Briller Container maachen, well einfach eis Demande wäit déi 84 agrementéiert Plazen depasséiert, soudass mer mat deene grousse Kanner, déi bei eis - an eiser Terminologie - Waldschoul a Schwämm sinn, an der Schwämm den Accueil matinal kréien an déi aner, déi kleng Kanner, wou d'Infrastruktur jo och fir déi ausgeriicht ass, do hu mir jo net déi ganz Offer bis déi grouss, dass déi eeben nach am Moien-Accueil eeben awer nach getrennt sinn, well mer einfach eng ze grouss Demande op deem Niveau hunn.

Wéi gesot, eisen Organigramm ass eigentlech komplett. De leschte Gemengerot huet nach déi lescht sechs Personalie votéiert, leider Gottes war eis mëttes eng ofgesprongen, well nach iergendeen anere mat a Konkurrenz war. Mir sichen do nëmmen nach eng Persoun am CDI an eigentlech an eisem ganzen Organigramm. Mee och richteg, natierlech hu mer e gewëssenen Turnover am ganze Secteur, dat ass och richteg. Mee wéi gesot, do schaffe mer drun. Mee, also wéi all September, Oktober, hu mer eigentlech eisen Organigramm komplett. Herno kommen natierlech nei Posten am neie Kalennerjoer, kloer, an och en vue vun der Rentrée drop. An dat ass dann och ëmmer en normale Prozess. Dofir si mer jo och ëmmer erëm am Gemengerot mat Personalien derbäi, well mer awer schonn och Poste kreéieren, fir eeben eis Agrement nach optimal auszenotzen.

Wéi gesot, zum PEP. Ech mengen, et ass e staarkt Dokument. Et ass net nëmmen d'Quantitéit, wou et mécht, mee d'Qualitéit. An dofir Merci och fir Är Léif Wierder, mir ginn dee ganz gäre weider un eis Ekippen. Ech menge wéi an der Schoul, wéi och bei eis. Och déi Leit, déi zesummegestallt hunn, bei eis intern. Dat ass ëmmer eng Sisyphusaarbecht, fir dat zesummen ze kréien. Mir probéiere wierklech, do ëmmer déi sechs Thematiken ofzedecken, déi Dir kennt, an dat och esou duerzestellen. An ech mengen och d'Resultat dervun, an dat gouf och ugeschwat, ass eeben dee Bilan, dee mer fir d'drëtt elo gemaach hunn, besser gesot, virun zwee Joer ugefaangen hunn, dass een och e bësse gesäit, et kann een net nëmmen e Programm opbauen, et soll een och e bësse weisen, wat dobäi erauskomm ass. An dat hu mer eeben agefouert, dat ass och, si mer frou, dass dat Partie intégrante ass, als Rajoute, fir dass een nom Schouljoer och emol eng Kéier e Bilan zitt. Dat fanne mer och ganz wichteg. An ech mengen och dee PEP ass allgemeng synonym vun där gudder Zesummenaarbecht, mee wou mer nach ëmmer mussen dru bleiwen. Awer mir hunn awer Erfarunge gemaach an deene leschte Joren, dass wann d'Leit sech kenneléieren op aneren Niveaue matenee schwätzen, Groupes de travail ronderëm eng Organisatioun vum Haus maachen, an esou weider, dass d'Leit, déi sech kennen, dann och op eemol nach vill besser zesumme schaffen. An dat ass den ustriewenswäerten Aspekt bei där ganzer Saach.

Et waren d'Transitiounen ugeschwat ginn? Jo, also, d'Transitioun à première vue, denkt een oft u Spillschoulskanner, Precoce-Kanner, déi nei kommen, mee dat geet nach vill méi wäit. Mir hu Kanner, déi d'Gebai wiessele vu Joer ze Joer, well se am Alter avancéieren. A wann een dann am Deich an de Cycle 3 kënnt, geet een an d'Maison Relais Strutzbierg. Wann een an de Cycle 4 kënnt, an dem Brill, geet een an d'Waldschoul op eemol, wou een nach ni war. An dat sinn och Transitiounen, an dat maache mer alles an där Woch. Bon, ech weess net ob et méiglech ass, national ass eeben eng Summer School och an där Woch, déi hëlleft eis guer net, well dat zerhäckselt eis schonn e bëssen den Encadrement. Ech weess net ob do eppes ze maachen ass, da kann een awer mol de Message weiderginn, well mer vill rennen an, wa mer dat mam Gerenns kéinten ewechloossen, da kéinte mer eis Transitiounen nach besser ëmsetzen. Mee dat ass e Gedanken.

An da ginn et déi Mikrotransitiounen, Kanner, déi duerch hiren Alter op eemol an der Gafelt oder am Butschebuerg an den Alter kommen, dass ech an der Mëttesstonn an de Ribeschpont ginn, da simuléiere mir dat schonn an där Woch a ginn dohinner, fir dass déi Kanner net méindes, oder wéi d'Rentrée fält, deen éischten Dag do fir d'éischt Kéier erakommen an da sinn op eemol do 150, 170 Kanner, dann ass dat eppes ganz aneschters wéi ech elo jorelaang gewinnt war an der Gafelt oder um Butschebuerg. Och dat sinn Transitiounen, déi mer schonn do en place setzen.

An dann hu mer déi véier, fënnef Deeg, esou wéi d'Kalenneren eebe falen, wat awer fir déi Kanner ganz wichteg ass. A mir hunn awer do éischtens emol vill méi Kanner an där Woch, dat ass och gutt. A mir hunn awer och gutt Echoen an och vun den Enseignanten, déi soen, voilà, dann ass dee Stress vun der Rentrée scho mol fort, dass ee scho weess e bëssen, wou een hikënnt. Voilà, ech denken, ech hunn alleguerten d'Punkten opgegraff.

RPI war nach e Punkt, wat ugeschwat ginn ass, also RPI ass schonn am Gesetz verankert säit Joren, déi hu mer. D'Gesetz seet schonn, egal wéi grouss, dass d'Haus ass, ob mer 30 Leit Personal hunn, spréch 200 Kanner, oder ob mer elo nëmme 16 Kanner an engem Precoce-Grupp hunn, muss een ëmmer en RPI hu pro agrementéierte SEA, mee mir hunn eigentlech an deenen Haiser, wou mer vill méi Personal hunn a verschidde Stäck, do hu mir méi Leit am RPI-Rôle. Déi Plazen an de Formatioune si ganz, ganz gefrot hei am Land an et sinn der net genuch do, mee mir stocken dat op. Mir hunn eng jonk Populatioun, eng Populatioun, déi och periodesch net do ass, well se selwer Eltere ginn. Wann dat grad den RPI ass, kann dat jo net sinn, dofir verduebelen a verdräifache mer déi Kompetenzen innerhalb vun den Haiser, fir d'Inklusioun nach besser liewen ze loossen. Voilà. Ech denken ech hätt do elo alles abordéiert. An nach eng Kéier e grousse Merci un alleguerten an un d'Vertrauen an eis.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Här Hoffmann, den Tom Michel huet d'Wuert.

TOM MICHEL (CHEF DE SERVICE VUM SERVICE ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Jo, Merci fir d'Wuert. Vläicht zu den Elterevertrieder, dat sinn och déi Zuelen, déi den Här Michaux gezielt huet, dat sinn déi aktuellst, mir hu bis

elo just vun enger Schoul, vum Brill, e Compte-rendu zeréckkritt vun deenen aneren, hu mer just, also nach näischt zeréckkritt, just héieren, dass et, wéi gesot, e bësse méi moer ass. Mee déi relancéierem nach eng Kéier a mol kucken. Et ass nach bis Enn Oktober d'Zäit, da gesi mer duerno wat dobäi erauskomm ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools Merci. Ech wëll nach eng Kéier op déi verschidden Interventiounen agoe vun de Conseilleren, do war eigentlech rieds iwwert de Precoce. Ech mengen, mir si ganz kloer, datt mer dat misste bei all Kand hunn. Ech mengen awer Leit, déi, an do gesäit ee wéi schued dat ass, déi an enger Privatcrèche sinn, déi wiessele vläicht éischter an de Precoce, well d'Crèche ass ganz deier. Also, looss mer emol soen, wéi et ass. Bon, obligatoresch, dozou kann ech näischt soen. Ech mengen, dat ass keng Decisioun, déi huele mer um Gemengenniveau, dat ass éischter um nationalen Niveau, dofir kann ech eigentlech doriwwer net schwätzen. Wat ugesprach ginn ass, dat ass den Deich, datt déi ganz zefridde sinn, datt déi elo mat Italien, also eigentlech muss ech soen, fir mech war et eng Selbstverständlechkeet, well et ass Ressort Deich, Italie war ëmmer Ressort Deich. Bon, dat ass elo ganz kloer festgehalen iwwert de Ressort scolaire. Ech mengen, si waren allgemeng immens positiv, well dat erlaabt eis awer d'Kanner opzedeelen an net véier Kanner mat Besoins spécifiques an enger Klass ze hunn.

Bon, da war e bëssen och d'Aarbechten un de Gebaier hu geschwat ginn,  Deich, Butschebuerg. Ech mengen dat ass jo ëmmer erëm eng Diskussioun. Do kann ee vläicht, wa mer e bësse méi wäit sinn, och Neischmelz eng Kéier en Informelle maachen, wou mer kucken, wou si mer ënnerwee a wéi geet et virun. Ech mengen dat ass awer, dat dauert nach e bëssen, mir sinn do eréischt an der Aarbecht, mee dat wär awer eng Iddi vläicht, fir nëmmen dat dann ze behandelen. International School war an der Schoulkommissioun ugeschwat ginn, an ech hat dat och ganz kloer gesot, mir hunn eng Demande virleien, mee nach hale mir, wéi de Joël et seet, an och wéi, ech mengen allgemeng, mir stinn do derhannert, eis Quartiersschoulen sinn d'Prioritéit. Also, dat ass et awer ganz kloer. Dann, Elterevertrieder hat den Här Michel beäntwert, den Här Steffen hat nach gefrot vun equivalenten Deeg, fënnef Stonnen d'Woch. Ech mengen, den Här Michel ass drop agaangen. Ech mengen, dat ass och erëm eng Kéier eng national Decisioun. Ech weess, datt d'Liewe vun de Leit geännert huet, datt dat net méi esou ass, wéi dat fréier ass. Mee dat ass national, muss déi Diskussioun gefouert ginn an net kommunal. An da kucke mer, wéi dat virugeet.

D'Madamm Thoma hat gesot, datt eigentlech d'Schoulen ënnert sech sech gutt verstinn. Ech mengen, dat ass eng Evidenz. Ech wëll awer do eng Kéier mol drop opmierksam maachen, datt hei fräi Posten an der Gemeng, fir wann en Enseignant soll bäikommen, mir stëmmen se hei, ganz rar sinn. Also mir hu kaum Wiessel, mir hu ganz laang Leit, déi wierklech hei sinn, déi hei zefridde sinn, also wierklech zu Diddeleng. Also, ech weess net, ob dëst Joer ee fortgaangen ass. An et waren net ganz vill Plazen op, wéi mer un der Lëscht waren. Dann, wat ech awer nach wëll soen, dat ass d'Zesummenaarbecht, ech mengen déi ass jo hei och ganz kloer ëmmer erëm ugeklongen, Schoul-SEA. Ech mengen, allgemeng si mer eis eens, datt dat immens wichteg ass. Dat ass awer och ëmmer e bëssen d'Personal. Wann neit Personal kënnt, dat hunn ech och erkläert, dat ass schwiereg, wann ee vill Personalwiessel huet. Ech muss dat ganz éierlech soen. An Dir gesitt et, mir hunn ëmmer erëm Demissiounen. Mir stellen der ëmmer erëm an, dat ass eigentlech schwiereg. Dat läit net drun, wéi mir et geréieren. Mee dat ass wichteg, datt ee stabil Ekippen huet. An dofir hat ech dat eigentlech ugeschwat, wann eng Maison Relais, an eng Schoul, déi zesumme sinn, an engem Gebai, eng stabil Ekipp hunn, da geet dat och. Dat ass awer net iwwerall de Fall.

Et ass mer awer elo eigentlech, wéi mer hei driwwer geschwat hunn, och opgefall, eigentlech läit et och e bëssen un eis. Well mir misste vläicht och emol en Dag maachen, wou mer soen, hei sinn d'Enseignanten aus dem Gebai, hei ass d'edukatiivt Personal aus dem Gebai, datt een sech esou zwou Stonnen hëlt, wou een zesummen e Kaffi drénkt, da kennt och een deen aneren. Hu mer bis elo net gemaach kënne mer eis vläicht iwwerleeën, fir awer eng Kéier ze maachen, sou am Ufank vum Schouljoer, wann eng Woch eriwwer ass, datt déi Leit sech och kenne léieren. Well déi kennen sech net onbedéngt.

Dann, jo, d'Madamm Loullingen, Merci fir déi Wierder. Ech fannen dat ganz wichteg, wat Dir gesot hutt, hannert all Zuel ass e Kand, ass e Schicksal. Ech mengen och dat ass wichteg. Ech wollt awer elo zum Schluss, dat läit mer um Häerz, ech wollt eigentlech dem Här Zuang Merci soen. Dat war mäi Weebegleeder an deem doten Dossier iwwer Joren. Hien huet natierlech eng ganz gutt Aarbecht gemaach. A Merci der Madamm Loullingen, datt se dat elo iwwerhëlt. Mee ech wollt awer dem Här Zuang mol virun allem Merci soen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och, Josiane Di Bartolomeo-Ries, nach fir déi doten Erklärung. Ech mengen, mir hätten hei probéiert op alleguerten d'Froen ze äntweren. An dofir géif ech da proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen ech Iech villmools Merci. Ech soen dem Här Michel, dem Här Michaux an och dem Här Hoffmann Merci fir hir Presenz an hir Erklärungen.



# 6. KOMMUNAL BËSCHER

**Approbatioun vum järleche Verwaltungsplang fir déi kommunal Bëscher fir d'Geschäftsjoer 2026**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwer goen an dat ass de Forstplang an do begréissen ech eis Fierschter an ech ginn hei eisem Ëmweltschäffe René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Sou wéi am Dezember ëmmer Chrëschtdag virun der Dier steet, ass hei am Gemengerot dann am Hierscht ëmmer de Forstwirtschaftsplang virun der Dier. Och dëst Joer, wéi gesot. Dir hutt an Ären Ënnerlage Pabeiere virleien, et ass wéi all Joers en administratiivt Dokument, dat am Fong geholl nëmme vun Zuele strotzt, dat eis awer dann och keng Kloerheet gëtt, wéi gesäit et an eisem Bësch aus a wéi ass d'Situatioun, an dofir hu mer wéi an der Vergaangenheet och dëst Joer dann nees eng Begehung gemaach gehat, wou d'Ëmweltkommissioun invitéiert ginn ass, respektiv och de Gemengerot. Et ginn och ganz vill Leit, déi dann ëmmer vun där Geleeënheet profitéieren, fir dann effektiv déi Visite des lieux mam Fierschter zesummen ze maachen.

Dëst Joer ware mer iwwert déi nei Wëldbréck, iwwert d'A3, déi nach net offiziell a Betrib ass fir de „Public", awer trotzdeem konnte mer awer scho eng Kéier kucke goen, wéi dat an der Praxis ausgesäit. Mer haten do e ganz interessanten Nomëtte mam Fierschter verbuet, wou mer dann och dann dono och all déi Froe konnte placéieren, betreffend dem Forstwirtschaftsplang an eise Fierschter huet déi dann och ganz lieweg an aktiv beäntwert. An ech soen eisem Fierschter och Merci, dass en haut de Wee fonnt huet bei eis an sech Zäit geholl huet. En ass amgaang seng Dokumenter do ze preparéieren an da géife mer Iech de Fortwirtschaftsplang e bësse méi aktiv mat enger klenger PowerPoint-Presentatioun ënnermolen. an dono ass dann Zäit fir d'Froen an d'Äntwerten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, René Manderscheid.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DIDDELENG): Schéine gudde Moien, villmools Merci fir d'Wuert. Da géife mer direkt ufänke mam Plan de gestion. Eise Budget ass opgebaut op d'Nohaltegkeet, eeben op déi dräi Pilieren, d'Ekonomie, dat ass da bei eis éischter den Holzverkaf oder d'Holznotzung, dann d'Ekologie éischter den Naturschutz an dann hu mer nach dat Soziaalt, dat ass dann d'Rekreatioun, eeben d'Attente vun de Bierger, dat mer kucke fir déi ze erfëllen an och ebe mat Schoulkanner an aner Acteuren. Just eng Kéier, well ech oft gefrot ginn, wéi dat gehandhaabt gëtt, well mir jo u sech ANF sinn an dann ass et d'Gemeng, wou e Budget mécht, erklären ech eng Kéier just ganz kuerz. Alles wat gréng ass, dat ass de Gemengebësch, do hutt Dir 306 Hektar, dat ass och ëm dee Budget, wou et dann haut geet, dann huet de Staat, dat ass gréisstendeels Haard, Naturschutzgebitt, 272 Hektar, wou mer nach verwalten, also als Triage Diddeleng, an dann hu mer och nach een Deel op der Keeler Säit, mee dat ass dohier begrënnt, well dat uschléissend ass un d'Haard an dat bis erof do geet bis op d'Keel, datt mer dat nach matmaachen, mee dat sinn am ganze 676 Hektar.

Vu Personal hu mer do fënnef Aarbechter, mech dann nach als Fierschter, an dann op der Haard hëlleft nach de Jan Herr, dee Gestionnaire ass vun Natura 2000, Gebitter vun hei bis op Déifferdeng, alles wat vum Tagebau hier ass.
Dann d'Fraisen, fir déi 306 Hektar Gemengebësch, do gëtt dann e Budget erstallt wéi haut, do ass eng Kéier d'Salairen an dat sinn déi Aarbechter, déi hei schaffen, an eng Kéier eeben, well mer net alles mat den Aarbechter gemaach kréien, ass eeben de Rescht mat Entreprisen. Genau sou gëtt dann och fir d'Haard e Budget gemaach, mee do leeft lo lafend Fraisen dann iwwert de Staat. An Enn des Joers mir hunn d'Chance, datt mer déi fënnef Aarbechter kënnen op déi verschidde Proprietéiten opdeelen. All Mound ginn d'Fiche-de-travailen ausgefëllt. Do seet den Aarbechter, ech hunn deen Dag do geschafft, deen aneren Dag do. An Enn des Joers gëtt dann eng Repartitioun gemaach vun de Fraisen op dee jeeweilege Proprietär, wou se geschafft hunn. Voilà, dat war just eng Kéier fir kuerz ze erklären.

Da punkto Recetten, bon dat sinn der net ganz vill, also 23.000 Euro sinn do d'Estimatioun, dat besteet eng Kéier aus dem Juegdlous, wou d'Gemeng eeben Terrain huet an deem Juegdlous, wou de Jeeër dann eng Contributioun bezilt, eng 3.000 Euro, dann e klenge Subsid op déi Aarbechten, wou mer mam Päerd maachen, mam Réckepäerd am Bësch, fir dat Holz vu klengem Diameter, dat sinn 870 Euro. An dann d'Brennholz, dat ass déi gréisste Recette mat 20.000 Euro, dat ass relativ stabil iwwert déi lescht Joren.
Exzeptionell kann da mol derbäi kommen, wa Stämm, déi mir elo net hei zu Diddeleng gebrauchen, datt déi op enger Soumissioun verkaf ginn. Dëst Joer hate mer esou e Fall, do kommen ech gläich eng Kéier drop zeréck.

Voilà, d'Brennholz, wéi all Joers, de Präis ass elo mol d'selwecht bliwwen iwwert déi Joren, ausser mir haten do e Pic 2223, dat war bedéngt duerch eeben déi wirtschaftlech Kris, respektiv den Ufank vum Krich, wou d'Gasreserve relativ eidel waren, do hunn d'Leit méi Holz bestallt. Dat huet sech awer erëm geluecht déi lescht Joren. Mir sinn elo erëm op deem Punkt, wéi vun deene Jore virdru quasi. Voilà, zu Ärem Bësch, déi 306 Hektar. D'Le'h gesi mer elo net onbedéngt als Exploitatiounsbësch, dat ass éischter Rekreatioun dann, do wäerte mer da wéi geplangt 40 Meterkibb Stamm eraushuelen an 305 Meterkibb Laangholz. Laangholz ass dat, wat an d'Brennholz geet, do kommen ech och gläich nach eng Kéier zeréck. Hei geet et drëms fir ze weisen, datt mer nohalteg bewirtschaften, datt mer net

méi Holz eraushuelen, wéi et es nowiisst. Do war och eng Recommandatioun vun eiser Verwaltung net méi wéi 60 % vun deenen 888 Meterkibb do erauszehuelen. Dëst erfëlle mer bei Wäitem mat 345 Meterkibb.

Vu wou kënnt dat Holz hier? Mir maachen eng douce Bewirtschaftung, eng ganz virsiichteg. Eigentlech just aus Securisatiounsmesure laanscht d'Weeër, well déi hu mer der wierklech vill, et gëtt jo och vill benotzt vun den Awunner vun Diddeleng. Dann, fir der Eech ze hëllefen, datt déi erëm kann opwuessen, musse mer e bësse méi Luucht erabréngen, well dat eng Liichtbamaart ass. Dat heescht, do kommen och e puer Beem ewech. An dann an deene jonke Bestänn, fir do eebe Verschiddener, déi schéi vital sinn, fir deenen nach weiderzehëllefen, datt se hir Kroun kënne besser developpéieren, gëtt dann nach do e puer Bedränger ewechgeholl. Mä traditionell Coupen, wéi dat virun zéng Joer gemaach ginn ass, maache mer net, well mer de Krounendaach net wëllen oprappen.

Wat gëtt mam Holz gemaach? An duerch maache mer eng Signature proche de la nature. An deen anere Faktor ass, et geet eis drëms, fir ze probéieren, esou lokal wéi méiglech dat Holz och ze notzen. Ech mengen, do ginn d'Bestriewungen national an dann ass d'Gemeng Diddeleng do relativ virbildlech, fir och esou lokal wéi méiglech dann eist Holz, wat mer haten, och ze benotzen. Mir probéieren, mir striewen déi 100 % un. Aktuell wäerte mer dëst Joer ëm 80 % leien, do ginn ech emol dovun aus. Dat ass schonn exzeptionell. Also, dat kann elo net jiddereen opweisen.

Bois de qualité supérieure, dat sinn eebe déi schéi Stämm. Hei ass e Beispill aus der Le’h, wou ënne laanscht d'Waldschoul, do tëscht CIGL a Waldschoul stoung. Dee war op der Säit relativ äusserlech faul. Deen hu mer ewechgeholl aus Sécherheetsgrënn, well d’Kanner och do spillen. Et war eng enorm Eech mat iwwert e Meter Duerchmiesser. Déi kréie mer elo op där Scierie mobile, wou d'Gemeng huet, net geschnidden. Dat heescht, do hu mer gesot, okay, da gi mer dee Bam do op eng Vente pour bois précieux. Där ginn et der aus véier Länner, Belsch, Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg, organiséieren ëmmer eng zesummen Center Vold. An da gëtt och nach eng hei um Waldhaff gemaach. Deen hei war ze spéit, fir elo op déi vun deene véier Länner. Do ass dat op de Waldhaff gaang. An do effektiv kritt een aner Präisser. Do kommen aner Clienten hin, aner Händler. An do krute mer 450 Euro, mengen ech, pro Meterkibb. Dat heescht, fir deen ee Stamm, déi sechs Meterkibb, hu mer 3.000 Euro Recette gehat. Normalerweis läit dat ëm 200 Euro de Meterkibb. Et war wierklech exceptionell. anere Stämm, mer hunn der nach e puer missten ewechhuelen, do war e ganz flotte Projet, wou d'Schräiner hei eeben hei gemaach huet. Dat ass en neien Dësch fir de Schäfferotssall. Ech mengen, dee steet hei net wäit ewech. Dat ass wierklech immens schéi ginn. Mat Holz vun enger Eech aus der Le’h. Also, méi schéi geet et net.

Dann hu mer dat Holz, wat elo net déi bescht Qualitéit huet, awer nach ëmmer gutt ass, dat benotze mer dann zum Beispill fir ee Blockhaus vun der Waldschoul ze bauen, do war elo geschnidde ginn um Site bei eis fir Hochbeeter, fir de Service Jardinage, dann de Kanner-Wanderwee, Spillsaachen, also Spillapparater, da Bänken an elo am Kader vum Naturpakt wäerte mer nach, ech mengen 80, dat do si keng Vullenhaischen, dat do ass fir de Siweschléifer, wäerte mer do nach selwer maachen, wou dann opgehaang ginn, wou mer dat dann och am Kader vum Naturpakt do ugerechent kréien.

Voilà, dann hu mer nach dat Holz, wat elo aus méi jonke Bestänn a wat net esou vill wäert ass, dat gëtt zu Brennholz veraarbecht gréisstendeels, an dann eeben nach fir d'Schoulkanner aus dem Cycle 1 beschränke mer eis do, fir eebe Kleeserchersdag oder fir Scheiwen, wou se dann domadder bastelen. Déi kënnen se op Commande bestellen. Voilà, da ginn ech eng Kéier kuerz iwwert Är Bëschmassiver, wou d'Gemengeproprietéit ass, wat do geplangt ass vu Mesuren. Hei si mer am Wal. Weiderhin, well do d'Eech eeben dominant ass, wäerte mer do d'Eech och ënnerstëtzen, datt mer och rëm vun deenen alen Eeche kleng Eechen dohinner kréien an net mussen akafen, wou mer net wësse vu wou déi Planzen hierkommen.

Weiderhi sinn zwou Mardelle fräigestallt ginn, do geet et drëms, fir eeben d'Waasserqualitéit ze verbesseren, fir och, datt méi Liewewiese kënne vun deene Mardellen do profitéieren, datt déi net ze vill verlammden. Dofir wäerte mer do e bësse méi Luucht dra bréngen. Dat ass bei zwou gemaach ginn a mir wäerten dat och weiderféieren.
Da wäerte mer d'Drainagene zoumaachen, awer net op där ganzer Längt, net elo eng grouss Interventioun am Bëschmaach, mam Bagger, wou mer dee ganze Gruef, Dir gesitt deen, hei ass zum Beispill eng Mardell an da leeft dee Gruef hei esou weider, dat ass fréier gemaach ginn, fir de Bësch dréchen ze kréien, haut si mer éischter, bon, dëst Joer elo net, mee jo, virdru war et immens dréchen, da si mer éischter der Meenung, datt mer d'Waasser sollen am Bësch behalen. Dat heescht, mir ginn net elo mam Bagger dee ganze Gruef do säitlech zou, well da gi mer immens vill Wuerzelele futti maachen, mir wäerte just den Auslaf vun de Mardellen einfach op dräi Meter zoumaachen, an dat huet dee selwechten Effet. An do verschoune mer awer da vill Wuerzelen, wou da kann dann d'Pilzen erakommen an d'Beem awer méi drënner leiden. Dat ass och eng Mesure, déi kréint een am Naturpakt ugerechent.

Dann de Wal, wou verbonne war ëmmer mam Därebësch an, bon, duerch de Bau vun der Autobunn do ënnerbrach gouf, d'Zersiidlung, also d'Duerchschneidung vun de Liewensraim, do ass d'Wëldbréck endlech lo fäerdeg, si ass nach net ganz op, ene Deel Clôture ass op, mee d'Ponts et Chaussées hat ech nach de Moien um Telefon, bis Enn des Joers wäert d'Clotûre do fort sinn. Uewen ass nach eng Rigole, wou lo d'Fräschen an esou net driwwer kommen, déi gëtt nach erausgeholl, dat heescht, Enn des Joers awer wäerten déi Aarbechten erleedegt sinn. Do ass elo eng Loftfoto, hei gesäit een se nach eng Kéier méi schéin. D'Ursaach, firwat se genau do ass op der Grenz, huet elo näischt mat der Grenz Lëtzebuerg-Frankräich ze sinn, mee et war einfach gekuckt ginn, wou déi Bëscher matenee verbonne sinn. Lénks niewendru komme mer a Felder. An hei hu mer e grousse Massif eeben a Frankräich, dee franséische Wal, dat ass e grousse Bësch, wou sech da mat där Säit vun Diddeleng do perfekt verbënnt. Dir gesitt op der

Bréck och, datt dat net nëmme Wiss ass oder net nëmme Gestrëpp. Da kommen ech elo gläich eng Kéier drop. D'Leit mengen ëmmer, dat wär just fir Réiwëld oder fir Wëllschwäin, dat ass awer fir all Zorten Déieren. Hei nach eng Foto, wou se am Bau war. Voilà, hei ware mer och, dann ee mat der Ëmweltkommissioun do kucken, do sinn dann och Steng openee getässelt. Do geet et drëms, fir dann d'Amphibien, datt déi och kënne vun där enger Säit op déi aner Säit kommen, fir sech och kënnen ze verstoppen, fir datt se elo net vu Feinden direkt do geholl ginn. An ënner anerem sinn och do Mardellen, déi eng Säit vun der Autobunn, eng déi aner Säit ugeluecht ginn, datt dat sou Trittsteinbiotope sinn, wou d'Fräschen, d'Molchen, wou déi kënnen do dragoen an dann eriwwer wanderen. Ënne gesitt Der, déi Rigoll hei, dat ass nach en Hindernis. Op där do Plaz elo net, mee uewe laanscht de Bësch läit och nach eng. Déi gëtt eeben dann erausgeholl. Dës Wëldbréck gouf am Kader vun der dräispuereger Verbreedung geplangt. Dann ass nach eng Richtung Stad, déi ass am Kader vum Ausbau vun CFL, déi ass och fäerdeg, also Richtung Stad. An da kënnt nach elo eng Bäi vun Helleng, vun der aler Bauschutzdeponie Richtung Parc Merveilleux. Dat heescht, dann hu mer déi Couloiren erëm hiergestallt, wou d'Déiere kënne wanderen.

Voilà, da komme mer an den Därebësch, do den Tilleweier, do hate mer jo virun e puer Joer eng Kéier d'Baach do renaturéiert, CFL huet en Deel gemaach, uewerhalb, déi wäerten do nach weiderfueren, dat lescht Stéck maachen se d'nächst Joer, an da sollte mir dëst jo schonn ënnendrënner renaturéieren, mee et ass et esou, datt den Tilleweier jo mam Myriophyllum do besidelt ass, wou déi ganz Uewerfläch vum Waasser quasi zou ass, an do hu mer eis ëmfrot am Ausland, de Weier misst een u sech zwee Joer drécheleeën, fir datt dat ausstierft, an duerno musse mer kucken, datt mer keng Connexioun méi maache mat Fléissgewässer, dat heescht, datt de Weier just nach vu Reewaasser gefëllt gëtt, well de Myriophyllum kënnt duerch eng Aquariumsplanz, wou d'Leit dann an de Kanal schëdden an déi dann eeben duerch d'Baach an de Weier kommen. Fir dat ze evitéieren, wa mer elo schonn de Weier, déi Planz probéieren erauszekréien, géife mer dann d'Baach laanscht de Weier deviéieren an ënnerhalb d'Baach och renaturéieren. Dat gëtt finanzéiert iwwert de Fong vum Staat, dat heescht, et ass d'Gemengebësch, mee de Fong vum Naturschutz, well et an engem Natura 2000-Gebitt ass, iwwerhëlt dat dann. Dëst Joer d'Etüden an da gi mer dervun aus, datt d'nächst Joer kann do geschafft ginn.

Dann de Park Le'h, de Kannerwanderwee ass endlech fäerdeg. Dat huet laang gedauert, mee do si mer frou, datt dee lo fäerdeg ass. Dann den Eichenprozessionsspinner mécht sech vill manner bemierkbar iwwert déi lescht Joren, oder déi lescht zwee, dräi Joer hu mer quasi keng Interventioune gehat, mee nach ganz lokal. Déi Populatioun ass einfach agebrach. D'Wieder war dëst jo effektiv net favorabel. Mir hunn e Budgetsposte vu 16.000 Euro am Plan de gestion, fir weiderhin de Monitoring ze maachen. Dee musse mer maachen, wann elo ee Joer d'Populatioun erëm géif explodéieren, fir da geneemegt ze kréien, fir e Biozid do ze benotzen. Dat heescht virsiichtshalwer fuere mer mat deem Monitoring weider, mee déi Fraise vun Sprëtzen, Biozid, déi sinn emol fort. Voilà, dann déi klassesch Saach, wou eis immens hir Zäit an Usproch hëlt, wat awer immens wichteg ass, ass d'Securisatioun vun all deene Spillplazen, vun der Waldschoul, vun all de Weeër. Dofir kann et mol virkommen, mir ginn eist Bescht, mee hei war e Beispill, déi aner Säit vun der Waldschoul, do war och en Aascht ofgebrach, déi sinn uewen, fréier si se vun ënne gefault, dann huet ee Pilze gesinn, um Stamm, mëttlerweil ass et ëmgedréint, vun uewe faulen d'Buchen do, oder Ahorn, dat kënne mer net virausgesinn. Also, mir ginn eis d'Bescht, mee et kann ëmmer emol eng geschéien, jo. Dann, och an der Le'h probéiere mer déi eenheemesch Beem do, déi schéin Eechen, wou mer do hunn, well se adaptéiert un de Standuert sinn, och do ze regeneréieren. Do hu mer plazeweis elo esou Hordengatter opgeriicht, dat fonctionéiert och wierklech gutt. Et ass och Réiwëld do, sou evitéiere mer, datt déi gefriess ginn, och vum Réiwëld.

Dann am Kader vum Naturpakt och, do gëtt et eng Waldwegekartierung an do ass d'Gemeng esou, datt eemol d'Joer ginn d'Weeër, also d'Feldweeër da geméit. Do probéiere mer op deem Secteur hannert der Le'h, déi Feldweeër do zweemol d'Joer ze méien an déi éischt Kéier dann, et ass och Fauchage exhaustif mee dann Enn Juni, Ufank Juli, mam Päerd ze méien, dat geet mam Balkeméier a wann dann Insekten drop sinn, da falen se erof an déi sinn net duerch de Mulcher eng Kéier gedréint ginn. An da kucke mer, ob déi Weeër sech da besser entwéckelen, méi naturno nach entwéckelen. Mir wollten dat elo net iwwert d'ganz Gemeng maachen, mee do emol probéieren. Voilà, dann d'Blockhaus, dat zitt sech nach e bëssen an d'Längt, mee d'Holz ass all gehaen, d'Schuel ass schonn erofgeholl ginn, an an der Léi selwer um Site Waldschoul ass d'Dall gegoss, a lo hänkt et un eis eeben, de Marc Hoffmann, deen dat baut, deen ass elo domadder gaangen, et wäert et nach e puer Méint daueren, mee dat ass e lo prioritär fir säin Aufgabegebitt.

Da Gehaansbierg, do hu mer erëm Am Weierchen, dat ass déi Strooss, déi uewe vun der Scherr erofgeet op Butschebuerg, do sinn déi Robinien, do waren der e puer ëmgefall, all Kéiers, wa Loft ass, sinn ech frou, wa keng fält, mee do wäerte mer eng Kéier e bësse laanscht d'Strooss raumen, fir ze evitéieren, datt do - do sinn der e puer lassgerappt hanne mam Wuerzelteller - datt do keen Accident geschitt. Da wäerte mer e Groupe de travail eng Kéier probéieren ze maachen elo d'nächst Joer, wou mer d'Gemeng dann an den INPA a mir, well nach ëmmer, ech soen dat Gréngt, dat ass dat, wat Iech gehéiert hei ronderëm, wou mer dann och d'Gestioun maachen, an dat uewerhalb, do ass eng Konventioun mat Sites et Monuments oder haut INPA, an, bon, mir wëllen dat uewen nach e bësse verschéineren, respektiv datt méi Entretien do gemaach gëtt. Mir kënnen do och elo bedingt nëmmen nach mathëllefen, well mat eise fënnef Aarbechter kënne mer net och elo nach esou vill Hektar do derbäi maachen. Do geet et och ëm d'Securisatioun vun de Beem, och bei der Kapell, do steet nach déi, déi elektresch Këscht, datt een déi eng Kéier aneschters integréiert an datt do den Entretien méi reegelméisseg gemaach gëtt. D'Gemeng hat schonn intervenéiert, doropshin sinn och Aarbechte gelaf, mee vläicht fonctionéiert et besser, wa mer eng Kéier esou e Groupe de travail hunn.

Dann, wat ass gemaach ginn? De Bëschkierfecht, do war den Daach jo relativ delabréiert, de Kullang houng schif an uewen huet et era gereent. Deen hu mer Ufank dës Summers nei gemaach. En ass elo mat Schifer gedeckt, also mat natierlechem Material. Virdru waren dat esou Schëndelen, dat ass och nach immens deier fir ze entsuergen. Mir hunn eng Velux dra gemaach, fir datt och, bon, elo am Wanter, wann e Begriefnis um fënnef Auer ass, dann ass et awer däischter, mee anerwäerts, datt do méi Luucht erakënnt, wann een dobannen eng Ried hält. Des Weideren hate mer dat jo och am Budget, fir de Wee nei ze maachen, dat ass elo virun zwou Wochen ofgeschloss ginn, do si mer net an de Mammebuedem intervenéiert, mee mir hu just eng Bordure gesat an déi zwielef Zentimeter hu mer opgefëllt, fir och do deene Beem, wou do stinn, datt mer deenen elo net méi Problemer maachen, wéi d'Saach wäert ass.

Ech ginn der Populatioun Recht. Ech mengen, mir kruten oft Reklamatiounen, datt wann et naass ass, datt dat schwéier begehbar ass. Dat ass doduerch bedéngt, datt et am Hang ass. Also, dat ass effektiv verständlech. A mir hunn och do déi Geneemegung da vun eiser Säit kritt. De Wee gesäit elo esou aus, ech mengen, dat ass ganz schéi ginn. Mam Laubbléiser gëtt dee periodesch eng Kéier fräi gemaach, dann ass dat méi agreabel, fir do ze trëppelen, do ze goen. Voilà, do, mir hunn och nach zousätzlech Beem ausgewielt, well et awer relativ séier weidergeet, well e gutt ugeholl gëtt, de Bëschkierfecht, bon, verschidde Beem falen ewech, hei gesitt Dir ënnen, esou e Schleimfluss, deen do war elo nach net selektionéiert, dee gëtt dann ewechgemaach, an deen anere Problem, wou mer elo hunn, an do wäerte mer och eng Kéier mam INPA Récksprooch huelen, déi Allee, wou et elo eropgeet, mir hunn déi elo schonn zweemol sekuriséiert, och d'Totholz erausgeholl, mee et kënnt all Joers bäi, verschidde Beem sinn ënne gefault, déi hu mer missen ewechhuelen. Mir kucken do eng nei Allee dann ze planzen. Et muss een elo kucke wat machbar ass. An eiser Iddi war éischter, datt een eppes fir d'Fréijoer hätt an eppes fir de Wanter, d'Fréijoer e Kiischtebam, wou een eng schéi Bléi huet an am Wanter dann den Ahorn, wou een eng schéin Hierschtverfierwung huet. Mee mir kucken dat mam INPA, ob déi Routbuchen -llee do geschützt ass oder net.

Voilà, dann de Ginzebierg. Do ass et esou, am Kader vum Budget participatif war jo e Fitnessparcours zeréckbehale ginn. Do ass et aktuell esou, datt deen nach bei eiser Verwaltung ënnerwee ass fir d'Autorisatioun. Mee ech géif mengen, datt dat kee Problem géif duerstellen, virun allem well et net elo nei ass. Do war ëmmer e Fitnessparcours. Dat heescht, et ass elo keen neie, wou geluecht gëtt. E gëtt op bestoende Weeër ugeluecht, et gëtt keen neie Wee gemaach. Dofir ginn ech net dovun aus, datt do e Problem ass. Déi Statiounen, wou do waren, sinn e bëssen aneschters opgedeelt ginn, esou datt een ëmmer déi selwecht Distanz huet tëscht deene verschidde Statiounen, wou ee ka ronderëm lafen. Dat war och, ech muss soen, e flotte Projet. Och mat den Initiatoren huet et gutt fonctionéiert. Gemeng, ANF a si selwer. Voilà, uewen d'Gemeng huet och do de Bouclub. Déi Clôture, déi och zerfall war, huet och missen nei gemaach ginn. Natierlech och de Ginzebierg ass elo erëm an d'Topform. Da wäerte mer weider déi Coupe, wou mer maachen an dee jonke Bestänn, déi wäerte mer integral mam Päerd schleefen, dat ass och am Massif Forestier vum Ginzebierg.

Dann d'Rekreatioun, wéi all Joers empfänke mer Cycle 1-Klassen op Demande. A wärend zwee Méint am Joer kënnt d'Waldschoul jo bei eis op de Site. An do hate mer jo gesot, géife mer do eng kleng Infrastruktur bauen, wou elo dee Container ass, och esou en halleft Blockhaus bauen. Dat huet de Marc scho gebaut, dat steet fäerdeg do. Do feelt och nach d'Autorisatioun elo fir et dann en place ze setzen an déi Dall ze géissen. Mee dann hätt d'Waldschoul och fir déi zwee Méint do en Ënnerdaach. A mir, also fir d'Gemengematerial hu mir verschidde Maschinnen, déi sinn e bësse kriddeleg, wat elo d'Temperaturschwankungen ugeet am Wanter, am Summer an eiser Hal, da kommen déi och do dra stoen. Dat ass och fir edukativ Zwecker, fir eeben d'Demande vun de Schoulklassen, wou mer do Saache bastelen, fir si do dran ze maachen, bis eisen aneren Hangar fäerdeg gebaut ass.

Dann ass ee Budgetsposte fir eng Reparatioun vun der Schleefmaschinn. Dat ass déi, wou d'Gemeng selwer huet, déi ass scho relativ al. dat ass richteg. Mir haten Devisë gefrot fir eng nei. Dat geet ab 360 Euro un. Dat kann eng Gemeng maachen, déi da vläicht 1.000 Hektar Bësch huet. Do mécht dat Sënn. Do ass dann och eng gewësse Rentabilitéit. Mee mir haten ëmmer manner Holz. Mir haten ëm 400 Meterkibb d'Joer. Dat wier ni rentabel ginn. An do hu mer gesot, da géife mer se flécke loossen, do ass den Devis ongeféier 45.000 Euro, et muss eng Kéier e bësse méi do dru gemaach ginn. Mee da kënne mer awer erëm e puer Joer weiderfueren. Also, déi do leeft elo schonn hei zënter 1998. Si gëtt net oft gebraucht, mee mir hu Plazen, do geet et net anescht mat esou engem Knicklenker, den Trakter géif do tippen am Bësch. Déi do ass immens robust an et ass keng Elektronik drun. Voilà. Dofir probéiere mer déi elo nach eng Kéier an d'Rei ze sëtzen an dann nach e puer Joer domat ze fueren. Jo, dat ass fir esou Interventiounen, wou mer dann iwwert de Report it oder iwwert d'Leit matgedeelt kréien, wou erëm déck Beem ëmgefall sinn, da musse mer esou eng Maschinn hunn. Anerwäerts ass een op e Betrib ugewisen, mee déi sinn och saturéiert an déi kommen dann net direkt. Déi kommen dann eng Woch, zwou Wochen drop. Da sinn d'Weeër natierlech zou. Sou si mer méi flexibel op alle Fall. Sou wéi et och ëmmer war hei zu Diddeleng. Voilà, dat do ka mol geschéien. Et sinn esou Beem, déi dann ëmfalen. Mat der Hand ass dat do schwiereg an och ze vill geféierlech.

Dann hate mer dëst Joer eng Dron kaf. Dat hate mer och eng Kéier kuerz presentéiert wärend der Visitt vun der Ëmweltkommissioun. Firwat ass déi geduecht? Eng Kéier fir de Projet Sauvons Bambi, fir eis do unzeschléissen. Do feelt awer nach, also do kënnt eng Entrevue, déi feelt do nach. Mee do kommen ech eng Kéier drop zeréck. Dann, fir Wëldschied opzehuelen, ech mengen d'Gemeng selwer huet ee Juegdlous an der Le'h, respektiv hannert der Le'h, dat zitt sech da bis op d'Butschebuerg hannert de Labo. Bis do hate mer ni Problemer. Dat war geholl ginn deemools, fir kee Konfliktpotential ze hunn tëscht Jeeër a Leit, wou do eebe vum Park Le'h do profitéieren. Dat ass och vun

eis och esou virgeschloe ginn. An do hate mer dëst Joer fir d'éischt Wëldschued, do hu mer natierlech och konnte mat der Kamera dat ophuelen. Dat kann een ausmoossen, dat ass och vis-à-vis vum Bauer a vum Demandeur, huet een do eng neutral Basis fir ze diskutéieren, wéi vill Wëldschued et ass. Et ware d'Schwäin, déi waren am Summer, also wou de Mais ausgesäit ginn ass, do waren se direkt de Som eeben huele komm. An duerno sinn awer keng méi zeréckkomm. Mee do hu mer och intervenéiert. Dann ass et nach geduecht fir, wat u sech immens wäertvoll ass, eemol d'Joer gëtt iwwert de Geoportail Fotoe gemaach, also vum Staat, déi Loftfotoen, heiansdo ginn déi och am Hierscht gemaach, da gesi mer net wéi de Feuillage ass, hei kënne mer awer mat der Dron selwer de Gesondheetszoustand besser suivéiere vun eise Bëscher, wéi vill Beem do futti ginn a wéi vill net. Dann hu mer se och scho benotzt, wa mer asiatesch Hornissennäschter gemellt kréien. Oft ass dat op enger Héicht, wou een et net direkt erkennt a mat der Dron kann een do ouni Risiko bäifléien a kucken ob et normal Hornisse sinn oder asiatescher, déi da mussen ewechgeholl ginn.

Voilà, hei war zum Beispill immens vill Ree gemellt ginn an do war och e Bam gebrach, krute mer gemellt, a mat der Dron ass een do natierlech immens flexibel, fir ze kucken, ob deen an der Baach läit, ob en net dra läit an ob en dat géif zousetzen oder net, soss hätte mer missen intervenéieren. Sou hu mer gesinn, datt dat keng Urgence war, dat ass ënner der Autobunn do, Biereng, wou d'Diddelenger Baach do drënner leeft, wann dat géif do dra falen, dann effektiv géif dat e Réckstau ginn op Diddeleng an hätt da Konsequenzen an Ärem Reseau. Voilà, also et ass een zimmlech schnell, et kritt ee vill matenee gemaach a kee Risiko eeben. Hei war elo Opname, wou mer, do gehéiert e bëssen Training dozou, kann een net eng Dron kafen an einfach soen ech fléien. Sou einfach ass et och net, et muss een e Permis maachen. Hei war elo eisen Aarbechter, wou dann e bëssen trainéiert huet. Lénks gesitt Dir do, dat ass dee Punkt, wou een op der Wärmebildkammer gesäit. A wann een dann eruzoomt, dann huet ee béid Displayen, also en Nachtsichtgerät, infrarout, an normal Fotoen, da gesäit ee, wat do ass.

Also, Huesen hu mer der zimmlech vill méi wéi mer geduecht hätten, dat ass doduerch bedéngt, datt Dir och relativ vill Heckestrukturen hutt an deene Fräiflächen, wou Dir hutt, an dee Fauchage tardif, dat huet immens positiv Auswierkungen op d'Huesepopulatioun. Well mir hunn der iwwerall gesinn, egal wou mer geflu sinn. Hei war elo, wou mer de Maisschutt opgeholl hunn, do hu mer och gesinn, datt do en Déier dreläit. Dat Rout, et weess een net ongeféier wat et ass, mee dat war ee Fuuss, deen do geschlof huet an do ass en erwächt, wou mer e bësse méi no geflu sinn. Mee och hei gesi mer, datt do war eng Zäitchen, datt se Räude haten, datt se net gutt an hirem Poil waren, mee mëttlerweil huet dat sech geluecht, déi Krankheet, bei zu Diddeleng hu mer elo keng méi gehat, déi Räude haten. Voilà, hei ass e Maisstéck, wou Wëldschued dra war, hannert dem Labo, hei ass dat hannert der Le'h, do waren d'Schwäin net, wéi gesot, lénks waren se am Ufank, wou direkt geséit ginn ass, duerno hu mer eng Clôture gesat, fir eeben ze invitéieren, datt d'Schwäin nach mat zeréckginn, dat huet och genotzt, déi sinn net méi zeréckkomm. Déi komme warscheinlech vum Gehaansbierg, vun der Haard kommen déi dorower.

Voilà, de Projet Sauvons Bambi, dee suivéiere mer. Mir wollten dat éischter ugoen, mee bon, dat ass wéi gesot, d'Dron war am Ufank vergraff duerch aner Ëmstänn. Dann hu mer missen de Permis maachen. Do hunn dräi Leit den Droneschäi gemaach. Ouni deen hate mer d'Dron och net kaf, fir d'éischt hu si den Droneschäi gemaach. Et soll fir de ganzen Territoire vun der Stad Diddeleng sinn. Den Training ass ofgeschloss, et feelt nach eng Reunioun mat Sauvons Bambi eeben. Et war gëschter an der Zeitung, datt se 674 Réikitz gerett hunn. Dat ass wierklech net näischt, dat ass wierklech luewenswäert an dat kann ee just ënnerstëtzen. Also u sech, fir déi, déi et net kennen, et geet drëms, datt éier geméit gëtt, datt een eng Kéier iwwert d'Feld flitt a kuckt, ob e Réikitz do läit oder net, well d'Réikitz, wann d'Méimaschinn kënnt, déi riseg Méimaschinn hannert den Trakteren, déi fueren einfach driwwer an de Bauer gesäit och net, an de Bauer huet et och net gär, well et geet an d'Fudder an dat Fudder kann hien dann ewechgeheien. Mee dat ass just méiglech mat enger Wärmebildkamera, wou een déi kann dann orten an da ginn zwee Leit dohinner geschéckt, déi et da mat Gras eraushuelen op eng aner Plaz sëtzen, bis d'Surface fäerdeg geméit ass. Mee 674 Réikitz ass schonn och remarkabel, well déi Jonk Réikitz, déi stinn net vum selwen op. Voilà.

Dann eng Kéier mat de Baueren, well u sech ass et jo volontaire. Ech mengen, mir bidden de Baueren dat dann un. Da musse mer eng Kéier eng Reunioun oder se uschreiwen, déi puer Baueren, wou hei nach zu Diddeleng Stécker bewirtschaften. Si mussen eis dann zwee, dräi Deeg am Virfeld Bescheed soen, éier se méien. An dat hänkt jo ëmmer vum Wieder of. An da musse mir moies fréi am beschten éier d'Sonn opgeet, kucken, well dann ass den Temperaturënnerscheed am gréissten. Voilà, dann zousätzlech zu Sauvons Bambi wäerte mer awer och eng Sensibilisatiounscampagne maachen, do wäerte mer e puer Pannoen ausschaffen, dat doten ass elo net déi lescht Versioun, mee ech hunn et elo mol dragemaach, wou mer wäerten dann hannert der Le'h, am Wal an och Butschebuerg opstellen, fir d'Leit och ze sensibiliséieren, den Hond wärend där Zäit, wou d'Réi Klenger kritt, an d'Léngt ze huelen. Ech mengen, mat Sensibiliséieren erreecht ee scho vill, well och do, den Hond, dee leeft dann hannendrun, ouni datt d'Leit dat elo wëllen, mee fir dat dann ze evitéieren, déi Zäit just den Hond do volontär an der Léngt ze halen.

Dann ass och am Plan de gestion ee Punkt, wou mer wäerten d'Etüd ënnerstëtze vum Staat, do geet et drëms, fir ze kucken, ob de Marderhond hei ass oder net, et gouf eng Kéier een doudege fonnt, et ass esou, dee gesäit esou aus, änlech wéi e Wäschbier, awer net grad esou grouss a klëmmt och net op Beem. Et ass u sech aus der Pelzzuucht, wou dat eeben, jo, e kënnt, wou e fortgelaf ass aus deene Pelziichtereien an en ass no un der Grenz an en eeben eng Kéier och hei zu Lëtzebuerg nogewise ginn. D'ANF mécht do e Projet, wou Diddeleng dragrenzt mam Gehaansbierg. Do ass- jo, do komme ech drop zeréck- do ass en Dachsbau an si hu festgestallt, datt de Marderhond oft am selwechte

Bau lieft wéi den Dachs. A mir hunn där awer relativ vill hei zu Diddeleng. Duerfir hu mer gesot, da komme mir maachen et op eis, also da begleede mir dee Projet a mir maachen eng Erweiderung op all d'Dachsbauen hei zu Diddeleng. Da wësse mer och eng Kéier, ob se nach aktiv sinn oder net. A firwat mer dat maachen: do gouf et Ufank des Joers, do hate mer dräi doudeg Dachsen. Dat hate mer u sech och nach ni. Ech hat dat och a menge Revéier virdrun ni. Zwee op der Haard an een um Gehaansbierg. Et kann elo sinn, et gëtt emol Tuberkulos oder esou. Leider, wou mer e gemellt kruten, an éier mer do waren, do war e scho verschwonnen dacks. Also, deen op der Haard war nach do, mee deen um Gehaansbierg, wou mer do wollten an de Labo bréngen, war scho fort. Mee da gesi mer eng Kéier, wéi d'Dachsbaue besicht sinn oder net. Do gouf nämlech eng Etüd virun zéng Joer ongeféier gemaach. Da gesi mer, wéi dat sech entwéckelt huet.

Voilà, dann hu mer de Problem, gëschter Moie krut ech en Noutruff, wou um fënnef vir hallwer aacht am Quartier Italien eng Madamm gepickt ginn ass vun enger asiatescher Horniss. Do war et esou, datt en Nascht op de Buedem gefall ass, wou se do getrëppelt ass, an do ass se gepickt ginn. Do ass och d'Ambulanz komm. Aktuell ass et esou, d'Pompjee maachen et net an d'CGDIS mécht et net, well se och net ekipéiert sinn, well déi Stachele ginn duerch eng normal Imkercombinasioun, dat ass quasi en Zentimeter.
Mir hunn ee Mann an der ANF, wou dat mécht, mee dee kënnt vun Dikrech, dat heescht, wann ech deem uruffen, dann ass deen net direkt do. A gëschter do hu mir dann ofgespaart, mee dat ass och net esou evident, well mir wosst jo net richteg, wou et erofgefall ass. Bon, ech mengen do muss d'Politik eng Kéier intervenéieren, dat do, dat sech do aneschters opgestallt gëtt, mee mat engem Mann iwwert d'ganzt Land ass dat quasi net ze managen. A wann dat och nach a Schoulweer ass, wéi gëschter, do hu mer dee groussraimeg ofgespaart, datt do näischt geschitt. Bon, national goufen 175 Näschter dëst Joer ewechgeholl bis elo. Zéng Interventiounen hei zu Diddeleng. Esou en Nascht ass fënnef bis zéng Kilo schwéier. Dat do war an der Rue Nic Conrady. Dat war en enormt Nascht. Ech hunn dat just aus Filmer gesinn, aus anere Länner wéi hei. Et war enorm. An et ass laang net opgefall. Dat heescht, do hu se weider net gestéiert. Et ass awer esou, datt an engem Nascht 500 potenziell Kinniginne géife kënnen entstoen. An een net traitéiert Nascht, kann d'nächst Joer fënnef bis zéng anerer maachen. Bon, et ass e bësse limitéiert, well se territorial sinn, dat heescht, do gëtt et och eng Limitt, wou et net méi elo an d'Luucht geet, mee am Moment hu mer dee Pic nach net erreecht. Dat ass änlech wéi bei den Eichenprozessionsspinner. D'Wierder spillt och sécherlech mat.

Et ass en Enjeu majeur, jo, et ass eng invasiv Aart. Mee bon, si ass hei, mir kréien se och net méi bekämpft. Ech mengen, dat ass illusoresch. An den Nopeschlänner ass se och. Mir mussen domadder liewen. Et ass e Feind fir och eis Hausbeien, fir d'Hunnegproduktioun. Déi hunn awer mëttlerweil och scho Fale virun hire Këschten. An dann ass dee Problem, wou ech éischter gesinn, dat ass d'Securité publique, well déi sprëtze jo Pheromon mat Uringemësch op een, also deen éischten, deen sech da bedrot fillt, an da kommen all déi aner a fléien och op déi Plaz, wou dee markéiert huet. Et ass scho performant vun der Natur. Bon, do ass dat Nascht, wou erofgefall ass, dat fält dann esou a Stécker. Also net dat uewen um Bild, mee déi ënne riets, ënne lénks, do hu mer ofgespaart, mir sinn och do bliwwen, bis d'Schoulkanner eeben an der Schoul waren. Dat do ass och bei deem Nascht. Dat heescht, si ginn erëm zeréck op hir Brut do. Et erkennt een se par rapport zu eiser Horniss dorunner, datt se hanne ganz schwaarz ass. Si ass net grad esou grouss wéi eis heemesch Horniss, mee méi aggressiv. Jo, do koum dee Mann, dat huet eng hallef Stonn gedauert, well en ënnerwee op Esch war. Do huet en eis prioritär geholl, de Marc Waxweiler aus der ANF, deen e spezielle Costume huet, fir dat dann opzerafen. Et ass och gespaart bis haut, well si kommen eng Kéier zeréck oft an ënnert d'Blieder. Dat heescht, bis haut hu mer gespaart an dann huele mer et ewech.

Jo, an deen anere Problem ass, mir intervenéieren elo als ANF just nach op der Place publique oder wou e Risiko besteet fir de Public. An alles, wat privat ass, do mussen d'Leit eng Firma ruffen. Hei ass zum Beispill en Nascht am Quartier Italien och. Et hänkt um engem Haus. Mee do intervenéiere mir net méi. Et kann natierlech och erof op den Trottoir falen. Mee, jo, ech denken, datt sech do eng Kéier muss aneschters opgestallt ginn. Dat heite war Ufank dëst Joer, dat war op der Nuddelsfabrick, do krut ech owes och vum 112 en Uruff, do wäre méiglecherweis asiatesch Hornissen. Et waren et der och. Déi waren ënnert dem Kanaldeckel. Do ass och eng Crèche net wäit ewech. Moies ass direkt intervenéiert ginn. Och e Gemengenaarbechter vun Iech huet matgehollef. Voilà, do ass déi Combinaison, dat ass esou wéi en Astronautekostüm, jo. Mee déi waren ënnert dem Kanaldeckel. Eis Horniss géif dat net maachen. An déi hei maachen Näschter iwwerall. A wann een do ze vill drop spréngt, da ginn een natierlech aggressiv. Voilà, hei ass d'Verbreedung am Saarland. Do gesäit een eng Kéier, béid Chiffere 2024 steet hannendrun, mir si jo ugrenzend an hei ass d'Evolutioun änlech. Déi huet sech verduebelt, also hei souguer primär Näschter, sekundär an esouguer verdräifacht. Ech denken, datt dat och hei wäert geschéien. Dann hate mer gëschter och duerch Zoufall en Nutria, dee blesséiert war a beim Boulodrom souz. Bon, den Nutria ass och eng invasiv Aart, dat heescht, en ass e bësse méi grouss wéi eng Bisamrat an do ware mer deen da fänken.

D'Rettungspunkter, do war och eng Kéier eng Fro komm vun der Oppositioun. Dat läit net un der Gemeng, dat läit effektiv un eis, well do d'Personalwiessel war am Arrondissement a well mer e bësse surchargéiert si mat der Aarbecht. D'Pottoe goufen all aus Diddelenger Holz gemaach, vum Holz aus Diddeleng. D'Placketten hu mer och. D'Pottoe sinn all gesat. D'Barrièrë sinn esou gemaach, datt béid Schlässer, eent vum CGDIS an eent vun der Gemeng drop sinn. Et hänkt elo nach engem Retour, wou mir effektiv hunn un de CGDIS an da kënne mer Placketten drop maachen. Wat mer awer festgestallt hunn am Summer, dat ass zum Beispill um Ginzebierg, mee et ass net nëmmen de Ginzebierg, d'Autoe stellen ech esou, datt se effektiv oft virun der Barrière stinn. De Bauer hat och Problemer, dee koum guer net méi eraus mam Unhänger. Do musse mer och eng Léisung fannen. Do kucken ech eng Kéier elo mam Pit Demuth, der Circulatioun a mat eise Pecherten, wat do

machbar ass a wat net. Mee ech soen, et déngt näischt, e Rettungspunkt an de Bësch ze sëtzen an et kënnt keng Ambulanz eran. Dat wäerte mer dann dëst Joer kucken, wéi mer eis do kënnen organiséieren.

D'Affilux, dee Projet huet ugefaangen, endlech. Do kënnt jo e Bürosgebai fir fënnef Fierschtere plus eng Hal fir d'Maschinne vun der Gemeng Diddeleng an der Gemeng Beetebuerg. Déi Reseausaarbechten hunn elo ugefaang a mir sinn zouversiichtlech, datt dat elo an engem Ruck weidergeet. Dat heescht, do wäert d'Bauzäit dräi Joer ongeféier daueren. Et gëtt e bësse virgezunn, wat flott um Projet ass, ass datt mat Lëtzebuerger Holz gebaut gëtt, dat ass do stockéiert, dat ass elo ofgedréchent an da gëtt dat vun enger Firma assembléiert, si zéien déi Maschinnenhal elo vir, mee do gëtt dat Holz elo an enger Kéier stockéiert a sortéiert dann, an esoubal se dann dat dobäi ufänken, da kënne mer d'Maschinne vun der Gemeng dann natierlech eriwwerhuelen an déi Hal do.

Dann hu mer nach en Humpen, deen nach ëmmer e bësse schif hänkt. Eng Léisung hu mer nach net fonnt. E steet um Arbedsterrain aktuell nach ëmmer. De Staat huet d'Cloos-Carrière kaf, de Ministère de l'Economie, awer déi do Parzell net. Mee bon, do hu mer een Devis, mee mir probéieren do nach en zweeten Devis ze kréien, fir deen e bëssen ze verréckelen. Ech mengen, do kucken ech mam Ivica Repušić vun der Gemeng, wou si mer do drun. Mir hunn d'nächst Woch nach e Rendez-vous an da wäerte mer dat nächst Joer och maachen, datt mer deen Humpe mat de Schinnen zwee, dräi Meter méi no hanne réckelen, datt en net eng Kéier erofkippt. Voilà, hei ass nach d'Polferhaus. Bon, ech hat déi zwee Biller elo dragesat, well zu Rëmeleng war jo elo ee Pilier vun der Seelebunn ewechgemaach ginn. Ech mengen do ass d'Gemeng Rëmeleng an d'Gemeng Esch amgaang ze kucken, wat een do ka schützen, kommunal oder mam INPA. Vläicht kënne mer eis jo do drun hänken, fir och déi Vestigen, wou nach iwwereg bleiwen, do mat an dee Projet mat eranzehuelen.

Dann dat Wichtegst wéi sinn d'Depensen, wéi sinn d'Recetten? Bon, 2026 wäerte mer dann 3.000 Euro méi Salairen hunn. Dat ass awer ëmmer nëmmen eng Schätzung, dat sinn dann eis Aarbechterfacturen, dat ass déi Projeten, wou mer mat den Entreprisë maachen. An da beleeft sech den Investissement op 468.551 Euro, dat sinn 10.000 Euro méi wéi d'lescht Joer. An d'Recetten, dat ass vum Subsid fir d'Päerd vun 1.000 Euro méi. Voilà, da fir d'nächst Joer, dëst Joer am Budget extraordinär war jo déi Réckebunn. D'nächst Joer ass näischt dran, mee mir mussen awer eng Kéier 2027 oder 2028 kucken een Trakter ze ersetzen. Dat ass ee vun 2007 an ee vun 2013. Ech preparéieren Iech alt drop vir. Voilà, dat war et mer vu menger Säit. Ech soe villmools Merci a virun allem Merci fir Är wierklech grouss Ënnerstëtzung ëmmer, och vu menger Ekipp e grousse Merci un Iech.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Voilà, da soen ech eisem Fierschter Merci fir déi ganz detailléiert, flott an interessant Presentatioun. Ech géif bal soen, et ass bal keng Fro, déi kann iwwereg sinn, bei esou engem flotte Rapport, wéi gesot, Merci Guy Rassel, fir Deng Presentatioun, mee wann awer nach iergendee soll eng Versteesdemech- an ech betounen dat Wuert, eng Versteesdemechfro, hunn, däerf en se awer nach placéieren.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci op alle Fall och vun eiser Säit fir déi super Aarbecht un de Fierschter an u seng ganz Ekipp. Och e grousse Merci fir d'Bëschbegehung, dat war super flott. Merci fir d'Visitt vun der Wëltbréck an der Dron. A mir fannen et och flott, dass souwuel déi ekologesch wéi och déi gesellschaftlech Erausfuerderunge gläichméisseg zum Droe kommen an deene Projeten, déi mer elo gesinn hunn. A mir freeën eis ganz besonnesch op eis Motioun an drop, dass d'Rettungspunkten endlech installéiert gi sinn. An och wann e bësse gedauert huet. Mee mir si ganz frou doriwwer. Villmools Merci. Dëst ass wierklech e wichtege Schrëtt fir d'Bierger an d'Sécherheet vun de Bierger. Fir wëll Déiere wäert d'Gemeng Mesurë fir d'Rettung vu Réikitz huelen, wat mer och eng super Iddi fannen. Dëse Plang ass net nëmmen en administrativen Oflaf, mee et gesäit een eng Visioun, wéi mir de wichtege Liewensraum fir d'zukünfteg Generatiounen erhale kënnen. An deem Sënn erlaben ech mer awer, zwou Froen ze stellen.

D'asiatesch Horniss soll eliminéiert ginn? Wéi eng konkreet Strategie gëtt benotzt fir d'asiatesch Horniss ze bekämpfen? Also, ech hu gesinn, déi Astronautekostümer, mee ass ee virgesinn, verschidde Mëttele sinn déi ausräichend? Well ech hu gesinn, et sinn 800 Euro fir d'Facturen anzesetzen an ass dat fir d'eescht a séier verbreete Problem effektiv unzegoen oder ass et just fir et dann anzedämmen? Iwwert d'Nohaltegkeet a Pilotprojeten hunn ech nach eng zweet Fro. De Plang gesäit fir d'Méie vun de Bëschweeër an deelweis och fir de Holzréckzuch de Gebrauch vun engem Zugpäerd. Dëst gëtt als Pilotprojet vum Naturpark bezeechent. Wéi ass d'Käschtennëtzlechkeet vun dëser Method bewäert ginn, besonnesch am Hibléck op déi geplangte Käschte vu 16 Euro pro Meterkibb fir den Debarquage vum Päerd? Merci villmools. Dat war et.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Eng Verständnisfro, dat geet ëm déi Drône thermique. Do war ech erschreckt, well ech scho gemengt hat, déi hätt ee Bensinnsmotor. Nee, déi wäert awer warscheinlech eng Thermokamera hunn, dat kënnt dowéinst. Déi zweet Fro, fir dee Frelon asiatique, wann et do just duergeet en anstännege Kostüm ze hunn, da misste mer dat jo awer och kënnen eisem CGDIS zur Verfügung stellen? An da froen ech just, déi Privatfirma, op déi Dir verweist, hunn déi déi Kostümen dann och? A meng drëtt Fro: Dee Bam, deen um Bëschkierfecht ëmgemaach ginn ass, war dat ee mat enger Plackett drop oder war dat deen ouni Plackett? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Och Merci fir d'Presentatioun an e Merci och un Iech, Guy Ras-

sel, fir d'Aarbecht an och un déi ganz Ekipp. D'lescht Woch war ech mat bei där Kommissioun, wou mer an de Bësch waren. An ech muss zouginn, ech wëll elo hei keen tréppelen, mee et ass ëmmer déi flottst Kommissioun aus dem ganze Joer, einfach nëmmen, well se esou lieweg ass, well ee wierklech gesäit, wou déi eenzel Schantercher esou dru sinn an een einfach eng Millioun Froe sur place ka stellen, well een et einfach direkt gesäit. Dat ass eng ganz flott Saach an ech freeë mech och schonn op d'nächst Joer, wann dat den traditionellen Treffpunkt weiderhi bleift.

Bon, wou ech du vun där Kommissiounssëtzung zeréckkomm sinn a ganz euphoresch gekuckt hunn, wat esou eng Dron kascht a wat d'Prozedur ass, hunn ech dee Projet mol einfach fir mech privat op Äis geluecht. Ech sinn awer der Meenung, dass et fir d'Gemeng an och fir de Fierschter eng riseg Plus-value ass an och extreem sënnvoll ass, dat doten ze maachen. An ech hat deen Artikel och gelies vum Sauvons Bambi an ech war och erstaunt, dass dat 674 Réi sinn, déi domat konnte fonnt ginn. Dat heescht, ech menge schonn, dass dat dote sech wäert egal wéi rentéieren. Dann nach all déi aner Plus-valuen net ugeschwat, wou mer awer den Zoustand vun de Bëscher nach besser kënnen erfaassen. Virun allem, well de Klimawandel deem awer ëmmer méi zousetzt. Ech mengen, eleng an der Presentatioun hei ass schonn dräi oder véier Mol vu Liewewiesen am Fong rieds gewiescht, déi näischt hei u sech verluer hunn. Dat heescht, dat gi Problemer, déi ëmmer méi ginn. An dat hu mer och un de Beem gesinn an un den Eichenprozessionsspinner an esou weider, dass dat och Repercussiounen op eis Bëscher huet.

Wat ech mech gefrot hunn, do hat ech eng éischt Fro zu deenen Dronen. Ech hu mech nach e bësse schlau gemaach, do ginn et och Méiglechkeeten, déi Dronen anzesetzen, fir ze kucken, ob PV-Anlagen, ob déi funktionell sinn oder net funktionell sinn. Do hunn ech mech gefrot, ob et denkbar ass, ech weess et, mer kënnen net iwwer all Daach vun Diddeleng fléien an dee ganzen Dag kucken ob jidderengem seng Anlag geet, mee zumindest op deene Gemengeninstallatiounen, fir do reegelméisseg en Check ze maachen, dat fonctionéiert mat deenen thermeschen Opnamen, do gesäit een, déi méi kill bleiwen, déi produzéieren net an déi aner, déi produzéieren. Dat heescht, dat géif eis nach e Screening ginn, wann een dat dote géif reegelméisseg maachen. Ass esou eppes ugeduecht oder ass esou eppes an enger éischter Phas net ugeduecht?

D'Wëldbréck an d'Hordengatter och do hunn ech relativ flott fonnt, wéi drop agaange ginn ass, fir och dat Gestäng mat deene Weieren an de Reptilien an Amphibien Rechnung ze droen. Dat war mir perséinlech och esou net bewosst, dass dat doten de richtegen Ënnerscheed och mécht, fir dass si de Wee fanne fir eriwwer. Elo am Nachhinein mécht et natierlech komplett Sënn. Dat war interessant ze gesinn. Och déi eemoleg Geleeënheet ze hunn, fir doriwwer ze goen, well et eeben net op ass fir de Public an dann awer eng Kéier dat dote kënnen ze erliewen, dat war zimmlech cool. Hei hunn ech mech gefrot, och grad well ech gesinn, dass de Plan d'action contre le bruit schonn hallef hei preparéiert ass, mécht et Sënn, mir schwätzen herno iwwer Lärmschutzwänn Richtung Agglomeratioun, mécht et Sënn aus Ärer Siicht fir och Lärmschutz virzegesinn oder mol zumindest ze froen a Richtung Wal? Dat ass awer dann en zimmlech grousse Bësch, wou virun allem mam Wanter, wa keng Blieder un de Beem sinn, d'Déieren, déi Wanterrou, Wanterschlof halen, awer dem Kaméidi herno vu sechs Spueren Autobunn iergendwou ausgesat sinn an ech ka mer virstellen, dass et och fir si e Stressfaktor ass, wa se déi ganzen Zäit do Autoen a Camionen héiere laanschtfueren. Dat wier elo virun allem einfach eng Fro, wou ech d'Äntwert kéint gebrauchen, fir herno, wann ech da muss schwätzen oder dass et der Madamm Ahmedova ka weiderginn, wann se zeréck ass.

Dann, dat mam Holz vun de Beem, dat ass elo dee leschte Volet, op deen ech wollt agoen. Ech fannen dat immens virbildlech, wéi dat zu Diddeleng da gehandhaabt gëtt mat deenen 80 %. Dat war mer an deem Ausmooss net bewosst, dass een dat lokal kann notzen. Do ware mer och frou, konnten déi Iddi mat eranzebréngen op där Kommissioun, fir do e Stempel virzegesinn oder iergendwéi dat eranzestanzen, dass et Holz vun Diddeleng ass, well mer der Meenung sinn, dass dat och de Bierger dobaussen, déi net d'Chance hunn, fir an déi Kommissiounen ze goen oder déi och net d'Chance hunn, déi Erklärungen do ze kréien, ze gesinn hei, dat doten ass Holz, dat vun Diddeleng kënnt, dass een einfach gesäit hei, mir notzen dat Holz vun hei, fir déi Realisatioun do. Fir de Rescht, erfreet huet mech elo nach ze gesinn, datt dat vum Bëschkierfecht d'Resultat war, ech nach net kucken, ech hat matkritt, dass et fäerdeg wier. Do waren effektiv vill Leit, déi sech beschwéiert hunn. Dat hunn ech och elo fonnt, et ass gutt geléist ginn. An dat mam Eichenprozessionsspinner hunn ech am Fong all Joers gefrot an ech si frou, dass d'Erklärungen elo esou positiv scho waren, dass mer dee fir dëst Joer mol zumindest gréisstendeels lass waren. Ech soen ech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.  Nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Als Éischt emol soen ech dann och Merci fir déi flott an detailléiert Presentatioun. An ech hat mir dann och viru kuerzem Zäit geholl, fir zesumme mat eisem Fierschter Guy Rassel, dem Ëmweltschäffe René Manderscheid, wéi och der zoustänneger Kommissioun bis eraus an d'Natur ze goen, wou mir d'Geleeënheet haten, wéi ech scho gesot gouf, fir eis nei Wëldbréck ze bewonneren, dee wierklech flott amenagéiert gouf. Dir hutt och elo grad d'Fotoen an der Presentatioun gesinn. Ma se ass, an dat mierkt een, wann ee virdru steet, weesentlech méi breet wéi dat op den éischten Abléck schéint. Des Weidere krute mir déi nei Dron presentéiert, déi hire Service kritt huet. Eng Foto vun der Dron gouf jo och hei gewisen a mir kruten op der Plaz dann och eng Demonstratioun wéi och Erklärunge wéi a firwat de Service ronderëm eise Fierschter dës Dron alles benotzt.

D'Rettung vun de Bambien, mengen ech, ass jo scho luewenswäert. D'Schäerft vun de Biller, déi dës Dron mécht, ass wierklech impressionnant a guer net méi mat deem ze vergläiche wat ee vun deem Material kennt, wat een nach viru Joren um Maart fonnt huet. Hei wëllt ech dann awer och nach froen, ob mir als Gemeng schonn eng Dronen-

Assurance ofgeschloss hunn. Déi divers Versécherungsgesellschaften, déi mir hei am Land hunn, déi bidden dës op jiddefalls och un. Eise Fierschter huet et sech dann och net huele gelooss, eis am Kader vum Forstwirtschaftsplang ganz interessant Informatiounen an Explikatiounen ze ginn, an et huet een do direkt eraushéieren, dass hien déi richteg Persoun op der richteger Plaz ass.

Mir waren dann och op d'Vente vum Holz, dat mir selwer net brauchen an dat awer vu gudder Qualitéit ass, spréch ze schued ass, fir als Brennholz verkaaft ze ginn, ze schwätze komm. A wéi den Här Steffen och scho gesot huet, ass d'Iddi opkomm, ob een dat Holz dann net als Diddelenger Holz respektiv als Holz vun Diddeleng soll markéieren an och fir datt eis Gemeng dann dobaussen nach esou kann e bësse weider Reklamm maachen. Mir sinn dann och kuerz iwwert d'Situatioun vun de Bëscher, déi säit der Grenz, am Frankräich ze schwätze komm, wou et dann net esou gutt ausgesäit, wéi dat hei zu Diddeleng de Fall ass. An dëst resultéiert, ënner anerem, vum Manque u Ressources humaines an awer och um Budget. Ma, bei eis gëtt et och nach Besoin un neiem Material. Wann ech dat nach richteg an Erënnerung hunn, do war, mengen ech, vun enger Säitesee geschwat ginn, déi och dréngend benéidegt gëtt. Ech hat mir dann och opgeschriwwen, wéi geféierlech déi asiatesch Hornisse ass an dëst aleng duerch hir intelligent Ugrëffstechnik.

De Fierschter huet et nach eng Kéier gesot, dass si hir Opfer markéieren, wat immens geféierlech ass. Ma, wat d'Bekämpfung vun dësen Hornissen ugeet, do si mer jo schonn driwwer ewech a mir musse jo elo just nach léieren, fir mat hinnen ze liewen, wann ech dat nach richteg an Erënnerung hunn. Gefreet huet et mech dann och, ze héieren, dass eis véierbeeneg Mataarbechterin, d'Päerd Pola, ech hoffen, ech hunn den Numm elo richteg hei ausgeschwat, dem Service ronderëm eise Fierschter nach ëmmer trei zur Säit steet a weiderhin äifereg hëlleft, fir Beem aus dem Bësch ze zéien, do wou d'Maschinnen net bäikommen, respektiv wou mer awer net wëllen, dass d'Maschinne bäikommen, well se soss ze vill d'Natur zerstéiert. Vu menger Säit bleift da just nach ze soen, dass ech fanne, an eis Bëscher an Déiere géife sech deem sécherlech uschléissen, wa se eng Stëmm hätten, dass hei eng wichteg an exzellent Aarbecht verriicht gëtt. An dofir vu ganzem Häerzen e grousse Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

DIOGO COSTA (LSAP) : Jo, Merci fir d'Wuert a Merci virun allem och eisem Fierschter fir d'Erklärungen. Ech muss soen, wann een dat technescht Dokument do viru sech huet, ee sech schonn e wéinegt an den Zuele ka verléieren. An dofir déi Erklärungen, déi mer haut awer och an der Ëmweltkommissioun kruten, schonn eng grouss Hëllef sinn. Merci dofir a bravo, wéi gesot, och fir all déi Projeten, déi en cours sinn. Et ass all Joer nees flott ze gesinn, dass de Bësch duerch Iech lieft an och iwwerleeft. An och flott, ze gesinn, dass Dir op innovativ Methoden, wéi eeben d'Benotzung vun der Dron zeréckgräift. Frou si mer natierlech och, dass d'Rettungspunkten installéiert goufen. A mir kucken natierlech och mat Bedenken op d'Evolutioun vun der asiatescher Horniss. Ech denken, dass do definitiv eng national Strategie misst kommen. Elo sinn ech net President vum Verwaltungsrot vum CGDIS, mee wann de politesche Wëllen do ass, dass de CGDIS dat mécht, dann denken ech, dass dat och sécherlech ëmsetzbar ass, mee eeben integréiert an eng national Strategie.

Mee zeréck bei de Plang. Géigeniwwer vun 2025 bleift d'Logik déi nämmlecht. Mir féieren eng aktiv a geplangte Bewirtschaftung, déi gläichzäiteg politesch gewollt an technesch onëmgänglech ass, well nëmmen esou kann ee Klimakrisen, Krankheetsdrock an de Verloscht vu Biodiversitéit effektiv steieren. De Plang 2026 weist eng weider Prioriséierung vu Klimaupassungen a Biodiversitéitsschutz mat weideren Investitiounen an naturnoen Ëmweltmoossnamen, reegelméisseger Regeneratioun, Infrastruktursécherung a weider Surveillance vun eise Bëscher. D'Bewirtschaftung bleift FSC -zertifiéiert, wat de Wäert an d'Legitimitéit vun der Approche nach eemol confirméiert. D'Quantitéiten un Holz ginn net als kommerziellt Zil definéiert, mee als Resultat vun enger ekologescher néideger Interventioun. Wat geholl gëtt, ass dat wat ekologesch verantwortbar ass an dat wat déi nächst Generatioun Bësch iwwerhaapt emol erméiglecht.

Parallell dozou gëtt geziilt an Instandsetzung Schutz, Sécherung a Sensibiliséierung investéiert vu Foussgängerweeër, dem Blockhaus, wat ugeschwat gouf, bis zum Waldschoulssite, vun der Nohaltegkeet iwwert d'Populatiounskontroll, bis bei d'Sanéierung vu Geforenzonen. De Plang 2026 ass domadder net e Status quo, mee eeben e kontinuéierleche Fortschrëtt op Basis vun deem Geléierten aus de Jore virdrun. Deemno sti mer natierlech voll hannert dem Plang a soen nach eng Kéier all de Bedeelegten e grousse Merci virop eise Servicer vun der Gemeng Diddeleng, eisem Fierschter an der ANF. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Här Costa, d'Madamm Thoma huet d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech mengen ech ka mech kuerz halen, well jidderee scho esou vill geschwat huet. Mir wollten awer och nach eng Kéier Merci soe fir déi flott Presentatioun, virun allem wann een net d'Chance hat dann an der Kommissioun ze sinn, déi och bei eis, bei eise Memberen ëmmer ganz, jo, jidderee freet sech e bëssen drop, fir do kënne mattrëppelen ze goen, virun allem wann d'Wieder gutt ass, well een och gesäit, dass ëmmer op innovativ Weiderentwécklunge gesat gëtt, fir de Bësch ze schounen. D'lescht Joer hu mer d'Päerd Pola kennegeléiert, dës Kéier dann d'Dron, wou ech mer och erziele gelooss hunn, vun eisem Vertrieder, Et wär impressionnant a vläicht e bëssen erschreckend gewiescht, wéi prezis dann awer déi Dron kann aus esou enger grousser Distanz funktionéieren. Mee mir krute jo elo laang a breet erkläert, firwat déi alles kann agesat ginn. An ech mengen, dat ass definitiv awer dann e Méiwäert och fir eis Bëscher.

Allgemeng gëtt vill an eis Bëscher investéiert. A mir hunn awer gesinn, dass et vill kleng Aarbechte sinn. Et ass elo net, dass mer Saache maachen, déi net musse sinn, well mer eeben och d'Chance hunn, dass mer net op d'Recet-

të vun eisem Holz ugewise sinn. Dat heescht, mir musse wierklech just dat maachen, wat néideg ass fir d'Securisatioun, fir Luucht eranzeloossen, ouni awer elo mussen ze vill anzegräifen. An ech mengen, dat ass hautdesdaags genau dee richtege Wee. Ech wollt awer och profitéieren, fir eisen Atelieren ze felicitéieren, fir wierklech déi flott Projeten, déi se do ëmsetzen, mam Holz. Also ech mengen, d'Madamm Kemp an ech, mir waren eis eens, elo wou mer deen Dësch gesinn hunn am Büro vum Schäfferot, wiere mer och nawell interesséiert, dorunner ze sëtzen.

An dann hätt ech och just eng Fro, ech hale mech dann un d'Virgab vum Här Manderscheid. Dat ass mam Bëschkierfecht, ech mengen, dat ass wierklech eng gutt Saach, dass do d'Weeër ofgeséchert sinn an deem Sënn, well et si jo eeler Leit oder Leit, déi net esou gutt ze Fouss sinn. Et war wierklech net esou einfach. An ech hu mech gefrot, ob do net och d'Méiglechkeet wier, dat hu mer zwar elo net an eise Bëscher, mee well de Bëschkierfecht e bësse speziell ass, e Seel ze spanen, e Gelänner, iergendeppes, wou een als eeler Leit oder als Persoun, déi net méi sou gutt ass op de Been, vläicht sech kann unhalen. Ech war elo am Summer eng Kéier do, bon, do war de Wee nach net frësch gemaach, mee do hunn ech gemierkt, dass et effektiv net esou einfach ass. Mee fir de Rescht, mir gesinn, dass wierklech den ekologeschen an de soziale Charakter vun eise Bëscher héichgehale gëtt. An dowéinst kënne mer dëse Plang och just ënnerstëtzen an eis Bëscher sinn a gudder Hand. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert zeréck ginn un de Guy Rassel, an dann un de René Manderscheid.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DER GEMENG DIDDELENG): Villmools Merci. Eng Kéier kuerz dann op Är Froen zeréck. Ech fänke vläicht mam Bëschkierfecht un. Bon, fir d'éischt mol eng Kéier kucken, wéi de Wee elo ugeholl gëtt. Ech mengen, et ass vill besser begeebar wéi et virdru war. Wann nach soll de Besoin bestoen, ass dat och u sech kee Problem, soulaang et aus Naturmaterialien ass. Fir beim Bëschkierfecht ze bleiwen, ass et och esou, datt dee Bam, wou ewechgeholl ginn ass, dat war e Bam, wou mer nach an der Reserv haten, wou elo nach keng Plackett dru war, mee dee mer awer och elo net kënne méi benotzen. Dat kann awer och geschéie mat engem Bam, wou do steet. Ech mengen, dat sinn d'Leit sech och bewosst, wa se fir de Bëschkierfecht decidéieren.

Wat d'Dron ugeet, Solar, do kennen ech mech elo guer net dran aus. Ech mengen, et geet och elo e bëssen iwwer d'Aktivitéit vun eisem Service eraus. Mee et ass der Gemeng hier Dron. Ech mengen, wann Dir oder en anere Service déi wëllt benotzen, fir dat do ze kucken, dann denken ech, datt dat keen Theema wier. Si ass performant. Ech denken, datt dat och och machbar ass. Zu der Assurance: Momentan ass keng ofgeschloss, momentan leeft se op mäin Numm. Also ech sinn ugemellt, well soss hätte mer net kënnen trainéieren, dofir leeft se op mäin Numm. Mee déi gëtt awer ëmgeschriwwen, et gëtt eng Permissioun bei der Aviatioun an duerno och d'Assurance. Do hu mer nach zwou aner Assurancësaachen, wou d'selwecht traitéiert gi mat der Haftflicht. Dat ass richteg an dat ass och wichteg. Mee am Moment hale mir eis Leit vun de Wunngebidder souwisou ewech.

Dann, de Logo fir d'Diddelenger Holz vun hei begréissen ech effektiv. Ech denken, datt dat kee grousse Problem ass. Ech mengen, dat ass unanime vu jidderengem. A mir kucken do mat der Kommunikatioun, fir do e Logo ze entwerfen. An da géife mer dat un effektiv all déi Constructiounen, wou mer gemaach hunn, dann adaptéieren. D'Wëldbréck, d'Fro zum Wal mam Schallschutz, do ass et esou, dat ass effektiv analyséiert ginn am Kader vum Ausbau vun deenen dräi Spueren. Dat heescht, wann et elo esou schlëmm wier, da wär do festgehale ginn, datt misst e Lärmschutz kommen. D'Déieren adaptéiere sech relativ séier an effektiv si verschidden Déieren, déi zéien sech e bësse méi wäit an de Bësch zeréck. Mee elo vun der Aschätzung vun do, ass eng Impaktstudie gemaach ginn an do war elo kee Schallschutz noutwendeg.

Mat der asiatescher Horniss, do ass et esou, datt dat mat Gëft gemaach gëtt, do ass eng Staang, wou vir esou eng Düs drop ass an da gëtt e Lach an d'Nascht gemaach an d'Gëft gëtt agesprëtzt an doduerch gi se futti. Dat gëtt zwee Deeg hänke gelooss an da gëtt et erofgeholl. Dat heescht, et ass schonn en Insektizid, wou do agesprëtzt gëtt. Dat ass d'Method, déi gëtt am Ausland och d'selwecht gemaach, anerwäerts ass et quasi net machbar. De Problem, wou sech ëmmer stellt, ass, et muss een och meeschtens Steiger hunn. Do spréngt d'Gemeng oft an oder Ponts et Chaussées, fir d'Interventioune vun der ANF. Wéi gesot, mir hunn ee Mann, deen dat duerch d'ganzt Land mécht, ech denken och, dat muss een dann national kucken, wien do herno soll déi Relève do iwwerhuelen. Mee wann dat sech nach verduebelt, verdräifacht, ech mengen, dann ass et kloer, datt ee Mann dat net ka reegelen an da géife mer och begréissen, wann do dann Ënnerstëtzung kéim.

Punkto Päerd, mat de Käschten, do ass et esou, datt e Päerd méi deier ass, effektiv, wann een d'Holz elo mam Päerd erausréckt. Dat ass kloer. Déi 16 Euro, dat ass dee Subsid, wou ee pro Meter kritt vum Staat, fir et eeben ze ënnerstëtzen, well et méi deier ass. A mir hunn hei eeben d'Chance, datt mer eng Gemeng hunn, déi do dran investéiert an an d'Nohaltegkeet dann eeben och. Et muss ee wëssen, beim Bësch ass de Buedem d'Kapital u sech dovun a wann een dee verdicht, dann huet een duerno op laang Jore relativ vill futti gemaach. A well et och kee Frascht méi gëtt, soss hat ee Frascht a wann et entdeet, da gëtt de Buedem erëm méi lacker. Dat ass net méi. Soss si mer och gefuer, wann et gefruer war, da konnt ee mat deenen décke Maschinne fueren. Mee sou evitéiere mer dat fir wierklech de Buedem am beschten Zoustand ze halen, wéi et nëmme geet. An doduerch si mer mam Päerd an déi 16 Euro, dat ass de Subsid.

Déi 800 Euro vun der asiatesch Horniss, dat ass, eis Aarbechter haten och an der Le'h eent geméit, si sinn driwwer gefuer. Do hunn herno dann och déi missen dout gemaach ginn. Dat haten si lo selwer geméit, do war net méi vill Rescht bliwwen. A mir wollten een Nascht an Epoxid eng

Kéier géissen. Dat fault relativ séier. Dat heescht, dat muss ee loftdicht ofschléisse mat Epoxid, wou mer da kënnen de Kanner weisen. Dat ass schonn impressionnant, déi Näschter, dat ass net en normaalt Harespelsnascht. Voilà, dofir sinn déi Suen do dran.

Wat déi asiatescher Horniss ugeet, do war effektiv d'Fro nach mat där Privatfirma. Dat ass richteg, do ginn et e puer Privatfirmen, déi dat da maachen. Bon, ech hunn elo keng Erfarung domat, mee ech denken, datt dat relativ deier gëtt fir d'Leit, well e Steiger wäert 500 Euro den Dag kaschten, plus d'Interventioun. Wann dee Betrib dann e puer Interventiounen huet, kann en dat opdeelen. Mee anerwäerts ass een do relativ séier bei engem héije Chiffer fir Privatleit. Dofir hänken op verschiddene Plazen nach e puer Näschter. Mee et muss een domat liewen, et ass richteg gesot ginn, ech mengen an de Grëff kréie mer déi Saach net méi, et muss een eebe just domat liewen an eebe kucken, datt d'Sécherheet garantéiert bleift. Et ass eeben elo duerch de Stuerm, wéi gëschter, do kënnen esou Näschter dann erofallen an dann e Risiko duerstellen. Wann elo nach zwee Méint ëm sinn, dann ass dat Nascht eidel, d'Kinnigin huet sech dann an engem Kompostkoup oder sou verstoppt. A bis d'nächst Joer ass et just d'Kinniginen, déi iwwerliewen dann. Voilà, wann ech nach eppes sollt vergiessen, da sot mer et. A wann net, soen ech e ganz grousse Merci, wéi gesot, fir d'Ënnerstëtzung och vu menger Ekipp. Mir sinn immens zefridden. Mir hunn och kee Personalwiessel. Deemno e grousse Merci vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Guy Rassel, fir och nach hei déi néideg Erklärunge ginn ze hunn, par rapport zu enger Rei Froen, déi hei am Raum stoungen. Ech gesinn, dass alles beäntwert gouf. An ech géif da proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass mam Plang, esou wéi en hei presentéiert gouf, averstanen? Dat ass unanime. Ech soen Iech villmools Merci an och dem Guy Rassel Merci. An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen.

# 7. AKTIOUNSPLANG GÉINT DE KAMÉIDI

**Stellungnam zum Projet vum Aktiounsplang géint de Kaméidi – ab der südlecher Agglomeratioun – duerch de Flugverkéier – duerch de Schinneverkéir – duerch de Stroosseverkéier**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): De Punkt 7 betrëfft de Plan d'action contre le bruit. Ech begréissen do an eiser Ronn d'Mataarbechter Lis Cloos an de Pit Demuth an ech ginn dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech faasse mech ganz kuerz, vu datt et scho spéit ass, mir hunn nach e puer Punkten um Ordre du jour. Dir huet um Ordre du jour, wéi hei scho gesot ginn ass, d'Action contre le bruit. Et ass esou, dass mer dee ganzen Aktiounsplang och eng Kéier an der Ëmwelt- an och an der Verkéierskommissioun am Mount September op de Leescht geholl hunn, wou eis d'Servicer dann och deen an enger méi flotter Presentatioun gemaach huet, mat Powerpoint. An ech ginn hinnen och elo direkt d'Wuert, dass si Iech och déi selwecht Presentatioun weise wéi an deenen zwou Kommissiounen, sou dass jiddwereee jo dann am Bild ass, an duerno da Ried an Äntwert wie gehabt.

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE VUN DER GEMENG DIDDELENG): Gudde Moien oder gudde Mëtteg schonn dann och vu menger Säit, ech muss Iech just warscheinlech e bëssen enttäuschen, ech hunn elo keng esou schéi Biller matbruecht wéi eise Fierscher, de Guy Rassel, et gëtt e bësse méi textlasteg. Ech géif dann, wéi de René Manderscheid scho sot, eng Kéier kuerz op déi Aktiounspläng géint de Kaméidi agoen an dann och déi Haaptelementer vun eisem Avis ervirhiewen. Wat fir eng Aktiounspläng géint de Kaméidi ginn et iwwerhaapt? Do sinn der am ganze fënnef, déi dëst Joer, wou de Projet erauskomm ass. Dat ass engersäits fir de Ballungsraum vun der Stad Lëtzebuerg, da fir fir de Ballonsraum vum Süden, de Fluchverkéier, de Schinneverkéier an de Stroosseverkéier. Déi dräi, déi hei mat der oranger Faarf ervirgehuewe sinn, dat sinn déi, wou d'Stad Diddeleng betraff ass. D'Procédure gesäit vir, dass 15 Deeg no der Notifikatioun vum Ëmweltministère eng Enquête publique muss gemaach ginn. Déi dauert 60 Deeg an et muss och iwwert d'Zeitung informéiert ginn, dass et déi Enquête publique gëtt - dat war den 11. Juni - an et muss och eng Informatiounsveranstaltung organiséiert ginn an déi huet den 30. Juni stattfonnt.

Sechzeg Deeg no der Enquête publique muss dann den Avis zréck un de Ministère geschéckt ginn. Da géif ech elo op déi verschidden Elementer vun eisem Avis agoen. Fir d'éischt e puer allgemeng Considératiounen, déi geholl gi sinn. Als Alleréischt spillt do de Plan local de santé eng Roll. Diddeleng ass jo déi éischt Gemeng zu Lëtzebuerg, déi esou ee lokale Gesondheetsplang ausgeschafft huet. An een Zil vun deem Plang ass, dass d'Stad Diddeleng eng ville apaisée, also eng friddlech Stad soll sinn, wou et och einfach ass, roueg Plazen ze fannen, wou ee sech zréckzéie kann.
Dëst Zil soll duerch zwou Aktiounen erreecht ginn. Dat ass engersäits d'Aktioun 4.1., wou et drëms geet, engersäits

nach weider Donnéeën ze sammelen an och ze analyséieren, déi mat Verschmotzung an zu der Verschmotzung zielt dann eeben och zu Kaméidi, fir déi ze analyséieren an dann zesumme mat deene verschiddene kompetenten Administratioune weiderzeverschaffen an ze kucken, wéi een nach aner Aktiounen ëmsetze kann oder plangen an ëmsetze kann. Déi zweet Aktioun ass d'Aktioun 4.2. Do geet et drëms de Prinzip vum Urban Design an déi urbanistesch Projete vun der Stad ze integréieren. Do geet et u sech drëms, resilient Stied ze plange mat enger héijer Oppenthaltsqualitéit, wou een de Mënsch dann och an den Zentrum vun der Planung setzt.

Eng weider generell Consideratioun ass de Punkt, dass mer ee Begréngungskonzept an der Stad Diddeleng hunn, fir déi ëffentlech Plazen ze begréngen. d'Zil dovunner ass d'Plaze méi ze entsigelen, do wou et méiglech ass, an eeben och ze begréngen. Dat aus deem Grond, well d'Beem, Hecken an aner Planze kënnen d'Schallwellen, déi de Kaméidi duerstellen, deelweis absorbéieren an awer och zerstreeën.
Eng weider iwwergeuerdent Consideratioun ass de PAG, well an deem aktuelle PAG sinn eenzel Dispositiounen, déi de Kaméidi betreffen, virgesinn. Bon, déi hu sech elo säit dem leschte Plan d'action net weider geännert, mee mir hu se awer nach eng Kéier hei iwwerholl.

Dat heescht, engersäits gëtt et d'Festleeëungen am PAG, déi awer och dann an eisem RBWS nach spezifiéiert sinn. Dat ass d'Méiglechkeet eng Servitude festzeleeën. Dës Servitude ass hei zu Diddeleng eeben op den Terrain laanscht d'A13 definéiert op der Héicht vum Echangeur Biereng. Voilà, dat ass awer elo näischt Neies an deem Sënn. Ier dass ech elo op déi verschidde Kaméidispläng oder Aktiounspläng géint de Kaméidi aginn, wollt ech awer nach - ech hätt virdru vergiesst ze erwänen, dass wärend der Enquête publique keng Remarken erakomm sinn, am Géigesaz zu deene leschten Editioune vun 2009, 2017 an 2021, wou awer ëmmer Remarke komm sinn. Mee lo dëst Joer ass do keng Remark bei eis ukomm. Da géif ech elo op de Stroosseverkéier agoen, also op déi Moossnamen aus deene verschiddene Pläng. De Stroosseverkéier als éischt, do hu mer zwou Moossnamen, déi do duergestallt sinn, dat ass engersäits d'Vergréisserung op zwee mol dräi Spuere vun der A3 tëscht der franséischer Grenz bis op d'Gaasperecher Kräiz, dat soll als Zil hunn, dass méi Gefierer iwwert déi Haaptachs geleet ginn a manner Autoen eeben duerch déi eenzel Dierfer fueren an eeben dann och manner duerch d'Stad Diddeleng.

Deen zweete grousse Projet aus dem Trafic routier, deen hei betraff ass, do geet et ëm den Echangeur, deen neien Echangeur du Dudelange Centre mam Park and Ride, dee geplangt ass. Deen Echangeur ass och aus Frankräich hier accessibel. Nieft dem Echangeur wäert ee Park and Ride geplangt sinn, wou een och mat engem Bus Richtung Stad ka fueren, respektiv Richtung Rescht vum Süde vum Land. Och dëst soll als Zil hunn, dass manner Trafick duerch Stied fueren, eeben dann och duerch Diddeleng. Hei hu mir allerdéngs nach als Ufro un de Ministère, dass awer och gepréift soll ginn, ob deen neie Park and Ride dann net awer och aner oder nei Verkéiersflëss kreéiert oder generéiert vun deene Leit, déi dann op dee Park and Ride wëlle fue-



ren. Da komme mer elo bei den Zuchverkéier. Hei hu mer dee grousse Projet vun der Suppressioun vun deene véier Passageniveauen an de Reamenagement vun de Garen an hei zu Diddeleng, deen ass nach am Aktiounsplang géint de Kaméidi relativ vag gehalen. Si soen, an deem Kader vun deem Reamenagement sinn eng Rei Moossname fir de Lärmschutz virgesinn. Si soen awer, déi Moossname ginn am Kader vun deenen Aarbechten oder vun deem Projet dann nach weider ausgeschafft. Op jiddefalls ass dann doduerch och virgesinn, dass d'Awunner manner dem Kaméidi ausgesat sinn.

Dann de Plang fir de Ballungsraum Süden, do geet et u sech ëm déi lokal Moossnamen, déi net an deenen aneren eenzelne Pläng eenzel opgezielt sinn. Do ass een d'Strooss, d'N31, eeben d'Route de Luxembourg-Kayler Strooss, wou vill Kaméi och vum Stroosseverkéier ass, ervirgehuewen. Well déi huet och d'Funktioun vun der Route de liaison mam Transitverkéier innerhalb vun der Uertschaft. Dann een anere Punkt, deen do opgefouert gëtt, ass de Vëlo-Express-WP -C103, deen Diddeleng a Beetebuerg verbënnt. Dann d'Zuchverbindung tëschent Diddeleng an der Stad Lëtzebuerg, déi ab 2028 mat enger Frequenz vun 30 Minutte wäert operéiert ginn a méi spéit dann an enger Frequenz vu 15 Minutten. Een anere Punkt betrëfft d'Drëssegerzonen, wou da jee no Quartier gekuckt gëtt, wat do ëmgesat ka ginn an eeben, fir esou och Quartieren ze préiwen, wou eng Zon 30 kann ëmgesat ginn.

Als Zil sollen all déi Moossnamen hunn, dass eeben déi duuss Mobilitéit zu Diddeleng promouvéiert gëtt. Dann ee Punkt, den C884, Route de Vollmerange- Rue de la Libération, déi steet dëst Joer net am Plan d'action, obwuel se an eisem Avis vum Joer 2021 opgefouert ginn ass. Do war d'Situatioun esou, dat ass e Chemin repris, dat heescht, dee Fall fält am Fong ënnert der Responsabilitéit vun de Ponts et Chaussées. A just d'Ponts et Chaussées war ëmmer kompetent fir do Moossname fir d'Vitessberouegung oder och fir de Kaméidi ze berouegen, ëmzesetzen. Mëttlerweil ass et duerch eng Ännerung vum legislative Kader awer och méiglech, dass d'Gemeng Moossname kann ëmsetze fir d'Vitess ze reduzéieren eeben an dann och fir de Kaméidi erofzesetzen, soudass elo am Kader vum Amenagement vum Site Neischmelz do Moossname wäerten ëmgesat ginn.

Dat heescht, aus deene Punkten, déi mer elo virdru gesinn hunn, géife mir proposéieren, een Avis favorable fir déi Aktiounspläng auszeschwätzen. Mir wéilten awer de Ministère nach eng Kéier dorop hiweisen, dass mir et begréisse géifen, wann déi verschidde Kaméidiszorten zesumme

gekuckt ginn an net just getrennt, wéi et bis elo gemaach gëtt, fir dann och esou déi kumulativ Effekter vum Kaméidi op d'déi eenzel Betraffener ze préiwen. Wéi scho virdru gesot, géife mer och virschloen, dass déi nei Verkéiersflëss, déi eventuell duerch deen neie Park and Ride kreéiert ginn, dass déi iwwerpréift ginn. An dass een och préiwen soll, ob déi Lärmschutzwand, déi laanscht der A13 installéiert ginn ass, ob et méiglech ass, déi bis op d'Héicht vum Echangeur Kayl-Näerzeng ze verlängeren. Eng aner Méiglechkeet, déi een do nach ka préiwen, ass, och ze kucken ob et méiglech ass déi Wä mat PV-Installatiounen ze ergänzen, fir do och déi Fläch notzen ze kënnen, déi souwisou do ass.

Dann een anere Punkt, wou mer ufroen ass, dat ass d'CFL, si hunn immens Fortschrëtter gemaach wat de Kaméidi vun hire Persounenzich betrëfft, fir dass déi manner Kaméidi maachen, d'Material, alles wat Cargo a Fret ass, ass awer nach net grad esou moderniséiert ginn an do géife mer och dat encouragéieren, dass se dat och fir hir Cargo- a Fretzich sech iwwerhuelen. Dann dee leschte Punkt, dee mer proposéieren ass, ass dass déi Sitte vun dem Gares de triage zu Diddeleng an och zu Beedbuerg an och de Site vun CFL Multimodal mat an hir Betruechtungen opgeholl ginn, well dat jo awer no bei eise Staatszentren ass, an dass dat dann an deem nächsten Aktiounsplang géint de Kaméidi och betruecht gëtt. Dat wier elo e kuerzen Iwwerbléck iwwert den Avis an iwwert déi Aktiounspläng, wéi gesot, d'Kaméidi gesäit een net, et héiert ee just, dat heescht, et war elo op vill Text, wann Dir Froen hutt, de Pit Demuth an ech sinn nach hei fir op Är Froen ze beäntwerten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir effektiv engersäits d'Presentatioun, déi och, voilà, hei d'Propos ass vun enger Stellungnam hei vum Diddelenger Gemengerot par rapport zu deene doten Aktiounspläng. Mee natierlech, et kann een elo natierlech nach eng Kéier iwwert déi doter Propositioun diskutéieren, respektiv déi verschidde Point-de-vuen, déi ech och hei am Gemengerot héieren. Wie wëllt ufänken.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de Kaméidi ass en Ëmweltstressfaktor vum Alldag. Déi prolongéiert Expositioune vu Kaméidi huet gravéierend Konsequenze fir Persounen, déi betraff sinn. D'Erausfuerderunge si komplex, well se d'Mobilitéit, d'Liewensqualitéit a Kaméidireduktioun direkt betreffen. Mir beséieren eis Fuerderungen op de strateegesche Ziler, déi de Gouvernement selwer a sengem Aktiounsplang géint de Kaméidi an der Agglomeratioun Süden 2025 festgeluecht huet. De Plan d'action ass e wichtege Schrëtt, well et eng Prioritéit vum ëffentlechen Transport ënnersträicht, fir Kaméidi a Stau unzegoen, mir stëmmen dem Avis zou, obwuel mer nach méi pertinent Remarke beim Zuch a Bus à haut niveau de service dragesat hätten. Loosst mech mech erklären, de Bus à haut niveau de service. Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dat eenzegt wat déi vill Leit aus Neischmelz erauskréie kann, ass de Bus à haut niveau de service. Dëse Projet soll d'Offer am Busreseau substanziell verbesseren an domat den Drock vum Stroossefuernetz huelen. Wéi ass et mam Bus vu Rodange iwwer Lamadelaine fir zu Diddeleng Neischmelz unzekommen? Ass deen net méi envisagéiert? Well dee stoung 2021 dran an ech kann dee leider net méi erëmfannen.

Zum Schinneverkéier: D'CFL-Linn 6B geet duerch Diddeleng a Volmerange-les-Mines. D'Strategie vum PNM 2035 plangt e 15-Minuttentakt fir d'Zuchverbindung tëschent Diddeleng a Lëtzebuerg. De Projet vun der Barrièressuppressioun, et ass virgesinn de Projet vun der Suppressioun vu véier Passages à Niveau, fir wéini genau ass dee geplangt? Well mir fuerderen am Fong eng Suppressioun vun de Barriären awer just am Zesummenhang mat engem Train-Tram, well mer denken en Train-Tram a fofzeg Minuttentakt wéi eng méi rational an nohalteg Léisung. Dat mat de Schinnen ass rational nëmmen ze léise mat engem Train-Tram bis hannert de Globus an dann am fofzéng-Minuttentakt en Zuch, deen op Beetebuerg an dann an d'Stad fiert. Dat brauch den Iwwergang Karl Marx jo och net zougemaach ze ginn, soss hu mir jo en an zwee gedeelten Diddeleng an da musse mer iwwert de Quartier fueren, fir vum Norden no Süden ze kommen.
D'Eliminatioun vun de Barriären an der Agglomeratioun muss Hand an Hand mat engem Train-Tram-Konzept goen, fir d'urbanistesch Integritéit ze erhalen. Mir fuerderen doweinst eng Etüd zum Train-Tram.

Zum Plan d'action contre le trafic routier hu mer eis och e puer Gedanke gemaach. Am Kader vum Projet vun der A3 begréisse mer d'Installatioun vun akustesche Pannoen a mir begréissen d'Iddi fir eng Etüd iwwert d'Verlängerung vun der Schallschutzmauer laanscht d'A13 vun der Foussgängerbréck, Route de Noertzange bis un d'Autobunnskräiz Kayl-Näerzeng duerchzeféieren. Gläichzäiteg soll d'Méiglechkeet analyséiert ginn, d'Schallschutzschiermer ze verlängeren an d'Héicht ze erhéijen. An et soll iwwerpréift ginn, ob dës mat Fotovoltaikanlagen ausgestatt kënne ginn. D'Iddi, fir d'Schutzwand mat Fotovoltaikanlagen auszestatten, hate mir schonn an Interventioun vum Jean-Paul Gangler zum Plan d'action contre le bruit 2021 erwäänt.

Mir begréissen, d'Zon 30 anzeféieren an Diddeleng. Wann ee wëll, datt ee méi roueg gëtt, muss een do ufänken, wou de Kaméidi hierkënnt. Och wann d'Autoe selwer ëmmer méi modern ginn, an dofir net méi esou vill Afloss hunn hei dorobber, kënne mir awer iwwer aner Weeër eppes beweegen. D'Vitess erofzesetzen, ass dofir eng kloer an effizient Moossnam. Mir begréissen, datt dës Kéier den Ausbau vum Echangeur Dudelange-Centre dran ass. Dat entlaascht nämlech eis Uertschaft vun de Kamionen a géif och hëllefen, de Kaméidi ze reduzéieren. Den Echangeur Dudelange-Centre an de Park & Ride Dudelange virzegesinn, fir de lokale grenziwwerschreidende Verkéier ze reduzéieren. Mir fuerderen, datt dëse Park & Ride, deen theoreetesch bis 2035 fäerdeg soll sinn, sou gebaut gëtt, datt en net zu engem Drainage vum Verkéier duerch d'Uertschaft féiert. Mir begréissen och d'Pist cyclable PC 103, déi Beetebuerg an Diddeleng matenee verbënnt. An dësem Kader wëlle mir och nach emol op déi illegal Motoscourssen zu Wolser de Weekend hiweisen. Mëttlerweil trieden se do och mat Camionnetten an Unhänger un, déi mat Motorrieder geluede sinn, fir déi Coursen ze fueren. De Kaméidi, deen doduerch entsteet, ass immens.

Zum Schluss: Et gi reegelméisseg openee Geräicher, besonnesch e permanent Gepäifs, dat vun der Gare de Triage an CFL Multimodal hierkënnt. Allerdéngs huet CFL Cargo scho ronn siwwenzeg Prozent vun hire Waggonen op méi roueg Bremsen ëmgerëscht. Mir fuerdern, och de Rescht deementspriechend ëmzerëschten. Dann hu mer nach eng Fro, wisou mir net an deem Plan d'action contre le bruit aérien betraff sinn, well mir héieren awer reegelméisseg Fligeren iwwer eis Haiser fléien, an dës sinn déi néideg Konditioune fir eise pertinenten Avis zum Avis Plan d'action contre le bruit fir de Liewensraum an d'Agglomeratioun vum Süden, net nëmme viru Kaméidi ze schützen, mee och fir eng zukunftsorientéierend liewenswäert Mobilitéit ze garantéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp, sinn nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wëllen déi national Initiativ natierlech begréissen, déi esou ausgeriicht ass, de Kaméidi ze reduzéieren, besonnesch dee vum Transportinfrastrukturen ausgehend, fir eng besser Liewensqualitéit an eiser Gemeng. Diddeleng ass besonnesch betraff vum Kaméidi, deen duerch d'Autobunn A3, Eisebunn an Aktivitéitszon vum Site multimodal verursaacht ginn. De Projet vum Aktiounsplang géif de Kaméidi erkennen, duerch de Problem, dee mer hunn, a mir si frou, fir kënnen da konkreet Moossnamen dogéint ze ënnerhuelen. Mir begréisse besonnesch den ëffentleche Support vum Ausbau vun der Autobunn A3 vun zwou op dräi Spueren an d'Installatioun vun akustesche Schiermer natierlech. De Projet fir d'Ophiewe vum Passage à niveau zu Diddeleng an d'Reamenagementer vun der Gare mat Anti-Kaméidi-Moossnamen ass immens pertinent. Am lokalen Engagement fir roueg Quartieren, Zon 30, an d'Fërderung vun der duusser Mobilitéit sinn och Sujeten, déi immens um Häerz leien.

Allerdéngs wëlle mir op e puer wichteg Punkten insistéieren. Déi kumulativ Effekter vum Kaméidi, dat heescht Verkéier, Eisebunn, Industrie musse wierklech an hirer Gesamtheet betruecht ginn, well si iwwerschneiden sech op e puer Plazen a bréngen domadder wierklech Desagremente mat sech. E puer Moossname si vill ze laang geplangt an et wier flott, wa mer wierklech all déi Moossnamen relativ kuerzfristeg géifen ëmsetzen, well de Kaméidi ass awer permanent do a gëtt net manner. Nach wëlle mir betounen, datt mir den Opruff ënnerstëtzen, déi Kaméidischutzmauere laanscht A13 ze verlängeren an doranner och Fotovoltaikpannoen ze integréieren, am Sënn vun enger nohalteger Approche. Et ass absolutt noutwendeg, datt de Kaméidi, deen duerch den CFL Multimodal entsteet, endlech als prioritäre Problem unerkannt gëtt, an datt mer, wéi gesot, endlech konkreet Léisunge wäerten hunn. Mir ënnerstëtzen d'favorabel Meenung vum Gemengerot, mee mir bestinn awer op engem konkreeten, rapiden an ambitiéisen Suivi, entspriechend der Gesondheet an der Liewensqualitéit hei zu Diddeleng.

Dann hate mir e puer Iddie gehat, fir Iech dann och en Input mat op de Wee ze ginn, zum Beispill d'Stad Zürich wëllt d'Awunnerinnen an d'Awunner besser géint de Kaméidi schützen, besser gesot géint d'Autoposeren, duerch Kaméidisdesiplayen, a Kaméidi-Radaren. Dësen Display fonctionéiert änlech wéi e pedagogescht Schëld, wat u sech d'Vitess scho moosst. Just an deem Fall ginn Autoe, Motorrieder a Quaden opgeholl. Et sinn am Ganzen 42 Mikroen, déi agebaut sinn an déi genau erausfannen, vu wou de Kaméidi kënnt. Et ass natierlech e Pilotprojet. An d'Stad Genf mécht dat och mëttlerweil. Dat Ganzt assouvéiert och wëssenschaftlech. Si wäerten och deemnächst, mee ech wëll net ze vill an den Detail goen, si wäerten och wierklech landeswäit e Reglement ausschreiwen, fir datt et och méi legaliséiert gëtt. Dat wier zum Beispill och en interessanten Incentive, eng Moossnam, virun allem bei eis am Zentrum. Well do fuere se heiansdo esou wéi et net dierft sinn, wat de Kaméidi ugeet, mee awer och op den Haaptachsen. Also, well ech selwer op enger Haaptachs virdru gewunnt hunn, weess ech, datt verschidde Leit wierklech um zwou Auer an der Nuecht mat Brumm, Brumm, Brumm, Vollgas ronderëm fueren. An ech si mer sécher, déi ganz Kayler Strooss war erwächt. Kéint dat net en Theema an der Verkéierskommissioun sinn a wou mir eis Gemeng kéinten zum Beispill de Pilotprojet dem Ministère virstellen an deen ufroen?

Et war och jo och rezent en Artikel am Lëtzebuerger Woch ze liesen, wou schlussendlech dräi Südgemengen, Déifferdeng, Suessem a Péiteng, eppes Änleches amgaange sinn ze maachen. An ech si mer ailleurs. Weider zu den Drësseger Quartiere mam Berliner Këssen. An eisen Aen sinn dat wierklech just Noutléisungen a léisen de Problem just punktuell. Den Nodeel ass, wann een driwwerfiert, also wann een direkt niewendru wunnt, weess ee vu wat ee schwätzt, wann een driwwerfiert, duerch dat Opschloe vum Auto, mécht dat souguer heiansdo méi Kaméidi wéi wann den Auto einfach géif duerchfueren, a meeschtens ass et non plus suivéiert vun enger Beschleunegung. Et muss einfach konsequent bei neie Projeten un de Stroosseféierunge geschafft ginn, fir duerch baulech Moossnamen onbedéngt ouni Kësse kënnen auszekommen, fir e Rennen ze verhënneren.

Da konkreet zum Text. Ech mengen, d'Madamm Clos huet et och schonn erwäänt: Constatant que la ville de Dudelange a développé un concept de végétalisation des places publiques. Do hate mir d'Fro, kann ee vläicht scho Pläng gesinn? A wou wieren déi? An ass et vläicht virgesinn, datt mer déi Pläng presentéiert kréien? Dat wier eng éischt Fro. Dann, de Punkt 4 aus dem Rapport Constatant que la Nationale 31 route de Luxembourg remplit la fonction de la route de liaison. Do brauche mir endlech konkreet Léisungen, fir den Trafick ze drainéieren. Et wier interessant, ze wësse wat d'konkreet Pläng vu Ponts et Chaussées a vum Ministère sinn, fir dës Strooss méi verkéiersfléissend zwëschent dem Staatslabo an am Fong de Rond-point ze maachen. Dass do nach ëmmer sou vill Camione fueren, an datt et wichteg wier, dass hei gehandelt géif ginn, virun allem well et jo en Duerchgang soll sinn. Gefierer vun alle Gréissten, ech mengen, mir wësse vu wat mer schwätzen, musse ganz oft déi zwee Spueren iwwerkräizen an dat bréngt och ganz oft e massive Réckstau mat sech..

Dann ass et och ganz interessant ze liesen, vu que les zones 30 seront mises en place sur l'ensemble du réseau routier communal, an do soll eng Etüd gemaach ginn, an do froe mir eis, aus wat besteet déi Etüd? Gi mer rëm en Optrag dem Bureau Schroeder an Associés? Oder hu mer éischter konkreet Moossnamen, déi vläicht vun der Gemeng géifen auskommen? Well mir hunn awer elo mëttlerweil relativ vill Erfarung mat där Problematik. Voilà, dat wär eng Fro.
Dann hate mer, Rappelons à l'heure actuelle la route de Volmerange et la route de la Libération revêtant la nature d'un chemin rapide. Do hat den Här Steffen an engem informelle Gemengerot drop opmierksam gemaach, datt een am Fong vis-à-vis vum CNA, dat ass déi sougenannte Rue du Centenaire, interessant wier dat Ganzt ze erhiewen, esou wéi beim Park Mayrisch, wou u sech eng 30-Zon ass. A wou d'Kanner, d'Elteren, d'Foussgänger an déi duuss Mobilitéit wierklech immens fléissend an an enger gewëssener Sécherheet iwwerkräizt. An dat wier eis och wichteg, fir hei vun der Spillplaz eeben an den neie Quartieren, Neischmelz, dat och kënnen ze hunn. An hei gëtt natierlech och d'Vitess an de Kaméidi erausgeholl an deem Eck. An dann natierlech, och déi Sécherheet kann ee méi grouss schreiwen.

Just eng kleng Reaktioun zu dem Train-Tram, vu datt dat virdrun ugeschwat ginn ass. Ech mengen, dat Theema huet eis ganz laang beschäftegt. A mir hate jo och d'Mobilitéit an der viregter Regierung. An u sech weisen esouzesoen déi Etüden, datt et net onbedéngt sënnvoll ass, fir do en Train-Tram hei zu Diddeleng ze hunn. Wéinst der Beschleunegung an och der Acceleratioun an och der Ofbremsung vun deem ganze System. Mir hu jo vill Garen, och d'Schinne sinn net onbedéngt eent zu eent ze iwwerhuelen. An d'Zil wier fir Diddelenger, hei an den Zuch ze klammen an am beschten an der Stad erëm eraus. Voilà. Fir de Rescht fanne mir zimmlech, villes zimmlech gutt. A mir wäerten och dëse Projet matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Jo, Kaméidi ass subjektiv, mee ech mengen, en ass ni ze ënnerschätzen. Kaméidi kann zu Stress, zu Schlofstéierungen, zu héijem Bluttdrock féieren, also allgemeng zu physeschen a mentale Krankheeten. Kanner, déi an enger Fluchschneis wunnen oder an d'Schoul ginn, déi schwätzen a liese méi lues respektiv méi spéit an hunn oft eng e bësse geschwächte Gedächtnesleeschtung. Kaméidi ass awer och eng sozial Fro.
Logementen, déi bei vill befuerene Stroosse si, si meeschtens déi méi bëlleg Logementen. An déi Leit, déi dorobber ugewise sinn, fir do ze wunnen, déi hunn och oft net déi finanziell Moyene fir e bessere Schallschutz ze installéieren an hire Wunnengen. Et ass och eng ekologesch Fro. Dat ass virdrun och scho beim viregte Punkt ugeschwat gi vum Här Steffen. Och d'Biodiversitéit, och d'Déiere si vu Lärmbelästegung betraff. Komescherweis steet dat net am Rapport och vum Ëmweltministère. Wat awer dra steet, dat ass en anert Argument, firwat de Kaméidi muss gedämmt ginn, nämlech déi wirtschaftlech Konsequenzen, well wann d'Leit krank ginn, da feelen se op der Aarbecht oder se si manner produktiv.

Jidderengem seng Suergen, jidderengem seng Grënn, fir de Kaméidi ze bekämpfen, haaptsaach mir sinn eis eens, dass se muss un der Source bekämpft ginn a soll ebe verhënnert ginn an net just iwwerdeckt ginn. Ech hu mer als Preparatioun fir dës Diskussioun, effektiv d'Diskussioun vun 2021 ugelauschtert, fir e bëssen ze wësse wat do d'Positioune waren, an do ass erauskomm, dass d'Grenzwäerter, déi am Plang stoungen, méi héich waren, wéi déi, déi an der Leitlinn vun der WHO sinn. Mëttlerweil si se erofgesat ginn, mee se sinn nach ëmmer méi héich wéi dat, wat d'Weltgesondheetsadministratioun seet. Dat ass fir eis net ganz ze verstoen. An och, dass an eisem Avis da steet, dass an eisem PAG déi Grenzwäerter un deen ale Plan contre le bruit adaptéiert goufen, obwuel mer jo wossten, dass déi vill méi héich sinn, wéi d'Grenzwäerter vun der WHO. Dat fannen ech e bësse beonrouegend, well ech mengen, och wann ee sech vläicht op eng gewëssen Aart a Weis un de Kaméidi winnt, sou wint ee sech dach awer ni richteg drun. An da wäert et vläicht besser, mir géifen eis un der WHO orientéieren. 2021 war och d'Kritik opkomm, dass d'Kartografie vum Plang vereelzt wier. Bon, elo hu mer nei Valeuren, an zwar vun 2021, dem internationale Joer vum Teletravail. Ça vaut ce que ça vaut. An trotzdeem gesi mer, an ech zitéieren aus dem Rapport, eng Augmentation notable du bruit routier lié au trafic. A souwuel um Niveau sonore wéi un der Unzuel vun de Leit, déi impaktéiert sinn. An dat am Joer 2021. Also dat ass schonn e bësse beonrouegend. Komesch, dobäi hu mer jo awer scho sou vill ënnerholl, fir de Kaméidi anzeschränken.

Als Haaptmesure fir Verkéiersberouegung kënnt dann am Plang fir Diddeleng an och am Avis vun eiser Gemeng eraus, den Ausbau vun der A3 op zwee Mol dräi Spueren. Et wäert Iech elo e wéineg iwwerraschen, well och schonn 2021 hu mir dat op döser Plaz kritiséiert, wou mir soen, wann ze vill Kaméidi aus Stroosseverkéier ass, da baue mir méi Stroossen. Dat ass e bëssen e komeschen Usaz, fir Léisungen ze fannen. Jo, déi drëtt Spuer, déi ass fir de Bus, fir den Taxi, fir de Covoiturage. Dat ass eng gutt Saach, mee e reduzéiert awer net de Banneverkéier an Diddeleng. An an eisen Aen Stroossen ze bauen, fir manner Kaméidi aus dem Stroosseverkéier ze hunn, dat ass eng Rechnung, déi net ganz opgeet. D'selwecht Haaptsuerg zu Diddeleng hei ass am Plan d'action contre le bruit d'Route de Luxembourg. Dat ass déi néngt Prioritéit fir d'Agglomération aus dem Süden. An an eisem Avis schreiwe mer och, mir géifen Etüdë maachen iwwer e Quartier à circulation réduite. Bon, et war d'Propositioun an et war deemools d'Fuerderung vun eis, mee net just vun eis, fir de Quartier à Bëlleg zum Beispill autofräi ze maachen. Dann hätte mer nämlech elo net nach d'Route de Luxembourg, wat anscheinend déi néngst Prioritéit am Süden ass, wat de Kaméidi ugeet, nach duerch méi weidere Verkéier elo belaascht, respektiv géifen an den nächste Jore belaascht ginn. Wie Stroosse baut, dee schaaft méi Trafick.

Wat ass d'Alternativ? Ben, den ëffentlech Transport. An do ass elo schonn d'Fro komm mam Bus à haut niveau de service. Deen ass effektiv eraus. Deen ass ersat ginn duerch Corridor de transport en commun, wou et dann ëm den Tram geet. An am Plang hunn ech do awer och wierklech just Punkte fonnt fir Esch, Esch-Schëffleng, Esch-Belval.

Mee iwwert den ëffentlechen Transport hei zu Diddeleng, wat elo Bus an Tram ugeet, steet effektiv näischt. Den Zuch, do sinn ech frou, dass eisen Avis vun der Gemeng dann e bësse méi éierlech ass, well do steet nämlech, et wär elo mol all drësseg Minutten ab 2028 an dann iergendwann eng Kéier méi spéit all 15 Minutten. Am Plan contre le bruit steet dann einfach just: Diddeleng, Dir kritt jo all 15 Minutten en Zuch. Jo, dat ass awer net fir haut an net fir muer. Do sinn ech frou, dass den Avis e bësse méi éierlech ass.

Et ass och elo kuerz ugeschwat ginn iwwert de Stroosseverkéier punktuell. Ech hunn och mat ganz vill Interessi deen Artikel vun deenen dräi Südgemenge gelies, well ech kann Iech och soen, op verschiddene Plazen, och wou ech wunnen, do gëtt et forcéierte Kaméidi, wou d'Leit hir Autoen tunen an dann och wëllen domadder uginn, wéi gutt se da getunt sinn a wat se da fir Geräischer kënne maachen. Dat ass an der Géigend vun enger Schoul, bon, et ass normalerweis nuets, mee dat ass och wierklech eng Problematik, déi ee sech muss unhuelen a wou esou Radaren eng interessant Iddi sinn. Et ass ugeschwat ginn, dës Kéier gouf et keng Prise de position vu Bierger. Dat ass interessant, well ech mengen, Kaméidi geet eis all eppes un. A mir hunn eis gefrot, ob dat vläicht doru läit, dass d'Avise vun de Bierger an deene leschte Joren net ëmmer ganz eescht geholl goufen. Do schwätzen ech elo net onbedéngt vun der Gemeng, mee vun deene Punkten, déi och schonn 2021 am Avis vun der Gemeng stoungen an déi elo erëm eng Kéier widderholl ginn.

Bon, de Multimodal, dee gëtt ganz kuerz ernimmt am Plang awer och just ganz kuerz. Sou wéi d'A13, ech mengen et war schonn 2017 gesot ginn, wann ech mech net ieren, et ass 2021 widderholl ginn, et steet erëm näischt dran, mir widderhuelen et erëm hei am Avis, da brauch ee sech vläicht och net ze wonneren, wann d'Bierger net interesséiert sinn, sech ze mellen, wann se d'Gefill hunn, dass net op se gelauschtert gëtt. An eisen Aen ass wéi 2021 och den Avis ze favorabel fir ze wéineg strukturellt Ëmdenken, dat wierklech gebraucht géif ginn an dat awer an dësem Plang feelt. A vu dass d'Hoffnung och an eisem Avis awer hei erauskënnt, dass méi Stroossen den Trafick géifen entlaaschten, jo, kënne mir net domadder averstane sinn a mir wäerten den Avis da wéi 2021 an ech menge esouguer wéi 2017 net matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, villmools Merci. Et wäert Iech net iwwerraschen, dass mer e bëssen anerer Meenung si wéi meng Virriednerin. Mir begréissen dës Initiativ ausdrécklech, well et eeben de Kaméidi erofsetzt an domadder eeben d'Liewensqualitéit, dat gouf och schonn e puermol gesot, hei verbessert. Ech wëll kuerz op e puer Haaptpunkten agoen. Éischtens zum Stroosseverkéier. Jo, d'Verbreedung vun der A3 op zweemol dräi Spueren tëscht dem Echangeur Diddeleng Zentrum an der Croix de Gasperich ass eng wichteg Moossnam fir de Verkéier opzefänken an eeben d'Duerchfaart duerch eis Quartieren ze reduzéieren. Dat bedeit manner Belaaschtung fir eis Awunner an dobäi ass awer wichteg, dass d'Installatioun vun eebe Schallschutzpannoen dobäi essenziell bleift a muss geschéien. Och de geplangten Echangeur Diddeleng Zentrum mam Park & Ride ënnerstëtze mir, well en den ëffentlechen Transport fërdert a lokal Entlaaschtung bréngt. Wéinst senger Lag, allerdéngs no un der franséischer Grenz, ass et eebe wichteg, dass déi nei Verkéiersflëss, och dat gouf gesot, genau analyséiert ginn a wou néideg Upassunge musse virgeholl ginn. Mee wéi gesot, begréisse mir de Projet wéinst sengem Potenzial fir manner Kaméidi an eisem Alldag.

Zweetens, d'Ofschafe vun de Passage-à-niveauen, also de Barriären op der Diddelenger-Eisebunnstreck. Ganzer véier solle verschwannen an d'Garen an d'Arrêten an der Stad ginn ëmgebaut. Mir ënnerstëtzen dëse Projet aus voller Iwwerzeegung. Wichteg ass et do, dass an deem Kader vun deem Projet eeben och do geziilt Schallschutzmaueren a Schallschiermer laanscht d'Gleiser installéiert ginn. Duerch dës Dispositifs anti-bruit kann d'Zuel vun den Awunner, déi haut nach vum Zuchkaméidi betraff sinn, däitlech erofgesat ginn, wat eng konkreet Verbesserung eebe fir déi Leit duerstellt.

Donieft füügt sech dee Projet eeben harmonesch an d'Verkéiersstrategie 2023 an. Wann d'Barriäre fort sinn, kann den Zuchverkéier verbessert ginn. Geplangt ass, dass d'Zuchverbindung, dat gouf scho gesot, an Zukunft eng méi héich Kadenz soll kréien. An och déi nei Vëlospist, d'PC 103 laanscht d'Gleiser tëscht Diddeleng a Beetebuerg ass geplangt, wat eeben e positive Spill-over-Effekt huet. Méi Leit op de Vëlo, manner Leit am Auto an esou mat a manner Kaméidi duerch den Awunner. De Projet erhéicht deemno d'Mobilitéit ouni d'Kaméidiësbelaaschtung ze erhéijen, wat d'Liewensqualitéit deementspriechend eropsetzt.
Da kucke mir op d'Mesuren op eise Stroossen a Quartieren. An et muss gesot ginn, dass do Diddeleng selwer scho vill Initiativen ergraff huet. Och dat gouf scho gesot, fir de Kaméidi ze reduzéieren. De Plang hält fest, dass d'N31, jo, kuerz, duerch Diddeleng, vill Trafick duerch eis Uertschafte bréngt. A mir wëssen all wéi befuer dës Streck zu de 'Spëtzestonne ka sinn. Fir géigenzesteieren, an dat Diddeleng-wäit, ass eng ganz Rei Mesuren eebe scho geplangt a weider Analysen och geplangt. Op eisem Gemengegebitt kommen, wou et néideg a sënnvoll ass, d'Tempo-30-Zonen. D'Gemeng schafft drun, de Quartiersverkéier doduerch ze berouegen. An och verkéiersberouegt Quartiere sinn eeben eng Verbesserung vum Kaméidiësbelaascht. Mir ënnerstëtzen och d'Promotioun vun der duusser Mobilitéit doduerch.

D'Piste cyclable 103, déi ech ugeschwat hunn tëscht Diddeleng a Beetebuerg, déi geplangt ass, an d'Erhéijung vun der Kadenz, déi virdru schonn erwäänt gouf, droen eeben dozou bäi, dass Alternativen zum Auto méi attraktiv ginn. An all Vëlo a Bus méi bedeit eebe manner Autoen an doduerch och manner Kaméidi. De Kaméidiproblem ass awer allgemeng en iwwerschneidende Problem an net just op e puer Achsen ze begrenzen an de Ministère soll déi kumulativ Effekter vu verschidde Kaméidequellen zesummen analyséieren. An deem Kader ruffe mir och dozou op, dass d'Regierung d'Kaméidikaart mat den aktuellsten Donnéeën upasst an d'Mesuren, déi bis elo just laangfristeg geplangt sinn, méi séier ëmsetzt, fir dass d'Bierger d'Resultater net

eréischt an zéng oder zwanzeg Joer spieren.

Besonnesch zwou Recommandatioune leien eis do besonnesch um Häerz, wou mir déi national Ënnerstëtzung ufroen, an dat ass eeben déi Verlängerung a Verbesserung vum Lärmschutz laanscht d'Autobunn A 13, wou mir d'Etüdë fuerdere fir de Schallschutz laanscht d'A 13 ab der Bréck Route de Noertzange bis eeben op d'Héicht vum Echangeur Kayi-Näerzéng ze verlängeren. Gläichzäiteg sollen déi bestoend Schiermer erhéicht a verlängert ginn. Déi zweet Mesure betrëfft de Kaméidi duerch d'Gidderzich, och dat gouf scho gesot, am Multimodalterminal. Et ass net an der Rei, dass d'CFL Cargozich an d'Frachtzich zum Deel nach ëmmer ouni Schallschutzmesurë fueren. Mir froen doduerch och d'Madamm Ministesch sech bei der CFL anzesetzen, dass och d'Frachtzich mat méi modernen a rouege Bremsen a Rieder ekipéiert ginn, genau wéi bei de Persounenzich dat schonn de Standard ass. Mir erwaarden, dass d'Autoritéiten d'Mesuren net nëmmen op Pabeier stoen hunn, mee och zügeg ëmsetzen. An do wäerte mer och d'Ëmsetzung suivéieren a wann néideg nohaken, soudass d'Resultater och wierklech spierbar sinn op eise Stroossen an an eise Quartieren. Zum Ofschloss wëll ech betounen, dass mir, wéi gesot, voll a ganz hannert dësem Aktiounsplang stinn. Mir stëmmen haut ausdrécklech fir de Plang, well all déi virgesinne Projeten a Mesuren an eng kloer Richtung ginn, manner Kaméidi, méi Liewensqualitéit an doduerch e bessert Gesondheetsgefill fir eis Bierger. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Costa. Nach weider Stellungnamen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hat nach eng konkreet Fro zu deem Punkt vum Echangeur Dudelange-Centre mam P & R. Do steet am Saz, un nouveau P & R permettant un accès performant en bus à la ville de Luxembourg et au sud du pays. D'Lis Cloos hat et virdrun och schonn ugedeit, lo weess ech net, wéi soll ech mer dat elo virstellen. Fiert vum P&R aus e Bus duerch Diddeleng viru Richtung Belval oder esou oder fiert deen iwwert d'A13, well wann do elo en zousätzleche Bus kënnt, deen och an engem héijen Takt soll fueren, ass dat eng Aart Bus à haut niveau de service oder en Ersatz? An dat ka jo och zousätzlech Kaméidi engendréieren. Dass en an d'Stad soll fueren iwwert déi nei Bussspuer, dat schéngt mer logesch. Awer dat Anert misst vläicht nach genee definéiert ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, ech géif elo d'Ronn ofschléissen, da géif ech d'Wuert zréckginn un d'Lis Cloos an de Pit Demuth an duerno un de René Manderscheid an d'Claudia Dall'Agnol.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION VUN DER STAD DIDDELENG): Merci fir d'Wuert. Bon, ech fänken dann emol un a probéieren op all d'Froen ze äntweren, déi elo hei komm sinn. Ech maachen dat elo chronologesch, wéi se och elo hei virgedroe gi sinn, also ech mengen, de BMHS hat scho gesot ginn, dat ass jo ëmgewandelt ginn an de Couloir à haut niveau de service an ech mengen, wien Diddeleng kennt, dee weess jo, dass d'Gabariten hei zu Diddeleng e bësse schmuel sinn an dass mer dofir net extra kënnen nach eng separat Pist oder Spuer maache fir de Bus. An duerfir ass hei zu Diddeleng näischt virgesinn, fir dass de Bus en en separate Couloir huet. Mat der Suppressioun vun de PNen, ech mengen dat si Projete, wou de Ministère de Lead huet, dat heescht, dat ass CFL a Ponts et Chaussées an Zesummenaarbecht mat der Stad Diddeleng, an ech mengen do sinn déi grouss Acteuren drun an déi stellen eis au fur et à mesure dann déi Projeten do vir. An da kënne mer och ëmmer ons Avisë ginn. Mee wéi do elo genau déi Zäitschinn ass, ass och elo am Moment fir ons nach schwéier ze soen. Dofir kucke mer, wa mer se au fur et à mesure kréien, da ginn se jo an de verschiddene Kommissioune virgestallt, da gi jo och ëmmer d'Avise gefrot an Dir gitt jo och ëmmer iwwert déi Projeten informéiert.

Dann nach eng Kéier dat mam Bruit aérien. Ech hu lo nach eng Kéier séier am Plang dräi nogekuckt. Also, si hunn do elo fir Diddeleng keng Mesurë virgesinn, well déi Gemengen, déi ronderëm d'Stad an de Flughafe sinn, méi betraff sinn ewéi elo Diddeleng. Mir sinn zwar en Deel vun der Aflugsschneiss, awer do sinn d'Fligeren op engem méi engem héijen Niveau wann se iwwer d'Stad kommen oder iwwer Nidderaanwen fléien. An ech mengen, et ass och de Ministère, deen do Mesurë virgeschloen huet an elo net ons. An ech gesinn et och elo e bëssche méi schwéier, fir ze soen, wat kéinte mir elo hei zu Diddeleng maachen, dass manner Fligeren eriwwer fléien ausser, fir ze soen, mir wëlle keng méi. Ech mengen, mir sinn de falschen Uspriechpartner fir do e Korridor ze maachen.

Jo, ech mengen d'Berliner Këssen, dat ass jo nëmmen eng kuerzfristeg Léisung, fir d'Leit ofzebremsen. Do mierkt ee schonn, dass dann d'Autoen ofbremsen. A bei alleguerten de Projeten, déi mer elo déi lescht Jore realiséiert hunn an och wäerten, do sinn ëmmer baulesch Mesurë virgesinn, wou da baulech Bockele gesat gi sinn. Ech mengen, hei bei der Kierch oder an der Rue Dominique Lang, do si jo dann déi Platten, wou een eropfiert an erëm eroffiert, déi bremsen och den Trafick. Mee dat si baulech Mesuren, wéi ech scho gesot hunn. An ech mengen do muss dann de Bagger kommen. An dat ass dann ëmmer erëm mat Käschte verbonnen. An ech mengen, wa mer de Budget kennen, da wësst der, wéi d'Situatioun aktuell hei zu Diddeleng ass. Ech wëll do elo net méi dozou soen.

Jo, och d'A 31, dat ass och e Projet vum Staat, vu Ponts et Chaussées. Do sëtze mer och zesummen um Dësch fir do Léisungen ze fannen. Ech mengen, dat ass e grousse Knackpunkt. Ponts et Chaussées huet elo scho mam Rond-point, deen elo ënnert der Autobunn ass bei der A13, vill Mesurë gemaach, dass dat scho besser leeft. Déi Geschicht mat de Camionen, déi do erafueren, ech mengen dat ass scho bekannt. D'Police mécht och reegelméisseg Kontrollen a kontrolléiert och de Camoionfuerer, mee entretemps hunn d'Camionfuerer och schonn den Trick eraus. Dat heescht, déi gi fir d'éischt ofliwweren, da kommen se ouni Suedel eran tanken. An dann, d'Tankstell spillt och do e bësse mat. Ech mengen, et ass och elo net, et ass jo kee Geheimnis, dass deelweis d'Tankstell d'Protokoller vun de Camione bezilt, wéi dass se awer erëm herno bei se tanke kommen.

Jo, ech mengen dat mam Tuning am, entweeder an de Wunnquartieren, respektiv mat de Coursen am Wolser, dat ass ons och bekannt. A mir hunn dat alles un d'Police och viru ginn, well ech mengen si sinn déi eenzeg Instanz, déi do elo kann intervenéieren. Am Wolser sinn och Mesurë gegraff ginn, dass dat net méi esou gutt méiglech ass. Ech mengen, dat ass och Terrain vum Staat a si sinn och informéiert, si ënnerhuelen och do elo Saachen, dass dat méi schwéier gëtt do ze maachen. Mee do hu mir als Gemeng och net ganz vill Handhaab driwwer.

Dann nach dem Här Gangler seng Fro mam Park & Ride, mat de Busverbindungen a Richtung Stad a Richtung Süden. Also, déi aktuell Pläng vum Ministère gesi vir, dass awer e Bus vum Park & Ride de Süde verbënnt. Wéi do elo genau de Verlaf ass, ass nach net bekannt. An et ass just gesot ginn, vum Park & Ride soll e Bus am Süde fueren, dat heescht, vun Diddeleng Richtung Esch an dann, wéi wäit deen dann och herno virun a Richtung Péiteng fiert, dat ass alles nach net bekannt. Mee ech mengen, wann dat bis bekannt ass, da wäerte mer dat och matzäite presentéieren. Sou, ech mengen dat war elo vu menger Säit.

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE VUN DER GEMNG DIDDELENG): Merci. Ech ginn nach eng Kéier kuerz op d'Stadbegréngungskonzept an. Do war och nach eng Fro. Am Moment ass et esou, dass et eng intern Aarbechtsgrupp gëtt, wou all déi verschidde Servicer, déi concernéiert sinn, mat drasëtzen. An an deem Kader goufen iwwert déi zwee lescht Joren zwee Projeten ausgeschafft a realiséiert. Dat ass engersäits d'Plaz Am Duerf an och d'Niddeschgaass, déi begréngt ginn ass oder begréngt gëtt. D'Plaz Am Duerf ass begréngt. D'Niddeschgaass kënnt elo nach am Hierscht drun. An do ass et esou, dass an deem Aarbechtsgrupp déi Projeten ëmmer diskutéiert ginn. Dat heescht, verschrëftlecht ass et nach net, wat awer net dergéint schwätzt, dass een dat verschrëftlecht an dann och eng Kéier an der Kommissioun oder iergendwou eng Kéier presentéiert. Do gesinn ech elo kee Problem. Et sinn, mengen ech, d'Froen all gekläert ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Pit Demuth an dem Lis Cloos.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP SCHÄFFIN): Jo, och wann ech elo vläicht Munches widderhuelen, wat d'Virriedner scho gesot hunn, ech fänken dann och vir un, ech fänken u bei der Madamm Kemp, si huet gesot, datt just de Bus oder de Bus à haut niveau, datt dat deen eenzege Moyen wär, fir den neie Quartier Neischmelz kënne gutt unzebannen. Dat mengen ech net. Mir hunn do d'Gare-Usine dobäi. A wa mer dovunner ausginn, datt mer all Hallef- bis all Véirelstonnen en direkten Zuch wäerte kréien an d'Stad, wou awer nach ëmmer déi meeschte Leit schaffen, déi hei zu Diddeleng wunnen, da mengen ech, ass dee Quartier ganz gutt och un den Zuchverkéier ugebonnen.

Dann Train-Tram. Also, déi Diskussioun, an ech si frou, datt d'Madamm Ahmedova schonn e bëssen sot, wat op nationalem Niveau och do geschitt ass. Déi huet esou e Baart. Mir hunn dat laang diskutéiert, mir hunn et en long et en large erkläert, et ass vun hanne bis vir etudiéiert ginn, well Dir nach eng Kéier eng Etüd gefrot hutt. Déi Detailer, ech erspueren Iech wat elo erauskoum. Ech mengen d'Madamm Ahmedova huet e puer Saache scho gesot, dat kënnt Dir alles noliesen. Mee einfach just zwou Feststellungen. Wa mer soen, datt d'CFL mol guer net wëll mat op dee Wee goen, da misst ee mol wëssen, wie keeft dann dat Material? Mir, d'Gemeng, wie baut déi Quaien? Wie baut déi Schinnen, wann déi net fir en Train-Tram gemaach sinn? Mir? Come on!! Also, ech mengen, Dir kennt eise Budget jo awer, datt dat guer net dran ass. A wa mer wëllen, datt d'Leit net sollen ëmsteigen, well mer jo awer gären hätten, datt et bequeem ass, fir an d'Stad ze fueren, da solle mer eis endlech vun där doter Iddi verabschiden. Eis war déi och ganz laang sympathesch a mir haten se och mol eng Kéier um Radar. Mee dat war awer éier alles bekannt war, wat d'CFL wëlles hat. Dat heescht, dat doten ass tempi passati.

Dann, jo, ech mengen dat mat de Barriären ass de Pit Demuth drop agaang, och zum Flugverkéier, och déi Fro, d'Madamm Kemp, mir haten eng gemeinsam Kommissioun, Ëmwelt an Circulatioun, an do hutt Dir genau déi nämmlecht Fro gestallt an de Pit Demuth huet Iech genau déi nämmlecht Äntwert ginn. Dann hutt Dir d'Äntwert kannt, Dir wosst se, an awer kënnt se nach eng Kéier hei, an de Pit Demuth huet Iech nach eng Kéier genau déi nämmlecht Äntwert ginn. Sou misst se jo dann och elo an engem Analytesche festgehale sinn, souwéi se och an engem anere Bericht scho festgehalen ass, da kënne mer d'nächst Kéier iwwert deen dote Punkt ewechfueren.

D'Madamm Ahmedova huet iwwert de Pilotprojet geschwat an ob een dat kann eng Kéier an enger Circulatiounskommissioun virstellen. Ech gesinn do kee Problem. Allerdéngs, Dir hutt och gesot, datt do e Reglement um Instanzewee wär, wann ech dat richteg verstanen hunn. An ech mengen, da kéint een, pardon?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): An der Schwäiz.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP SCHÄFFIN): Ah, gutt, dat heescht, et ass hei nach kee Reglement um Instanzewee, gutt, da kéint ee vläicht waarde bis dat do ass, eis et eng Kéier ukucken an da kann een dat doudsécher eng Kéier an enger Circulatiounskommissioun, vläicht och erëm eng Kéier, an enger Commission jointe mam Environnement och virstellen, soubal eeben do méi Detailer sinn.

Zu de Berliner Kissen, ech mengen dat war och d'Madamm Ahmedova, wou dat gesot huet, bon, also et ass, wéi de Pit Demuth richteg sot. Bei all neie Projet vum Stroossebau, do kucke mir jo direkt, datt déi Stroossen esou gebaut sinn, dass Dir eigentlech net méi kënnt solle rennen. Mir wëssen awer och, datt trotzdeem nach ëmmer gerannt gëtt. Also, et sinn ëmmer, op Lëtzebuergesch gesot, Nickien, déi et awer fäerdegbréngen, méi wéi 30 Kmh oder méi wéi 50Kmh ze fueren, egal wéi d'Strooss gebaut ass. Zu de Berliner Kissen, do muss ech soen, also mir hu momentan net ganz vill Alternativen, well mir kënnen net all Strooss oprappe beieneen, mir kënnen net all Strooss an engem Joer ëmbauen. Dir kennt och eise Budget an Dir wësst och wat fir Stroossen do reegelméisseg drastinn. An all Stroos-

sen, déi mer ëmbauen, sief et aleng oder eeben och mat Hëllef vu Ponts et Chaussées, déi ginn dann och ëmmer direkt esou gestallt. Well dat anert, wéi gesot, dat kéinte mer eis och net leeschten. Et ass awer esou, och déi Berliner Kissen, also et ass ganz dacks, datt Leit an de Quartiere jäizen no Verkéiersberouegung an dann duerno soen, jo, mee dat doten, dat bréngt awer näischt. An déi Mähr, datt dann duerno se dann nach eng Kéier Gas ginn, allez, Komm, hein. Dat sinn der vläicht e puer, déi dat maachen, mee dat ass och e bëssen esou eng Seechen.

Et huet dozou bäigedroen de Verkéier an de Quartieren ze bremsen. An et si ganz dacks déi nämmlech Leit, déi gejaut hunn, fir Verkéiersberouegung ze kréien, déi dann duerno iwwert de Berliner Kissen jäizen. Mir kënnen awer am Moment net vill aneres maachen. Ech schwätzen déi Leit dann och ëmmer drop un, se solle mer eng Alternativ ginn. An da kënnt näischt, wann natierlech ee vun Iech eng besser Alternativ huet, hei, de Pit Demuth sëtzt do, ech sëtzen hei, wannechgelift, sot eis, da kucke mer, ob se ze realiséieren ass. Mee wéi gesot, bei all Projeten, wou mer ëmbauen, maache mer dat direkt mat dran.

Zu der Madamm Thoma, zu den dräi Spueren op der Autobunn. Ech mengen, do ass den Här Costa schonn drop agaangen. Mee mir schwätzen awer, mengen ech, hei vun engem ganz héije Prozentsaz Frontalieren, déi amplaz d'Autobunn ze huelen, duerch Diddeleng fueren. Wann déi natierlech muer kënnen op engem separate Couloir mat engem Bus à haut niveau de service kommen, mir nennen et da mol esou, an d'Stad fueren, keng gratis Parkplaz do hunn a vun doheem direkt iwwert d'Autobunn och op dee Park and Ride kommen, da mengen ech, dann entlaascht dat eis Uertschaft ganz, ganz vill. Voilà. Mir waarden, wéi gesot, och nach op d'Detailer, wéi dat alles soll ausgesinn. Mir waarden och nach drop, fir ze wësse wou dee Bus de Süde soll verbannen, menger Meenung no iwwert d'Collectrice, ech kann aech dat awer lo net soen, well ech mengen, si wëssen et selwer nach net. An dee Moment wäerte mer da sécher nach eng Kéier drop zréckkommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Claudia Dall'Agnol. Ech wollt vläicht och op zwee Punkten agoen, wou d'Madamm Kemp mentionéiert huet, effektiv par rapport zu den anscheinende Coursen, déi um Wolser stattfannen. Et däerf een net hei elo kee Gefill vermëttelen, dass dat permanente Charakter hätt. Well dat ass nämlech komplett falsch. Et ass jo och e reegelméissege Kontakt mat der Police, et sinn och vill Reunioune mat der Police. Fakt ass, dass dat stattfonnt huet, éischtens virun enger Zäitchen an et huet sech op zwee, dräi effektiv esou där Coursë limitéiert. An déi Réckmeldungen, déi ech vun der Police hunn, an ech sinn och... - Madamm Kayser, also loosst mech ausschwätzen, wann ech gelift - jo am Kontakt mat der Police an ech kréien op alle Fall déi doten Echoen absolut net. Dofir wollt ech dat hei awer vläicht kloerstellen. A wann et effektiv erëm vereenzelt esou Aktioune ginn, dann, mengen ech, ass et dann och wichteg, dass d'Police do deementspriechend hir Actions de coup de poing mécht. Mee fir dass, datt dat elo permanente Charakter huet, dat kann een hei esou net soen. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet ass nach eng Kéier, d'Claudia Dall'Agnol ass drop agaangen, par rapport zum Train-Tram an dass Dir eng Etüd fuerdert, an och mat der Supression des passages à niveau, dass dat net gutt ass. Ech stelle just eppes fest: Déi aktuell Regierung, an d'LSAP sëtzt do net dran. D'DP sëtzt do net dran an déi Gréng sëtzen och net do dran. Wann ech kucken, de Staatsbudget 2025, de Projet vum Staatsbudget 2026, wann ech kucken de PPF vun deene Joren a wann ech kucken, dass déi aktuell CSV-DP-Regierung do Kreditter virgesinn huet, fir déi Projete weiderzeféieren, déi mer an enger viregter Regierung ënner DP-LSAP-Déi Gréng ugeléiert hunn, mengen ech, leie mer jo dann um richtege Wee. Also dat, wat Dir hei fuerdert, ass jo dann de Contraire zu deem, wat dann déi aktuell Regierung, wou Är Partei jo och dran ass, awer ganz kloer wëllt ëmsetzen. Also, hei sidd Dir jo da wierklech komplett an enger Géigerichtung, wou Dir hei gitt, par rapport zu der Volontéit vun der aktueller Regierung.

Op alle Fall si mir frou, dass déi aktuell Regierung un deene Pläng vun der viregter Regierung weider drun unhält an dass mer dat och zesummen am Interêt vun der Stad Diddeleng kënnen och weider dreiwen. Well dat wollt ech nach dozou bäifüügen. An ech weess, den Här Gangler wollt nach eng Fro stellen. Awer eng ganz kuerz, well mir maachen d'Ronn net nach eng Kéier op. Da gi mer zum Vott do iwwer.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, et geet ëm eng Propositioun. Wann ech kuerz däerf soen, wat ech domat mengen, dee leschte Moment, dat war elo, wann een den Tram kuckt, deen elo op de Belval fiert iwwert d'A4, wéi séier dass do d'Trajete geännert gi sinn an esou, do ass jo eng enorm Flexibilitéit. Dat Zweet war, elo gi mer jo dauernd hei konfrontéiert mat Etüden, déi et anscheinend soll ginn, déi mer awer ni kritt hunn, mir hunn den Androck, mir vun der CSV, mir rennen hei widder eng Mauer. Eis läit ganz kloer ee Punkt um Häerz: Wéi kommen 2.700 Leit herno, 2030, aus Neischmelz eraus? D'Autoen hunn déi mannst do, si sinn also net betraff iwwert de Problem vun der dräispuereger Autobunn. Bis elo gëtt et just den Zuch. Den Zuch muss dee ganzen Drainage maache vun deene Leit aus dem Neischmelz, well, wéi mer elo verstanen hunn, de Bus à haut niveau de service oder de Couloir à haut niveau de service ass net fir Diddeleng. Dat heescht, deen, dee virdru sollt duerch d'Neischmelz fueren, mécht et elo net méi. Da bleift just deen Zuch. Also gëtt alles axéiert op deen Zuch. An da sinn esou vill Inconnuen, wéi fiert dee Bus do vun deem PNR?

An elo kommen ech zu menger Propositioun, kënne mer net iergendwann eng Kéier en informelle Gemengerot maachen, wou mer konkreet alles op den Dësch leeën, wat et de Moment vun Erkenntnisser gëtt, wou mer Spezialiste komme loossen, déi eis erklären, firwat dat heiten an dat doten net geet, an da kënne mir ophale géint eng Mauer ze rennen. Well wann dat eng Kéier kloergemaach ass fir jiddwereen, mat allen Daten an Donnéeën a Projeten, déi mer zur Verfügung hunn, dann ass et fir eis och méi einfach, eis Politik ze orientéieren. Da kënne mir och ee Moment ophalen iwwer den Train-Tram ze schwätzen, wann de Moment mir komplett op enger falscher Schinn sinn. Also, dat ass

awer wat ech mer géif wënschen, eng Kéier en informelle Gemengerot, wou mer wierklech d'Kaarten op den Dësch leeën a wou mer Neel mat Käpp maachen a wou mer da vläicht kënnen e Konsens fannen, fir hei d'ganz Gemeng zesummen an eng Richtung ze zéien, wou jiddweree ka sech domat zefridde stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. D'Claudia Dall'Agnol wëllt nach eppes soen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech hu just nach eng Remark ze maachen, also et ass net, datt duerch dee Quartier elo kee Bus wäert fueren, dat huet de Pit Demuth net gesot, en huet just gesot, datt de Gabarit duerch Diddeleng, op der Rue de Commerce oder esou, wou dee Bus soll erofueren, do kréie mir net nach e separate Couloir hin, mee awer dee Quartier, dee wäert awer vum Bus desservéiert ginn, gell, et ass net, datt do elo kee Bus wäert fueren.
An dat Zweet war, d'Train-Tram-Etüd, wann ech mech awer net falsch erënnere, hate mir dat awer och eng Kéier an der Circulatiounskommissioun, mee do misst de Pit Demuth mech awer elo verbesseren, well dat ass ëmmer, ech héieren da Saachen op där enger Plaz, op där anerer Plaz, an da weess ech net méi genau, wou mer driwwer diskutéiert hunn. Woubäi dat och näischt ännert, well d'Madamm Kemp ass net an der Circulatiounskommissioun. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn awer vun dësem Plang. Mir hunn elo en long et en large doriwwer geschwat. Et huet nach e puer Punkten, déi awer um Ordre du jour sinn, eis d'nächst Invitéen, déi waarden och op hir Interventioun. Dofir géif ech einfach zum Vott iwwergoe vun dësem Plang.

***Wien ass hei mam Plang esou wéi e presentéiert gouf, respektiv mat de Revendicatioune vun der Stad Diddeleng averstanen? Dat sinn déi Gréng, dat ass d'LSAP, dat ass d'CSV, dat ass d'ADR an d'DP. Wien ass dergéint? Dat ass déi Lénk.*** Villmools Merci an och dem Lis Cloos  an dem Pit Demuth Merci fir hir Presenz.



# 8. OFFICE SOCIAL

**8.1. Erneierung vun der Hallschent vum Verwaltungsrot vum Office social**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Fir dëse Punkt Office social géif ech hei dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Et sinn zwee Punkten drop. Den Éischten, dee presentéieren ech Iech da ganz kuerz. Dir gesitt, um Ordre du jour ass dann d'Verlängerung oder d'Erneierung vum CA vum Office Social. Dir wësst, dass déi gewielt gi fir eng Period vu sechs Joer an an der Hallschent vun där Period mussen déi Leit sech awer nach eng Kéier erëm frësch presentéieren. An Dir gesitt an den Ënnerlagen, dass zwee Leit, déi am Conseil scho waren, hir Kandidatur verlängert hunn. Dat ass d'Annette Kemp-Kleman an et ass d'Gisèle Biever-Boly. An Dir hutt och gesinn, dass do den Numm vum Bob Claude feelt, deen huet dann opgehal am CA, deen ass dann elo a seng definitiv wuelverdéngte Pensioun gaang. A mir haten och en Appel à candidatures gemaach, den 2. September. An do ass eng Kandidatur erokomm. An dat ass déi vum Fabienne Dimmer. An duerfir géif ech da proposéieren, dass, opgrond vum Avis och hei vun der Decisioun vum CA vum Office Social, och mir als Gemengerot dann d'accord sinn, datt d'Annette Kemp-Kleman, d'Fabienne Dimmer an d'Gisèle Biever-Boly da weider kënnen am CA bis déi nächst Period schaffen. Merci.

**8.2. Approbatioun vum Bilan an dem Compte de pertes et profits fir d'Geschäftsjoer 2023**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Fir dëse Punkt begréissen ech och hei d'Mataarbechter, den Direkter an d'Receveure vum Office Social hei an eiser Ronn. An da géif ech hinnen d'Wuert ginn, fir effektiv drop anzegoen.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Jo, ech mengen, en ass verdeelt ginn, eise Rapport, de Ministère de l'Intérieur huet verschidde Remarke gemaach. Ech mengen, Dir hutt en hei kritt, solle mir elo eng Kéier doduerch goen? Oder, wann Dir Froen hutt, drop beäntweren ...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech mengen, et wier ubruecht, eng kuerz Stellungnam par rapport zu de Remarke vun der Comptabilitéit, vum Contrôle an d'Äntwert vum Office social, och wa mer et kritt hunn. Mir si jo an enger ëffentlecher Sitzung. Dofir ass et einfach

wichteg, nach eng Kéier kuerz a knapp drop anzegoen.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Et waren am Ganze siwe Remarken, déi mer kritt hunn. Dat eent war mat de Bénéficiaires sous gestion. Dat ass eng Ännerung ginn, datt do ëmmer um Enn vum Joer eng Kéier soll e Bilan gemaach ginn, eng Kéier cloturéiert ginn, datt ee weess, wou een dru war. Déi Remark, déi hate mer scho gemaach kritt, do hu mer d'Gestioun eng Kéier à la jour gemaach an dat gëtt elo reegelméisseg gemaach, soudatt déi Remark sech kann ophiewen. Déi zweet Remark, dat ass den Transmission tardive du bilan du compte de profits et pertes. Bon, dat läit einfach drun, well mir d'Dekonte méi spéit kréien a mir brauchen d'Dekonten, fir eise Bilan kënne weiderzeginn. An, bon, dat läit eigentlech dorunner. Dee Compte épargne-temps, dee soll comptabiliséiert sinn. Dat ass bis elo net gemaach ginn, well de Ministère de la Famille dat och net an hirer Konventioun virgesinn huet. Mir hunn dat awer elo gemaach. Da misst dat eeben iwwert d'Konventioun mat der Gemeng ginn. Do geet et rëm, wann CETe bei de Mataarbechter ufalen, wéi déi ausbezuelt géife ginn oder erageholl ginn.

Da war de Fonds de roulement gehuewe ginn. Do soen se, do war keng Deliberation séparée geholl ginn. Dat ass effektiv 2023 gemaach ginn. Et ass eng Deliberatioun geholl ginn, mee keng séparée. Ech mengen, Dir hutt dat och am Budget gesi gehat deemools. Et war schonn eng Kéier 2018 an 2022 doriwwer geschwat ginn, och am Conseil. An dunn ass 2023 dee Fonds de roulement dann effektiv gehofft ginn. Et ass eng Deliberatioun do gewiescht, mee déi war eeben net séparée geholl, wéi et virgesinn ass. D'Comptabilisatioun vun de Journallen a Salairë géif ech awer vläicht dem Carole Wagner d'Wuert ginn, well dat e bësse méi technesch ass.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also u sech, de fënnefte Punkt, de Compte de profits et pertes, effektiv, dat sinn haaptsächlech elo Remarken, comptabilitéitsméisseg, wou mer aner Artikele gebiede sinn ze huelen, par rapport zum Vademecum, wou mer hunn, vun der Comptabilité générale. D'Comptabilisation des salaires, do ass et effektiv esou, dass aktuell de Receveur vun de Gemeng nach déi Paie vum Office social matiwwerweien, Ech billen awer bei eis dee Fichier effektiv eemol d'Joer an, a si hunn elo gefrot effektiv, dass dat soll méi reegelméisseg gemaach ginn. Dat heescht, mir sinn och elo souwisou amgaang ze kucken, dass den Office social och déi Partie Paie ganz iwwerhëlt, dass mir och d'Paie selwer iwwerweisen. Voilà, dat war u sech déi Remark.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Bon, dann ass et d'Indemnités pour pertes de caisse. Voilà, do ass eng Remark, datt keng Deliberatioun un de Ministère de l'Intérieur komm ass, wou d'Madamm Wagner engagéiert ginn ass. Déi Deliberatioun ass geholl ginn. Déi hu mer och dann am Nachhinein elo schonn op de Ministère de l'Intérieur geschéckt. Mëttlerweil leeft dat awer souwisou automatesch, datt bei den neien Engagementer dat doten och kee Problem wäert sinn. Dann hu se do och nach eng Remark gemaach, wou se soen, datt d'Madamm Wagner Payementer mécht. Dat ass den offizielle Receveur vun der Gemeng. Mee d'Madamm Wagner mécht dat natierlech ënner Supervisioun vum Receveur vun der Gemeng. Dat hu mer hinnen och esou gesot. E leschte Punkt, dat ass eng Vérification des caisses trimestérielles. Dat ass bis elo net gemaach ginn, wéi dat hätt sollte sinn. Dat war eis schonn opgefall Mëtt dësem Joer, wou mer gesot hunn, da maache mer dat elo an Zukunft. Dat heescht, do muss eigentlech de Receveur, de President an den Tresorier all Trimester eng Kéier d'Keess kucken an dat gëtt och elo gemat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann géif ech dem Tom Oswald an dem Carole Wagner Merci soen, fir déi Erklärungen, déi se hei ginn haten, par rapport zu den Remarke vum Inneministère vum Contrôle. Wann een och eng Stellungnam huelen, hunn eng Remark maachen? Kann e ganz gäre maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Merci fir d'Explikatioun. Merci dem Office Social, wéi mer dat ëmmer soen, fir Är Aarbecht. Ech hunn awer och hei zwou Froen, déi sech erginn aus der Remark vum Ministère an och Ärer Äntwert. Ech hu lo net richteg verstanen, deen Traitement comptable du temps affecté au compte épargne-temps. Do steet dann, dass de Ministère, dee finanzéiert deen net. Mee da steet an der Äntwert, dass, wéi ech dat verstan hunn, dass d'Gemeng dat bezilt. Dat ass meng Fro: Firwat? An ass dat och esou an anere Gemengen? A wéi vill mécht dat aus? An dann, dat Zweet ass och, wat mer net ganz kloer ass bei den Indemnités pour pertes de caisses, do steet do, dass een dat soll kontrolléiere mam Receveur. Dir hat elo gesot, de Receveur vun der Gemeng. Mee hei hunn ech gemengt ze liesen, le Receveur de l'Office social. Huet deen, ech weess net, den Organigramm vum Office social ass mer elo net ganz kloer, hunn déi en eegene Receveur? Oder ass dat de Receveur vun der Gemeng, deen deen iwwerkuckt? Well dat ass jo awer dann eng Differenz.

An da wollt ech jo nach froen, et ass jo och wichteg, dass dat kontrolléiert gëtt an dass dat ënner der Regie vun engem Receveur ass an net vun enger Mataarbechterin, also guer net déi Aarbecht. Weess de wat ech mengen? Also, mir si frou, dass een et mécht, mee ech mengen, et ass awer scho wichteg, dass déi hierarchesch Uerdnung gewahrt ass, well virun allem, ganz wichteg, ënnen drënner och dee Saz steet, sous la supervision, le contrôle et la responsabilité personnelle directe du Receveur. Dat heescht, wann de Receveur et net kontrolléiert, a wann do eng Differenz wär, da wär jo och den Employé perséinlech haftbar, oder gesinn ech dat falsch? Also wéi gesot, dofir ass et wichteg, dass dat awer hierarchesch awer richteg ofleeft. Wéi gesot, ech si frou, dass Dir do an déi Richtung och elo gitt, fir dat alles ze regulariséieren. An ech soen Iech och Merci fir déi Explikatiounen a verléiert net de Courage, well Är Aarbecht ass wäertvoll an och net ëmmer einfach an dann déi administrativ Contrainten, déi ginn och net manner. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. An natierlech vun eiser Säit aus wierklech e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi Dir maacht. Wou ech dat Ganzt duerchgelies hunn, si mer effektiv e puer Saachen opgefall. An déi Remarken, wëll ech elo scho soen, sinn éischter fir ze verstoen a vläicht och fir e puer Iddien oder mat Iech ze kucken, wéi mer verschidde Saache kënnen effektiv verbesseren. Well wann een d'Virwërf vun der Kontrollinstanz vum Staat kuckt, kann een effektiv direkt mol soen, also denken, datt munches vläicht net esou klappt wéi et misst. Also, am Rapport gesäit een zum Beispill och, datt d'Gestioun vun de Leit hire Suen net onbedéngt esou verleeft wéi et misst. An do wier et vläicht interessant ze kucken, wéi déi aner Gemengen dat maachen. Well anscheinend an den Diskussiounen ass et net ëmmer evident fir do eng Léisung ze fannen.

A mir hunn eis gefrot, kann ee vläicht net bei aner Gemengen uklappen a kucken, wéi si dat Ganzt maachen oder sech eng Berodung siche goen. Dat anert wier och, datt déi reegelméisseg Verspéidung beim Aschécke vum Bilan vun de Konten, dat gëtt jo all Joers bemängelt. An ëmmer erëm heescht et, datt et am Fong d'Ofrechnunge vum MIFA sinn, déi kommen ze spéit. A vläicht kann ee global déi Fro stellen, geschitt dat just eis oder geschitt dat anere Gemengen och? A wann, da misst ee vläicht allgemeng d'Gesetz nei upassen, wann ëmmer erëm esou Verspéidunge kommen. Voilà, dofir soen ech, en Incentive vläicht, fir datt mer do aus där Situatioun erauskommen. Well ech mengen, et ass eng Situatioun, déi bestëmmt och fir Iech onangeneem ass. An an der Comptabilitéit geschéien och heiansdo eng Rei Feeler, wat och mënschlech ass. An et ass awer problematesch, wann een awer gesäit, datt Montante vun de Salairen net ausbezuelt ginn.

Ech mengen, Dir hutt virdru gesot, datt et an déi richteg Richtung geet. Mee dat ass e Suivi, deen onbedéngt noutwendeg ass. Vläicht hunn ech och falsch verstanen. Also verbessert mech, wannechgelift. An déi Saach och mat dem CET, also de Compte épargne-temps, hat ech mer och opgeschriwwen. Mee Dir hutt och elo eng Äntwert drop ginn. A meng lescht Remark a Fro wier, kann ee vläicht an Zukunft justement fir de Fonds de roulement kuerz nodeems en am Conseil administrativ votéiert gëtt, geholl gëtt, deen awer och fir d’Approbatioun am Gemengerot eh virstellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir déi doten Ustéiss.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll mech beim Office Social an deem ganzen Team bedanke fir déi Aarbecht, déi se am Joer 2023, réckbléckend, geleescht hunn. Merci fir d'Explikatiounen zu de Remarken am Kader vun de Konten. D'Bemierkunge sinn am Fong eng Geleeënheet, fir gewësse Prozeduren nach ze verbesseren, net als Kritik, mee am Sënn vun enger weidere Professionaliséierung. Ech wëll awer och ervirhiewen, datt d'Ekipp vum Office Social eng grouss Responsabilitéit dréit an hir Aarbecht mat vill Engagement mécht. Dofir Merci nach eng Kéier.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen? Nee, dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert erëm zeréck in den Här Oswald an d'Madamm Wagner.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also ech ginn dann op déi verschidde Froen eng Kéier zeréck. Bon, dat Éischt, ech maachen et elo am Suivi sou, wéi et och an de Kommentare komm ass, wat d'Gestiounen ugeet. Also, den Office social, mir schwätzen hei vum Office social an net vun der Gemeng, dat heescht den Office social Diddeleng huet mat der GLS iwwer 66 Gestiounen, wann net méi souguer an Tëschenzäit, wat enorm vill ass. An der Moyenne leien d'Office-sociallen tëschent fënnef an aacht Gestiounen. Dat heescht, fir e bëssen ze soen, wéi eng Charge vun Aarbecht dat effektiv ass. Et ass esou, dass de GESCOM net onbedéngt elo ganz ideal ass, fir eng Gestioun ze féieren. Et gëtt alles bei eis am GESCOM an an der Comptabilitéit opgeholl, fir och eng Traçabilitéit ze hunn. Mee d'Gestioune gi gemaach vun den Assistants-sociallen. A mir hunn eng duebel Kontroll, dat heescht mir als Comptabilitéit an d'Assistants-socialle kontrolléieren ëmmer d'Solde vun de Gestiounen, soudass dat och ëmmer korrekt ass.

Wat de Contrôle elo natierlech freet, dat ass, an d'Gestioune stinn och am Bilan vum Office social, obwuel et net eis Sue sinn, et sinn et ëmmer d'Sue vun de Leit. Déi Sue stinn am Bilan. An effektiv, si wëllen en Excel hu mat deem Montant, wou am Bilan steet, wat awer net esou einfach erauszezéien ass, besonnesch mat esou enger Mass vu Gestiounen. Soudass mer effektiv mam Contrôle gekuckt hunn, also ech hu mam SIGI gekuckt, fir esou en Excel ze kréien. Ech hunn deen Excel och gemaach, mir kréien deen elo. Awer hei d'Remark war eeben, dass mer et op 2024 gemaach hunn, well mer gesot hunn, komm mir huelen déi rezentste Situatioun an net déi vun 2023, effektiv, fir dass mer och kënne kucken, well et nach verschidde Gestioune sinn, wou musse vläicht eng Kéier gekuckt ginn, wou Leit gestuerwe sinn an Tëschenzäit, wou effektiv da muss gekuckt ginn, wie sinn d'Ierwen, wat maache mer mat deene Suen, voilà, dat sinn e puer Saachen, wou effektiv ze reguliséiere sinn, awer d'Chiffere kënne mer hinne ginn an eis Gestioune sinn och korrekt a kontrolléiert.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Zu de Gestioune wollt ech just ganz kuerz eppes soen, och par rapport zu aner Office-sociallen, et sinn net all Office-sociallen, déi Gestioune maachen, dat ass awer vu Leit och eng Demande. Mir hu Leit, déi wëllen - et si jo alleguerte fräiwëlleg Gestiounen - dat heescht, et si jo Leit, déi soen, maja, déi Suen, meng Pai, meng Suen, déi ech erakréien, ech hu Problemer, déi ze geréieren, kënnt Dir mir do hëllefen. An da kucke een dat och, et ass en Triple contrôle, well et si jo nach ëmmer d'Sue vun de Leit. Dat heescht, et ass och eng ganz grouss Verantwortung, déi hannendrun ass. An dat heescht, d'Leit kënnen och ëmmer froen, wou stinn ech mat mengem Kont, wou si meng Suen, an déi Iwwerweisunge gi jo och ëmmer tëscht der Assistance sociale - mam Beneficiaire, dem Client gëtt ëmmer zesumme kuckt - mee et ass net all Office social, dee Gestioune mécht, notamment wéinst deene Probleemer.

Wat ass, wann de Receiver krank ass, am Congé ass, et sinn awer Suen, wann ech Sue brauch, fir akafen ze goen. Dofir muss ech soen, hu mir hei eng ganz grouss Disponibilitéit, datt dat ëmmer geplangt ass an d'Leit ëmmer hir Sue kënne kréien, och emol am Congé. Wann d'Carole Wagner net do ass, da gëtt dat awer gemaach. An et sinn elo effektiv och verschidden Office-Sociallen, déi un eis erugetruede ginn, déi gesot hunn, wéi maacht dir dat a vill Gestiounen op de Kapp. Dat ass awer e groussen Invest an eng grouss Responsabilitéit par rapport zu de Leit. Wann e Loyer net bezuelt gëtt, dann huet dat eng ganz Rei Konsequenzen. Dofir muss dat awer richteg lafen.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Dann de Punkt zwee nach eng Kéier zu der Transmission tardive vum Kont. Do ass et effektiv esou, dass och beim Ministère de la Famille an deene leschte Jore ganz vill Personal gewiesselt huet, och vill Neier komm sinn an och déi hu missen ugeléiert ginn. An och doduerch natierlech bei den Office-Sociallen dat selwecht, jiddwereе muss ugeléiert ginn, jiddwereе muss sech an d'Matière aschaffen. An duerfir ass och e bësse Retard effektiv déi lescht Joren. A mir sinn net déi eenzeg do, also et ass wierklech quasi all Office Social betraff. Ech sinn do an enger Grupp dran, et ass dee selwechte Problem, deen hu mer och elo erëm dëst Joer, dat heescht, also fir 2024 u sech. Voilà, dat heescht, mir hoffen, dass et effektiv an Zukunft besser geet. Mee voilà, et sinn net vill Acteuren, déi do am Spill sinn.

Den CET, hei geet et drëms effektiv fir d'Provisioun vum CET ze maachen, vum Office Social. Et ass esou, dass ech effektiv den CET budgetiséiert hat, d'Provisioun. Ech hunn se awer deemools an de Konten net agesat. Firwat? Well de Ministère de la Famille gesot huet, mir bezuele keng Provisioun, mir bezuelen effektiv op Basis vum Dekont Enn des Joers. Dat heescht, wann effektiv elo ee géif am Office social demissionéieren an et gëtt CET ausbezuelt, dann iwwerhuele si och natierlech d'Hallschent dovunner. Voilà. Awer effektiv, si iwwerhuele keng Provisioun. Theoreetesch, déi Provisioun misst ech, dat si esou Suen, wou den Office social muss erakréien. Dat heescht, ech misst déi Suen sou gutt vun der Gemeng wéi vum Ministère de la Famille kréien. Doduerch dass dee Ministère de la Famille awer gesot huet, mir bezuelen dat net, war d'Fro, ass et dann un der Gemeng, fir déi ganz Provisioun ze bezuelen, respektiv ze avancéieren, an do hu mer dat, hunn ech dat net esou richteg korrekt fonnt, éischtens emol, well mer awer net woussten, ass et elo wierklech een do, wou demissionéiert oder net?

Mee ech hunn elo mam effektiv de Contrôle, wéi se komm sinn, hunn ech mat hinne gekuckt, dass effektiv doduerch, dass mer e Boni hunn nach vun der Oeuvre, dass ech effektiv déi Provisioun ka maache mat deem Boni, wou den Office Social huet. Dat heescht, ech bräicht elo net deen CET der Gemeng ganz a Rechnung ze stellen, soudass mer kucken effektiv, fir dat elo ze regulariséieren, effektiv op 2024 nach, fir déi Provisioun ze maachen. Voilà, dat war par rapport zum CET. De Fonds de roulement war eng Fro.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Bon, do war d'Fro par rapport zum Receveur. Den Här Loos ass offiziell de Receveur vum Office Social. Jo. An do ass deen e Receveur am Gesetz iwwert d'Aides sociales, do steet dra wéi vill administratiivt Personal den Office Social zegutt huet par rapport zu Awunner. Dat heescht,  et ass net all Office Social, deen e Receveur huet. An der Vergaangenheet war dat, mee et si ganz vill Office-Sociallen, déi e Gestionnaire financier hunn, deen awer net den Titel Receveur huet. Bei eis ass et awer esou, datt effektiv den Här Loos Receveur ass. An d'Madamm Wagner eigentlech dat net. Mee den Här Loos ass natierlech als Receveur och responsabel. A si, bon, si sëtze jo beieneen, si hunn och do e groussen Austausch. Dat ass just fir d'Payementer, well do och, dat muss heiansdo och extrem séier goen. An ech mengen den Här Loos huet och vill ze dinn.

Mir hu Leit, déi soen, mir hunn en Appartement, wou de Proprietär seet, mir hunn eng Wunneng fonnt, mir hate keng. A wann de Proprietär seet, wann ech déi Suen elo, mir an eng Avance net séier kréien, dann huelen ech deen nächsten. Dat d'selwecht mat de Gestiounen. Do si Leit, déi brauche Suen, déi kréien e gewësse Montant all Mount, all Dag, all Woch, a Fonctioun wéi déi Gestioun gereegelt ass, wéi dat ass. A well do eng Reaktivitéit muss sinn, ass einfach gesot, d'Madamm Wagner, wou dat ka maachen, well den Här Loos huet jo awer och als Receveur vun der Gemeng vill ze dinn an, mengen ech, datt e sech net onbedéngt do langweilt. Merci.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also, wat d'Paien ugeet, d'Comptabilisatioun vun de Paien, do ass elo u sech kee Retard, jiddwereе kritt seng Paie multisocial mat Säite, genau wéi op der Gemeng, et ass ebe just, hei geet et ëm d'Comptabilisatioun, dat heescht, dat sinn ebe just déi Fichieren, wou vum Personalbüro geschéckt ginn, a fir d'Konten ze Comptabiliséieren, dat well net heeschen, dass do Retarde wären an de Paien, voilà. Et ass ebe just, dass ech dat effektiv déi lescht Joer eemol d'Joer gemaach hunn, dat heescht, dann huelen ech alles op, ebe fir dass meng Konte par rapport zum Budget natierlech opginn, awer do ass kee Retard esou gesinn. Mee si wëllen effektiv, dass ech et amplaz eemol d'Joer monatlech maachen, wat ech och an Zukunft da kucke fir ze maachen. Ech mengen dat war alles.

TOM OSWALD (OFFICE SOCIAL): Just awer eng Remark, déi ee muss maachen, et ass d'Contrôle vun 2023, si hunn awer och elo hei Saachen, déi 2014 geschitt sinn, da mam Contrôle gi se dann op 2014 zeréckkucken. Wéi gesot, 2015 hätt et hinne scho missten opgefall sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci dem Carole Wagner an dem Tom Oswald, fir nach eng Kéier och hei fir verschidde Froen op déi néideg Äntwerte konnten ze ginn. Da géif ech dann elo e Gemengerot froen: Sidd Dir mam Bilan an de Compte des profits et pertes vum Joer 2023 averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt weiderginn. En attendant, dass dann de Gemengesekretär hei Ziedelen ausdeelt, fir de Vott fir d'Membere vum Office Social kënnen ze renouveléieren. An ech géif vläicht

och vun der Geleeënheet profitéieren, fir awer eng Informatioun ze ginn, par rapport zur Diskussioun, déi mer virdrun hate mat de Recettes non règlementées. Dat ka vläicht d'Madamm Kayser interesséieren, well Dir hat jo d'Fro gemaach, wouhier déi 218 Euro do komme bei de Recettes non-règlementées. Mir hunn dat nogefrot bei eisem Comptable, et huet domadder ze dinn, dass mer op der Haard, an der Réserve naturelle, Chemins pédestres-Schëlder gemaach hunn. An do hu mer, wéi gesot, Schëlder fir eis frëschgemaach an dann och fir d'Stad Rëmeleng. An dat stellt am 50 % duer, déi mer der Stad Rëmeleng weider facturéiert hunn. Voilà. Dat einfach nach eng Kéier als Prezisioun zu där Fro, déi Dir hat, wat dee Montant do ausmécht.

[Resultat vum Effektiv vum Office Social op Säit 68]

# 9. PERSONALFROEN

**9.1. Approbatioun vun der Lëscht vu Persounen, déi fir 20 Joer trei Déngschter eng Auer geschenkt kréien, an der Lescht vun deene Leit, déi fir hiren Depart an d'Pensioun en Akafsbong geschenkt kréien**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Do hu mer wéi all Joer Personal, dat an d'Pensioun geet, respektiv Personal, dat fir 20 Joer trei Déngschter geéiert gëtt, ech luesen d'Nimm vir vun deene Leit, déi fir 20 Joer geéiert ginn: Nouria Belkeiri, Ferida Abdulahovic, Tom Bernard, Sandra Bintz, Anne-Marie Consdorf, Carlos Crisostomo, Giancarlo Fetti, Sam Fisch, Nico Kalmes, Edna Moreira Andrade, Chrisophe Kass, Laurence Schaul, Maddy Wegener, Tiago Carreira Pedrosa, Martine Bodry-Kohn, Nadine Fisch-Erpelding, Jean-Paul Friedrich an de Loris Spina.

Dann déi, déi an d'Pensioun ginn am Joer 2025: José Belem, Liliane Bidinger, Claude Bohler, Jean-Marie Cirelli, Marie-France De Marchi, Marie-Paule Deparis, Carole Estgen, Victor Manuel Ferreira da Cruz, Ferndando Gonçalves da Silva, Claude Leners, Richard Nels, Guy Plein, Marco Puleo, Jean-Jacques Reding, Vitor José Rocha Melanda, Marie-Jeanne Schlesser, Henri Schnadt, Patrick Schon, René Tessaro, Josette Thornton, Sylvie Serafin an Ernest Ferrari.
Voilà, dat ass d'Lëscht, wéi gesot, an do hu mer jo dann och virgesinn, dass mer, wéi gesot, Ausgangs November ..

Ech mengen dat ass selwecht jo an enger Kommissioun. Ech mengen dat ass da kee Problem. Mer si jo an engem legale Kader, an deem mer eis hei, hir beweegt reglementaresche Kader, dat ass net alles wéi déi Joren, virdrun, et ass jo e Kaddo, deen d'Gemeng jo mécht an engem normale Kader u Gemengerotsmembere fir d'Servicer, déi se hunn, a Gemengekommissiounen, fir d'Mataarbechter, déi hei geschafft hunn, d'Mataarbechter, déi an d'Pensioun ginn. Mir hu jo do e Règlement-cadre, an deem mer eis beweegen, dee jo och approuvéiert gouf vun der Autorité de tutelle. Dat heescht, an deem Sënn, mengen ech, si mer awer do conforme, et ass net einfach, dass mer dat einfach elo esou decidéiert hunn. Mir hu jo e Kader, et ass net, dass mer dat einfach elo esou kréien. Mir hu jo e Kader, an deem mer eis beweegen, fir déi Sue kënnen auszeginn.




Engersäits si se budgetiséiert, zweetens hu mer e Kader, an deem mer eis beweegen, fir och ze verflichten, dass mer déi Sue kënnen ausginn. Mir hu jo eng Decision de principe geholl. Dat heescht, mir beweegen eis an deem Kader, a soss kengem anerem.

Ech mengen dofir, ech verstinn Är Iwwerleeung, ech hat nämlech dee Gedanken ee Moment och. Mee, wéi gesot, mir sinn an engem reguläre Kader, dee mer definéiert hunn. Duerfir géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ass de Gemengerot heimadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

**9.2. Approbatioun vum neien Tarifvertrag fir d'Aarbechter vun de Südgemengen, mat enger Gültegkeetsdauer vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2027**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech op den nächste Punkt iwwergoen, dat ass deen neie Südaarbechterkollektivvertrag, dee gülteg ass vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2027 an deen am Fong den 10. Oktober 2025, wéi gesot, ënnerschriwwe gouf tëschent den 19 Südgemengen an de Gewerkschaften OGBL an LCGB, also en neie Südaarbechterkollektivvertrag, wat jo dann och e Resultat ass vun Negociatiounen a Verhandlungen, wou engersäits natierlech, wéi dat esou ass, Fuerderunge besti säitens der Gewerkschaft a säitens awer och de Gemengen als Employeur. Hei ass en Accord fonnt ginn, wat jo da positiv ass. Den 10. Oktober ass dat ënnerschriwwe ginn. Do War de René Manderscheid dofir effektiv do fir och d'Ënnerschrëft ze gi vun der Stad Diddeleng. Wéi gesot, hat en hei, just fir de Prozesser ze erklären, eng Verhandlungsdelegatioun vu véier a fënnef Buergermeeschteren, sou wéi dat, wéi an deene viregte Verhandlungsdelegatioun och ëmmer de Fall war. An d'Gewerkschaften hätten och hir Verhandlungsdelegatioun.

Do goufen eng ganz Rei Reuniounen am Krees vun de Verhandlungsdelegatiounen. Déi sinn da reegelméisseg zeréckkomm an déi grouss Ronn, souwuel bei de Gewerkschafte wéi och bei den 19 Gemengen an hunn da probéiert, dann do sech virzetaaschte mat deene verschiddene Proposen, déi um Dësch louchen. A fir d'Stad Diddeleng war awer och de Chef vun eisem Personalbüro, de Paul Nosbusch, ëmmer dobäi. Dat ass jo wéi gesot ëmmer en delikaten Exercice op béide Säiten. Mee, am Dialog ass färdeg bruecht ginn, wéi gesot, hei e Sudaarbechterkollektivvertrag ze hunn, deen engersäits retroaktiv ab de Januar 2025 eeben uleeft, an ech ginn dann op déi verschidde Voleten an, fir d'Joer 26 bis den Dezember 2027. An et kann eng Reconductioun gemaach gi vun engem Joer.

Wéi gesot, engersäits ass et Punkten am Niveau vum Accord salarial, wéi gesot, eng Erhéijung vum Punktewäert vun 2 % ab den éischte Januar 2025, eng Erhéijung vum Punktewäert vun 0,5 ab den éischte Januar 2026, eng eemoleg Primm vun 1,25 op d'Bruttogehalt fir d'Joer 2025 an dann eng eemoleg Primm vun 1 % Bruttogehalt vun 2026. Da kritt ab den éischte Januar am Fong de feste Bereetschaftsdéngscht 24 Punkten. An am éischte Januar 2026 déi variabel och 24 Punkten. Also, et ass d'Rente fixe, dat ass d'Rente variable, dat heescht, et ass och eng Opwäertung vum Bereetschaftsdéngscht. Da sinn och do an deem Kader eng Rei Adaptatioune gemaach ginn. Op et elo an der Woch ass, ob et samschdes ass, ob et gesetzlech Feierdeeg sinn, wou dat effektiv dann an d'Luucht geet. An och op den éischte Januar 2027.

Ech kann Iech awer just hei verroden, well mer zesummen d'Rechnung awer gemaach hunn och am Personalbüro, mir si jo am Kader vun de Budgetsdiskussiounen, also elo mol fir d'Joer 2025, vu dass et réckwierkend ass, wäert d'Stad Diddeleng 935.848 Euro kaschten. A wéi gesot, fir déi Saachen, déi am Fong berechenbar sinn, a fir d'Joer 2026 si mer bei ronn 450.000 Euro. Dat awer als Info, dass natierlech och esou Verhandlungen och en Impakt hunn op de Gemengebudget. Voilà. Dat e bëssen einfach als Erklärung awer wat déi Haaptännerungen och sinn hei am neie Südaarbechterkollektivvertrag. Elo kënnt Dir dozou Är Remarke maachen, Stellung huelen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci, ech kommen net dolaanscht. Ech sinn dann awer ëmmer frou, wa mol nach e Kollektivvertrag ofgeschloss gëtt. Hautdesdaags, ass dat jo iergendwéi net méi esou selbstverständlech. Ech hu e bësse, net wéinst der Gemeng, mee wéinst der allgemenger politescher Situatioun hunn ech dat elo esou gemengt, Här Buergermeeschter. Ech hunn e bësse ronderëm gefrot, wat dann d'Meenung wier bei Leit, déi elo dovunner profitéiere wäerten. D'Reaktioune ware vu méi mitigéiert bis ganz begeeschtert. Ech mengen awer, dass et allgemeng positiv ass fir d'Gemengenaarbechter. 4.300 Aarbechter si betraff vun deem Kollektivvertrag. Dat ass net näischt. Ech menge fir Diddeleng sinn et dann esou ëm déi 330, hunn ech probéiert ze zielen. An ech mengen dat ass awer gutt. Si maachen eng ganz gutt an eng ganz wichteg Aarbecht vu Botzen iwwert de Müll, iwwert an den Ateliere schaffen d'Portieren, d'Chaufferen. A si schaffe virun allem zu ganz speziellen Zäite ganz oft. An dowéinst fannen ech positiv, dass et elo hei d'Permanence och méi valoriséiert gëtt, well si oft nuets schaffen, spéit schaffen, u Feierdeeg schaffen, sonndes schaffen. An dat soll, mengen ech, och valoriséiert ginn.

Ech wollt just eng Kéier erauspicken, dass eng Klausel am Kollektivvertrag steet, dass d'Gemenge sech engagéieren d'Emploien net ze privatiséieren an dann eng Kéier ganz kuerz dann awer op d'Situatioun vun opderschmelz zeréckkomme mam Nettoyage. Ech weess, dass mer do zesumme mam CNA an engem Däppen hänken. Mee trotzdeem géif ech et gutt fannen, wa mer fir d'Zukunft als Gemeng géifen eng Alternativ sichen, fir do fir d'Botz -Aarbechten net Outsourcing ze maachen. Well ech weess, dass mer et an der Ausschreiwung als Konditioun setzen. Dat ass awer och e Conditio minima, dass de sektorielle Kollektivvertrag soll agehale ginn. Mee deen ass wierklech net ze vergläiche mat deem heite Kollektivvertrag. Do kréien d'Leit meeschtens Tâchen ënner 16 Stonnen, dat heescht, kee Recht op Chômage, kee Recht op Pensioun herno. Dat ass e wierklech modern Sklaverei an do wier ech wierklech frou, wa mer an Zukunft do géifen eng aner Méiglechkeet zesumme mam CNA fannen.

Fir de Rescht, bon, d'Salariéen, déi fale jo, et ass d'Hallschent vum Personal bal vun der Gemeng, mee se fale net ënner d'Kompetenz gréisstendeels vun der Gemeng, dat ass virun allem de Schäfferot. An dowéinst wollt ech awer profitéieren, fir just e puer Froen ze stellen. Eng dovunner ass eng technesch, dat ass e Punkt dran, mam Supplément pension. Wann ech dat richteg verstinn, dat ass einfach fir den ale Regimm vun de Fonctionnairen an Employéen och ze iwwerhuele bei de Salariéen. Dat heescht, déi kréien e Supplement op hir Pensioun, wann se virun 1999 ugefaangen hunn. Bezuelen d'Gemengen déi Pensioun? Dat hunn ech technesch net verstanen, wou dee Supplement hierkënnt an ob d'Gemengen deen da spéiderhi bezuelen.

Et gëtt eng Commission consultative am Kader vun dësem Kollektivvertrag. Ass do e Vertrieder vun der Gemeng Diddeleng dran? Dat ass eng Fro. Et gëtt vu Logement de service geschwat. Hu mir dat hei zu Diddeleng? Gëtt et ee Fall vun engem Aarbechter, deen e Logement de service huet? An hu mir mëttlerweil eng Procédure de signalisation du harcèlement? Dat wär och interessant, fir déi vläicht eng Kéier ze gesinn. Dat ass jo net just fir d'Aarbechter, mee fir d'ganzt Personal, mee och, voilà, dat wär interessant.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Thoma. Sinn nach weider Stellungnamen)?

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Zu dësem neie Kollektivvertrag fir d'Südgemengen, wou och gülteg ass fir ons Gemeng Diddeleng an domat seng Mataarbechter a Mataarbechterinne wollt Iech Follgendes betounen. Dëse KV ass e grousse Schrëtt a Richtung Gerechtegkeet a Wäertschätzung fir d'Salarié vun den 19 Gemenge generell a fir Diddeleng spezifesch. D'Gewerkschaften OGBL an LCGB hu fir déi 4.300 beschäftegt, dat gouf scho gesot, vun dësen 19 Südgemengen en neie Kollektivvertrag ausgehandelt, an dat mat de politesche Responsabele vun deenen 19 Gemengen. Kollektivvertrag, dee retroaktiv vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2025 gëllt. Déi Verbesserungen, déi jidderee konnt liesen, stelle u sech näischt duer, ausser et vergläicht een dës fir eng Kollektivvertrag, dee vun 2022 bis 2024 en vigueur war. Lounverbesserung, am leschte KV gouf et eng éierlech Primm vun 1 %. Den Här Buergermeeschter hat et schonn erwäänt. Ab elo ass et fir 2025, also ab Januar 2025 2 % an eng Kéier 0 ,5 % ab 2026. On top nach eng eemoleg Primm vun 1,25 % fir 2025 an 1 % fir 2026.

D'Avantagë sinn eng direkt Kafkraaft a méi Unerkennung fir déi geleeschten Aarbechten. D'Permanencen hat den Här Buergermeeschter och schonn erwäänt. Déi detailléiert Vergütung bréngt mat sech, dass et mat Sécherheet

duerch dës nei Reegelung e méi gerecht an differenzéiert Entlounung gi fir d'Flexibilitéit an den Engagement vun de Mataarbechter a Mataarbechterinne gerecht ze ginn. Dëse KV verzeechent awer och e soziale Fortschrëtt. Wann nämlech 2022-2024 eng Opwäertung vun der Lafbunn A2 op A3 gehuewe gouf an ënner anerem eng Verbesserung vun 49 Lounstufen an der Lountabell ausgehandelt goufen, da muss een onbedéngt festhalen, dass dës Reformen am neie KV net nëmme bestätegt, mee awer och finanziell an institutionell verankert goufen.

Virdeel: Kontinuitéit vun der sozial Gerechtechtspolitik mat neie finanziellen Impulser. Am Communiqué stoung geschriwwen, dass d'Gewerkschaften déi konstruktiv Haltung vun de Buergermeeschtere begréissen a freeë sech iwwert dëst Resultat. Mir als LSAP iwwregens och. Mat dësem KV drécken also net nëmmen d'Gewerkschaften, mee och d'Gemengen, an dat sollt och mol gesot sinn, eng symbolesch a politesch Bedeitung aus, nämlech dass d'Gemengebeschäftegt Respekt, Gläichbehandlung a konkreet Verbesserung verdéngen. Et ass logesch, dass d'Resultat och den Delegéierten aus den Südgemengen zouzeschreiwen ass. Si sinn déi, wou all Dag um Terrain mat hire Kolleegen a Kolleeginnen sinn a wësse wou de Schong dréckt.

Fazit: De Kollektivvertrag 2025-2027 ass méi wéi eng Fortsetzung. Et ass eng Opwäertung vun allem, wat am KV vu virdrun erreecht gouf. Hie verstäerkt sozial Kohärenz, erhéicht d'Aktivitéit vum Gemengesecteur a setzt e positiven Impuls fir d'Zukunft. Ech schléisse mech dem Carole Thoma un. Ech kommen net derlaanscht, fir et ze soen. Hei ass et en exemplarescht Beispill, wat dat heescht, Sozialdialog féieren. Mir als LSAP kënnen dat doten nëmme mat zwou Hänn ënnerschreiwen a mat rouegem Gewëssen droen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och, Här Berettini, fir Är Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.
Jo, also effektiv, an Zäite wou Verhandlungen net méi esou evident schéngen ze sinn, wéi d'Madamm Thoma sot, muss ech soen, dass jo awer historesch gesinn d'Verhandlungen, d'Essenz vun de Verhandlungen ronderëm de Südaarbechterkollektivvertrag, sief et säitens vun de Gemengen, zesumme mat de Gewerkschaften, ni am Fong e Problem war, an deem Sënn, dass se net sollte stattfannen oder dass se ausgesat goufen. Et ass evident, an ech sief dat bei de viregte Verhandlungen, ronderëm de Südaarbechterkollektivvertrag, wou ech méi aktiv mat agebonne war, ronderëm d'Verhandlungsdelegatioun, dës Kéier hunn ech de Choix gemaach net dobäi ze sinn, mee aneren och eng Kéier do och de Virtrëtt ze verloossen, fir och déi Experienz och ka matmaachen. Well et ass, mengen ech, ganz, ganz, ganz, ganz interessant.

Do huet een natierlech Momenter, wou ee sech net eens ass, och um Niveau vun de Fuerderungen, de part et d'autre, wou jiddereen, wéi gesot, bei säi Grupp zeréckgeet an da probéiert, dat ze diskutéieren, mat neien Iwwerleeungen, neien Iddien an da probéiert dann de Wee ze fannen. An ech mengen, dass deen État d'esprit awer mengen ech eng Essenz war, déi ni am Fong soll op der Kipp sinn hei, wat de Südaarbechterkollektivvertrag ugeet. Dat einfach par rapport zu der genereller Appreciatioun, nieft de verschidde Vuen, déi ee kann hunn um Niveau vun de Fuerderungen, déi de part et d'autre gemaach ginn, wat jo dann och ganz legitim ka sinn. Mee et ass jo da wichteg, de Wee ze fannen.

Par rapport zu Äre Froen, de Supplement vun der Pensioun, jo, dat ass normalerweis esou verstanen, dass d'Gemengen déi effektiv en charge huelen. Bon, déi Commission consultative paritaire, déi ass de Moment net besat. Et ass jo esou, dass vun deenen 19 Gemengen 10 do sollen dobäi sinn. Ech komme mer ganz gutt wierklech, dass mer als véiertgréisst Gemeng, als drëttgréisst Gemeng am Süden do sécherlech dobäi sinn. Mee do muss jo nach dann déi Prozedur lancéiert ginn, dass déi soll besat ginn, dat ass se awer net gemaach ginn. Ech mengen elo ass einfach emol gekuckt ginn, ka mir kucken hei de Südaarbechterkollektivvertrag zum Ofschloss ze bréngen, ze ënnerschreiwen. An da kucke mer, d'Commission consultative, bon, déi huet natierlech och spezifesch Missiounen, sou wéi et och hei steet. Dat ass am Fong eng Begleedung ze maache vum Kollektivvertrag, respektiv wa Modifikatioune kommen, déi legale Charakter hunn. Oder wëll awer vläicht Saachen net agehale ginn, dass déi da kann effektiv och zesumme geruff ginn, wann déi iergendwellech Problemer sech stellen.

Logementsservicer, jo, ech mengen dat ass hei drakomm. Dat war och am viregten dran, well et historesch an all de Südgemengen esou Logementsservicer ginn. Mir hunn dann nach och net méi allze vill, dass virun allem esou mol bei Schoulen, wou dann d'Conciergen sinn. Dat sinn, déi, déi mer hunn, wou mer dann och hei am Gemengerot da jo och de Contrat de bail, also de Loyer dann och hei haten. An dann d'Procédure, dat weess ech elo net, ech weess, dass der nach do sinn, ech mengen, am Brill, Deich, vläicht ass et deen een oder aneren,  wou et geet, mee ech mengen, dat kënne mer noliwweren. Et ass net, fir eng Diskussioun ze maachen an opzezielen, wou se all sinn. Ech mengen, dat kënne mer ganz gären noliwweren. Mee, ech mengen zweemol sécher. Dann, par rapport zu Ärer Procédure de signalement par rapport zum Harcelement moral, do si mer amgaange d'Prozedur auszeschaffen, notamment mat eisem Aarbechtspsycholog, deen och schonn eng Ronn gedréit huet, mat Delegatioun, mam Service och vum Staat, wou mer eis och do uleenen, wou mer och gekuckt hunn, déi eng oder déi aner Gemeng, et sinn net esou vill Gemengen, déi et hunn. Voilà, dat heescht, do si mer amgaangen dat ze finaliséieren, fir och do eng kloer Prozedur och ze hunn.

An och am Kader vum GRECO hate mer dat och gesot, dass mer do amgaange sinn, déi ze finaliséieren. A wann, ech mengen, wann déi och besteet, mengen ech, hu mer och kee Problem an engem informelle Gemengerot déi hei och eng Kéier virzestellen. Awer, et ass keen onwichtegen Aspekt, well et concernéiert souwuel Salariéen ewéi och Net-Salariéen. Also, et concernéiert d'Gemeng, d'ganzt Gemengepersonal. Voilà, dat zu de Froen, déi gestallt goufen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Also elo, wou Dir et sot, soss hätt ech eng Mail gemaach

un den Här Poull, et wär vläicht interessant och bei der Budgetsdiskussioun, well mer jo ëmmer nëmmen iwwert d'Hausse vun den Depenses ordinaires schwätzen, due à la masse salariale, dat ass, dat geet rapid an d'Luucht, dat war, well och elo d'Fro komm ass vum Calcul vum Supplement vun de Pensiounen. Vläicht wär et interessant, eng Kéier och do méi en Detail ze kréien, wat déi Dépenses ordinaires dues à la masse salariale och genau sinn. Wéi vill ass dat zum Beispill, Supplément pension iwwert déi dräi lescht Joer, mengen et weessch, a wat ech och net wousst, dass een e Surplus Congé payable kritt à la fin de l'année calendaire, wéi vill dat ausmécht. An och mat den Iwwerstonnen, do hate mer eis och scho gefrot, wéi vill mécht dat aus? Also, wéi vill Iwwerstonnen, kann een dat iergendwéi norechnen? An et wär vläicht net oninteressant, dass mer dat virun de Budgetsdiskussioune vläicht och nach kéinten nogereecht kréien, well ech mengen dat ass jo awer och eppes, wat awer och, wéi Dir selwer sot, och an eise Budget mat afléisst. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech huelen et emol mat an a kucken ob eis Servicer do kënnen eppes maachen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem neie Kollektivvertrag fir eis Südmataarbechterinnen a -mataarbechter averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen ech Iech villmools Merci.

## 10. AFÉIERUNG VUN DER POLICE LOCALE ZU DIDDELENG

### MOTIOUN VUN DER DP

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir hunn eng Motioun hei virleie fir d'Aféierung vun der Police locale zu Diddeleng. Et ass eng Motioun vun der DP. Den Här Meyer huet déi hei abruecht an da géif ech dem Här Meyer dann och d'Wuert ginn.

MARC MEYER (DP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech kommen dann direkt op d'Motioun ze schwätzen. Ech mengen, mir als Gemengerot wëssen, dass eis Chambre des Députés kierzlech mat grousser Majoritéit d'Gesetz iwwert d'Schafung vun enger Police locale gestëmmt huet. Wichteg ass et eis och fir d'Sécherheet an d'Proximitéit tëschent de Bierger an de polizeilechen Autoritéiten zu Diddeleng ze stäerken. Eis Gemeng géif da sécherlech och mat enger Police locale vun enger méi effizienter a besser adaptéierter Policepresenz um Terrain profitéieren. Mir wëssen dann och, dass aktuell Pilotprojeten am Kader vun der Police locale an de Gemenge Lëtzebuerg, Esch-Uelzecht, Déifferdeng an am Museldall, also zu Maacher, lancéiert goufen.

An dofir invitéiere mir de Schäfferot, ze analyséiere, wéi eng Méiglechkeete bestinn, fir dass och d'Gemeng Diddeleng an de Projet vun enger Police locale ka matagebonne ginn. An de Schäfferot soll dann och Kontakt mam Ministère de l'Intérieur an den zouständege Servicer ophuelen, fir d'Intentioun vun der Gemeng Diddeleng kloer ze signaliséieren, fir um Projet vun enger Police locale deelzehuelen. Et wier dann och schéin, wann e Rapport virbereet kéint ginn, deen déi konkreet Méiglechkeeten, d'Ressourcen, d'Käschten an den eventuellen Zäitplang fir d'Ariichtung vun enger Police locale zu Diddeleng kéint detailléieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Bon, bei enger Motioun, klassesch, huelen d'Membere vum Schäfferot dozou Stellung an dann ass eréischt d'Diskussioun hei an der Ronn an da geet d'Wuert nach eng Kéier un d'Membere vum Schäfferot an da geet et op de Vott iwwer. Merci fir d'Motioun. Et ass jo dann eng Motioun fir eng Unité de police locale hei wëllen anzeféieren. An éier ech am Fong op den Inhalt vun der Motioun aginn, a mir haten der jo schonn e puer hei am Gemengerot, wéilt ech op d'Utilitéit vun enger Motioun agoen. Si ass jo geduecht, an dat ass jo ganz legitim, fir e gewëssene politeschen Drock, eng nei oder eng net besteeënd politesch Initiativ ze bewierken. Also, et ass am Fong eng Opfuerderung, dann e Projet am Fong ëmzesetzen an et ass jo och generell éischter en Instrument, dat vun der Majoritéit a vun der Oppositioun ka genotzt ginn, mee virun allem jo, dat weist d'Erfarung sief et um nationale Plang an och um lokale Plang, dass am Fong méi d'Oppositioun et notzt wéi elo d'Majoritéit. An dann och elo mam politesche Message och da vun den Auteuren, och dat ganz legitim oder vun der politescher Partei. Duerch eis ass dat dann an d'Rulle komm. An dat ass jo dann och ganz legitim. Ech mengen, dat ass d'Utilitéit vun enger Motioun. Sou wäit, sou gutt.

Dat ass e bësse méi dee generellen Aspekt. Dann elo zu der Form. Ech wëll elo keen Hehl draus maachen. ech wäert soen, dass dës Majoritéit dës Motioun net wäert matdroen. An ech erkläre mech och firwat. Net well mer net zu enger Unité de police locale zu Diddeleng stinn. Mir wëllen déi ganz kloer. Au contraire wëlle mer déi ganz kloer, well eng erweidert Proximitéit a Preventiounsaarbecht vun der Police an a fir Diddeleng wichteg sinn. Dofir wollt ech einfach emol virop Iech, Här Meyer, froen: Wësst Dir, wat den 6. Dezember 2024 war? Kleeschen! Et war effektiv Kleeschen, mee et war awer och d'Budgetspresentatioun hei am Gemengerot. An am Kader vun der Budgetspresentatioun hei am Gemengerot hat ech ganz kloer gesot, bei der Presentatioun, kloer artikuléiert, an dat kann een och noliesen, dass nom Bilan vun de Pilotprojeten, a wann d'Gesetz gestëmmt ass, mir als Stad Diddeleng eng Unité de police lokal ufroen. Wësst Dir, wat den 20. Oktober 2025 war, Här Meyer? Neen? Ma, deen Dag hunn ech mueres, d'Gesetz ass donneschdes an der Chamber gestëmmt ginn, an ech hu méindes, mueres, um 8.00 Auer, dem Gemengesekretär de Message op de Wee ginn, dass en e Courrier soll preparéieren, fir dass mer eng Ufro un den Inneminister géifen a sollte maachen. Bon, dee selwechte Mueren huet och effektiv de Gemengesekretär Kontaktéiert, wéi gefrot, mécht d'Gemeng eng Ufro fir eng Gemengepolice?

De Gemengesekretär huet Iech gesot, dass de Buergermeeschter him deen Optrag ginn huet e Courrier ze maachen, dass hien an der Maach ass, dass hien dës Woch erausgeet. De Courrier ass da jo och en Dënschden eraus-

gaangen, den 21. Oktober, wou et un den Inneminister an och e Generaldirekter geschéckt war. Dir huet awer Är Motioun, wéi gesot, eragereecht, wat och dann natierlech ganz legitim ass. Mee, mengen ech, de Kader war kloer skizzéiert, dass d'Intentioun vun der Stad Diddeleng a vun däser Majoritéit do wär, fir eng Unité de police lokal unzefroen. An ech hunn am Fong als Buergermeeschter, wéi gesot, déi Intentioun virun engem Joer am Kader vun der Budgetsdebatt ganz kloer ugekënnegt, hei am Gemengerot. Et stoung d'ailleurs och an der Press. An effektiv, wéi gesot, och d'Initiativ da geholl, dass mer hei e Courrier solle maachen. Mir hunn also am Fong net dës Motioun gebraucht, fir d'Initiativ hei kënnen ze huelen. Mee mir agéieren hei am Fong an der Kontinuitéit an och an der logescher Suite vun deem, wat effektiv virun engem Joer gesot ginn. Voilà, ech kéint am Fong hei ophalen, wat d'Opportunitéit vun der Motioun ugeet a soen, effektiv ass se superfetatoire. Ech mengen et ass jo dat Wuert, dat oft geholl gëtt. Mee ech mengen, et ass awer och wichteg am Kader vun der demokratescher Debatt. Ech hu mech natierlech och mat Ärer Motioun auserneegesat, mam Inhalt vun Ärer Motioun. Ech mengen, Dir hutt Iech d’Méi gemaach, déi eranzebréngen, also soen ech och méi maachen, déi Motioun och ze analyséieren.

An da kommen ech vun der Form zum Fong, zum Inhalt, wéi gesot, vun däser Motioun. An Dir hutt am Fong do dräi Fuerderunge formuléiert. Dir invitéiert also de Schäfferot, engersäits dat ze analyséieren, dann de Kontakt opzehuelen, fir et ze signaliséieren an dann e Rapport virzebereeden. An der Hypothees, wou een déi dote Motioun géif unhuelen, hat ech am Fong mam éischten, mat deenen zwee éischten Tireten absolut kee Problem. Just, dass een am Fong d'Reiefolleg misst änneren. Et misst een als Éischt emol dem Inneministère d'Intentioun signaliséieren an da kéint Dir eréischt d'Analys maachen. Dat heescht, d'Reiefolleg misst een an deem Sënn änneren. Dann, wann een awer hei steet, dass de Schäfferot soll e Rapport virbereeden, fir konkreet Méiglechkeeten, Ressourcen a Käschten. Well do soen ech jo eng Kéier, wann ee wierklech den Usproch huet, wéi an Ärer politescher Motioun hei, dass mer déi Unité locale de police sollen effektiv fuerderen. Ben, da muss ee sech natierlech och, an effektiv d'Gesetz ass en Donneschdeg gestëmmt ginn, eis natierlech och wichteg ze kucke wat d'Gesetz virgesäit a virun allem, wat et net virgesäit, fir dass natierlech och d'Motioun hei déi néideg e Fuerderungsapproche, déi se sech gëtt, och kann hunn an och kann de Wee an d'Streck halen. Well, laut Gesetz, an dat ass och ganz gutt esou, läit villes, ganz, ganz villes a bal nëmmen alles an der Hand vun der Police.

Éischtens, d'Analys, déi gemaach gëtt, déi baut op dräi Krittären op. Déi Analys mécht d'Police. D'Auswäertung an de Rapport vun der Analys mëscht d'Police. Drëttens, d'Decisioun d'Unité de police locale, déi läit beim Generaldirekter vun der Police. Véiertens, d'Ressourcen dofir decidéiert och deementspriechend d'Police, dat natierlech an enger enker Concertatioun mat der Gemeng an och enger ganzer enker Ofstëmmung mat der Gemeng. An dat ass och ganz gutt esou. Dat ass och ganz wichteg esou. Mee, sou wéi Dir et hei schreift, de Schäfferot, dee bereet net de Rapport vir an alles betreffend d'Ressourcen, d'Käschten, d'Zäit-




plang, dat ass virun allem och un der Police ze kucken, wéi gesot, zesumme mat der Gemeng. Hei ass, wéi gesot, net de Schäfferot, deen à l’initiative ass. A wann de Schäfferot oder d'Gemeng, soe mer mol esou, à l’initiative ass, dann ass et fir d'Ufro ze maachen, fir effektiv dat an d'Weeër ze leeden an et limitéiert sech op dat. An herno de Rescht gëtt an enger Ofstëmmung mat der Police gemaach. An ech mengen, dass dat och d'ailleurs eng ganz grouss Demande war aus dem Gemengesecteur an och vum Syvicol. Wéi gesot, mir hunn elo déi Demande hei gemaach virun engem Joer, d'Intentioun bekënnegt, d'Demande elo effektiv, déi ass eraus. An ech mengen, mir sollen och elo hei eng Etapp no där anerer maachen an ech ka mer ganz gutt virstellen, dass och le moment venu, mir muss jo elo eng Réckmeldung kréien, souwuel vum Inneministère wéi och vun der Police, wann herno déi Analyse bis virleien, dass mer da sécherlech och an eng Sécherheetskommissioun ginn an och an de Gemengerot, dass mer hei informell dat och kënnen och ukënnegen, begleeden oder respektiv kucken.

Da muss ech awer och soen, reng theoreetesch besteet jo och d'Méiglechkeet, dass mer deen Accord net kréien, well et läit a senger Hand dat ze decidéieren. Ech kënne mer awer schlecht virstellen, dass mer als véiertgréisst Stad hei am Land keng géife kréien. Mee wéi gesot, et ass theoreetesch méiglech. Alles hänkt am Fong vun de Resultater of, déi dann och d'Police hei mécht unhand vun hire Krittären. Bon, generell, ech mengen do si mer eis hei awer eens, alles wat méi Invest ass a méi Preventioun a méi Proximitéit, dat si wichteg Elementer bei der Policeaarbecht, an der Policeaarbecht an och virun allem fir de Bierger, och fir dat subjektiivt Sécherheetsgefill ze stäerken, dat natierlech immens volatill ass, well jiddereen natierlech dat aneschters och spiert, mee et dréit natierlech awer duerch eng Presenz am ëffentleche Raum vun der Police duerch déi Unitéit natierlech zu engem bessere subjektive Sécherheetsgefill bäidroen an e verstäerkte Kontakt natierlech tëschent der Police an de Bierger an der Proximitéit an d'Police als wichtegen Uspriechpartner, ech mengen, dat kann een nëmme begréissen. Mee wéi gesot, déi Motioun, wéi Dir se do hei erabruecht hutt, engersäits par rapport zum Fong an och par rapport zu der Form, dofir hunn ech mengen ech sech méi wäit ausgeholl, fir déi Erklärungen ze ginn an och de legale Kader ze setzen an och deen nach eng Kéier zitéieren, dat kënne mer, wéi gesot, esou net matdroen. Voilà, dat zu den Erklärungen dozou. An, voilà, elo kann natierlech jiddereen dozou ganz gäre Stellung kommen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech wäert mech dann och positionéieren zu der Motioun, fir

een, deen elo net déi ganz Chamberdebatt konnt esou matsuivéieren, wéi se dann herno war. An onwëssend, dass schonn eng Demande eraus ass, ginn ech dann elo mol einfach vun deem Wëssensstand aus, deen ech hat. An ech mengen et, et passt nach ëmmer. An et soen Iech emol Merci dann och fir d'Initiativ. An ech muss och zouginn, dass ech bei der Preparatioun op déi Motioun hei méi laang dobäi souz, wéi ech initial geduecht hat, wou ech se déi éischte Kéier gesinn hunn, haaptsächlech, well ech, wou ech dee Projet de loi 8513 gelies hunn, net ganz schlau gi sinn iwwert d'Krittären an d'Missioune vun deenen Unitéiten, an awer och der Transparenz, wéini esou Unitéite geschaf an erëm ofgezu ginn. Dat läit da warscheinlech och drun, dass dat an der Handhaab ass vun der Policedirektioun. Ech hu mir och d'Fro gestallt, ob et an enger nationaler Approche sënnvoll ass, d'Verdeele vun de lokale Police-Unitéiten ofhängeg ze maachen dovun, wéi ee Gemengerot als éischt eng Motioun dozou stëmmt oder als éischt eng Demande mécht. Ech wosst jo net, dass mer schonn eng gemaach hätten. Oder ob et awer méi sënnvoll ass, hei op d'Generaldirektioun vun der Police ze vertrauen, déi mat hirem Monitoring an hire Statistike weess, wou et am sënnvollsten ass, an der Preventioun esou Ekippen och anzesetzen.

Kriminalitéit kennt a mengen Iwwerleeungen och do keng Grenzen a scho guer keng Stad- oder Gemengegrenzen an dofir géif ech et problematesch fannen, wann all Gemeng elo mol géing no sech kucken um Prinzip First come First served an dann esou géif zerwéiert ginn. Wa mer iwwert den Ëmgang mat Ressourcë schwätzen, déi knapp sinn, an dat och zu Diddeleng, do sinn ech dann awer och erëm bei Iech. Et gehéiert zu der ganzer Éierlechkeet, ze soen, dass déi Gréng jo scho laang en Opstocken u Ressourcë bei der Police an d'Weeër geleet hunn. Déi lescht Joren hu gewisen, dass ënner zwee gréngе Policeministere déi grouss Rekrutéierungsoffensiv ugefaangen huet, an dat mat ronn 200 Polizisten d'Joer. An déi fänkt eeben elo un hir Friichten ze droen, war ee virdrun an enger Situatioun, wou ëmmer just d'Ofgäng kompenséiert gi sinn, sief et duerch d'Pensiounen oder anerwäerts. Beim Opstocken u Fraen- a Männerpower op eisem regionale Kommissariat, do denken ech, ware mer eis schonn heibannen alleguerten an der Vergaangenheet eens, dass dëst eppes ass, wat net vu Muttwëll ass.

Dat net, well mer der Meenung sinn, zu Diddeleng wieren äusserst kriminell Zoustänn, ma ganz einfach, well eis Stad ëmmer weider wiisst, do ass déi véiertgréisst aus dem Land, d'administrativ Tâche vun de Polizisten ëmmer méi grouss ginn, dat heescht, jo, mir si fir en Opstocke vun den Effektiffen och op eisem Policebüro. Dat och, well mer de Proximitéitsgedanken duerch d'Presenz um Terrain a priori gutt fannen an eeben och, well mer op der anerer Säit vu Sensibiliséierungscampagnen, beim séchere Schoulwee, Shared Space, 30-Zonen och der Meenung sinn, dass vill verschidden Aufgaben och vill verschidde Personal brauch a mir net kënnen am Fong fir Verkéiersberouegung op där enger Säit jäizen an dann awer net op där anerer Säit och eis d'Fro wëlle stellen, wie soll dat da maachen, wa mer ëmmer d'selwecht vill Leit hu fir dat ze maachen.

Well méi Personal, awer och méi Raimlechkeete brauch, géing ech hei ze bedenke ginn, dass eist Kommissariat aus allen Néit platzt. Dat neit geplangte Kommissariat, wann ech mech net ieren, ass op 2031-2032 ugesat, dat wier a siwe Joer. D'Fro ass, a mat Neischmelz, wou op 2028 och successiv nei Awunner kommen, mat A Bëlleg, wou och e Quartier um Entstoen ass, fir just déi zwee Projet-Pharen ze nennen, ob et net och als Éischt hei eng weider Tëscheléisung brauch, well d'Beamten, trotz de rezenten Ëmbauaarbechten um Kommissariat, wierklech elo net nach méi Plaz hunn. Dat heescht, wa mer méi Ressourcë gären hätten, wou setze mer déi hin? Dat heescht, dat wär och e Schratt, dee fir eis ze bedenke wier, wa mer gäre méi Ressourcen hätten. Da wier nach d'Fro vun de Missiounen an de Krittäre vun der Police locale, wa mir se fir Diddeleng heimat froen, géing et heeschen, dass domat automatesch an dauerhaft de Contingent géing gehuewe ginn zu Diddeleng? Ech mengen, dann ass vun engem d'Demande gestallt ginn. Ass do eng Ufro, fir méi Contingent ze kréien oder géif de Generaldirekter vun der Police hei mat de Ressourcen, wou mir aktuell hunn, eng Unitéit kënne benennen an déi géif déi Aarbecht da maachen, déi d'Police locale ze leeschten huet an déi aner Aarbecht géif leie bleiwen?

Dat heescht, wou eis Agenten am Moment selwer besser kënnen aschätzen, wéini se d'Presenz um Terrain weisen, wat se jo aktuell och schonn zum Deel maachen, wéi dass se elo octroyéiert kréien, vun hirer eigentlecher Aarbecht ofgezunn ze ginn, fir dann dat anert ze maachen. An do ass eng Fro, déi a mengem Kapp elo net esou ganz beäntwert war, wann et net domat verbonnen ass, dass mer méi Ressourcen och kréien duerch d'Schafe vun där Unitéit. Ech muss dann awer och soen, dass et gutt ass, dass et net déi kommunalpolitesch Ebene ass, déi iwwert dës Police, déi lokal Police entscheet, well et eng Police muss sinn, déi onofhängeg fonctionéiert a professionell gefouert ass an net un de Befindlechkeete vun de Kommunalpolitiker hänkt. Do kënnt dann awer och iergendwou d'Fro op, wann et eng Unitéit vun der Proximitéit an der Preventioun soll sinn, dass mir vun eiser Säit och kucken, wéi en Angebot mir als Gemeng kënne maachen. An ech weess, do lafe scho Saachen, zesumme mat der Police, ech weess, do ginn et Instanzen, déi reegelméisseg zesummesetzen, mee well et hei nach méi ëm de Fokus Preventioun bei hinne geet, fir do och Schnëttstelle mat de lokalen Acteure wéi de Sozialaarbechter, dem Jugendhaus, och de Senioren ze schafen, fir elo ganz konkreet ze sinn, wat déi lokal Besoine sinn a wat d'Erwaardunge vun den Diddelenger un esou eng lokal Unitéit sinn. Well ech denken, dass déi Jonk an d'Senioren an, bon, och sämtlech aner Acteuren, déi ech elo genannt hunn an nach vergiess hunn, dass déi wuel am beschte wëssen, wat d'Plus-value vun deem Proximitéitsgedanken ass. Dat heescht, do géing ech och iergendwou soen, do misste mer eis da vläicht och eng Kéier un d'Erwaardungsklärung erumaachen als Gemeng.

Da wiere mer och schonn an eisen Ae bei Proposen zur Adaptatioun vun der Motioun da warscheinlech net, well se wäert jo da superfetatoire sinn, wéi de Buergermeeschter scho gesot huet. Mir wieren am Fong frou, a mir hoffen, dass dat dann am Bréif elo esou geschitt ass, fir ze froen, en Opstocke vun de Ressourcen. Dat kënne mer eis prinzi-

piell virstellen. Ob dat elo a Form vun der Police locale ass, dat bezweifele mir, well ech virdru gesot hunn, et schwiereg wier, sech der Aschätzung vun der Policedirektioun do kënne virzegräifen. D'Theema vun de Lokalitéiten huet eis och elo an der Motioun gefeelt. Hei wier et wichteg, dëst Element och mat eranzebréngen, och gäre mam Police-Minister ze kucken, wéi eng Léisung ee ka fannen, well fir dat mam Projet Neischmelz, mam Reamenagement vun der Fohrmannsplaz ze koppelen, dat dauert jo awer nach, dat war jo am Gespréich, dat war mäi leschte Stand, deen ech erausfonnt hat, wou ech dat Ganzt nogesicht hunn. Wann et en neie Moment gëtt, sinn ech natierlech frou, wann Dir mer doriwwer elo Bescheed sot.

An zu gudder Lescht denke mer, dass et wichteg wier, wéi ech gesot hunn, eeben déi Diddelenger Gesellschaft mat an d'Boot ze huelen iwwer eeben esou eng Aart Preventiounskommitee. Dat wier u sech esou d'Upassung, déi mir proposéiert gehat hätten, fir déi dräi Invitten do, déi da warscheinlech nach net esou gestëmmt ginn, déi da vläicht éischter als eng Fro un de Schäfferot ze gesi sinn oder un den Här Buergermeeschter, ob et do vläicht nei Infoe gi bezüglech Lokalitéiten an, jo, wat gefrot ginn ass, ob elo Ressource gefrot ginn ass oder reng d'Schafe vun enger Unitéit. Voilà, wat fir en Impakt dat op de Contingent vun de Polizisten huet. Ech mengen domat hätt ech den Tour gemaach. Voilà, ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also mir begréissen d'Motioun vun der DP fir d'Aféierung vun enger Police locale zu Diddeleng, well d'Presenz vun de Beamten um Terrain verbessert d'Sécherheetslag an der Gemeng, fanne mer, an och d'Sécherheetsgefill vun all de Bierger. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools fir d'Wuert, léif Dammen an Dir Hären, Här Buergermeeschter, Merci fir d'Presentatioun an d'Preparatioun vun där Motioun. Mäi Wëssensstand, muss ech lech soen, war och, dass déi Demande nach net vum Schäfferot ukomm wier oder dass se gemaach ginn ass. Dofir meng Erklärungen zu deem Wëssensstand, deen ech dee Moment hat. Datt d'Aféierung vun der Police locale e wichtege Projet ass, deen eng laangjäreg Fuerderung vun der CSV ass a mat dëser Motioun elo endlech an d'Gemeng konkretiséiert ka ginn, dat begréisse mer. Dëse Projet, deen an dem Koalitiounsprogramm opgeholl gouf an ëmgesat gouf vum Minister Léon Gloden, stellt de Proximitéitsgedanken erëm an de Vierdergrond. Datt d'Aféiere vun enger lokaler Police d'Sécherheet an d'Proximitéit zu de Bierger an de polizeilechen Autoritéiten zu Diddeleng ze stäerken, dat ass d'Zil.

D'Gemeng wäert och profitéiere vun enger méi effizienter a besser adaptéierter Policepresenz. Et ass eng äusserst positiv Saach. Duerch dës lokal Police gëtt nämlech eng vill méi grouss Reaktivitéit méiglech, d'Aarbecht mat Polizisten, déi eng besser Kenntnis vum Terrain hunn, d'Preventioun erëm an de Vierdergrond gestallt gëtt an Zesummenaarbecht mat der lokaler Bevëlkerung a lokalen Institutiounen. Mir gesi schonn aktuell am Pilotprojet am Kader vun der Police locale an de Gemenge Lëtzebuerg an Esch definitiv e positive Bilan. Déi lokal Police huet scho Verbesserungen um Terrain an zwou grousse Gemenge bruecht. Am Kader vun enger Motioun, déi mer schonn thematiséiert haten, war dann och grouss Panik hei gestreet ginn, datt d'Sécherheet zu Diddeleng a Gefor wär, wann eis Poliziste missten an d'Stad aushëllefe goen. Wie ka sech net dorunner erënneren? Mee ech denken net, dass Diddeleng zu engem Hotspot vu Gewalt a Chaos mutéiert war zu deem Zäitpunkt. Mir proposéieren dofir den drëtte Punkt ze sträichen, fir da mam Gesetzestext alignéiert ze sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Bon, Här Meyer, ech géif déi aner Partei emol zu Wuert komme loossen. Dir kommt jo souwisou och dann zum Schluss zu Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech ka mech relativ kuerz halen. Et ass jo elo scho vill gesot. Ech wëll awer och op dräi Ebenen agoen. Dat Éischt ass den Inhalt, dat Zweet ass d'Form an dat Drëtt ass dann d'Aart a Weis. Den Inhalt, och als déi Lénk hu mer de Projet matgestëmmt, well mer och der Meenung sinn, dass d'Police eeben net onbedéngt ëmmer muss repressiv virgoen, mee dass d'Proximitéit eebe wierklech e wichtegen, e wichtege Punkt ass. An dass d'Police soll méi no un de Leit sinn an och am alldeeglechen Echange sinn. Elo awer an der drëtter Feststellung direkt ze soen, dass domadder automatesch méi eng effizient a besser adaptéiert Policepresenz géif erauskommen, dat weess ech net, well souwäit ech informéiert sinn, gëtt et och vun deenen anere Pilotprojeten nach keng Zuelen. An et ass effektiv esou, dass d'Polizisten aus dem Kommissariat ofgezu goufen, fir da lokal um Terrain ze sinn. Dat heescht un der Policepresenz u sech, se si vläicht e bësse méi visibel, se si vläicht e bësse méi no un de Leit, mee ob dat elo wierklech méi eng effizient Presenz ass, dat ass eng ganz aner Fro an déi ass jo och elo schonn opgeworf ginn.

Op d'Form effektiv hu mer och d'Gefill, dass do verschidden Invitte sech e bësse widdersprach hunn. A mir war och dat vun de Käschten opgefall. Ech hunn de Projet de loi net gelies. Ech hunn och net déi ganz Chamberdebatt gelauschtert. Mee wann ee minimal recherchéiert, da fënnt ee relativ séier an der Press, dass keng Käschten de Moment op d'Gemengen duerkommen. Dat heescht, jo, dat huet mech e bëssen irritéiert, soudass mir och an dëser Form zumindest dës Motiounen net hätte kéinte matstëmmen. Mat enger gewëssener Ëmformuléierung hätt een dat awer vläicht kënne maachen.

Dat bréngt mech awer op den drëtte Punkt zur Aart a Weis. Dat weess ech elo net. Mee mir hate scho e puermol heibannen de Fall, dass d'Initiativrecht aus der Oppositioun heiansdo vläicht op e bësse genervten Ouere gestouss ass an dass dann oft mol e Wuert superfétatoire an de Raum geheit ginn ass, ouni dass dat vläicht ëmbedéngt ëmmer ganz gerechtfäerdegt war, an net ganz fair woar. An do-

wéinst fannen ech et awer dann e bësse schued, falls et sollt stëmmen, dass ee scho weess, dass se superfétatoire ass, well een d'Informatioun gefrot huet an d'Informatioun hat an dann awer eng Motioun eragereecht, da fannen ech dat och e bëssen onglécklech en vue vun deem Respekt, dee mir jo awer och als Oppositioun hei vis-à-vis vun der Majoritéit ëmmer ufroen. Dat ass dann net ganz hëllefräich. Dowéinst sinn ech dann elo mol op d'Äntwert do gespaant. A mir waarden dann elo, wéi d'Diskussioun ofleeft. Mee wa se esou formuléiert bleift, wéi se de Moment formuléiert ass, da wäerte mir se op alle Fall net matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Et ass scho ganz vill hei gesot ginn. Ech mengen, jo, kloer als LSAP sti mir och zu enger Police locale a mir fannen och, dass d'Proximitéit wichteg ass. Ech wëll awer och eng Kéier op d'Opstocke vum Personal goen. Och do, mengen ech hat de Buergermeeschter deemools am Gemengerot gesot, dass mir fir eng Police locale sinn, awer sécher eis wäerten asetzen, dass dat net just ass, wéi hate mer gesot deemools, dass se just de bloe Bändchen doen, déi hei sinn an da Police lokal sinn. Ech mengen, kloer wäerte mer eis och do staark maachen, fir dass eebe méi Personal kënnt, fir déi Proximitéit eeben och hei ze garantéieren. Ech kann awer och scho vläicht a menger Funktioun als President vun der Sécherheetskommissioun soen, ech mengen do schaffe mer scho mat der Police zesummen, do ass och geplangt, wéi jo och ausgemaach war nom Projet, wann dee bis virgestallt ass oder bis de Gesetzestext bis gestëmmt ass, dass mer do och Kontakt mat der Police géifen ophuelen an och mat hinne kucken, wéi eng Police locale hei zu Diddeleng kéint sinn.

An da wëll ech awer och nach drop opmierksam maachen, mir sinn och mat engem Plan local de sécurité amgaangen. Deen ass amgaang ausgeschafft ginn. Och do schaffe mer mat der Police zesummen an och do wäert d'Theema Police locale opkommen. An och do, wéi den Här Steffen gesot huet, do sinn ee ganz Koup Acteure mat an deem Grupp, fir dee Plan local de sécurité auszeschaffen. Soudass mer et och do probéiert hunn, all déi Schichten, déi mer esou an Diddeleng hei hunn, och vu jonke Leit, vun eelere Leit mat anzebannen an ze héieren, wou d'Problemer sinn. A wéi gesot, wäerte mir als LSAP dofir sinn? Jo, als LSAP stëmme mer déi Motioun net mat. Eben, wéi gesot, well dat Saache sinn, déi scho lafen.

Ech wëll awer hei och nach eng Kéier soen, wa mir déi Motioun do net matstëmmen, heescht dat net, dass mir net dofir sinn. Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass mer derfir sinn. Net wéi dat hei an dass do op d'Soziale Medien dann awer ausgedréckt gëtt, dass d'LSAP géint esou eppes wier. Dat ass hei sécher net de Fall. An ech wëll dat hei och nach eng Kéier dofir kloerstellen. An ech soen Iech Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen. Ech mengen huet all d'Partei sech dozou konnte positionéieren. Dann huet den Auteur vun der Motioun, den Här Meyer, d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Villmools Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Als Éischt géif ech gär emol nach eppes richteg stellen. Et ass net esou, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, dass en Uruff war an doropshin ass eng Motioun gestallt ginn. Au contraire. D'Motioun ass eragereecht ginn, per Mail. Dunn ass en Uruff komm, fir nach eng Kéier Confirmatioun ze kréien, dass d'Delaien nach ëmmer respektéiert sinn, wat de Fall war. An doropshi krut ech matgedeelt, dass dee selwechten Dag, e puer Minutte virdrun, an där Richtung schonn eppes komm ass, dass de Gemengesekretär soll eppes virbereeden, fir eng Fro eranzestellen. Esou vill emol zur Reiefolleg.

Ech hunn awer dann, well mer jo zesumme wëllen Diddeleng no vir bréngen, nach eng Kéier gefrot gehat ob mer dann an déi selwecht Richtung schwammen. Ech mengen, de Gemengesekretär kann dat jo och bestätegen, wat en do bejot huet. An op d'Fro, ob mer dat awer da wëllen op den Ordre du jour vum  Gemengerot gesat kréien, war d'Äntwert kloer Jo, an zwar aus deem Grond, fir dass och séchergestallt gëtt, dass eeben eng Kéier dann eng Demande dann herno schrëftlech erausgeet, dass et net nëmme preparéiert gëtt, wat jo dann elo leeft. Dann zu den Invitten. Jo, den zweete Punkt kéint ee virun den éischte setzen. Ech mengen, et wär net déi éischte Kéier, dass d'Majoritéit eng Géigepropos hei gemaach hat. Ech mengen, den Här Buergermeeschter stëmmt deem zou.

Den drëtte Punkt, in der Tat, do hätt ee kéinte schreiwen, dat ass dann och mäi Feeler, dat hätt ee jo och kéinte verbesseren, dass eeben esou e Rapport hei dem Gemengerot presentéiert gëtt, wann e bis virläit. Ech mengen, dass eise Schäfferot gutt Kontakter zu der Police huet an och zu den Nopeschgemengen, respektiv deen anere gréissere Gemengen hei am Land, dat hu se jo scho méi wéi eng Kéier ënner Beweis gestallt. Esou hätt een dann natierlech och kéinten eng Kéier do bei deenen, déi do schonn am Projet dra sinn, kuerz uruffen oder wéi och ëmmer, fir mat de Buergermeeschterkolleegen dann do ze kucken, wéi si an där kuerzer Zäit dat Ganzt befannen. An ob dat bis elo eppes bruet oder nach net, dann hätt een dat natierlech dann och hei direkt kéinten dem Gemengerot virdroen. Voilà, souvill dozou. Merci gesot.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer, fir Är Stellungnamen an eng Rei Argumenter. Ech wëll hei vläicht just betounen, dass wann een eng Motioun wëll deposéieren, da kann een déi deposéieren. Et gëtt kengem verbueden, vu kengem hei an d'Administratioun, an och net vun deem politesche Responsabel, där d'Auteure sinn ëmmer fréi eng Motioun kënnen ze deposéieren. An et kritt kee gesot, Du brauchs deng Motioun net ze deposéieren. Dat géife mer eis guer net erlaben. An et steet och eis net zou, dat ze maachen. Dir sidd fräi an Ärer Libertéit als Conseiller eng Motioun, eng Resolutioun, sou wéi dat hei ass, ze deposéieren an dann Iech herno domadder ze konfrontéieren, wéi den Ëmgang mat der Resolutioun och ass am Kader vun den Argumenter, déi een dann duerleet, wou een effektiv dofir ass oder dogéint ass.

Also hei dann den Opruff ze soen, éischter net deposéieren.

Dat steet eis guer net zou, Dir sidd fräi, aus fräie Stécker kënnt Dir dat, wéi gesot, ëmmer maachen. An déi fënnt natierlech säi Wee hei an de Gemengerot, fir dann driwwer ze diskutéieren. Ech mengen, mir hunn elo hei déi Demande gemaach. Déi ass och erausgaangen, esou kuerzfristeg. An do musse mer dat Ganze jo mol ulafe loossen. Hei ass déi éischt Etapp an da wäert d'Generaldirektioun vun der Police bei eis sech mellen. Da mussen Analyse gemaach ginn. Da muss ee mol gekuckt ginn, wéi vill Leit effektiv dann och kënnen zousätzlech vu Ressourcen heihinner och kommen. Ech mengen, dass dat fir eis och wichteg ass, dass mengen ech, nieft der besteeënder Aarbecht och, wéi gesot, wann eng Unitéit kënnt, och do déi néideg Ressourcen da kënnen och sinn, fir där Aarbecht kënnen och nozegoen. Ech mengen, dat ass och deen Esprit, an deem mer waren. Mee dat ass elo mol e Bestanddeel vun Diskussiounen. Mir huet elo mol d'Demande gemaach.

An dann, elo fänkt et jo mol eréischt, elo mol eréischt, eréischt, eréischt un. Ech weess net, wien et gesot hat, voilà, wéi gesot, Diddeleng ass vläicht e bëssen an eng aner Situatioun wéi aner gréisser Gemengen, wat d'Kriminalstatistiken och ugeet. Mee dat eent schléisst dat net aus, dass een enge zousätzlech Unitéit ka kréien, fir effektiv dann och mat de Biergerinnen a Bierger méi a Kontakt ze sinn, wéi dat de Moment de Fall ass. Ech mengen, dass dat schonn en Avantage ass, fir och kënnen opzegräifen. Et ass virdru vun der Jugend geschwat ginn, et ass virdru vu Seniore geschwat ginn, et ass vun de Biergerinnen an de Bierger geschwat ginn. Ma grad eeben esou Kontakter, privilegiéiert Kontakter mat der Police si wichteg am ëffentleche Raum, fir eng Rei Saache kënnen opzegräifen, deenen och polizeitechnesch kann nogoen. Dat einfach par rapport zu de Ressourcen.

Dem Här Steffen, seng Ausféierungen hunn ech net esou richteg verstanen. Ech mengen, d'Krittären a respektiv d'Missioun, d'Krittären, déi stinn am Gesetz dran, am Commentaire des articles sti se dran. Ech hunn awer net esou richteg verstanen, wat Dir elo mengt mam Kommissariat. Dat heescht, dat aktuellt Kommissariat, dat ass an der Wolterstrooss. Et ass vergréissert ginn. Et ass geplangt, en neit Kommissariat soll kommen, well dat eis wichteg war, op der Fohrmannsplaz an dorunner gëtt geschafft. Do ass de Stat Bauhär, dat ass e Bâtiment public, deen dat och baue wäert. A wann de Stat aner Plazen an Aussiicht huet, bah, tant mieux. Mee ech mengen net, soss wiere mer net Richtung Neibau gaangen op d'Drock vun dëser Gemeng, fir effektiv op der Fohrmannsplaz am Kader vun Neischmelz e komplett neit, modernt Kommissariat ze bauen, dat och méi grouss ass wéi dat besteeënd. Well natierlech och dat neit Kommissariat, dat gebaut soll ginn, och déi Projektioune vun Neischmelz soll mat eranhuelen. En attendant ginn am aktuelle Kommissariat eng Rei Ausweidunge gemaach, respektiv si jo verschidden och scho fäerdeggestallt ginn. An ech weess net, well ech als Buergermeeschter dann och Baugeneemegung ginn hunn, fir effektiv do d'Lokalitéite méi grouss kënnen ze maachen, wou eng Rei fräi Déngschtwunnenge vun der Police ëmgebaut goufen, eeben och a Büroen a wou Bâtiment public dann och Bauhär och ass.

Dann, jo, d'Madamm Kemp sot, et war eng laangjäreg Fuerderung vun der CSV. Dat ass richteg. Mee da muss een awer och richtegerweis soen, dass dee Projet, dee mer elo um Dësch leien hunn, eng ganz aner Nues huet wéi dat, wat d'CSV wollt hunn ursprénglech. Ursprénglech wollt d'CSV, dass et eng reegelrecht Gemengepolice gëtt. D'CSV wollt, dass de Buergermeeschter Weisungsbefugnis iwwer d'Police soll kréien. D'CSV wollt, dass de Buergermeeschter ëm en Officier de police judiciaire soll ginn. An et war och d'Iwwerleeung, dass d'Gemenge sech sollte finanziell un der Gemengepolice bedeelegen, wat mat sech bruecht hätt, dass besser betuchte Gemenge sech méi Polizisten hätte kéinten eventuell leeschten. Vun där initialer Iddi ass net méi vill iwwreg bliwwen. An ech mengen, dass jo och de Gemengesecteur selwer mat Interviewen, déi och mat ville Buergermeeschtere gefouert goufen an och mam Syvicol, ech mengen, wou dee Projet, dee mer elo virleien hunn, respektiv dat Gesetz, dat gestëmmt gouf, och dem Gemengesecteur ganz, ganz vill Rechnung dréit insgesamt. An ech mengen, dass dat och ganz, ganz och gutt ass.

Ech mengen d'Missiounen, dorobber sinn ech agaange vun der aktueller Unité de police locale. Ech mengen, dass et elo wichteg ass mol e Retour ze kréien an dass mir Iech och weider kënnen au courant halen, an éischtens enger Form, wat déi Retoure sinn, wéi d'Demarche och leeft, wéi déi Analyse lafen. Wéi gesot, et ass d'Police déi Analyse mécht. Mir wäerten dann och do sécherlech d'Diskussioun féiere mat de Kolleegen, déi schonn d'Pilotprojeten och an deenen anere Gemengen haten, wat hir Erfarungswäerter och waren. Dat huet ee jo scho gemaach. Mee dat kann ee jo och dann elo, wa mer elo Retour kréien, wéi gesot, och vun der Generaldirektioun och nach sécherlech verdéiwen. Ech fannen, dass dat heiten da souwisou e Projet ass, wéi ech virdrun och gesot hunn, wou mer an enger Sécherheetskommissioun respektiv am Gemengerot eis sécherlech och am Moment ginn, fir effektiv dann d'Resultater ze ënnerbreeden, wou mer dann och zesummen diskutéieren da kënnen. Dëst gesot, war dat par rapport zu den Ausféierungen, déi hei gemaach goufen, de part et d'autre. A voilà, sou wéi mer elo effektiv an der Prozedur sinn, géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vott vun dëser Motioun iwwerginn. Dir wollt nach Stellung huelen? Normalerweis komme mer elo zum Vott.

MARC MEYER (DP): Voilà, bevir de Vott kënnt, wollt ech proposéieren, just den drëtte Punkt ze sträichen an der Form hallwer deen zweete virun deen éischten ze setzen an se esou zum Vott ze ginn. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech hat eng Prezisiounsfro am Fong, dat kënne mer awer gären nogereecht kréien. Et ass, mir haten iwwert d'Lokalitéite geschwat, vun der Fohrmannsplaz, wou jo dann elo keen neien Datum komm ass bei Ären Ausféierungen an d'Fro vun den Ëmbauaarbechten elo an der Wolter Strooss, do wollt ech just wëssen, ob mer do eng Kéier, dat muss och elo net haut sinn, einfach eng Kéier gesot kënne kréien, erkläert kënne kréien, wéi vill Bürosgebai dann elo doduerjer bäikomm sinn, respektiv ob do de Personaldrock am Fong méi kleng ginn ass.

Ass duerch déi Ëmbauaarbechten, wéi gesot, dat ka gär nogereecht ginn. Dat war just, well elo grad d'Theema war. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. D'Bauhär beim Polizeikommissariat op der Fohrmannsplaz ass Bâtiment public. Et ass net d'Stad Diddeleng. Ech mengen dat wësst Dir. Et ass e Staatsservice an dee Projet gëtt gemaach am Kader vum Projet Neischmelz, wou de Gemengerot jo dorunner bedeelegt ass am Kader vun de PAGen respektiv vun de PAPen. Dat ass mengen ech déi éischt Äntwert, déi ech ka ginn. Ech sinn net Här a Meeschter iwwert den Agenda vu Bâtiments publics, vun enger grousser staatlecher Verwaltung, déi an den Hänn vun enger anerer Partei ass wéi menger. Ech mengen, déi kënnen och de Projet méi schnell weiderdreiwen, wa se dat och wëllen.

Ech mengen, eis ass et wichteg, dass mer dee gesamte PAP Norden, deen Diddeleng betrëfft, gemeinsam och plangen, d'Gemeng an de Staat zesummen. Mee ech sinn net, wéi gesot, Minister vu Bâtiments publics. fir och dann do deen Agenda kënnen ze bestëmmen. Mee, wéi gesot, dat sinn Diskussiounen, déi mer dann och mam zoustännege Ministère, mat der zoustänneger Administratioun hunn. An dat anert, wann nei Büroe bäikommen, well e gewëssen Drock do ass vu Personal. Ech mengen, Dir wësst, dat hate mer och hei scho méi wéi eng Kéier gesot, dass ëm déi 45 Polizistinnen a Polizistenagenten hei um Diddelenger Territoire täteg sinn, dass en Ausbau do vu Bâtiments publics eebe gemaach gouf, fir effektiv méi Büroe kënnen ze hunn. A fir do e gewëssenen Drock erauszehuelen. Sou, mengen ech, dass d'Situatioun elo satisfaisant ass. Mee, voilà, wann och weider opgestockt gëtt, da mussen natierlech och d'Kolleege kucke mat der Police selwer, mat hirer Generaldirektioun, mam Inneminister respektiv mat Bâtiments publics, wat nach vun aner Méiglechkeete sech kënne ginn. Voilà.

Gutt, dann hei läit d'Motioun an déi musse mer natierlech ofstëmmen. ***Wien ass mat der ofgeännerter Motioun averstanen? Dat si Stëmme vun DP, ADR an CSV. Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk an déi Gréng. Wien ass dergéint? D'LSAP. Dat zu dëser Motioun.*** Da géife mer op d'Froen un de Buergermeeschter an de Schäfferot iwwergoen.

## 8. OFFICE SOCIAL (SUITE)

**Resultat vum Effektiv vum Office Social**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Éier mer op d'Froen aginn, huele mer dertëschent nach d'Resultat vum Effektiv vum Office Sociale.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Mir hunn dat dann elo ausgezielt. ***17 gülteg Ziedelen hu mer kritt. Allen dräi si mat grousser Majoritéit mat Jo votéiert ginn. Vläicht dann déi eenzel Stëmmen: Annette Kemp-Klemann, 17, Fabienne Dimmer, 14. Giselle Biever-Boly, 16 Jo-Stëmmen, an domadder kann den Office social erëm schaffen.*** A virun allem e grousse Merci deenen dräi, déi sech gemellt hunn, fir eng ganz gutt Saach sech do ze engagéieren. Merci dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier fir d'Resultater vun deem dote Vott kënnen ze ginn.

## 11. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op d'Froen iwwergoen. Do sinn eng ganz Rei. Ech huelen se der Rei no, wéi se och erakomm sinn. Dat ass eng Fro vun Déi Gréng iwwert d'Erstelle vum Budget 2026. Si soen do effektiv am Kader vun der besteeënder Verscholdung an de Beméiunge vum Schäfferot e gewëssene Kader ze halen. Wat sinn d'Consignen, déi un d'Chef-de-servicë gaange sinn a puncto Spuermoossnamen an d'Ausféierung vum Budget 2025. Wat sinn do d'Spuerconsignen, déi un d'Chef-de-servicë gaange sinn a puncto Consommatioun an ob mer do zousätzlech Erklärunge vun de Chef-de-servicê verlaangt hunn. Ech hu probéiert, wéi gesot, d'Fro ze resuméieren.

Ech ka par rapport zu där éischter Fro soen, dass natierlech wéi all Joers d'Chef de servicen an natierlech och d'Gemengenagenten opgefuerdert ginn hir Propositiounen a Previsiounen dem Schäfferot an der Opstellung vum Budget heranzereechen. Dat ass net anescht wéi déi Jore virdrun. D'Depensë mussen natierlech och prezis begrënnt sinn. Mir hunn natierlech och eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter drop higewisen, dass se de Fokus drop solle leeën, d'Ausgaben op dat d'Noutwendegst ze limitéieren, ouni dass dat natierlech en Impakt soll hunn op d'Qualitéit vun den Servicer an op d'Qualitéit vum Service public. A wéi gesot, bei aussergewéinleche Projeten, bon, do hu mer jo och dann de PPF, op dee mer eis baséieren.
Dann déi zweet Fro. Et gouf natierlech och de Servicer am Kader vun der Opstellung vum Budget Rectifié 2025, och d'Jore virdrun, och erugedroen, dass si sollen eng verantwortlech a virsiichteg Finanzpolitik maachen an och kucken, e bëssen d'Stabilitéit an och d'Nohaltegkeet vun de Gemengefinanzen am Fokus ze halen.

Natierlech wësse mer, dass insgesamt am wirtschaftleche Kontext jo bleift d'Erausfuerderung, wou ee soll weider natierlech investéieren, fir d'Wirtschaft unzekuerbelen an awer musse mer eng Finanzgestioun maachen, engersäits mat Rigueur an awer och mat Wäitbléck. An natierlech hu mer och eis Servicer gebieden, hir Ausgabe geziilt mat Virsiicht ze plangen. Bon, et kann een net soen, dass mer hei elo reegelrecht Spuerconsignë ginn hunn, dat ka vläicht zu Mëssverständnesser féieren, mir hunn einfach de Message och ginn, dass net weesentlech Ausgaben net solle getätegt ginn. Bon, wëssend natierlech, dass et och emol, dat hu mer jo och emol gesinn, dass et och vläicht emol Imprevuen och ka ginn. Generell kucke mer do mat eisen Servicer bei der Ausféierung vum aktuelle Budget, wéi och

natierlech bei neie Budgeten an Echangen, déi mer hunn, do d'Ausgaben natierlech ze analyséieren an och ze diskutéieren. Dat war dann d'Äntwert op Är éischt Fro.

An dann déi zweet Fro, do fueren ech weider, dat ass eng Fro vum Här Costa, dee seet, dass säit 2022 de Gesetzgeber eis d'Méiglechkeet gëtt, och Hochzäiten ausserhalb vum Gemengegebai ze maachen an dass mer do verschidde Plazen zeréckbehalen hunn, dat ass engersäits hei am Haus selwer eis Salle de mariage, dann d'Pommhaus, de Waassertuerm, de Kiosk hei op der Gemengeplaz an de Kiosk am Park Léi, an de klengen Auditoire a freet no säit 2022 eeben, wéi d'Situatioun evoluéiert huet um Niveau vun de Bestietnisser, vun den Dissolutiounen, de Partenariater an awer och eeben de Lieu de célébration. Do kann ech effektiv soen, an ech kann Iech awer och deen Tableau zoukomme loossen, dat sinn e bëssi méi statistesch Donnéeën, well ech Iech elo net wëll bombardéieren. Ech kann Iech just soen, vun 2022 bis effektiv September 2025, well den Här Costa dat gefrot huet, hate mer 332 Hochzäiten, 99 Scheedungen, 205 Paxen an 58 Denonciatioune vu Paxen. Mir haten och vun 2022 bis September 2025 6 gläichgeschlechtlech Bestietnisser, 326 heterosexuell Bestietnisser, 4 gläichgeschlechtlech Paxen, an 201 vun heterosexuell Koppelen.

Dann d'Celebratioun op deene sechs Plazen. Wéi gesot, mir haten hei- ech wëll net soen, dass dat d'Bild verfälscht, mee et gëtt e bëssen eng aner Situatioun. Mir hätten, also d'Gesetz ass et zwar 2022 gestëmmt ginn, mee mir hätten eréischt am Mee 2023 dat éischt Bestietnis, well mer jo och e Reglementer hei hu misse jo huelen, dat Gesetz, wat se jo och virgesinn huet, do hu mer am Fong, wéi gesot, wann ee kuckt elo vun 2022 an der Hitparad läit awer nach ëmmer hei de Sall am Gemengenhaus. Dat sinn 269 Hochzäiten, déi hei stattfonnt hunn, hei an der Gemeng. An insgesamt 63 op deenen anere Plazen. Dovunner ass dann op éischter Plaz d'Pommhaus, mat 23, de Kiosk am Park Le'h mat 21, bon, mer wëssen, dass deen ëmmer op de Summer limitéiert ass well dat dobaussen ass. Op drëtter Plaz ass de Waassertuerm, do waren 11 Bestietnisser. Bon, deen ass natierlech méi limitéiert, wat d'Unzuel vun de Leit eeben ugeet an de Kiosk op der Gemeng, dat waren der 8. A keen am klengen Auditoire. Voilà, dat sinn d'Ausféierungen. Wéi gesot, dat si Statistiken, déi kënne mer Iech ganz gären zoukomme loossen. Da ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert weider par rapport zu enger Fro vun der CSV.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Mir hunn dann déi ganz spannend Fro gestallt kritt no eisem Kuebefrënn. Ech géif dann och d'Fro esou erëm ginn, wéi ech se gestallt kritt hunn: Ass d'Relokalisatioun vun de Kuebennäschter vun de Kueben ugeholl ginn? Hu sech d'Kuerben op hirem neie Standuert niddergelooss? Bis elo ass de Standuert net vun de Kueben ugeholl ginn, muss ech soen. Et ass awer esou, dass dat awer e längere Prozess ass an et duerchaus nach méiglech ass, dass d'Kuerben awer de Standuert wäerte kënnen unhuelen. Den Expert huet eis gesot, dass dat eng Warscheinlechkeet vu fofzeg Prozent ka sinn, dass d'Ëmsidlung erfollegräich ka virgeholl ginn. Zweet Fro: Ass eng Evaluatioun oder Monitoring vum Pro-



jet gemaach ginn? Richteg, mir hunn ee och ee gemaach. Ufanks 2025 ass dee Monitoring aktualiséiert ginn, wéi sech déi verschidde Kolonien an Unzuele vun den Näschter entwéckelt hunn. Op Nummer 199, Rue des Champs, dat war 2023, do hate mer zwee Näschter an 2024 keent. Route de Kayl hate mer 2023 zwee Näschter an 2024 keent. Bei der Kierch hate mer all Kéiers null Näschter. Bei der Gemengeplaz, an dat ass jo dat Spannend dobäi, hate mer 2023 dräianachtzeg Näschter an 2024 nach véierasiechzeg. D'Schoul Brill hat der 2023 zwee, an elo kënnt et, an 2024 hate mer der do dräianzwanzeg. An d'Maison sociale hat 2023 keent an 2024 eent.

Dir gesitt, dat heescht, dass d'Unzuel vun den Näschter op der Gemengeplaz ëm bal 20 Näschter erofgaangen ass, d'Unzuel vun den Näschter bei Schoul Brill leider eropgaangen ass, an och een neit Nascht bei der Maison sociale ass fonnt ginn. Et ass also noleiend, dass d'Kuebe vun der Gemengeplaz bei d'Schoul Brill respektiv bei d'Maison sociale geplënnert sinn. Ginn et Erkenntnisser, dass d'Kueben eventuell op aner Plazen ausgewandert sinn? Den Tablo weist dat, dass et e méiglechen Zenario ass, dass d'Kueben effektiv da vun der Gemengeplaz, wéi scho gesot, bei d'Schoul Brill a bei d'Maison sociale sech verdeelt hunn. Dat gëtt awer och nach d'nächst Joer iwwerwaacht.

Déi véiert Fro ass: Gëtt an Zukunft nach mat weidere Relocalisatiouns- oder Preventiounsmoossname gerechent? De Monitoring vun de Kueben am Kader vum Managementplang gëtt weidergefouert. Et ass awer esou, an da wëll ech awer nach betounen, dass mer awer trotzdeem relativ wéineg Reklamatiounen awer vun de Kuebe kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, Merci fir déi doten Äntwert. An dann ass déi nächst Fro och eng vun der LSAP an och op déi géing de René Manderscheid äntweren.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Da bleiwe mer beim Gefligel. D'LSAP stellt Dann eng berechtegt Fro, wéi et mat der Populatioun vun den Dauwen op Neischmelz ass? Effektiv, wéi d'Schmelz deemools do nach a voller Bléi war, war do ëmmer eng Kolonie vu ganz villen Dauwen, déi sech do och iwwerall wuel gefillt hunn, do hate se vill Plaz. Dir wësst, dass mam neie Projet Neischmelz do ganz vill Gebaier ofgerappt gi sinn, respektiv déi hunn eng aner Bestëmmung kritt, soudass do vill Dauwe vun hiren normalen Ëmstänn an aus hirem Milieu erausgerappt gi sinn, an elo konzentréieren sech déi meescht Dauwe meeschtens beim VeWa an Ëmgéigend, an hei gëtt da gefrot, ob d'Gemeng kéint do eventuell en Dauweschlag

installéieren an iwwert dee Wee kann d'Populatioun kontrolléieren an och do kucken, mat den Näschter, respektiv mat der Narung, dass een dat do kéint e bësse steieren.Do kéint ee sech och eng Kooperatioun mam CIGL virstellen, well natierlech, wann ee esou eppes huet, dat muss och geheegt a gepfleegt sinn, a si wäre frou, wann d'Gemeng dann do géif déi Méiglechkeet préiwen, fir do kënnen dat ze realiséieren, a si wären och frou, an engem perséinleche Gespréich hir Iddien an hiren Input do kënnen ze ginn.

Et ass esou, dass dee Site net der Gemeng Diddeleng gehéiert, sonder dem Fonds de logement als Proprietär, soudass mer fir d'éischt musse mam Fonds de logement kucken, ob deen och gewëllt ass, an déi Richtung ze goen. Mir als Gemeng si gewëllt. An net méi spéit wéi den 28. Oktober ass eng Sitzung mam Fonds de logement, also de Comité technique vum Fonds de logement mat der Gemeng zesummen a mat all deenen aneren Acteuren, déi do involvéiert sinn. An och de Fonds de logement weess scho Bescheed an och si wësse vun där Problematik. Wéi gesot, den 28. Oktober gëtt dat an deen nächste Comité technique matgeholl a méi Gefill seet mer, dass mer do awer eng Léisung fannen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci, an da komme mer op déi lescht Fro.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):
Et ass nach eng Fro...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nee, normalerweis hutt Dir keng Fro. Et ass eng Fro, déi gestallt gouf, den Auteur war d'Madamm Fabienne Dimmer vun der LSAP, si kritt eng Äntwert, et ass net an deem Kontext, wou nach eng Kéier eng Fro gestallt gëtt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Bei all Deliberatioun kann een eng Motioun areechen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat hei ass jo awer eng schrëftlech Fro.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wou ass d'Fragezeichen? Wéi eng Fro ass konkreet gestallt ginn? D'Form ass net an der Rei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Wollt Dir dat elo soen, Madamm Ahmedova?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Neen, am Fong wollte mir eis ulauschteren, wat Dir äntwert, well déi Fro huet eis interpelléiert a mir haten effektiv eng Motioun virbereet a mir wollte schonn e bësse méi wäit an den Detail goen, mat eiser Motioun. Mee effektiv, zu wéi engem Moment, reng theoreetesch hätt ee kéinten och am Ufank vum Ordre du jour froen, ob mer d'accord sinn. An dann hätte mer gesot, datt mer eng Motioun um Ordre du jour gäre gehat haten. Mee wéi gesot, mir wollten eis déi Äntwert ulauschteren an doropshi reagéieren, fir eng Motioun an deem Sënn och ze deposéieren. Well ech muss soen, déi Fro huet eis immens interpelléiert a vu datt mer gären och matdiskutéieren, hu mir einfach séance tenante eng Motioun preparéiert. Jo, an déi Saach vun der Fro, effektiv, mir hunn déi Fro zwee-, dräimol duerchgelies an et war kee Fragezeichen zu kengem Moment.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Okay, et ass net als Fro formuléiert, et ass eng Incitatioun un de Schäfferot, ob mer eppes wëlle maachen. Also, et ass net gang und gebe, mir sollten dat awer elo net ufänken, well soss ka bei all Fro, déi gestallt gëtt, eng Motioun eragereecht ginn. Ech mengen, mir hunn hei de Prinzip ëmmer gehalen, wann een eng Fro stellt, da stellt en se an da kritt en och eng Äntwert dorop. Mir fänken awer net un, bei Froen elo Motiounen eranzereechen, wou eng aner politesch Partei stellt. Also ...

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Mee beim Sujet awer, soss, zu wéi engem Moment hätt ech kéinten zu deem Sujet eng Motioun deposéieren?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also, fir eis ass dat hei, mir hunn diskutéiert, wat ass dat hei? Dat ass eng Propositioun. Wat ass eng Propositioun? Dat ass normalerweis wéi bei enger Motioun, do stellt een eppes fest an dann herno incitéiert een de Schäfferot, fir eppes ze maachen.
Also si mir dovun ausgaangen, dass dat hei eng Motioun war. Ech mengen, dat war och d'Iwwerleeung e bësse vläicht och bei Iech. An da kann ee jo awer dann dozou Stellung huelen an da kann een, bei enger Propositioun, well bei enger Fro ass et eng aner Saach, hein? Dat sinn erstens, zweitens, drittens, Fragezeichen, Fragezeichen, Fragezeichen, hei ass a kengem Saz e Fragezeichen, dat heescht, et ass just eng Propositioun dran, an dat ass fir eis och eng Motioun. An dofir hate mir dat sou gesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
D'Intentioun vun der Autrice war, eng Fro ze stellen, ob de Schäfferot gewëllt ass, do awer eng Aktioun ze huelen. Effektiv, de Wording ass elo net ideal, mee den Ausgangspunkt war dee vun enger Fro.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Kënne mir dann an deem Sënn eng Motioun an deem Kontext deposéieren? Also zum Kontext Pigeonen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Der kënnt an deem Kontext eng Motioun deposéieren. Natierlech.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Maja, dat ass ganz léif. An ech hat se och scho geschéckt. Also vläicht kënne mer se affichéieren an da kënne mer an deem Sënn och eng kuerz Diskussioun driwwer féieren. Oder se der zouständeger Kommissioun schécken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir haten zwar ëmmer festgehalen, also et ass gutt, dass mer dat heiten elo hei kënnen diskutéieren, mir haten déi lescht Kéier déi Situatioun, et huet een eng Motioun hei erabruecht, wou mer op eemol pris à court waren an deem Sënn, well se huet misse kopéiert ginn, verdeelt ginn, et muss ee jo och Kenntnis vun där Motioun kënnen huelen, et muss ee se kënnen analyséieren, an do hu mer jo gesot, dass

een dat awer am Virfeld soll maachen, dass een - an dat hu mer och souguer an eiser interfraktioneller Reunioun, déi mer haten, och nach eng Kéier thematiséiert ginn, och nach eng Kéier hei am Huis clos - dass een tout au moins awer Zäit huet, Kopien ze maachen, ze mailen, déi Motioun eng Kéier kann duerchliesen, duerch de Kapp goe ka loossen, soss ass et jo och ze schued, par rapport zu der Motioun, verstitt Dir? Fir elo à chaud op eng Motioun ze reagéieren, dat fannen ech jo och e bësse schued, well dat schuet jo dann och dem Debat, dee mer zesummen hunn, verstitt Dir?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Nee, also dat wat Dir sot, dat ass ganz richteg. An d'Zil vun der Motioun ass wierklech net, Iech elo an den Eck ze dréckena mir hei elo wierklech onbedéngt verlaangen eng Reaktioun. Neen, neen, neen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech schwätzen elo och fir d'Kolleege vun der Oppositioun, well, ech weess net ob si se kennen. Vläit kennen si se, vläit kennen si se och net. Ech kréie jo och eng Confirmatioun, dass d'Kolleege vun der CSV se net kennen, vläicht wëlle si och, mengen ech, sech Zäit huelen, fir d'Motioun duerchzeliesen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, mee dofir, ech wollt Iech sech eng Kéier erklären a mir kënne se jo an d'Kommissioun weiderschécken oder eng nächste Kéier dann erëm deposéieren. Also, kënne mer se vläicht eng Kéier duerchgoen an doropshi kënne mer eng Diskussioun maachen, ob mer se an d'Kommissioun weiderschécken oder ob Dir se direkt verwerft?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, ech kennen emol net, ech weess emol net, wat de Contenu ass. Et ass awer, et ass awer dat mannst, dass mer emol awer schwaarz op wäiss dat eng Kéier kënnen duerchliesen. Also dat ass eng Saach vun awer och der Organisatioun vun enger politescher Partei, muss ech soen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Mee dofir hunn ech se um aacht Auer am Fong gemailt, fir datt se och kopéiert gëtt an ausgedeelt gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass se um aacht Auer gemailt ginn? An d'Gemengesekretariat?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Also, jo, mee ech hu gebieden, ofzewaarden, well mir wousste jo net, wat d'Äntwert vum Här Manderscheid wier a mir woussten net zu deem Moment, ob mer solle méi wäit goen oder net. An elo, vu datt d'Äntwert wierklech interessant war a mir fannen. mir kéinte méi wäit goen, wollte mer se awer an deem Kontext deposéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bon, da géif ech vläicht awer proposéieren, entweeder mir fueren einfach elo hei weider, och vläicht mam Huis clos, dat léisst engem d'Méiglechkeet fir et eng Kéier awer duerchzeliesen, an da maache mer herno de Huis clos eng Kéier op an da kënne mer iwwert d'Motioun schwätzen, dass awer jidderee raisonnablement eng Kéier se kann duerchliesen. Ass dat fir Iech okay?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, fir eis ass dat okay.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da kann ech och op déi nächst Fro äntweren, da kënne mer an de Huis clos iwwergoen, déi Concernéiert kënnen se eng Kéier duerchliesen, well et sinn zwou Säiten, an da kann een awer nach eng Kéier de Huis clos opmaachen an driwwer diskutéieren. Okay?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Merci villmools. Also, da géif ech vläicht awer an der Reiefolleg, wou ech am Fong op déi lescht Fro wollt hei nach agoen, fir awer d'Froeronn ofzeschléissen, soen: D'Fraktioun Déi Gréng hat den 23. September dem Schäfferot jo dann eng Fro zoukomme gelooss mam Theema Ëffentlechkeetsaarbecht zu der Journée de la Mobilité vum 20. September, wou mer jo och schrëftlech geäntwert hunn, den 20. Oktober. An an der Suite dovunner hutt Dir nach eng zousätzlech Fro agereecht, dass Dir zur Kenntnis huelt eis Äntwert op déi éischt Fro, an dass Dir och bemierkt, dass d'Madamm Ahmedova zu deem Zäitpunkt present war. Bon, ech mengen dat war eng nei Informatioun, déi mer haten, par rapport zu der éischter Fro, déi Dir gestallt hutt.

Dofir wollt ech awer och hei soen, eise Service Communication et Relations presse huet Récksprooch awer och mam Fotograf geholl, deen op der Plaz war an eis awer matgedeelt, dass d'Madamm Ahmedova zu deem Zäitpunkt net op der Plaz war. Ech ginn Iech just dat weider, wéi gesot, wat mer gesot kritt hunn, well hei an dëser zweeter Fro en neie Moment ass, deen an der éischter Fro iwwerhaapt guer net dra war. Also, wéi gesot, dat just awer als Äntwert awer. Ech wollt dat net esou am Raum awer da stoe loossen, och wann elo vun Ärer Säit aus keng Fro ass, wollt ech awer propper drop äntweren.

An dann, zweetens, eis geet et net drëms, Jo oder Neen op Froe geäntwert ze kréien, mee dann ze wëssen, ob esou Posts der politesch neutraler Informatioun vun de Bierger a Biergerinne Rechnung droen. Dat ass dann déi Zousazfro, déi Dir zu der éischter Fro stellt. Ech mengen, ech verstinn den Hannergrond ganz kloer vun Ärer Fro. Ech wëll hei nach eng Kéier betounen, dass, voilà, d'Missioun vun der Gemeng, vum Schäfferot an och vum Service Communication et Relations presse ass, natierlech, eng oppen, transparent an och onparteiesch Kommunikatioun am Sënn vun alleguerten eise Biergerinnen a Bierger ze maachen an dass mer eis och där Missioun bewosst sinn. Dee Post hei war net glécklech an, dëse Post, wéi gesot, mir kucken och, dass mer do politesch neutral Informatioun probéieren ze iwwermëttelen, am Sënn sécherlech net vun der Parteipolitik. Ech mengen, déi sollt net hei am Vierdergrond stoen. Dat wollt ech dann och nach eng Kéier hei awer op Är Fro äntweren.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Well Dir d'Fro effektiv elo net virgelies huet, eis war och wichteg, nach eng Kéier ganz

kloerzestellen, dass et sech net géint eng Firma riicht an och net géint de Service Communication, wéi dat hätt kënne suggeréiert ginn aus der Äntwert vun der Fro, déi mer kritt hunn. Dofir hu mer nach eng Kéier d'Prezisiounsfro gestallt. Ech wollt dat just nach eng Kéier fir de Verbatim einfach soen. Ech soen elo Merci fir déi doten Äntwert. Dat war dat, wat mir eis och geduecht hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, dass Dir dat do nach eng Kéier gesot hutt, well ech hat dat och preparéiert an dat hat ech elo vergiess, an ech wëll och soen, dass Är Fro do net falsch verstane gouf. Ech mengen, eise Service Communication et Relations presse, deen huet och, wéi Dir geschriwwen hutt, sech absolutt guer net diskreditéiert gefillt. An natierlech ass den Service och do, fir wann esou eng Situatioun ass, zesummen eng Léisung ze sichen. Ech mengen da kann ech Iech och nach eng Kéier do ganz kloer, par rapport zu Ärer Ausféierung, berouegen.

## 12. IWWERBEVËLKERUNG VU BESTËMMTEN DÉIERENAARTEN AM URBANE RAUM

### MOTIOUN VUN DÉI GRÉNG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei wëll ech Iech awer dann als Auteur vun der Motioun d'Méiglechkeet ginn, se virzestellen. Wa jiddereen elo Zäit hat, fir se duerchzehuelen, dann ass dat jo gutt.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et ass, wéi ech scho virdru gesot hunn, déi Fro huet eis interpelléiert an et war eis wichteg, eis positiv anzebréngen. A mir haten och eng Stellungnam geholl, mee vu datt de ROI an deem Sënn eis net erlaabt, op eng Fro ze äntweren, hu mir decidéiert, eng Motioun ze deposéieren. A wéi gesot, dat wat déi Fro war virdrun, dat ass och exzellent, wollt ech soen. An dat wat Dir virhutt, ass och ganz gutt. Mir wollte just e bësse méi komplett dat Ganzt maachen. Also, de Gemengerot stellt fest, datt d'Problematik vun der Iwwerbevëlkerung vu bestëmmten Déierenaarten am urbane Raum, besonnesch d'Dauwen dann, ëmmer méi Suerge bereet, wat d'ëffentlech Gesondheet, d'Erhale vum bauleche Patrimoine an d'Liewensqualitéit vun den Awunner ugeet.

Am Kader vun der Gestioun vun de Kueben, dat hate mer och als Theema, war jo wierklech eng déifgräifend Etüd gemaach ginn, fir datt dat Ganzt dans les règles de l'art geschitt, déi Ëmsidelung an datt dat Ganzt wierklech - op den Impakt gekuckt - respektvoll geschitt. An et schéngt jo ze klappen. An an deem Sënn wollte mir mat op de Wee ginn - ech ginn elo net an den Detail, well et ass jo alles gesot ginn - éischtens mol, vu datt et relativ dréngend ass, ob mir kéinten eng Etüd dorausser maachen, souwéi bei de Kueben, iwwert déi aktuell Dauwepopulatioun um Gemengenterritoire, unerkannt Experten, wéi Urbanbiologen oder spezialiséiert Associatiounen ëm konkreet Moossnamen ze froen, Pilotprojete vun Dauwentierm no der Recommandatioun vun de Spezialisten opriichten ze loossen, fir eng effikass Akzeptanz am Kader vun enger nohalteger a raisonnabeler Populatiounsgestioun ze evaluéieren, esou séier wéi méiglech eng Diskussioun an der zoustänneger Kommissioun, esou wéi ech dat virdru gesot hunn, sief et d'Ëmwelt- oder souguer d'Bautekommissioun, vläicht eng Réunion jointe oder vläicht am Aarbechtsgrupp, wou mer dann iwwert den Amenagement an den Urbanismus schwätzen. Dann, fir iwwert déi Etüden an d'Resultater an déi konkreet Léisunge kënnen ze diskutéieren.

An als leschte Punkt, dat ass d'Conclusioun souzesoen, déi Aktiounen, déi aus där Etüd wäerten erausgoen, an engem raisonabelen Delai ëmzesetzen an déi och am Gemengerot presentéiert ze kréien, fir datt mer kënnen iwwer eng konkreet Strategie ze schwätzen. Wuelwëssend, wat ech vergiess hunn ze soen, mee et steet awer do, datt verschidde Stied, wéi zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg oder Esch, scho verschidde Moossnamen, wéi d'Installatioun vun Dauwentierm, also déi sougenannt Pigeonnieren, diskutéiert goufen. Also do gouf dat diskutéiert an op eisem Territoire ass awer nach näischt geschitt. An deem Sënn hate mir keng strukturéiert Approche gestart. An an deem Sënn och eeben déi Motioun. Voilà, dat ass eng Kuerzfaassung vun deem Ganzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Dir hutt d'Motioun virgestallt, da komme kuerz Aktioun a Reaktioun vum Schäfferot an da kënnen d'Parteien effektiv drop agoen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Also, dass an där Problematik nach näischt geschitt ass, dat ass net richteg. Dass mer och keen Dauweschlag hei hunn, ass och net richteg. Säit ech 2004 Hygiènesschäffe sinn, an et war ëmmer eng Diskussioun, dat do an der Hygièneskommissioun, wou se och higehéiert, an der Hygièneskommissioun, a mäin deemolege Bannhidder nach haitege Bannhidder, de Serge Bintz, huet sech ganz vill domadder auserneegesat a mir hunn als Gemeng Diddeleng ganz vill ënnerholl, nieft den Informatiounscampagnen, dass mer de Leit gesot hunn als Beispill, an dat ass dee gréisste Malaise, d'Fiddere vun den Dauwen. An ech gesinn nach ëmmer Leit hei ronderëm, virun allem och ronderëm d'Gemengeplaz, déi mat Brout a mat aner Saachen d’Dauwe fidderen. Dat ass jo esou schéin, wa kleng Kanner niewendru spillen, mä et sief, Klammer zou.

Op jiddwer Fall hu mer scho ganz vill dovu gemierkt gehat a mir hunn och zwee Dauweschléi, een ass an der Kierch, dee reegelméisseg kontrolléiert gëtt, an deen zweeten ass an der Schoul Brill, deen och reegelméisseg kontrolléiert gëtt, déi huet de Serge Bintz ëmmer ënnert senger Ophutt gehat. A mir hunn och scho festgestallt, dass d'Populatioun vun den Dauwen staark nogelooss huet. An de Joren 2004 bis 2010 war hei am Zentrum ganz vill Betrib, an dat huet ganz staark nogelooss gehat, wéi all déi Mesuren, déi mer scho geholl hunn. Natierlech bleiwen ëmmer Dauwen do, well, wéi gesot, d'Leit fidderen se an elo hu se sech e bësse verlagert vun der Gemengeplaz, si sinn e bësse méi no beim Parking Match elo. An do an där Géigend sinn da méi


Dauwen. Mee och do, well eeben do e Supermarché ass a well d'Leit dann do hiert Iessen op de Bänke maachen am Summer. An do fannen d'Dauwen dann natierlech vill Fudder. Déi Motioun, do sinn ech ganz kloer, déi huelen ech net esou un, wéi se hei steet.

Éischtens emol, well ech net d'accord si mat e puer Saachen. Hei schreift Dir dann Etude approfondie et coûteuse, do sträichen ech dat Wuert coûteuse, dat gëtt emol schonn hei gestrach. An dat Zweet ass, well zum Schluss, d'organiser au plus vite, et ass net- et deet mer leed-  au plus vite, mir wësse wat mer ze maachen hunn, mir brauchen net nach hei vun Iech gesot ze kréien au plus vite. An ech sinn och net d'accord domat, datt een och schreift idéalement dans les six mois, mee mir wëssen, wa mer esou eppes maachen, dat muss dat schnell goen, mee éier mer esou e Büro fannen, et dauert seng Zäit, deen hëlt seng Aarbecht op, dat ass a sechs Méint net ze bewierkstellegen. Ech sinn d'accord, dass mer eppes maachen, dass mer e bësse méi déif an de Fong ginn, awer ech sinn net d'accord, dass mer elo hei gesot kréien, hei gitt Gas.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Déi aner Parteie kënne Stellung dozou huelen an da soen ech schonn och e puer Wieder dozou. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Bon, ech mengen et sinn awer aner Leit an der LSAP, déi awer och eng Drénglechkeet sinn, soss wär jo deen, wéi heescht dat, et war jo keng Fro, et war keng Motioun, also dee Pabeier, jo net eragereecht ginn. Bon, wéi gesot, mir fannen et och wichteg, dass ee mat der Dauweproblematik dat soll nach eng Kéier ugoen. Ech ginn dem Här Manderscheid absolut Recht, ech weess dat nach ganz genau, et ass ëmmer gesot ginn, du däerfs d'Dauwen net fidderen an dass dat och am Blietche stoung. An dat muss ee vläicht awer och nach eng Kéier rappeléieren an nach vläicht eng Kéier lancéieren. Dat ass jo awer och net schlëmm, dat steet jo och hei, identifier les sources d'alimentation. Et sinn och Leit privat, déi soss näischt anescht maachen, wéi ëmmer hir Iessensreschter erauszeleeën. An da kommen d'Dauwen op déi Plazen. Am Boujel ass eng Famill, d'Nopere wësse Bescheed, wien dat ass. An och op anere Plazen. An, wéi gesot, ech denken, et ass jo och scho gutt, wa mer den Här Binz, dee ka jo da scho bal als Expert bezeechnen, dass hien a vläicht och nach een aus der Stad, well déi jo och schonn op déi Wee gaange sinn, nach eng Kéier kënne kucken, wat mer nach kënne besser maachen. Dorëms geet et jo haaptsächlech.

Well, wat ass e Pigeonnier? Firwat maache mer e Pigeonnier? Dat ass jo esou, do hu mer dann d'Näschter vun den Dauwen an da ginn deenen hir Eeër, wa se Eeër geluecht hunn an do sinn se och ultra rapid am Eeër leeën, an da musse mer déi direkt eraushuelen an dann duerch kënschtlech Eeër ersetzen, fir dass se net frustréiert sinn. Da kënne se awer bréien, mee da komme keng nei Dauwe méi. Dat ass jo am Fong och de Sënn dervun. Dat muss ee jo och emol eng Kéier vläicht eng Kéier soen. Well d'Dauwen, mir als Medezinner, mir soen, dat si fléiend Raten. Si si genau esou schiedlech wéi Raten. Et ass net, dass een déi muss hegen und pflegen, ausser elo wann s de Bréifdauwen



hues. Dat ass och eng aner Geschicht. Dofir fanne mir et scho wichteg, dass mer do eng Etüd maachen an och kucken, dass mer där Populatioun Här ginn. A wéi gesot, wa mer en neien Dauweschlag op Neischmelz setzen, da musse mer jo och een hunn, deen dat ënnerhält. Dat huet den Här Manderscheid jo och scho virdru gesot. Dofir fannen ech elo déi Opreegung, fir dat hei elo net ze stëmmen, dat verstinn ech net. Also, mir fannen dat hei eng gutt Saach. Déi zwee Wierder kann een ewechloossen, wann dat Iech stéiert. Mee ech mengen, soss misst Dir dat jo awer och hei kënne matdroen. Also, mir droen et op jiddwer Fall och mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, et war effektiv elo e bësse spontan an se ass e bësse schwiereg formuléiert, fir schnell duerchzekommen, wann een nach soll parallel lauschteren. Mir sinn awer trotzdeem der Meenung, dass et gutt ass, dass se elo hei ugeholl ass an ech probéieren dann och elo, mech doduerch ze kämpfen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Si ass nach net ugeholl, si ass nach net ugeholl.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, dass se op den Ordre du jour ugeholl ginn ass, pardon, dass se ugeholl ginn ass, fir driwwer ze diskutéieren. Ech sinn driwwer geflunn ewéi eng Dauf, soen ech Iech, an ech hunn näischt fonnt, wat mech perséinlech gestéiert huet, wéi d'Madamm Kayser elo gesot huet. Also, ech mengen och, d'Situatioun ass wierklech besser ginn. Mee dat heescht jo net, dass et net nach besser goe kann. Dorauser war jo dann awer och déi Propositioun hei initial, et war jo och doropshin ausgeluecht, dass een nach ka Saachen ënnerhuelen. Jo, ech perséinlech hätt och proposéiert, am leschten Invite, déi sechs Méint, déi si vläicht wierklech e bëssen optimistesch, fir do scho Resultater vun enger Etüd virzeleeën. Dat gesinn ech an. Mee wann een do déi puer Wierder sträicht, déi stéieren, da gesinn ech och elo kee Problem, fir dat net matzedroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech maache vläicht eng puer Amendementsvirschléi oder Propositiounsvirschléi.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Also, ech schléisse mech mengen zwou Virriednerinnen un. D'Dauwe sinn e Problem, dat wësse mer alleguerten. An, wéi gesot, mir wëlle keen hei ënner Drock setzen, oder si wëlle keen ën-

ner Drock setzen, bestëmmt net. Et war net an hirer Intentioun, esou wéi ech den Här Steffen an d'Madamm Ahmedova kennen. Ech géif soen, wa mer den Delai do vun de sechs Méint eraushuelen, da géif ech dat op alle Fall och sécher matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Meyer.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Also ech hale mech ganz kuerz. Effektiv, et war net als Fro gestallt, well ech am Fong scho mat menger Fro direkt wollt hëllefen, mat mengen Iddien, déi ech hat a wou ech mech och schonn informéiert hunn an och de Kontakt mat der Stad Lëtzebuerg opgeholl hat, déi eng immens eng immens Aarbecht leescht, wat dat ugeet. Dofir war ech elo e bëssen iwwerrascht iwwert d'Motioun, well ech mer einfach geduecht hunn, jo, wa mer et ëmmer elo esou maachen, dat heescht, et kënnt ee mat enger Fro, déi virdru keen hat, an da mécht deen nächsten eng Motioun draus. Bon, okay, gutt, wann dat de Prinzip ass, da maache mer et elo e bëssen an déi Richtung allkéiers. Mam Pigeonnier och do hunn ech scho Propose matgeliwwert gehat, eebe well ech mech mam Theema befaasst hunn, well ech vill am D-Kollektiv sinn a mir nuets immens vill héieren, well d'Dauwen hunn hiert Ëmfeld verluer a wéi mer bei de Kuebe gesinn, jo, och wa mer hinnen elo kënne soen, gitt wannechgelift an de Kierchtuerm, well do ass en Dauweschlag, ma si ginn awer net dohinner. A mir héieren nuets, am Vewa héiere mer, wéi se wëllen erakommen.

Mir hate lo iwwert de ganze Summer dräi Dauwen, déi wierklech do genist hunn, wat eng immens grouss Problematik war, well se op alles erofgekackt hunn an et immens onhygienesch war an och en Theateratelier huet misse geréckelt ginn, well et mat de Kanner net méiglech war, do ze sinn. Dat heescht, do ass déi ganz Dénge komm an do hunn ech mech eebe mat der Thematik komplett och auseneegesat an iwwerall e bëssen nogefrot. An dofir, et sollt als Fro gestallt ginn, mee ech hunn direkt Propositioune matgeliwwert an dofir war dat esou komm. Voilà, dat wollt ech awer zu deem ganzen Thema hei soen. An, jo, ech fannen et ëmmer e bëssen enttäuschend, wann dann elo esou eng Motioun kënnt, wéi wann dat elo hir Iddi gewiescht wär. Mee et ass okay.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Ech wéilt vläicht hei e puer Propose maachen, fir dass, wéi ech dat hei eraushéieren, awer dës Motioun kéint gestëmmt ginn, wann d'Auteuren domadder averstane sinn. Ech bieden de Gemengesekretär, erofzescrollen, fir dass ee vun Ufank un d'Motioun ka liesen. Do hu mer se virleien, ech géif proposéieren, den Deel nous avons récemment, dans le cadre de la gestion de la population des corbeaux, commandité une étude approfondie et coûteuse, dass mer dat ewechhuelen, une étude afin d'analyser leur comportement, éischt Propos, dann, zweet Propos, well effektiv, do steet, aucune démarche structurée n'a encore été initiée sur notre territoire. Bon, et si jo Demarchë gemaach ginn, dat kann ee vläicht follgendermoossen ëmformuléieren: il est important d'évaluer avec précision l'ampleur de la situation et d'y apporter une réponse proportionnelle respectueuse du bien-être animal.

Statt aucune démarche structurée n’a encore été initiée einfach soen: il est important d'évaluer avec précision. Dann, le conseil communal invite dès lors le collège échevinal à, do géif ech soen: à commander une étude, well soss klappt dat jo net, also vun der Struktur hier, vum Saz échevinal à, vu l'urgence de la situation, à commander une étude complète, à faire appel. Also à commander une étude complète, fir dass et Sënn mécht. An dann à procéder, hein, mat den Tireten, an dann d'organiser, dat ass ee véierten Tiret. Pardon, ech wollt op den zweeten Tiret zréckgoen. Faire appel à des experts reconnus, notamment des biologistes urbains ou des associations spécialisées dans la gestion éthique de la faune urbaine ainsi qu’au ministère compétent. Ech mengen, datt mer dat do net an engem loftleere Raum maachen, dass mer do och de Ministère solle mat bäizéien, also de Ministère de l'Agriculture virun allem, respektiv den Ëmweltministère, mol kucke wien eis do kann hëllefen, dass mer déi zwee mat bäizéien.

Dann, d'organiser par la suite une discussion en commission compétente. Ech géif einfach den Environnement an den Urbanisme eraushuelen? Ech mengen, et ass méi am Ëmweltberäich, wou dat do soll gekuckt ginn ewéi am Urbanismusberäich, oder, ech mengen et ass och net an der Bautekommissioun an och net am Plan Action Logement, einfach en commission compétente, da kann Ëmwelt mat der Hygiène zesumme agéieren, also, dass mer dat einfach eraushuelen, dat gëtt eis eng gewësse Latitude fir ze organiséieren. An dann dee leschten: présenter les résultats de cette étude et les propositions d'actions afin que le conseil communal puisse se prononcer sur la stratégie à adopter. Ech mengen, hei hunn e puer Leit gesot, et ass effektiv déi sechs Méint, mee mir hu jo keen Impakt drop, dass mer eis hei eng gewësse Latitude loossen. Dat heescht, d'Richtung, déi mer eis hei ginn, déi stëmmt, an awer hei Proposen, dass mer et ëmsetzen. Dat e bësse manner à chaud, mee mat enger gewëssener Flexibilitéit hei d’Propos vun Amendementer zu Ärer Motioun. Mee bon, dat ass eng Propos. Dir musst soen, op Dir op deen dote Wee wëllt matgoen, gell.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Kann ech eppes soen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, natierlech.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Fir d'éischt emol just ganz kuerz, fir kloerzestellen, déi sechs Méint sinn net déi ganz Etüd, etc., nodeems déi Etüd ofgeschloss ass, datt mer bannent sechs Méint sollen eng Diskussioun driwwer féieren. Et ass net, bannent sechs Méint soll alles gemaach ginn. Also, et steet jo wierklech och an där Motioun, enfin bref, présenter les résultats dans un délai raisonnable. Net datt et ganz soll ofgeschloss ginn. Do sinn ech mer ganz bewosst. An zweetens, déi Motioun ass wierklech dofir do, fir e bësse méi wäit ze goen. Et ass net, datt mir Är Iddi wëlle klauen oder eis dat op de Fändel wëlle schreiwen. Absolut net. Mir wëllen awer eng professionell Begleedung vun deem Ganzen, well d'Pigeone sinn awer wéi d'Kueben,

fanne mir, eng Populatioun, déi muss dans le respect de l'art ëmgesidelt ginn. An dat, wat Dir gesot hutt, eventuell vum CIGL begleet, ass fir eis net wäit genuch an net professionell genuch, fir datt et awer och dans les règles de l'art geschitt. Also, Dir belächelt mech hei, well ech dat selwecht soe wéi d'Madamm Dimmer, mee ech fannen, et ass wäit ewech dovunner an et ass einfach e Complément zu där Fro. Voilà. Dat ass dat, wat mir nach wollte soen. A mir sinn d'accord mat den Ofännerungen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, mee ech hunn Iech net belächelt. Ech mengen ech, ech sinn hei konkreet op Projeten agaangen an hunn nach de Ministère bäigesat, well et, mengen ech, wichteg ass, dass dat en Acteur ass, dee mer net sollen aussen vor loosse bei esou enger Aarbecht.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, jo, jo, nee, Merci villmools fir déi Ofännerungen. Mir sinn och d'accord mat deenen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Okay, dat heescht, mir kënnen déi Motioun mat deenen doten Ofännerungen esou stëmmen? Wien ass dofir? ***Dat ass dat unanime.*** Ech soen ech Iech villmools Merci an da kënne mer an de Huis clos iwwergoen. •


# ATTENTION AU PHISHING PAR SMS, COURRIEL OU TÉLÉPHONE !

1




**L'escroc se fait passer pour un tiers de confiance** (entité étatique, banque...) et vous envoie un lien par SMS ou email. Il peut même téléphoner avec un **faux numéro luxembourgeois.**

2




**Le message** reçu est **alarmant** (p.ex. prélèvements bancaires illicites) **ou attrayant** (remboursement d'impôts, paiement de primes...) et vous incite à **cliquer sur un lien.**

3




Ce lien mène vers un **site web frauduleux,** avec pour finalité de **récupérer vos données personnelles.**

**Conseils préventifs :**

- **Ne partagez jamais des données personnelles avec des inconnus,** ou qui vous sont demandées par courriel, téléphone, SMS ou d'autres services de messagerie.
- **Ne cliquez jamais sur un lien** qui vous a été envoyé d'une **source inconnue.**
- Méfiez-vous de messages ou appels qui vous poussent à réagir vite. **Ne vous laissez jamais mettre sous pression** pour effectuer un paiement ou transmettre vos données, et prenez toujours le temps de remettre en question de telles sollicitations.
- **Contrôlez toujours si le message s'adresse à vous personnellement**, respectivement, s'il contient des **fautes** ou des **traductions erronées**.
- Sachez que des organisations et entreprises sérieuses ne vous demandent jamais d'envoyer des données personnelles via courriel ou SMS.

**Si la provenance d'un message ou d'un appel n'est pas claire, et/ou en cas de doute, prenez d'abord contact avec l'entité concernée par le biais des moyens de communication habituels pour vérifier s'il s'agit d'une arnaque ou pas.**

**Si vous avez été victime d'une escroquerie, contactez l'un de nos commissariats de police pour porter plainte.**

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU

POLICE LËTZEBUERG